

# INFO BLAT

°10 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 14. DEZEMBER 2022


Actualités Annuaire Contactez-nous Développement urbain DIFFMAG Emploi Events Formulaires Revue de presse FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 14 juillet 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | TEMPELS Guy (CSV) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| CEMAN Emina (CSV) | MULLER Erny (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 10.22


COMPTE-RENDU DU 14 DÉCEMBRE 2022

4-79

DINOLA

80

DATES MARIAGES

81

ARCHIVES COMMUNALES

82



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Lisa Bildget

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 10/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 14 DÉCEMBRE 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo De Sousa, échevin (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Pierre Hobscheit (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège échevinal.**
2. **Finances communales: budget rectifié 2022 et budget initial 2023 — prises de position des groupements politiques et des conseillers communaux — réponses du collège échevinal — vote.**
3. **Projets communaux — devis et décomptes à l'appui du document budgétaire:**
   a. Aménagement d'un lieu de rencontre pour jeunes au Metzkimmert — devis, article budgétaire 4/253/221313/22005;
   b. Rénovation et transformation des maisons situées place Saintignon à Lasauvage (adjacentes au gite) — 4/430/221312/21005;
   c. Aménagement d'un bassin d'orage dans la route de Bascharage à Niederkorn — décompte, article budgétaire 4/520/222100/12006;
   d. Rénovation, transformation et extension du stade du Thillenberg à Differdange, phase 1 — plans et devis, article budgétaire 4/821/221311/18019.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: demande de morcèlement de terrains situés entre l'avenue de la Liberté et la rue Michel-Rodange à Differdange.**
5. **Enseignement fondamental:**
   a. Plans de surveillance de l'année scolaire 2022-2023;
   b. Décharges LASEP pour les séances d'entrainement 2022-2023.
6. **Actes et conventions:**
   a. Contrat de bail d'un atelier d'artiste situé à Lasauvage, maison Depienne;
   b. Avenants des contrats de bail concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
   c. Résiliation d'un commun accord d'un contrat de bail avec monsieur Fabrizio Bei portant sur une cave située dans la maison Krieps au no 2-4 de la place du Marché à Differdange.
7. **Règlements communaux:**
   a. Règlement des taxes, tarifs et prix: adaptations aux chapitres A-3 Urbanisme, A-7 Relations publiques, B-1 à B-6 Culture, tourisme et loisirs, B-8 Amusement public, E-5 Vente de bois, F-1 Location de centres sportifs, salles de sport et terrains sportifs en plein air;
   b. Modification du règlement portant attribution de subsides;
   c. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2023;
   d. Règlements temporaires de circulation.
8. **Changements au sein des commissions consultatives.**
9. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du 14 décembre 2022. Elle annonce que monsieur Hobscheit est absent et a donné procuration à monsieur Altmeisch.*
*La bourgmestre demande une modification de la séance non publique, car les recrutements ne se sont pas passés comme prévu. Il faut donc retirer ce point de l'ordre du jour.*
*(Vote)*
*Monsieur Bertinelli a des questions, qu'il pourra poser à la fin de la séance.*
*Les échos dans les journaux concernant les bornes statio'minutes sont positifs. Les commerçants et les riverains sont satisfaits.*
*Le parking de la Grand-rue a été inauguré. Les tarifs sont raisonnables. Il permettra peut-être de soulager les problèmes de stationnement dans le centre-ville. Les 41 places en location ont presque toutes trouvé preneur.*
*La soirée pour les retraités et les employés avec vingt ans de service s'est bien passée.*
*Le 31 décembre, la Ville de Differdange n'organisera pas de feux d'artifice.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que la commune organisera un pot de Nouvel An le 12 janvier de 19 h à 22 h. La fête du personnel aura lieu en été.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux finances communales. Les conseillers communaux détiennent les chiffres du budget rectifié 2022 et du budget initial 2023. Les recettes ordinaires de 2022 augmentent pour ce qui est des vignettes et du Festival du rire.*
*En ce qui concerne les dépenses ordinaires, les honoraires d'avocat augmentent de 20 000 € et passent à 110 000 €. Les frais pour le parking et le terrain de football du Parc-des-Sports passent de 450 000 € à 451 010 €.*
*Les séjours scolaires ont couté 4630 € de plus que prévu. Les frais grimpent à 102 130 €.*
*Christiane Brassel-Rausch passe au budget 2023. En ce qui concerne les emprunts, les intérêts et les annuités augmentent. Le prêt à contracter passe de 9 millions d'eu-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, fir eis Gemengerotssëtzung haut um 14. Dezember 2022.

Den Här Pierre Hobscheit léisst sech excuséieren. Den Här Altmeisch huet d'Procuratioun.

Kënne mer ofstëmmen iwwer eng Ännerung um Ordre du jour an der Séance non-publique? Leider Gottes, wéi d'Zäiten elo sinn, ass de Recrutement net esou ofgelaf wéi geplangt. Dee musse mer vum Ordre du jour huelen a bréngen en an en nächste Conseil. Ech géif dofir, wannechgelift, ëm e Vott bieden. Sidd Der domat averstanen, dass mer de Recrutement, deen net ofgeschloss ass, vum Ordre du jour huelen? Ech soen Iech villmools Merci.

Si Froen unzemellen? Den Här Bertinelli. Déi huele mer, wéi gewinnt, um Schluss vun der Séance publique.

Domat wiere mer bei de Kommunikatiounen. Do hate mer jo e schéinen Echo an den Zeitungen iwwer eis Bornes minute – contrairement zu aneren Artikelen an den Zeitunge virun e puer Méint –, déi e grousse Succès hunn am Zentrum. Dat funktionéiert. D'Geschäftsleit wéi d'Leit, déi Parkplaze sichen, freeë sech driwwer.

De Parking an der Groussstrooss gouf ageweit. Ab muer ass deen offiziell fir de Public zougänglech, zu ganz räsonabelen Tariffer. Sot de Leit dat. Mat deem kréie mer vläicht de Parkingsproblem am Zentrum e bësse besser an de Gréff. Op jidde Fall freeë mir eis driwwer. Dir wësst, dass d'Gemeng 41 Garagen do verlount, déi si sou gutt wéi alleguerte fort.

Mir haten e flotten Owend, wat eis Pensiounen ugeet an d'Leit, déi 20 Joer Service haten. Dat ass gutt verlaf. Mol erëm ënner normale Bedéngungen, no deem ganze Covid-Joer. Ech ka jo ëmmer nach vu Premièrë schwätzen.

Fir déi, déi et nach net sollte gelies hunn, de Schäfferot ass bei der Decisioun bliwwen, wéi d'lescht Joer, dass mer hei zu Déifferdeng den 31. Dezember kee Freedefeier wäerten erlaben.

Dat sinn d'Kommunikatioune vu menger Säit. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hunn d'Kommunikatioun, dass mer dëst Joer d'Personalfeier net am gewinnte Sënn maachen. Donneschdes, den 12. ass e Pot de nouvel an. D'Personalfeier gëtt an de Summer verluecht. Dat hat groussen Uklang fonnt bei eise Mataarbechter. Déi hunn dat och besser fonnt. De Pot du nouvel an ass vu siwe bis zéng Auer.

Virun der grousser Vakanz wäerte mer eis traditionell Personalfeier hunn. Merci. Schreift Iech den Datum op.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Mir kommen zum Punkt 2, d'kommunal Finanzen, de Budget rectifié 2022 an de Budget initial 2023. Dir hutt déi nei Zuele geschéckt kritt.

Zu de Modifikatioune vum Budget rectifié 2022: Ënnert de Recettes ordinaires sinn d'Vignetten ëm 1.000 Euro an d'Luucht gaangen. De Festival du rire ass an d'Luucht gaangen.

Ënnert den Dépenses ordinaires sinn d'Honoraires d'avocat e gudde Strapp an d'Luucht gaangen, 20.000 Euro. Déi klamme vun 90.000 op 110.000 Euro. E Plus an eisem Budget bei den Terrains sportifs. E Plus vu 400 Euro fir d'Astandhale vum Parking hei. Den Terrain de foot mat Parking Parc des Sports, Frais de gestion, wat e Plus vun Ausgabe vun 1.010 Euro bedeit. De Montant geet vu 450.000 op 451.010 Euro erop.

Am Enseignement primaire, d'Séjours scolaires. Dat ass e bësse méi, do ass eng Ofrechnung komm vu Kolonien, do ass e Plus an den Depensë vu 4.630 Euro. Dee Montant klëmmt vu 97.500 op 102.130 Euro.

D'Modifikatiounen am Budget initial 2023. Do hu mer d'Annuitéiten Emprunt par intérêts an d'Annuitéiten Emprunt par amortissement. Déi ginn e gutt Stéck an d'Luucht. Mir hunn eise

Prêt missen ëm véier Milliounen Euro erhéijen. Dee klëmmt vun néng Milliounen op 13 Milliounen Euro. Doduerch gi jo logescherweis eis Annuitéiten an eis Käschte mat deem Prêt erop.

Dann hu mer eng Dépense extraordinaire am CID fir d'Konstruktioun vun eisen Atelieren, vu 16 Milliounen op 20 Milliounen.

Ech wëll awer ganz kloer soen – an ech stinn och dozou –, dass d'Gemeng Déifferdeng trotz deem Emprunt nach ëmmer gutt do steet. Dat ass mer ganz wichteg ze soen. Mir wollten Iech déi véier Millioune matdeelen am Sënn vun der Transparenz. Mir fannen, dass et nëmme korrekt ass, étant donné dass Wale sinn d'nächst Joer, dass den zukünftege Schäfferot, wéi en dann och ëmmer zesummegesat ass, genau weess, op wat e sech aléisst.

Aus deenen Zuelen do ergëtt sech jo dann den Tableau récapitulatif vum Budget rectifié a vum Budget initial vun 2023. Wann Der do kuckt, do hu mer beim Mali am Budget rectifié 2022 eng liicht Hausse vu 4.974.000 op 4.998.000 Euro, op praktesch fënnef Milliounen. Dat ass d'Ännerung am Récapitulatif.

An am Exercice 2022, do hu mer beim Boni définitif 243.935,37 Euro. Dat ass d'Resultat vun deem Tablo, deen ech Iech elo grad erkläert hunn, mat de vereenzelte Modifikatiounen.

Am Conseil vum 30. November hat ech gesot, et sinn Zuelen, wou ech net weess, wat se Wäert sinn an dräi Méint, a sechs Méint oder an néng Méint. Dat hunn ech wuertwiertlech esou gesot.

Dat zu der Erklärung vun de Modifikatiounen, déi Der geschéckt kritt hutt. An ech ginn d'Wuert dann elo weider, well déi Zuelen hei schonn erëm net méi aktuell sinn.

Fir awer eng gutt Noriicht weiderzeginn, geet d'Wuert un den Här Tom Ulveling, mat deem, wat mer dann elo schonn erëm méi kréien, wat nach net am Budget vermierkt ass. Just fir Iech ze soen, wéi schwiereg et am Moment ass, mat engem Budget ëmzegoen an e Budget ze handhaben an dësen Zäiten. Villmools merci. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech ginn op déi Hausse vu véier Milliounen, déi mer elo um Prêt virgesinn hunn, an. Just nom Budget krute mer d'Nouvelle vu relativ décke Rechnungen am Kontext vun eisem Bau vum CID. Eng vun 2,5 Milliounen an eng vun engem anere Fournisseur vun 1,8 Milliounen. Mécht zesumme 4,3 Milliounen.

Zu där Zäit hate mer nëmmen nach Reserven am Budget vun 0,8 Milliounen. Dobäi kënnt dann och nach d'Nouvelle vun eisem Ingenieursbüro, dass deen amgaangen ass, eng Rechnung vun 1,2 Milliounen ze préiwen, déi deelweis mat der Verdeierung vun der Soumissioun ze dinn huet. Soudass mer geduecht hunn, wéi d'Madamm Buergermeeschter elo grad sot, Iech dat a voller Transparenz duerzeleeën, Iech dat direkt elo matzedeelen. Dofir hu mer de Prêt vun néng op 13 Millioune gehéicht.

Et ass also alles a Relatioun mat eisem Bau vum CID, wou déi Facturen do elo komm sinn.

Eng gutt Nouvelle krute mer virgëschter vum Ministère de l'Intérieur, dass se fir d'Renovatioun vun der École des filles Nidderkuer mol sécherlech wäerten eng Tranche vun enger Millioun d' nächst Joer bezuelen. Déi sinn nach net am Budget reperkutéiert, dat ass also nach eng Reserv, déi mer hunn.

Et ass effektiv alles a konstanter Evolutioun. Et huet een d'Impressioun, sou kuerz virun de Chrëschtdeeg, d'Firme brauche Suen, fir hire Leit d'Salairë respektiv den 13. Mount ze bezuelen. An dofir kréie mer op eemol esou riseg Montanten zougeschéckt.

Den Emprunt, dat hat ech Iech jo erkläert, deen elo op 13 Milliounen ass. Dat ass am Fong, wat mer à ce stade bei all eise grousse Bauten, dat heescht CID, Bockschoul, Hal John Scheuren an d'Meederchersschoul zu Nidderkuer, als Surplus schonn iwwert dat, wat eis Büroen ausgerechent haten an de Soumissiounen, erauskritt hunn. Soudass mer dat domat elo mol equilibréieren.

*ros à 13 millions d'euros. La construction des ateliers communaux coutera en effet 20 millions d'euros au lieu de 16 millions d'euros.*

*Malgré tout, la situation de Differdange est bonne. Le collège échevinal tenait à donner ces chiffres au conseil communal à des fins de transparence.*

*En tout, le déficit de 2022 passe de 4 974 000 € à 4 998 000 €. L'excédent définitif se chiffre quant à lui à 243 935,37 €. Les conseillers communaux disposent du tableau récapitulatif.*

*Le 30 novembre, Christiane Brassel-Rausch a dit qu'elle ne savait pas comment évolueraient les chiffres. C'est ce qui explique ces modifications. D'ailleurs, les chiffres de ce matin ne sont plus actuels non plus. Cela démontre les difficultés pour gérer un budget en ce moment.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souhaite revenir sur la hausse de l'emprunt. Après la dernière séance, le collège échevinal a reçu 2 factures pour le CID, une de 2,5 millions d'euros et un de 1,8 million d'euros. Les réserves communales se chiffrent à 0,8 million d'euros. Par ailleurs, le bureau d'ingénieurs est en train de revoir une facture de 1,2 million d'euros. C'est pourquoi l'emprunt sera de 13 millions d'euros au lieu de 9 millions d'euros. Comme l'a dit la bourgmestre, le collège échevinal préfère jouer la transparence.*

*Le ministère de l'Intérieur financera une tranche de dix-millions d'euros l'année prochaine pour l'école des Filles de Niederkorn. Cette somme ne figure pas encore dans le budget.*

*Les montants évoluent en permanence. Tom Ulveling a l'impression que les entreprises ont besoin d'argent pour payer le 13e mois.*

*L'emprunt de 13 millions d'euros servira à financer les gros projets comme le CID, le centre sportif John-Scheuren et l'école des Filles de Niederkorn. À ce stade, le collège échevinal ne sait pas encore s'il aura besoin de cette somme. Beaucoup dépendra de la vitesse à laquelle l'État versera ses subsides l'année prochaine.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que les dix-millions d'euros pour l'école des Filles ne figurent pas encore dans le budget. Elle ouvre les débats.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *va prendre position pour le LSAP quant au budget rectifié de 2022 et au budget initial de 2023.*
*Comme il s'agit des derniers débats budgétaires avant les élections communales, il souhaite commencer par un bilan des cinq ans de la majorité déi gréng-CSV.*
*En 2017, l'enthousiasme était fort. Deux ans plus tard, l'affaire de l'abri de jardin a donné une image négative de Differdange et a forcé l'ancien bourgmestre à démissionner. Les changements au sein du collège échevinal ont complètement bloqué la dynamique des années précédentes.*
*Plusieurs projets, qui avaient été entamés par la coalition précédente, dont le LSAP faisait partie, ont été terminés. Erny Muller mentionne le centre sportif de Niederkorn, la SportFabrick, le centre sportif d'Oberkorn, la maison relais du Mathendahl, l'école et la maison relais du Bock…*
*L'extension de la zone Haneboesch a été réalisée derrière le restaurant* Dimmi Si. *Le parking de la Grand-rue, dont la bourgmestre a parlé tout à l'heure, est le résultat du PAP Terrasses de la Ville planifié quand Erny Muller était échevin aux bâtisses. Il s'agit d'un partenariat avec la société Lithopark.*
*Le nouveau commissariat est pratiquement terminé et ouvrira ses portes au printemps. Grâce à l'intervention des socialistes en 2018, le collège échevinal a finalement décidé de préfinancer la structure. Sans le LSAP, la réalisation de ce projet pourtant si important pour la sécurité des Differdangeois aurait duré quelques années de plus.*
*Gravity constitue le fer de lance de la politique du logement actuelle. Mais ce projet a lui aussi été ficelé par la coalition précédente. Erny Muller a encadré le concours d'architectes. La convention avec le promoteur* BPI *a permis ensuite à la commune d'acquérir 80 logements.*
*Le campus de l'EIDE n'aurait pas non plus été réalisé aussi rapide-*

Wéi gesot, mir wëssen net, ob mer déi 13 Millioune brauchen. Mer hoffen natierlech net. Mee et hänkt alles e bëssen dovun of, wéi schnell och d'Subside vum Staat erbäikommen d'nächst Joer. Soudass mer dat elo mol virgesinn hunn, fir dass mer awer kënnen handelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech widderhuelen: Déi eng Millioun, déi ass guer net hei elo an dësen Zuele vermierkt! Dat wollt ech nach eng Kéier ënnersträichen.

Kënne mer ufänke mat der Diskussioun? Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wa keen aneren ufänke wëll, dann ass et u mir. Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif alleguer dobaussen, wéi all Joer huelen ech am Numm vun der LSAP Stellung zum Budget rectifié 2022 an zum Budget initial 2023.

Erlaabt mer, well et jo déi lescht Budgetssitzung virun de Gemengewalen ass, vu menger Budgetsried aus Siicht vun der LSAP ze profitéieren, fir de Bilan vun deene fënnef Joer Déi-Gréng-CSV-Majoritéit ze zéien.

Beim Untrëtt vun der neier Majoritéit no de Walen 2017 war d'Euphorie grouss. Knapps zwee Joer duerno, no där sougenannter Affär Gaardenhaischen – en trauregt Kapitel, wat en extreem negatiivt Bild op d'Stad Déifferdeng geworf huet, a wat dann och zur forcéierter Demissioun vum ehemolege grénge Buergermeeschter gefouert huet – koum et zu engem Wiessel un der Spëtzt vun der Gemeng. An duerno zu weidere Changementer um Niveau vum Schäfferot betreffend déi gréng Fraktioun an domadder zu engem kompletten Ofbremsen, fir net ze soe Stëllstand, vun där ufänglecher Dynamik.

Wat huet dës Koalitioun opzeweisen? Fir d'éischt emol sinn eng ganz Partie Projeten an Initiativen, déi ënner dem virege Schäfferot duerch LSAP-Ressortschäffen ausgeschafft goufen, ëmgesat oder fäerdeggestallt ginn.

Ech ziele se op: d'Realisatioun vun der Sportshal zu Nidderkuer; d'Realisatioun vun der LIHPS Sportsfabrick nieft dem Centre sportifs hei zu Uewerkuer, wou d'Pläng scho fäerdeg waren; d'Schoul an d'Maison relais am Mathendahl zu Nidderkuer; d'Pläng vun där neier Schoul a Maison relais um Bock ware schonn an der Etüd.

Am Kader vun der Erweiderung vun der Zone Haneboesch ass e fäerdege PAP fir Kleng- a Mëttelbetriber zu Nidderkuer hanner dem Dimmi Si ëmgesat ginn. De Souterrain an der Grousstrooss mat 140 Parkgeleeënheeten. An Dir hutt virdrun dovu geschwat, Madamm Buergermeeschter, een Deel dovun ass Quartierparking mat Laangzäitlocatioun, ass d'Resultat vun engem PAP Terrasses de la ville, deen ënner menger Zäit als Bauteschäffen ausgeschafft ginn ass. An dëse Projet ass e Beispill vun enger Participatioun un der Stadentwécklung a Form vun engem Investor-Partner-Prinzip mat an dësem Fall der Gesellschaft Lithopark.

D'Pläng an d'Kärsanéierung vun der Uewerkuerer Sportshal, dem Centre sportif John Scheuren, waren och schonn zum gréissten Deel fäerdeg beim Untrëtt vun där neier Koalitioun.

Ee Wuert zum neie Polizeigebai, wat jo esouwäit fäerdeg ass an am Laf vum nächste Fréijoer seng Diere soll opmaachen. Dank der vehementer Interventioun vun der LSAP bei de Budgetsdebatte fir 2018, ass de Schäfferot vu senger Decisioun ofkomm, fir dat neit Kommissariat net méi ënner der Regie vun der Gemeng am Kader vun enger Virfinanzéierung ze bauen, wéi et ënner der vireger Koalitioun mat LSAP-Bedeelegung virgesi war. Ouni eise Protest misste mer op dësen, fir d'Sécherheet vun der Déifferdenger Populatioun immens wichtege Projet, sécherlech nach e puer Joer waarden.

De Gravity-Tower ass d'Aushängeschéld vun der aktueller Logementspolitik. Och dëse Projet ass scho vum virege Schäfferot ficeléiert ginn, wou ech d'Chance hat, den Architekten-Investor-Wettbewerb ze begleeden a wou iw-

wert d'Konventioun mam deemolege Promoteur BPI de Grondstee geluecht gouf, fir dass d'Gemeng konnt an de Besëtz vun deenen 80 Wunnenge kommen. An dat zu engem ganz abordabele Präis.

Och de Campus vun der École internationale, EIDE, wëll ech erwänen, deen op dës Zäit zréckgeet an ouni d'Initiativ an d'Virfinanzéierung vun der Stad Déifferdeng net an deem Rhythmus hätt kënnen ëmgesat ginn.

D'Pläng vum Park vum AS Terrain ware komplett fäerdeggestallt a sinn direkt nom Untrëtt vun där neier Koalitioun der Populatioun virgestallt ginn. Leider huet d'Ëmsetzung heifir vill ze laang op sech waarde gelooss. Mir hoffen, dass dee Park dëst Joer fäerdeg gëtt.

Da kéim ech zu deene Projeten, déi wuel schonn am Koalitiounsvertrag – op jidde Fall zum Haaptdeel – opgeläscht, dunn awer fale gelooss gi sinn. Dat ass éischtens de Liichtathletikstadion um Woiwer. En interkommunale Projet, wou véier Gemengen impliziéiert waren a wou e Konsens bestanen huet iwwert d'Finanzement. Wou och de Staat e gudden Deel bäigedroen hätt an engem regionale Projet. Den Här Bertinelli wäert am Numm vun der LSAP op déi Haaptprojete vum Sport agoen.

Ech erënneren un e ganz flotte Projet op der Place Nelson Mandela, der Plaz, wou déi fréier Déifferdenger Kierch drop stoung. Dësen ass an de Budgetsdokumenter als suspendu opgefouert. E soll a sech net méi realiséiert ginn. Hei hätt sollen e Parking souterrain ënner der Plaz entstoen an neie Schoulraum mat Maison relais.

An dësem Budget hu mer Schoulraum stoen, deen ass op deem Site vum fréiere Servior, dem ale Spidol, geplangt. Hei hate mer e fäerdege Projet. Ech kann net verstoen, dass dee Projet aus Käschtegrënn ewechfält. Déi Schoul muss esou oder esou gebaut ginn. Wann een nëmmen en Deel vum Ausbau vun der aler Haushaltungsschoul, dee ganz flott war, scho realiséiert hätt, da bräichte mer elo keen neie Container fir véier Klassen am Schoulhaff am Zentrum opzeriichten. E Käschtepunkt ëmmerhi vun 1.750.000 Euro, deen awer da verluer ass fir d'Gemeng.

An och déi 1.750.000 Euro hätt ee kënnen an d'Plaz investéieren. Well, Dir hutt jo gesinn, dee Parking Souterrain hätt ee kënne mat engem Partner zesumme maachen an da wär u sech nach just d'Amenagement vun der Plaz komm. Den Här Bertinelli hat déi deemols fir 50.000 Euro realiséiere gelooss. Et ass eng Makadammsplaz, wou Autoen drop stinn. Et hätt bestëmmt keen eppes dogéint gehat, wa mer do eng flott amenagéiert Plaz gehat hätten, direkt niewent eisem Kulturzentrum.

Zum Budget. Am Budget sti fir 2022 an 2023 1,3 Milliounen als Etüd fir de Schoulcampus Déifferdeng-Zentrum.

Zum Theema Schoul / Structure d'accueil nach Folgendes: Mir si weiderhi fir de Bau vun enger Schoul op der Place Mandela. D'LSAP ass der Meenung, dass en zweete Bësch-Site muss gesicht ginn. Mir wëssen, dass mer an der aktueller Bëschcrèche, souwäit mir informéiert sinn, keng Ausdeenung méi maache kënnen. Mir ënnerstëtzen all Initiativ a Schoul- a Betreiungsinfrastrukturen.

Zum Ausbau mat engem administrativen Trakt vum aktuelle Stadhaus. D'LSAP war beim Vott dergéint. Dëse Projet ass après coup ersatzlos gestrach ginn, ouni dass zum Beispill no Alternative gesicht gi wär. Wann deen esou wichteg wär, da kann ee sech nëmme wonneren.

Ech kommen elo zu engem Projet, wou ech wärend menger Zäit als LSAP-Bauteschäffe mat vill Häerz an Engagement dru geschafft hunn, dem Parkhaus Contournement.

Och dëse Projet ass vun där neier Majoritéit bei hirem Untrëtt falegelooss ginn, mam Argument, et wär e Parkhaus zesumme mat ArcelorMittal am Kader vum neie Science Center um Plateau Hauts-Fourneaux geplangt.

Ech hat deemools gewarnt, an dat, wat d'LSAP prophezeit hat, ass agetratt. Soudass no véier verluere Joren dann endlech reagéiert gouf an e Parkhaus um Contournement am Kader vun engem Concours d'investissement mat der Societéit Ernst & Young geplangt ass, dee mat 142.659 Euro am Budget rectifié 2022 zu Buch schléit.

*ment sans le préfinancement de la commune.*

*Les plans du parc Terrain-AS étaient prêts. Malheureusement, la réalisation des travaux a pris trop de temps.*

*D'autres projets figuraient dans le programme de coalition, mais ont été abandonnés. Erny Muller cite le stade d'athlétisme du Woiwer, un projet impliquant quatre communes et qui aurait été financé en partie par l'État.*

*Le projet de la place Nelson-Mandela, où se trouvait l'ancienne église de Differdange, a été suspendu. Il était prévu de réaliser un parking souterrain, une école et une maison relais. Désormais, des salles de classe sont prévues sur l'ancien site de Servior. Mais Erny Muller ne comprend pas pourquoi le projet de la place Nelson-Mandela a été abandonné. Au lieu de cela, le collège échevinal installe 4 conteneurs dans la cour de récréation de l'école Differdange-Centre pour 1 750 000 €. Cet argent aurait pu servir à construire le parking souterrain avec un partenaire. La place extérieure aurait pu être réaménagée.*

*Le budget de 2023 prévoit 1,3 million d'euros pour le campus scolaire de Differdange-Centre. Les socialistes préconisent une école sur la place Nelson-Mandela. Ils soutiennent aussi le projet d'une deuxième école forestière.*

*Pour ce qui est de l'extension de l'hôtel de ville, le LSAP avait voté contre. Ce projet a ensuite été abandonné. S'il était important, le collège échevinal aurait pu chercher d'autres solutions.*

*Erny Muller passe au parking du Contournement, un projet lui tenant à cœur. Ce projet a été abandonné au profit d'un parking sur le plateau des Hauts-Fourneaux dans le cadre du* Science Center. *Ce qu'avait dit Erny Muller a fini par arriver. Après avoir perdu quatre ans, le collège échevinal réalise un parking du Contournement avec un concours d'investissement chiffré à 142 659 €. Mis à part le collège échevinal, personne ne sait à quoi ce parking doit ressembler.*

*Le projet d'une passerelle entre l'entrée en ville et le centre semble avoir été abandonné. Erny Muller*

*rappelle que le projet original prévoyait aussi des espaces pour d'autres activités — et notamment des commerces.*
*Le concept de mobilité ne semble pas avancer non plus. Que va devenir le PN 15 ?*
*Une gare multimodale est prévue sur le plateau des Hauts-Fourneaux, mais il n'existe aucun concept. Ce projet devrait être réalisé avec le ministère de la Mobilité.*
*Un gite d'étape a vu le jour à Lasauvage dans le cadre du Minett-Trail. Trois autres maisons ont été rénovées et pourront héberger les randonneurs. Les socialistes considèrent ces trois maisons et l'auberge de l'école comme un projet unique.*
*Le centre de visiteurs du Minett Park n'a toujours pas vu le jour. Differdange et Pétange avaient prévu ce projet dans le cadre d'Esch2022. Ce que l'INPA veut construire finalement à l'entrée du Minett Park n'est rien d'autre que la réalisation d'une idée de l'ancien gestionnaire, Frédéric Humbel. Erny Muller le remercie pour son engagement pendant de longues années.*
*Dynamiser le centre-ville est une des missions les plus importantes du city management et du collège échevinal. L'idée consistait à mettre en place un concept dans le cadre duquel le centre-ville historique pourrait profiter du nouveau centre et vice-versa. C'est un échec. Erny Muller l'avait déjà dit l'année dernière. Si on ne maitrise pas le sujet, il faut se faire conseiller par des spécialistes.*
*Plusieurs city managers ont déjà jeté l'éponge. Ils seront remplacés par une Cellule économique disposant d'un budget de 100 000 €.*
*De plus en plus de magasins ferment leurs portes. La Ville de Differdange achète ou loue ensuite les locaux sans disposer d'un concept. Les socialistes saluent le fait que les réfugiés ukrainiens puissent profiter des locaux du Karro et du Petit Casino.*
*Erny Muller soutient l'acquisition de bâtisses dans le cadre du pacte Logement 2.0, mais estime qu'il faut tenir compte du prix des rénovations.*

Wéi dat Parkhaus soll ausgesinn, wësse weeder déi politesch Mandatairen heibannen, à l'exclusion vum Schäfferot, nach eis Populatioun dobaussen. Mir stelle fest: Vu Kommunikatioun a Biergerbedeelegung keng Spuer.

Och vun der Wichtegkeet, fir bei dësem Projet iwwer eng Passerelle déi nei Entrée en ville mam Stadzentrum ze verbannen, ass näischt méi iwwreg bliwwen. Ech wëll drop hiweisen, dass am Projet origine net nëmmen e Parkhaus, mee nach aner Espacë fir divers Aktivitéiten oder attraktiv Commercen virgesi waren. Hei hätt een zum Beispill och kënnen en Deel vun eiser Gemengenadministratioun mataplangen.

E weidere wichtege Projet ass eis neit Mobilitéitskonzept fir d'Stad. An dësem Dossier hu mir näischt Konkreetes vun där aktueller Majoritéit héieren. Wat geschitt zum Beispill mam PN15, der Uewerkuer Barriär? Den Här Altmeisch geet a senger Ried am Detail heirop an.

De Pôle d'échange, déi sougenannte Gare multimodale, soll um Plateau des Hauts-Fourneaux entstoen. Heifir ass nach kee Konzept an Ausaarbechtung. Eis ass op jidde Fall näischt bekannt. Dëse Projet ass eiser Meenung no zesumme mam Mobilitéitsministère ze realiséieren.

Als nächste Punkt wëll ech iwwert den Tourismus an de Minett Park Fond-de-Gras schwätzen.

Zu Lasauvage ass e Gite d'étape am Kader vum Minett Trail entstanen, wat mir begréissen. Doniewent entstinn op der Place Saintignon Iwwernuechtungsméiglechkeeten an dräi weidere renovéierten Haiser. Duerno gëllt et, dës Haiser ze beliewen.dDo ass eng gewësse Kreativitéit gefrot. Mir sinn der Meenung, dass een déi dräi Haiser op der Place Saintignon an eis Auberge à l'école als e gemeinsame Projet touristique sollt ugesinn.

Wat de Minett Park ubelaangt, sinn ech enorm enttäuscht, dass sech an deene leschte fënnef Joer näischt Konkreetes mat deem geplangte Besucherzentrum gedoen huet. Dat kann ech net verstoen. E Projet, dee vun de Gemengen Déifferdeng a Péiteng als en nohaltege Projet am Kader vun Esch 2022 ugeduecht war.

Dat, wat den Här Mangen eis ugedeit huet a wat elo den INPA, ancien Sites et Monuments, an der Entrée am Minett Park am Fond-de-Gras wëll realiséieren, ass d'Ëmsetzung vun enger Iddi, déi scho laang op sech waarde léisst, vum Gestionnaire Frédéric Humbel, dee jo leider de Minett Park verléisst. Ech soen dem Frédéric Merci, fir all déi Joren, wou hie sech ganz engagéiert ëm de Minett Park gekëmmert huet.

Ofschléissend zu menger Gesamtapproche, an éier ech op e puer Detailpunkten am Budget aginn, erlaabt mer nach eng Ausso zum Theema Revitaliséierung vum Zentrum vun Déifferdeng.

Dir Dammen an Dir Hären, de City-Management an d'Revitaliséierung vun eisem Stadkär ass eng vun den Haaptaufgabe vun der politescher Féierung. D'Aufgab war et fir, opbauend op déi nei Entwécklung an der Entrée en ville, e Konzept ze entwéckelen, wou deen alen Zentrum vun eiser Stad vun deem neie kéint profitéieren a vice versa. Leider huet dëse Schäfferot bei där Aufgab komplett versot.

Ech war schonn a menger Budgetsried am leschte Joer heirop agaangen. Wat een net beherrscht, da kann ee sech berode loosse vu professionelle Leit, déi eppes dovu verstinn.

Deen een an deen anere City-Manager huet schonn d'Handduch gehäit, dofir soll elo d'Création d'une cellule économique, wéi et heescht, et riichten. Am Budget sinn heifir direkt 100.000 Euro virgesinn. Mir sinn da gespaant.

Et ginn ëmmer méi Geschäfter an eisem Zentrum zou an duerno vun der Stad Déifferdeng opkaf oder gelount, ouni dass heifir e valabelt Konzept besteet. Obwuel et Zoufall war, si mir als LSAP frou driwwer, dass d'ukrainesch Flüchtlingen an deenen onbenotzte Raimlechkeete vum Karro, virdru Boulevard-Tower, an och am Klenge Casino e wierdegen Ënnerdaach fonnt hunn.

Wat de Kaf vu Gebaier am Kader vum Pacte Logement 2.0 ubelaangt, ënnerstëtze mir als LSAP dës Initiativen. Mir

sinn awer der Meenung, dass een d'Folgekäschte fir Renovatiounen oder anerer muss mataberechnen. Soss geet, trotz där 75-prozenteger Participatioun vum Ministère du Logement, d'Rechnung herno net op.

Zum Theema Kommunikatioun a Biergerparticipatioun.

Hei sinn eng Partie Iwwerleeunge vum Pierre Hobscheit, deen haut leider net hei ka sinn, matagefloss. Déifferdeng brauch endlech eng modern Kommunikatiounsstrategie op allen Niveauen. D'LSAP setzt sech fir eng besser Kommunikatioun mam Bierger an, dat duerch en Internetsite, deen eiser Stad wierdeg ass a wou de Bierger iwwersiichtlech déi Informatioune fënnt, déi e brauch. Mir brauche keng Héichglanzpublikatiounen, duerch déi d'Majoritéit sech an Zeen setzt, mee prezis Informatioune fir déi Déifferdenger Leit.

D'LSAP wonnert sech iwwert déi héich Depensë fir eng nei Charte graphique fir eis Servicer. Wat ass do konkreet geschitt mat de Suen?

D'LSAP ass sech net sécher, wéi et am Budget erwäänt gëtt, ob Eventer wéi The Voice Casting wierklech nohalteg zur Promotioun vun der Stad Déifferdeng bäidroen.

Zur Biergerparticipatioun. D'LSAP ass enttäuscht, dass hei an deene leschte Joren net méi geschitt ass. Trotz Pandemie hätt et misse méiglech sinn, hei méi ze maachen an eebe grad nei Konzepter auszeschaffen, fir d'Biergerbedeelegung ze digitaliséieren an ze moderniséieren.

Ech kéim dann zum Enn vu mengem Exkurs betreffend de Bilan global vun der politescher Aarbecht hei zu Déifferdeng a versiche méi konkreet op de Budget rectifié 2022 an duerno de Budget initial 2023 anzegoen.

Wat de Budget rectifié 2022 ubelaangt, gesi mer am Service ordinaire e Boni propre vun 42,6 Milliounen Euro. Dat sinn ëmmerhin 9,5 Milliounen Euro méi wéi am Budget original 2022 virgesi war. Dëst erkläert sech doduerch, dass d'Recettes ordinaires ëm 10,5 Milliounen Euro respektiv 7,53 % méi héich ware wéi geschat. D'Depensen dogéint ware praktesch d'selwecht, si ware ronn eng Millioun Euro méi héich oder 0,86 %.

De Plus u Mehreinnahmen ass an der Haaptsaach bedéngt duerch eng Kéier plus 4,14 Milliounen Euro am Fonds de dotation global des communes an eng Kéier 4,5 Milliounen Euro bei de Finances communales, eng eemoleg Zomm Remboursement TVA, déi de Staat de Gemengen am Kader vun der Covidpandemie zoukomme gelooss huet.

Beim Service extraordinaire fanne mer wéi all Joer eng grouss Fluctuatioun vun de geschate Montanten an dës Kéier bei den Depensen, wou ronn 15 Milliounen Euro méi erausgaange si wéi virgesinn. Trotzdeem, a wéinst engem ëm 9,5 Milliounen Euro méi héijen Iwwerschoss am Ordinär, schléisst den Exercice 2022 mat engem Boni vu ronn fënnef Milliounen Euro of am Géigesaz zu deenen 810.000, déi virgesi waren als Boni présumé Enn 2022.

Et bleift drop hinzeweisen, dass de Fonds de réserve vun dräi Milliounen Euro mat an de Budget gefloss ass, awer u sech net gebraucht gouf an esou nach zur Verfügung steet fir de kommenden Exercice 2023 am Kader vum Gesamtbudget.

Bei den Investissementer vun am Ganzen 127 Milliounen Euro bleift ze relativéieren, dass 56,2 Milliounen Euro iwwer Acquisitiounen oder Virfinanzéierunge stamen, ëmmerhi 44 %. Haaptchiffere sinn Acquisition logement, Gravity-Tower, 22 Milliounen Euro; Acquisitioun vum Karro 12,6 Milliounen Euro; Construction d'un nouveau bâtiment de police, préfinancement, 11 Milliounen 2022 – an och 2023 kënnt nach eng Zomm vu siwe Milliounen Euro dobäi –; EIDE 10,4 Milliounen Euro. A wann een dat héichrechent, da kënnt een op déi 56,2 Milliounen Euro.

Mir hätte follgend Froen oder Bemierkungen zum Budget rectifié 2022.

Eng éischt Fro: Beim Artikel 1/650 bei de Recetten, Ventes de terrains communaux, ass fir 2022 nach ëmmer e Betrag vu 6.042.000 Euro agedroe fir de Verkaf vun Terrainen, déi d'Gemeng opkaf huet am Kader vum CID respektiv dem Developpement vun deem Areal vis-à-

*Differdange a besoin d'une communication moderne à tous les niveaux — notamment d'un site internet digne de la Ville et clair pour les citoyens. Il ne s'agit pas de mettre en valeur la majorité, mais d'informer la population.*
*Qu'en est-il des dépenses pour la charte graphique ? À quoi a servi cet argent ?*
*Les socialistes ne sont pas convaincus que des évènements comme The Voice servent à promouvoir durablement la commune.*
*Ils sont déçus du peu de mesures prises dans le cadre de la participation citoyenne. Il aurait fallu mettre en place un concept.*
*En ce qui concerne le budget rectifié 2022, l'excédent ordinaire se chiffre à 42,6 millions d'euros, c'est-à-dire 9,5 millions d'euros de plus que prévu. Les dépenses ont, quant à elles, augmenté d'un-million d'euros. Les recettes supplémentaires proviennent principalement du Fonds de dotation globale des communes et du remboursement unique de la TVA.*
*Les dépenses extraordinaires dépassent de 15 millions d'euros ce qui avait été prévu. Mais grâce à l'excédent ordinaire, l'excédent global se monte à cinq-millions d'euros.*
*Le fonds de réserve de trois-millions d'euros n'a pas été utilisé et reste à disposition pour 2023.*
*Erny Muller relativise les investissements en signalant que 56,2 millions d'euros sur 127 millions d'euros au total ont servi à des acquisitions ou à des préfinancements. Erny Muller cite Gravity, Karro, le commissariat, l'EIDE…*
*Le budget 2022 comporte des recettes de 6 042 000 € pour la vente de terrains dans le cadre du développement du CID. Or 2022 touche à sa fin et le conseil communal n'a toujours pas approuvé d'acte de vente. Le collège échevinal n'a pas non plus présenté de plan directeur. Le collège échevinal peut-il fournir quelques explications à ce sujet ?*
*Pour ce qui est des frais d'études relatives à l'état des infrastructures d'évacuations des eaux, c'est le bureau RSS-Hydro, qui est responsable du dossier. Après les inondations du 4 juin 2021, le collège*

*échevinal devait rédiger un rapport détaillé des causes et présenter des mesures de prévention. Où en est ce rapport ?*
*Le budget ordinaire prévoyait 1 150 000 € pour Esch2022. Or les dépenses se montent à 2 300 000 €. Monsieur Ulveling a tiré un bilan positif. Erny Muller est plus sceptique. Il remercie madame Lynn Bintener pour son engagement.*
*Pour les 100 ans du Thillebierg, 20 000 € figurent au budget. La fête était réussie. Erny Muller remercie tous ceux ayant participé à sa réalisation — notamment la commune pour son soutien financier, le service culturel et le service des Sports.*
*Pour ce qui est du budget initial 2023, la bourgmestre a expliqué qu'il fallait prévoir un emprunt de 13 millions d'euros au lieu de 9 millions d'euros.*
*Les recettes ordinaires sont estimées à 150,9 millions d'euros et les dépenses ordinaires à 119 millions d'euros. Le fonds de dotation devrait augmenter de 5,5 millions d'euros par rapport à 2022. Il représente 100 300 000 €, c'est-à-dire entre 60 % et 70 % des recettes.*
*Les dépenses ordinaires augmentent de 10,4 % à cause des frais de personnel et du prix de l'énergie et du carburant, et de l'inflation.*
*Le budget ordinaire se solde cependant par un excédent intéressant de 31 millions d'euros. Ce n'est pas mal.*
*Les recettes extraordinaires se chiffrent à 68,5 millions d'euros avec un emprunt de 13 millions d'euros, le remboursement de l'EIDE à hauteur de 10 millions d'euros, l'apport de la Miami University pour la location de studios de 3,1 millions d'euros, le droit de superficie pour le Haneboesch de 1,1 million d'euros, la subvention pour Gravity de 10,9 millions d'euros, les ventes Gravity de 5,2 millions d'euros, la vente de terrains pour 2,9 millions d'euros et la subvention pour le pacte Logement de 4,8 millions d'euros. Celle-ci s'explique par le fait que l'État prend en compte les 300 logements créés au fil du temps. Mais cet argent doit être utilisé pour un certain type de projets. Le reste des recettes se composent de subventions étatiques.*

vis vum CID. Elo ass den Exercice 2022 praktesch ofgeschloss, a mir hunn nach keen eenzege Verkafsakt virleien. Och hu mer nach kee Masterplang gesinn, wat dann elo op där Plaz geplangt ass. Dofir eis Fro un de Schäfferot: Kënnt Der eis wannechgelift heiriwwer Opklärung ginn?

Zweet Fro betrëfft den Artikel 4/520, Frais d'études sur l'état des infrastructures d'évacuation des eaux en cas de fortes pluies am Extraordinär. Le bureau RSS-Hydro a été chargé de cette étude. Déi terribel Iwwerschwemmungskatastroph um Fousbann – ech vergiessen dat soubal net a sécherlech nach manner déi direkt Betraffen – war de 4. Juni 2021.

An enger Gemengerotssitzung duerno gouf festgehalen, dass sollt en detailléierte Bericht erstallt ginn iwwert d'Ursaachen, wou awer och Initiative säitens der Gemeng festgehale solle ginn, fir esou eng Katastroph an Zukunft ze vermeiden. Elo d'Fro: Wou ass dësen Ofschlossbericht 18 Méint no där Héichwaasserkatastroph drun?

Drëtt Fro betrëfft am Ordinär de Service culturel, Frais pour la capitale européenne de la culture Esch2022, e Montant vun 1.150.000 Euro. Am Fong hätte mir jo Produktioune gehat vun dem duebele Montant dat 2.300.000. Ass dat esou? Den Här Ulveling huet éischter e relativ positive Bilan gezunn. Mir sinn hei eppes méi skeptesch. Ginn awer dovun aus, dass nach méi en detailléierte Bilan nokënnt, zu deem mer dann och wäerte Stellung huelen. Wëllen awer elo schonn der Madamm Lynn Bintener Merci soe fir hiren Asaz am Kader vun Esch2022.

Erlaabt mer eng perséinlech Bemierkung zum Artikel 3.860. Fir d'Fête d'anniversaire 100 Joer Thillebierg steet eng Depense vun 20.000 Euro dran. Dës war menger Meenung no eng wierdeg Feier vun engem héijen Niveau. Ech wëll heimat alle Bedeelegten nach eng Kéier Merci soen a speziell der Gemengeverwaltung fir hir finanziell Ënnerstëtzung an dem Service culturel an dem Service des sports fir hir logistesch Hëllef.

Ech kéim zum Budget initial 2023.

Am leschte Moment hu mer eng Rektifikatioun erakritt, d'Buergermeeschtesch huet eis alles erkläert. De fin mot ass, dass mer véier Millioune méi musse virgesi fir en Emprunt compensatoire, dee vun néng op 13 Milliounen eropgesat gëtt.

Zum Service ordinaire. Recettë vu ronn 150,9 Milliounen, wat en héije Chiffer ass, géint 119 Milliounen un Depensen. D'Recettë bleiwen op engem héijen Niveau, well een dovun ausgeet, dass den FDGC, Fonds de Dotation, am Exercice 2023 nach eng Kéier ëm 5,5 Milliounen Euro par rapport zu 2022 eropgeet. Wat am Ganzen 100.300.000 Euro ausmécht. Muss een emol kucken. Dat ass e grousse Betrag. An dat ass den Haaptundeel vun eise Recetten. Ech hunn hei elo net prozentual gesinn. Mee wéi gesot, da komme mer op gutt 60 % bis 70 % vun eise Recetten.

D'Depensen am Ordinär ginn awer och erop, an zwar ëm 12,37 Milliounen oder 10,4 % par rapport zum Rectifié 2022, op en Total vu ronn 119 Milliounen Euro. D'Grënn heifir sinn, mir hunn et héiere vum Schäfferot bei der Presentatioun vum Budget, engersäits well d'Personalkäschten an d'Luucht gi mat deenen dräi Indextranchen, wat schonn eleng 4,5 Milliounen Euro entsprécht. Anerersäits déi héich Energie- a Spritpräisser an duerch d'Inflatioun bedéngt héich Akafspräisser droen dozou bäi, dass mer elo eng 10%eg Erhéijung kréie vun eisen ordinären Depensen.

Mir schléissen den Exercice trotzdem – an dat ass awer nach interessant – mat engem Boni vun 31 Milliounen of, wat net schlecht ass am Ordinär.

De Service extraordinaire, Total Recettë vun 68,5 Milliounen Euro resultéieren aus gréissere Posten: Emprunt d'équilibrage dës Kéier 13 Milliounen Euro, Préfinancement EIDE 10 Milliounen Euro, Apport capital Miami fir d'Laangzäitlocatioun vun de Studioe fir Studenten 3,1 Millioun Euro, Droit de superficie Haneboesch 1,1 Millioun Euro, Subventioun Gravity-Tower, kréie mer eng Ristourne vum Staat, 10,9, Vente Gravity 5,2 Milliounen, Vente de terrains communaux 2,9.

Subvention Pacte Logement, dat ass och interessant, 4,8 Milliounen. Wat

awer elo eng grouss Zomm ass, well mer en, wann ech esou soen däerf, Astiegskreditt an de System kréien. Dat heescht, dës Kéier kréie mer all déi 300, mengen ech sinn et, Wunnengen, déi mer jo am Laf vun der Zäit kreéiert hunn, do materagerechent. Wat eis dann déi éischte Kéier e méi héije Kredit gëtt vun ëmmerhi 4,8 Milliounen. Déi awer dann och erëm gebonne sinn am Kontrakt, dass se mussen zweckgebonnen erëm a gewësse Projeten afléissen.

Dat sinn am Ganzen 51 Milliounen. Déi restlech 17,5 Millioune sinn haaptsächlech staatlech Subventioune fir déi verschidde Projeten.

Zesumme mam Boni propre vum Exercice ergëtt sech e klenge Boni définitif présumé vun 243.935 Euro. Ech hoffen, dass dat elo dee leschte Wäert ass, well dee jo schonn och erëm – nee, dat ass bestëmmt net dee Leschten, duerfir vergiesse mer et.

Wa mer eis de Budget ordinaire ukucken, da fält op, dass munch Positiounen eropgaange sinn. D'Ursaachen heifir sinn dës Kéier no der Pandemie de Krich an der Ukrain an der Haaptsaach. Ech ginn net méi an d'Detailer an, dës si bei der Virstellung vum Budget schonn ugefouert ginn, wëll mech awer nach mat e puer Punkte befaassen.

Den éischte Punkt ass d'Augmentatioun vun der Waasser- a Kanaltax op den 1.1.2023. Sécherlech eng Méibelaaschtung fir eis Biergerinnen a Bierger. D'LSAP huet bei der Ofstëmmung dergéint gestëmmt, well mer der Meenung waren, fir den Awunner, déi scho genuch gebeutelt sinn, d'Erhéijung zu dësem Zäitpunkt ze erspueren. D'Erhéijung bréngt der Gemeng eng Mehreinnahm vun 1.288.000 Euro.

D'Allocation de solidarité, déi wärend dem Covid-Joer 2021 substanziell eropgesat gouf, bleift op engem héijen Niveau vun 1,9 Milliounen Euro. Domat ka weiderhin deene Leit gehollef ginn, déi net esou staark bemëttelt sinn, zemools bei der aktueller Präissteigerung.

Dann hätt ech nach e puer Bemierkungen a Froen zu den Depensë beim Service extraordinaire.

D'Theema NetZeroCities. Am Ganzen Depensë vu 692.000 Euro op verschidden Artikelen opgedeelt. Eng Fro heizou wier, ob mir dës Frais d'études iwwert den EU-Projet rembourséiert kréien. Iwwert d'Wichtegkeet fir Déifferdeng, eng Waasserstofftankstell ze hunn, wëll ech net agoen. Hei riskéiert et ze goe wéi mat de Wandrieder, déi de Galerië vun de Minièren zum Affer gefall sinn, wou mir nach ëmmer op den Dag oder d'Zomm waarden, déi d'Gemeng Déifferdeng an de Sand gesat huet.

Ech wollt nach soen, dass mer oppasse mussen: Déi 692.000 Euro, wann ee kuckt, wat alles dran ass, a wann een herno héichrechent, wat dat fir Invester gëtt fir eis Stad, da schwätze mer nach eng Kéier driwwer, wéi vill Emprunt mer da mussen ophuelen.

Bei den Invester vun 2023 gëtt et grouss Projeten, déi weidergefouert ginn. Dee Gréissten ass natierlech de CID mat 20 Milliounen, de Campus scolaire Um Bock mat Maison relais a Sportshal vun 11,3 Milliounen, d'EIDE Virfinanzéierung mat zéng Milliounen, de Centre sportif John Scheuren mat siwe Milliounen, d'École des Filles, wou mer frou sinn, dass mer awer elo méi Subsid kréien, wat mer jo ëmmer och kritiséiert haten, well dat net fair ass vis-à-vis vun engem neie Projet. Dat kascht eis 8,4 Milliounen. An d'Policegebai, do rechne mer mat der Fäerdegstellung, do wären dann nach 6.935.000 Euro, déi opstinn. Dat emol zu den Haaptposten.

Da gesäit een am Budget, dass deemnächst Walen ustinn. Do ass zu Nidderkuer d'Weiderféierung vum Duerfkär geplangt an och d'Rue St. Pierre an d'Rue Baptiste Scharlé, wou wärend fënnef Joer guer näischt méi geschitt ass, ass erëm ageplangt. Am Ganzen ëmmerhin eng Millioun Euro am Budget 2023 fir Nidderkuer.

Dat selwecht gëllt fir d'Rue St. Nicolas zu Déifferdeng, déi deelweis an engem lamentabelen Zoustand ass. Des Weideren ass geplangt, dass dat vun der LSAP schonn ëfters gefuerdert Parkhaus am Haneboesch zu Nidderkuer soll gebaut ginn. Dofir si 500.000 Euro virgesinn. Wéi gesot, mir si komplett derfir, hoffen awer just, dass déi Suen duerginn, fir dat Parkhaus ze bauen.

*L'excédent définitif présumé se monte à 243 935 €. Mais ce montant va certainement évoluer.*
*Certains articles ordinaires ont augmenté à cause de la pandémie et de la guerre. Erny Muller ne veut pas entrer dans les détails.*
*La taxe de l'eau et des canalisations va augmenter le 1er janvier 2023. Les socialistes y sont contraires, car ce n'est pas le bon moment. Pour la commune, l'augmentation engendrera des revenus de 1 288 000 €.*
*L'allocation de solidarité a été augmentée pendant la pandémie. Elle reste à 1,9 million d'euros. Elle permet d'aider les démunis à faire face à l'augmentation des prix.*
*Six-cent-quatre-vingt-douze-mille euros sont destinés à net0cities. Les frais d'études seront-ils remboursés ? Erny Muller craint que le projet d'une station-service à hydrogène se solde par le même échec que le projet des éoliennes. D'ailleurs, le conseil communal attend toujours de savoir combien d'argent la commune a perdu. Erny Muller signale par ailleurs que les investissements nécessaires dans le cadre de net0cities vont obliger la commune à contracter des emprunts.*
*Parmi les investissements de 2023 figurent le CID avec 20 millions d'euros, le Bock avec 11,3 millions d'euros, l'EIDE avec 10 millions d'euros, le centre sportif John-Scheuren avec 7 millions d'euros, l'école des Filles avec 8,4 millions d'euros et le commissariat avec 6 935 000 €.*
*Avec les élections qui approchent, le collège échevinal ressort le projet de rénovation du centre de Niederkorn pour un budget d'un-million d'euros.*
*La rue Saint-Nicolas, à Differdange, est dans un état lamentable et sera rénovée.*
*Le parc de stationnement du Haneboesch réclamé par les socialistes sera construit pour 500 000 €. Erny Muller espère que cette somme sera suffisante.*
*Le collège échevinal veut acheter le local de la* Caisse d'épargne *pour 1,2 million d'euros et le transformer pour 250 000 €. Erny Muller espère qu'un concept valable sera mis sur pied pour le centre-ville.*

*La commune a acquis la grande salle du Miwwelchen pour 678 000 € afin d'y héberger le wok.*
*La rénovation de la maison Moderne coutera 300 000 €.*
*Les frais d'études pour le réaménagement de la place Jéhan-Steichen s'élèvent à 200 000 €. Mais où en est le projet Maxim's en face de cette place.*
*La phase 1 de la rénovation du stade Thillebierg prévoit des dépenses de 1 226 000 €. Ce projet tient à cœur à Erny Muller. Le Thillebierg représente un patrimoine unique qu'il faut conserver pour les générations à venir.*
*Les socialistes sont d'accord avec l'accord de principe visant à participer au* Science Center *à hauteur de dix-millions d'euros sur plusieurs exercices budgétaires.*
*Lors de la présentation du budget, le collège échevinal a donné une image sombre de la situation financière de la commune. Certes, la commune subit les conséquences de la pandémie et de la guerre. Mais au lieu de pleurer, le collège échevinal ferait mieux d'essayer de maitriser les dépenses ordinaires, qui explosent. Car en promouvant le logement, la population va croitre en même temps que les besoins en infrastructures. C'est pourquoi il est nécessaire de continuer à investir.*
*Erny Muller rappelle que les socialistes ont obtenu d'excellentes conditions lors de la réalisation du centre sportif de Niederkorn et de l'agrandissement de l'école Saint-Pierre. Pour le développement urbain, il est possible de collaborer avec un investisseur.*
*La dette par tête d'habitant se monte à 1533 €. Il reste donc de la marge de manœuvre. En tenant compte de l'emprunt compensatoire, la dette augmenterait de 400 € ou 500 €. Ce n'est pas dramatique.*
*Le LSAP n'approuvera pas les budgets 2022 et 2023. Les socialistes décideront au cas par cas quels projets soutenir.*

Bei der Acquisition d'immeubles wëllt de Schäfferot d'Lokal vun der Spuerkeess zu Déifferdeng opkafe fir 1,2 Milliounen Euro an dann och nach transforméiere fir 250.000 Euro. Et ass ze hoffen, dass dës Kéier e valabelt Konzept fir eisen Zentrum dobäi erauskënnt.

Dee grousse Sall am „Miwwelchen" vum Fonds de Logement ass fir 678.000 Euro opkaf ginn, fir de Wok ënnerzebréngen. Travaux de rénovation Maison moderne, d'Follgekäschte fir d'Amenagement herno, déi muss ee bei engem Projet direkt matarechnen, do hu mer erausfonnt, dass mer 300.000 Euro brauchen.

Ënner Frais d'études fanne mer dann nach d'Place Jéhan Steichen, Projet global pour le réaménagement 200.000 Euro. Mir si ganz d'accord, dass dee Projet nach eng Kéier op de Leescht geholl gëtt, wollten awer froen, wou de Projet Maxims drun ass, dee jo och en face vun dëser Plaz geplangt ass, mat engem Hotel, engem Restaurant a Wunnengen.

Da gëtt et nach e Projet, wou ech mech perséinlech besonnesch drop freeën, de Stadion Thillebierg, Travaux de rénovation du stade, phase 1. Am Budget sinn 1.226.000 Euro virgesi fir d'Renovatioun an d'Restauratioun vun der Mauer ronderëm de Stadion. Mir hunn d'Dokumenter haut am Budget leien a stëmme jo och den Devis herno, hoffen ech.

Den Thillebierg ass en eemolege Patrimoine. Et ass wichteg dëse fir déi zukünfteg Generatiounen ze erhalen, woumat den Ufank, dierf ee soen, de Grondsteen dann haut heimat geluecht gëtt.

Och si mir als LSAP frou, dass, am Kader vum Science Center, d'Stad Déifferdeng en Accord de principe ginn huet, fir zéng Milliounen Euro, verdeelt op verschidden Exercicer, bäizesteieren.

D'Konklusioune vun der LSAP an ech kéim zum Schluss vum Budget 2023: Bei der Presentatioun vum Budget viru 14 Deeg ass déi finanziell Situatioun vun der Stad Déifferdeng als ganz düster duergestallt ginn, mat wéineg Perspektive fir d'Zukunft. Jo, mir hunn eng Covid-Pandemie hanner eis an erliewen zurzäit d'Konsequenze vum Ukrain-Krich, dat wëlle mer net vergiessen.

Amplaz ze kräischen ass d'LSAP der Meenung, dass een zesumme mat eisem Personal op allen Niveauen an alle Servicer soll versichen, fir eis explodéierend Depensen am ordinäre Budget an de Grëff ze kréien. Wa mir de Logement wëlle fërderen, da steigt domadder eis Populatioun a gläichzäiteg ginn d'Bedierfnisser un Infrastrukturen an d'Luucht. Obwuel mer heifir finanziell Kompensatioune kréien, ginn dës, wéi scho gesot, awer nach laang net duer.

Am Plang vun den Investissementer ass et dofir wichteg, nei kreativ Weeër ze goen. Ech erënneren drun, dass mer zum Beispill zu Nidderkuer an d'Sportshal an der éischter Erweiderung vun der St. Pierre-Schoul sengersäits als LSAP mam Modell vun engem sougenannte Projektmanagementsverfaren zu enorm gudde finanzielle Konditiounen investéiert hunn. Och kann ee fir d'Stadentwécklung, jee no Projet, en Investor mat an d'Boot huelen, ouni sech dësem komplett auszeliwweren.

Dir, Madamm Buergermeeschter, hat bei der Virstellung vum Budget vun enger Pro-Kapp-Verscholdung vu 1.533 Euro geschwat. Dir hutt haut ausblécke gelooss – a mir sinn och där Meenung –, dass do nach Spillraum no uewen ass, dass déi Pro-Kapp-Verscholdung Spillraum no uewe léisst. Wa mer dann deen Emprunt compensatioire do materanhuelen, da kéinte mer tëschent 400 a 500 Euro, mengen ech, do méi héich kommen. Mee och dat ass nach net esou dramatesch.

Obwuel meng Fraktiounskolleegen nach schwätzen, kann ech Iech elo scho soen, dass d'LSAP de Budget 2023 an de Rectifié 2022 net stëmmt. Wéi all Joer kucke mer vu Fall zu Fall, wat fir Projeten an Initiative mer kënnen ënnerstëtzen a wéi eng mer op kee Fall kënnen akzeptéieren. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Den Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, léif Kolleegen aus dem Gemengen- a Schäfferot. „Wann et gutt geet, ass et einfach, Politik ze maachen." Ee Saz, deen oft gesot gëtt, mee deen awer net stëmmt. Nëmme wann een nohalteg a wäitsiichteg politesch Entscheedungen hëlt, wann et gutt geet, kann een och dann, wann et net esou gutt geet, nach politesch agéieren. Dorop wäert ech nach e puermol a menger Ried zréckkommen.

Als Gréng huele mer haut Stellung zum leschte Budget vun dëser Legislaturperiod. Ech probéieren, e Resümmee ze maachen iwwert déi ganz Period. Ech wäert dat iwwer d'Theeme Finanzen, Energie, Logement, Schoul, Maison relais a Sécherheet maachen an dës Theemen zesummen a menger Ried ernimmen.

Meng Kolleege ginn op déi aner, net manner wichteg, Punkten aus dem Budget an.

An de leschten 18 Joer – well esou laang sinn déi gréng schonn hei an der Majoritéit an an der Verantwortung –, hu mer eis Stad Déifferdeng nei opgestallt. Mir sinn um Wee, eng Uni- a Lycée-Stad ze ginn. Mir sinn eng Stad mat der gréisster kreativer Wirtschaft. Mir hunn de Wee ageschloen, fir de Logement aktiv ze gestalten. Eng sozial Stad ware mer scho méi laang, dat ware mer scho virdrun, dat hu mer bäibehalen an nach weider ausgebaut.

A punkto Naturschutz hu mer mat zwee Naturschutzgebidder an der grousser Natura2000-Zon grouss Deeler vun eiser Naturfläch geschützt. Eis Schoule goufen ausgebaut, neier gebaut, wou mer an d'Richtung Quartiersschoulen a Maison-relais-Infrastrukture gaange sinn.

Mam Campus Kannerbongert hu mer e Vorzeigeprojekt landeswäit geschaf, fir Schoul Maison relais a Crèche an der Natur ze offréieren.

A punkto Mobilitéit ware mer déi éischt, souguer weltwäit, déi e komplett elektresche Citybus haten. An och soss hu mer an der Mobilitéitspolitik mat eise Bierger zesummen e Richtungswiessel agelaut.

Am Energieberäich hu mer quasi alles iwwer Bord gehäit a sinn haut esou gutt opgestallt wéi wéineg aner Gemengen, wat dem Budget zegutt kënnt an der Ëmwelt nach vill méi.

Am kulturelle Beräich hu mer eis net eréischt mat Esch2022 e gudden Numm gemaach.

Ech schléisse mech also net der e bëssen antiquitärer Rhetorik vu mengem Virriedner un, dass dëse Schäfferot inkompetent an inaktiv gewiescht wär. Ech invitéieren eis Bierger a Biergerinnen, den Internetsite vun der Gemeng oder dee vun déi gréng Déifferdeng ze kucken an ze erkennen, wat alles geschafft gouf.

Erlaabt mer fir d'éischt e Bléck op d'Energie, ier ech op d'Finanze kommen, well d'Energie, an domadder och d'Präisdeierecht, e risegen Impakt op eis Finanzen hunn.

Ech hu mer an eise Servicer Zuele gefrot gehat, wéi mer do stéinge mat de Verbräich vun eise verschiddenen Zorte vun Energien an deene leschte Joren, och fir ze weisen, wat do geschitt ass.

Et muss ee bedenken, dass säit 2017 eng ganz Rei Gebaier bäikomm sinn. All Gebai, wat een a Betrib hëlt, brauch natierlech Energie a Ressourcen. Trotz deene villen neie Gebaier hu mer et fäerdegbruecht, eise Gaskonsum vun 1,6 Milliounen op 1,3 erofzedrécken. Trotz deenen neie Gebaier. D'Consommatioun vun de Pellets ass quasi konstant bliwwen. D'Consommatioun vum Bensinn ass ëm 30 % erofgaangen. Den Diesel ëm 10 % erofgaangen. D'Consommatioun vum Elektreschen ass erofgaangen trotz neie Gebaier.

Am Budget gesäit een nëmmen, dass d'Zuelen eropginn, mee dat ass, wat d'Elektresch kascht, net wat mer verbrauchen. An do weist sech: Wann een a gudden Zäite clever investéiert, een a schlechten Zäite vun dësen Investissementer profitéiere kann.

Zousätzlech zu de Verbräich hu mer et fäerdegbruecht, an der ganzer Legislaturperiod nach d'Produktioun vun Energien eropzesetzen. Photovoltaik ass haut op 760.000 Kilowattstonnen, wat scho ganz anstänneg ass.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *commence par une citation: « Il est facile de faire de la politique quand tout va bien ». Cette phrase souvent répétée est fausse. Il faut prendre des décisions durables et visionnaires quand tout va bien pour pouvoir continuer à agir quand ça va mal.*

*Georges Liesch va commencer par un résumé autour des thèmes des finances, de l'énergie, du logement, de l'école et de la sécurité.*

*En 18 ans, les écologistes ont transformé la commune. Differdange a des universités et des lycées. L'industrie créative s'est développée. Le collège échevinal est devenu actif sur le marché du logement. Les mesures sociales ont été préservées ou élargies.*

*Les écologistes ont protégé les espaces verts en créant deux réserves naturelles et une zone Natura 2000.*

*Le campus Kannerbongert est devenu un modèle pour le pays.*

*Differdange est devenue la première ville au monde à disposer d'un réseau urbain de bus entièrement électrique.*

*En ce qui concerne l'énergie, la commune a introduit de nombreux changements. Désormais, peu de villes sont aussi performantes que Differdange.*

*En matière de culture, Differdange a bonne réputation depuis longtemps.*

*Georges Liesch ne souscrit donc pas à la rhétorique dépassée de l'orateur précédent. Il suffit de se rendre sur le site internet de la ville ou de déi gréng pour voir tout ce qui a été fait.*

*Georges Liesch s'est renseigné auprès des services communaux quant à la consommation d'énergie au cours. En 2017, plusieurs bâtiments sont entrés en fonction. Malgré cela, la consommation de gaz et d'électricité a baissé et celle de pellets est restée constante. La consommation d'essence a baissé de 30 %, celle du diésel de 10 %.*

*Le budget ne montre que les prix. C'est-à-dire ce que la commune paye, pas ce qu'elle consomme. Cela signifie que si l'on investit de manière intelligente quand les choses vont bien, on profite des in-*

*vestissements quand les choses vont mal.*
*La majorité a aussi réussi à hausser la production d'énergies renouvelables. Les installations photovoltaïques produisent 760 000 kW/h.*
*La bourgmestre a beaucoup parlé de prudence. Georges Liesch a comparé le budget de Differdange avec celui des communes voisines d'une taille comparable. Differdange s'en sort bien.*
*La commune dispose d'un excédent ordinaire de 31 millions d'euros, qui peuvent être investis. À Bettembourg, il s'agit de 11 millions d'euros, à Esch-sur-Alzette de 17 millions d'euros, à Dudelange de 4 millions d'euros et à Schifflange de 10 millions d'euros. Malgré tout, il faut faire attention, car les dépenses ordinaires explosent. L'excédent pourrait fondre si les taux d'intérêt continuent de grimper.*
*C'est pourquoi le collège échevinal a eu raison de reporter deux projets importants. Cela ne signifie pas qu'ils sont annulés, mais il n'aurait pas été malin de s'endetter maintenant et de ligoter le prochain collège échevinal.*
*Un prêt de 13 millions d'euros est prévu. Le dernier prêt remonte à 2015. Les emprunts se chiffrent à 75 millions d'euros et remontent au bourgmestre Claude Meisch, à un moment où, en partenariat avec les écologistes, Aquasud et d'autres grands projets ont été réalisés.*
*Cinquante-cinq-millions d'euros serviront à préfinancer des projets de l'État comme l'EIDE ou le commissariat.*
*Differdange va contracter un emprunt de 13 millions d'euros. D'autres communes emprunteront 35 millions d'euros (Bettembourg), 125 millions d'euros (Esch) ou 40 millions d'euros (Dudelange). Un prêt n'a rien d'extraordinaire et en période d'inflation, il est important que les instances publiques continuent à investir.*
*Les frais de personnel représentent 52,8 % des dépenses ordinaires. Mais contrairement à d'autres communes, Differdange dispose de son propre personnel de nettoyage, de ses cuisiniers, de son service voirie… Pour d'autres communes, ces frais font partie du budget extraor-*

Op aner Projete kommen ech bësse méi spéit zréck.

Kucke mer eis de Budget un. Do hunn ech mer d'Aarbecht gemaach fir ze vergläichen, well d'Madamm Buergermeeschtesch eis e Bild gezeechent huet vun oppassen a virsiichteg sinn, wat mer als Gréng absolutt deelen. Wann ee sech d'Budgeten ukuckt vun eisen Nopeschgemengen, déi komparabel si vun der Gréisst a vun der Situatioun, da gesäit een, dass mer mol guer net esou schlecht do stinn.

Mir hunn effektiv en Iwwerschoss vun nach 31 Milliounen aus dem ordinäre Budget, wat jo bekanntlech dat ass, mat deem een nach vill investéiere kann. Wann ech dat vergläiche mat eisen Nopeschgemengen hei ronderëm, da leie mer do immens gutt.

Ech ginn Iech e puer Beispiller vu Gemengen, wou ech d'Budgeten online fonnt hunn: Beetebuerg 11 Milliounen, Esch 17 Milliounen, Diddeleng véier Milliounen, Schëffleng zéng Milliounen. Also mir leien do nach ëmmer immens gutt.

Trotzdeem ass et richteg, dass mer sollte virsiichteg sinn. D'Depensen am Ordinäre klamme rasant. Wann d'Zënslaaschten dann nach klammen, an dovunner kann een am Moment jo mol ausgoen, da kann deen doten Iwwerschoss schnell schmëlzen. An dann hu mer e Problem.

Duerfir si mer als Gréng der Meenung, dass de Schäfferot absolutt richteg gehandelt huet, wéi en d'lescht Joer zwee gréisser Projeten op Äis gesat huet, wat net heescht, dass se net wichteg sinn, dass se net solle realiséiert ginn, mee dass et à ce stade net clever wär, eng Verschëldung ze maachen, fir déi elo ze maachen an dem nächste Schäfferot soumat Fesselen unzeleeën, dass deen net méi manövréierfäeg wär.

Mir hunn also e Prêt virgesi vun 13 Milliounen. Mir haten ëfters e Prêt am Budget stoen, mee hunn en nach ni mussen ophuelen. 2015 war dee leschten Emprunt, dee gemaach gouf. Am Tablo vun den Emprunte fënnt ee 75 Milliounen Euro Emprunt, deen an der Zäit gemaach ginn ass, wou de Buergermeeschter Meisch Claude nach hei war, an déi gréng mat natierlech. Also eng Zäit, wou mer den Aquasud gebaut hunn a gréisser Projete gemaach hunn, Invester, déi gebraucht gi sinn.

Mir hu 55 Milliounen drastoen als Virfinanzéierung vu Projeten, déi dem Staat gehéieren, wou de Staat d'Gemeng als Bank benotzt, fir déi Projeten ze maachen. Jo, mir profitéieren och dovunner, well ouni dat hätte mer déi Projeten net esou séier ëmgesat kritt, wéi mer et als Stad gäre gehat hätten. D'EIDE, d'Policegebai sinn nëmmen e puer Beispiller dovunner.

Wann ech d'Emprunte kucke vun anere Gemengen, da leie mer och do relativ gutt. Mir huelen en Emprunt op vu viraussiichtlech 13 Milliounen. Aner Gemengen, wann ech do kucken: Beetebuerg 35 Milliounen, Esch 125 Milliounen, Diddeleng 40 Milliounen, dann, mengen ech, si mer do nach ëmmer um richtege Wee.

E Prêt maachen ass näischt Aussergewéinleches fir eng Gemeng. Au contraire, grad elo, wou d'Inflatioun klëmmt, an dat ass jo och an der Ried vum Staatsbudget erauskomm, ass et wichteg, dass d'ëffentlech Hand d'Investitiounen héich hält, fir der Inflatioun entgéintzewierken.

De Ratio vun de Personalkäschten, dee schonn ernimmt gouf, ass méi schwéier mat anere Gemengen ze vergläichen. Mir hunn e Ratio vun 52,8 %, mee et muss een awer wëssen: Déifferdeng huet säin eegent Botzpersonal, säin eegent Kichepersonal, säin eegene Service informatique a seng eege Leit, déi d'Müllabfuhr maachen. Wann ech dat vergläiche mat anere Gemengen, deene selwechte Gemenge wéi virdrun, ass dat net iwwerall de Fall. Deementspriechend falen déi Käschten net ënner Personal, mee déi stinn ënner Dépenses extraordinaires oder Dépenses ordinaires a verfälschen dee Moment dee Ratio. Duerfir ass dat net esou einfach ze vergläichen.

Ech hat just verglach mat Esch, déi sinn op engem Ratio vu 54,6, also liicht méi héich wéi eisen, déi eng änlech Situatioun hu wéi mir, déi och alles mat eegenem Personal maachen.

Recettes ordinaires. D'Dépenses ordinaires ginn erop, mee d'Recettes ordinaires weisen, wat een alles maache

kann. Mir hu Loyeren an de Recettes ordinaires stoe fir Terrainen, fir Gebaier, fir Commercen, fir de 1535°, fir Logement, déi och elo eropginn, fir Logement social, déi och eropginn. An och iwwert d'AIS Kordall kommen nach Recetten an eise Budget.

Wann et also gutt geet, huet d'Gemeng an deene leschte Joren investéiert a kann elo all Joer mat 4,4 Milliounen Euro Recetten u Loyer rechnen. Dat ass méi wéi verschidden aner Gemengen insgesamt als Iwwerschoss am Ordinär hunn.

Zousätzlech kommen dës Invester eiser Gemeng zegutt. Mat dësen Invester hu mer eise Foncier communal eropgesat. Dat si Gebaier, déi an der Gemengeproprietéit sinn. Doduerch sinn Aarbechtsplaze geschaaft ginn zu Déifferdeng, et sinn nei Geschäfter entstanen, vun deenen eis Bierger profitéiere kënnen, vill vun eise Bierger. Et si Wunnengen entstanen a besonnesch méi Sozialwunnengen. Esou vill also zu valabele Konzepter.

Jo, et ass gesot ginn, d'TVA, déi mer iwwert de Staat kréien, geet erof. Den ICC geet erof. Dat gëllt och fir déi aner Gemengen. D'Dotatioune ginn e gutt Stéck erop, och dat ass bei deenen anere Gemengen d'selwecht. Do hu mer keen Afloss drop, déi ginn iwwer e Schlëssel gerechent, a mir kréien dat, wat mer zegutt hunn.

Wann et gutt geet, da schaaft ee sech eng Mouk. Bei eis am Budget heescht dat Fonds de réserve. Dräi Milliounen hu mer agespuert an de Joren, wou mer eng ganz gutt finanziell Situatioun haten an déi dräi Millioune konnte mer elo asetzen a mir profitéieren haut nach dovunner.

Wann et gutt geet, baut ee Gebaier an et hëlt ee clever Decisiounen a wäitsiichteg Entscheedungen, wéi zum Beispill mam Kornascht, wéi zum Beispill mat der Bëschcrèche, wou mer en Deal gemaach hu mam Staat, dass d'Gemeng Déifferdeng d'Gebaier finanzéiert an de Staat dofir 100 % vun de Frais de fonctionnement a vum Personal iwwerhëlt. Haut wësse mer, dass d'Personal- an d'Funktionementskäschten enorm klammen. Déi Zäit, wéi mer gebaut hunn, waren d'Baupräisser nach an der Rei. Also hu mer och do gutt geschafft.

Kucken ech mer d'Dépenses ordinaires un, do hunn ech de Bléck drop gehäit, u wat net gespuert ginn ass. Well et hätt ee jo kënnen denken, dass een hei dann einfach mol mam roude Bic doduerch geet an déi Depenses ordinaires drastesch no ënne kierzt. Sécher ass plazeweis gespuert ginn.

Mee virun allem do, wou net gespuert ginn ass, an dat sinn oft kleng Beispiller, mee et weist awer, wéi wichteg déi Beispiller dann dem Schäfferot sinn, dass en déi Saachen net gekierzt huet: d'Budgetsposte fir Formation continue, fir Teambuilding, fir Déifferdeng, eng Stad hëlleft, Occupation de jeunes chômeurs, Occupation vu Studenten an de Vakanzenzäiten, Subventioune fir Jugendhaiser, e Service jeunesse, dee mer opgebaut hunn, eis Allocation de solidarité, déi nach eng Kéier eropgeet op 1,9 Milliounen Euro, den Apport zum CIGL. E CIGL, deen eng, géif ech emol soen, zimmlech exklusiv gréng Handschrëft dréit an deem säi Succès net méi aus Déifferdeng ewechzedenken ass, well e jiddwerengem zegutt kënnt. Och déi sinn net erofgesat ginn.

Repas sur roues ass eppes, wou mer der Meenung sinn, dass een dat Konzept eng Kéier sollt nei iwwerdenken. Dat wär vläicht en Optrag un de Schäfferot, fir am Joer ze kucken, ob een do net aner Konzepter kéint fannen.

An de Kantinnen, an de Crèchen, an de Maison-relaise setzt de Schäfferot weider op bio, regional Produkter. Jo, déi kaschten e bësse méi, mee et ass awer eng wichteg Decisioun, déi hei geholl gëtt.

Och um sportleche Plang ass net gespuert ginn. Tour de Luxembourg kënnt zréck op Déifferdeng, Steel-Run, den i-Run, dee wierklech eng flott Course ass, bleift zu Déifferdeng, gëtt nach weider organiséiert. A besonnesch de Spodi, en neit Konzept, wou mer et fäerdegbruecht hunn, dass d'Kanner an der Mëttegpaus Sportsaktivitéite mat de Veräiner kënne maachen, well hei gewënnt jiddwereen.

Also flott Projeten, déi net gestrach gi sinn, au contraire, déi also nach weider gestäerkt goufen.

Kucken ech mer d'Recettes extraordinaires un, och do hu mer Recetten.

*dinaire et modifient le rapport. Esch-sur-Alzette, qui gère tout elle-même comme Differdange, a un rapport de 54,6 %.*

*La commune perçoit des loyers pour des terrains, des bâtiments, des commerces, le 1535°, des logements, les logements sociaux, etc. Grâce à ces investissements, la commune peut désormais compter sur des recettes annuelles de 4,4 millions d'euros. C'est plus que l'excédent ordinaire de certaines communes.*

*Le nombre de bâtiments que la commune possède a grimpé. Cela a permis de créer des emplois et d'ouvrir des commerces, dont les citoyens profitent. Des logements et des logements sociaux ont vu le jour.*

*La TVA et l'impôt commercial vont baisser comme pour les autres communes. La dotation va augmenter comme pour les autres communes. Differdange ne peut pas influencer la clé de répartition.*

*Quand les choses vont bien, il faut mettre en place un fonds de réserve. Aujourd'hui, la commune peut profiter des trois-millions d'euros mis de côté.*

*Quand les choses allaient bien, la commune a construit le Kornascht et la crèche en forêt en accord avec l'État, qui finance les frais de fonctionnement et le personnel. C'était une bonne décision, car les frais de personnel et de fonctionnement grimpent.*

*En regardant les dépenses ordinaires, Georges Liesch se demande où l'on pourrait faire des économies. Mais il est tout aussi intéressant d'analyser où le collège échevinal a décidé de ne pas en faire : la formation continue, l'aide humanitaire, l'occupation des jeunes chômeurs, les maisons des jeunes, l'allocation de solidarité, le CIGL…*

*Les écologistes estiment que le concept du Repas sur roues devrait être revu.*

*Dans les cantines, les crèches et les maisons relais, le collège échevinal mise sur les produits biologiques régionaux même s'ils sont un peu plus chers.*

*Pour ce qui est du sport, Georges Liesch mentionne le Tour de Luxembourg, le Steel-Run, l'i-Run, une course vraiment chouette, et le*

*Spodi, un concept permettant aux enfants de pratiquer du sport pendant la pause de midi. Pour Georges Liesch, il s'agit de beaux projets, qui n'ont pas été annulés, mais renforcés.*
*Pour ce qui est des recettes extraordinaires, la commune touchera 75 % des frais engagés pour Karro et ses 45 logements pour séniors. La subvention pour Gravity se monte à 28,5 millions d'euros. Il s'agit là d'investissements importants et intelligents. Le collège échevinal précédent a posé les jalons et le collège échevinal actuel a poursuivi le travail. En effet, ce sont des projets prenant plus qu'une seule période législative.*
*La SportFabrick est entrée en fonction et sera acquise par l'État. Sans le label City of Sport, cette structure n'aurait jamais été construite à Differdange. Les infrastructures sportives à Differdange sont réalisées dans les règles de l'art et il existe des activités sportives pour tout le monde.*
*Quand les choses vont bien, un collège échevinal prend des décisions qui porteront leurs fruits les années et décennies suivantes. Net0cities en est un exemple. Il traverse comme un fil rouge les domaines de l'informatique, de l'urbanisme, de l'économie, de l'énergie, des déchets, etc. Differdange est la seule ville luxembourgeoise choisie.*
*Cette année servira à élaborer des concepts. Le prochain collège échevinal sera chargé de la réalisation. Le suivant en tirera tous les bénéfices.*
*La rénovation de la maison Moderne montre que le collège échevinal précédent a pris la bonne décision. Pour avoir un impact sur le terrain, la commune doit être présente. Le collège échevinal a acquis des bâtiments dans le centre et a ouvert de nouveaux magasins. C'est grâce à cette politique que Differdange compte encore quelques commerces, qui payent un loyer social. Georges Liesch mentionne la maison Glauden.*
*Le projet Fusilli démontre que Differdange voit plus loin que le bout de son nez. Le Festival antigaspi il y a deux semaines a montré comment on peut inciter les gens à par-*

Iwwert de Karro kréie mer 75 % fir déi 45 Logementer fir d'Senioren. D'Konzept ass also do. De Gravity: 50 Logementer fir Studente vun der Miami, 80 Logementer à prix réduit mat Parkplazen. An do kréie mer eng Subventioun vun 28,5 Millioune bei engem Invest vu 40 Milliounen. Soudass dat d'Gebai do eis nach netto 11,5 Millioune kascht huet.

Och dat si wichteg a gescheit Investitioune gewiescht, déi mer hei gemaach hunn.

Jo, dee leschte Schäfferot huet dorunner geschafft, huet do d'Base geluecht. An dëse Schäfferot huet dat weidergefouert. Dat si Projeten, déi effektiv méi laang dauere wéi eng Legislaturperiod. An et ass och gutt, dass e Schäfferot Decisiounen hëlt, déi méi laang wierke wéi eng Legislaturperiod.

D'Sportsfabrick huet hire Betrib opgeholl a gëtt elo vum Staat ofkaf. Och dat fanne mer bei de Recettes extraordinaires. Sportsfabrick, e Projet, ouni deen de Label City of sports wuel ni op Déifferdeng komm wär. E Projet, deen also effektiv vun dëser Gemeng hei ëmgesat gouf an dozou bäidréit, dass eis Sportsinfrastrukturen op engem Top-Niveau sinn an d'Offer u Sportsméiglechkeete fir jiddwereen hei zu Déifferdeng grouss ass.

D'Dépenses extraordinaires sinn natierlech och wichteg. Wann et gutt geet, dann hëlt een an den Dépenses extraordinaires Entscheedungen, déi nohalteg sinn, déi dësem, mee virun allem deem nächsten a warscheinlech souguer dem iwwernächste Schäfferot wäerten zegutt kommen. NetZeroCities ass eng vun deene gudden Entscheedungen, déi mer geholl hunn.

E Projet, dee sech wéi e grénge Fuedem duerch eise Budget zitt, an all Service verankert ass: Informatik, Urbanismus, City-Management, Gestion de déchets, Ekonomie, Energie, Environnement. An all Budgetsposte fënnt een dat. Dat weist d'Wichtegkeet, déi de Schäfferot dësem Projet gëtt. Ech wëll drun erënneren, dass Déifferdeng déi eenzeg lëtzebuergesch Stad ass, déi an dem europäesche Projet vun 100 europäesche Stied zréckbehale gouf. An dat hat sécher seng Grënn.

Dëse Projet muss ambitiéis duerchgeschafft ginn. An dësem Joer geet et drëm, Konzepter auszeschaffen, Etüden ze maachen, fir ze kucken: Wat kann een alles maachen, dass mer karbonfräi ginn? Deen nächste Schäfferot muss mat un der Exekutioun schaffen, dass mer déi Ziler erreechen. Deen iwwernächste Schäfferot wäert massiv vun dësem Projet profitéieren.

Ech picke mer nach e puer Saachen eraus, déi ech wierklech interessant fannen an den Dépenses extraordinaires.

Ënner anerem d'Renovatioun vun der Maison moderne. Et weist, dass dëse wéi och schonn dee virege Schäfferot eigentlech déi richteg Decisioun geholl hunn a gesot hunn: Mir mëschen eis an an d'Commerce-Landschaft vun Déifferdeng. Wa mer zu Déifferdeng wëllen en Impakt hunn, da musse mer e Player sinn op deem Terrain an net nëmmen e Visiteur, deen nokuckt.

Dee leschten an dëse Schäfferot hunn dat op jidde Fall gemaach. Mir hunn e ganze Koup Gebaier, Geschäfter am Zentrum vun Déifferdeng kaf an nei Konzepter dragesat, nei Geschäfter dragemaach, déi haut nach ëmmer funktionéieren. Déi dozou bäidroen, dass een zumindest zu Déifferdeng nach eng Partie Geschäfter huet, déi gutt funktionéieren an déi e soziale Loyer fir hir Geschäfter bezuelen. Dorënner fält och, dass mer d'Maison Glauden lounen a weiderverlounen.

Den europäesche Fusilli-Projet, e Vorzeigeprojekt, wou mer erëm eng Kéier weisen, dass mer méi wäit denke wéi just eis Nuesespëtzt. Et geet an dësem europäesche Projet ëm den Ëmgang mat eiser Alimentatioun. Den Antigaspi-Festival, deen elo hei virun zwou Woche war, ass et gutt Beispill, wéi een d'Leit ka mat op de Wee huelen. Also och punkto Participatioun, wéi een d'Leit ka mat op de Wee huelen, fir do e Sënneswandel ze maachen an an eng nei Richtung ze goen.

Ech kommen net dolaanscht, de 1535° ze ernimmen. All Budgetsried hu mer de 1535° an eiser Budgetsried integréiert. An zu Recht. Dës Joer ass de Bâtiment B fäerdeg ginn. Elo kënnt nach den Extérieur an dann ass dat

Konzept eigentlech esou ëmgesat ginn, wéi et ugeduecht war.

E klenge Resümmee, Stand 31. Dezember: D'lescht Joer hate mer 70 Aktivitéiten. Dat si 70 kleng Entreprisen, déi an der Kreativwirtschaft schaffen, mat engem Effectif vun iwwer 500 Leit, déi do schaffen. A mam Bâtiment B, wat elo a Betrib ass, wäerten nach eng Partie bäikommen.

Punkto Energie hu mer et fäerdegbruecht, an deene leschte Joren, wéi ech schonn uganks gesot hunn, eis immens gutt opzestellen. Am Budget fënnt ee weider Moossnamen, déi dozou bäidroe wäerten, dass mer eis Energie selwer produzéieren an eisen Energieverbrauch erofsetzen.

De Wandpark, wou mäi Virriedner gesot hat, mir hätten deen an de Sand gesat, steet nach ëmmer dran. Do ass – ausser d'LSAP hätt do méi Informatioune wéi mir – dat lescht Wuert nach net geschwat. D'Gemeng Déifferdeng wäert sech net ginn a weider probéieren, dëse Wandpark ze realiséieren.

Agrophotovoltaik, en neien interessante Projet, wou mer vläicht hei zu Lëtzebuerg Pionéier wäerte ginn, wa mer déi éischt Anlag dovun a Betrib huelen.

Geothermie fir eise BHKW ze ersetzen an, immens interessant, eng Pelletsproduktioun, wou mer et fäerdeg géife bréngen, aus eiser nohalteger Bëschgestioun Pellets ze maachen. Dat wär en interessante Projet, deen een och kéint regional gesi mat anere Gemengen. A firwat net och mat eisen Nopeschgemengen déi aner Säit, mat Héiseng, mat Zounen, wou ganz grouss Bëscher sinn, mat deenen een also kéint zesummeschaffen.

Mesurë fir energeetesch Sanéierunge ginn eropgesat. Och dat weist, dass de Schäfferot hei déi richteg Decisioune geholl huet, fir d'Leit ze sensibiliséieren, weider Invester ze maachen an Energie ze spueren a se dobäi finanziell ënnerstëtzt.

E ganz wichtege Projet ass den Ëmbau vum Rond-point Nidderkuer duerch Luuchten. Dëst dréit net nëmmen zur Sécherheet bäi fir d'Schoulkanner, déi all Dag do an d'Schoul ginn, mee et dréit och dozou bäi, dass d'Mobilitéit besser wäert funktionéieren.

Mir hunn dat hei zu Déifferdeng gesinn, wéi mer de Rond-point op Luuchten ëmgebaut hunn. Dat wäerte mer natierlech och dann zu Nidderkuer gesinn, wa mer do op Luuchten iwwerginn, dass den Trafick, zumindest a Spëtzestonnen, besser wäert funktionéiere wéi elo mam Rond-point. Grad dann, wann d'Schoulen un- oder ausginn.

Deen neie CID, eng wichteg Decisioun, en Invest, deen net zréckgesat ginn ass. Dat begréisse mer, well d'Infrastrukture vum CID eis vill kaschten. Wann ee mol eng Expertise géif maache loossen, wat eis dat kascht, well mer op esou ville Sitten alles verdeelt hunn, da wäerte mer och do nohalteg schaffen, well deen neie CID alles regruppéiert an d'Depensë staark dréckе wäert.

Mir kafen d'Spuerkeess-Gebai a vum „Miwwelchen" de Rez-de-chaussée. Erëm e Beispill, wou dës Gemeng seet: Mir sinn Acteur, mir gestalten eis Duerfkären, mir kucken net nëmmen no.

De Vëloswee Nidderkuer-Péiteng, d'Renovatioun vum Stade Thillebierg, e Patrimoine, deen, mengen ech, jiddwereen hei zu Déifferdeng kennt a schätzt. Nëmmen e puer flott Projeten, déi mer an deem Budget hei erëmfannen.

D'Renovatioun an d'Extensioun vun der École des filles zu Nidderkuer. Hei wär et flott, wann een d'Jongeschoul an d'Meedchersschoul, déi historesch flott sinn, wann een do aner Nimm géif fannen. Dass ee vläicht kéint d'Schülerkommiteeën opruffen, fir Proposen ze maachen. Verschidde Schoulen hu schonn en Numm, anerer nach net. Dat wär interessant.

Bref, dëse Projet schreift sech an eng Linn an, déi dee virege Schäfferot an dëse Schäfferot zum Deel scho geholl hunn. Mee dëse Schäfferot huet dat awer mat Dynamik a mat Aktionismus weidergefouert an huet nei Akzenter nach dobäigesat an deene Punkten, déi ech elo probéiert hunn hei ze beliichten. Als Gréng, dat kann ech schonn hei soen, ouni mengen Noriedner vu menger Partei virzegräifen, wäerte mir dëse Budget stëmmen.

*ticiper aux questions de l'alimentation.*
*Georges Liesch passe au 1535°, un projet qu'il mentionne lors de chaque débat budgétaire. Le bâtiment B est terminé. Il reste à aménager l'extérieur.*
*Au 31 décembre dernier, le 1535° comptait 70 activités créatives employant plus de 500 personnes. D'autres vont s'installer dans le bâtiment B.*
*En matière d'énergie, Differdange est bien placée. Le budget prévoit d'ultérieures mesures permettant à la commune de produire de l'énergie et de baisser sa consommation.*
*Le parc éolien continue à figurer dans le budget. Les socialistes ont-ils d'autres informations ?*
*La commune pourrait devenir pionnière dans le domaine de l'agrophotovoltaïque. La géothermie devrait remplacer les centrales de cogénération. Georges Liesch propose de produire des pellets avec les communes voisines et, pourquoi pas, avec Hussigny et Saulnes, qui comptent de nombreuses forêts.*
*Le budget pour les mesures d'assainissement énergétique augmente. Cela démontre que sensibiliser les gens au gaspillage énergétique était une bonne décision.*
*La transformation du rondpoint de Niederkorn en carrefour avec des feux tricolores renforcera la sécurité des piétons. Les feux tricolores à Differdange ont démontré qu'ils fonctionnent mieux qu'un rondpoint aux heures de pointe.*
*Le nouveau CID constitue un bon investissement, car disposer de nombreux sites répartis à travers la ville coute cher.*
*La commune va acheter la* BCEE *et le Miwwelchen. Elle veut être un acteur dans le centre des localités.*
*Georges Liesch mentionne ensuite les pistes cyclables, la rénovation du Thillebierg…*
*Il passe ensuite à l'extension de l'école des Filles de Niederkorn. Dans ce contexte, il propose de changer le nom de l'école des Filles et de l'école des Garçons. D'autres écoles ont déjà un nom.*
*Le budget s'inscrit dans la continuité de ce qu'avait lancé le collège échevinal précédent. Le nouveau collège échevinal apporte le dyna-*

*misme nécessaire à la réalisation des projets. Les écologistes approuveront le budget.*
*Georges Liesch remercie tous ceux qui ont contribué à la rédaction du document. Les services réalisent un travail excellent. Il remercie également les services à qui il a demandé des données et qui ont réagi rapidement. Cela permet aux conseillers communaux de se baser sur des faits et non sur des rumeurs ou des demi-vérités. Enfin, Georges Liesch remercie les services qui exécuteront ce budget. Sans leur travail compétent, Differdange n'aurait pas de budget, pas de net0cities et pas de projets. Les hommes politiques ont des visions et posent des jalons, mais il faut des gens compétents pour les mettre en musique sur le terrain.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souligne les fluctuations entre le budget initial 2022 et le budget définitif 2022. Certaines explications sont plausibles ; d'autres le sont moins. Ce n'est d'ailleurs pas la première fois.*
*Le porte-parole du DP va prendre position quant au budget en se concentrant sur les points qui lui tiennent à cœur.*
*Il remercie tous les fonctionnaires ayant élaboré le document ainsi que les services communaux, le personnel enseignant et les éducateurs pour leur engagement. Il leur souhaite d'ores et déjà de bonnes fêtes.*
*Le budget est le document communal le plus important, car il dicte le fonctionnement de la commune. Et plus une ville est grande, plus la responsabilité est conséquente. La troisième ville du pays gère des sommes considérables. Les budgets ordinaire et extraordinaire représentent quelque 210 millions d'euros. C'est pourquoi les documents doivent être étudiés avec sérieux.*
*François Meisch s'attend à des réponses à long terme pour faire face aux défis. Dans quelle direction la commune va-t-elle se diriger au cours des prochaines années ? Comment lutter contre le chômage ? Comment offrir les meilleures chances possibles aux enfants ?*

Zum Schluss ee grousse Merci un all d'Servicer, déi gehollef hunn, dëse Budget opzestellen. Dat ass ëmmer eng stresseg Aarbecht, dat weess ech. Eis Servicer maachen do wierklech eng exzellent Aarbecht. Un all d'Servicer, déi ech Donnéeë gefrot hunn an déi ëmmer extreem séier kritt hunn an extreem kompetent Äntwerte kritt hunn. Dat hëlleft engem Gemengerot, eng Ried ze halen, déi op Fakte baséiert an net op Rumeuren oder op Hallefwourechten. Dofir e ganz grousse Merci un all déi Servicer, déi mech mat Zuele gefiddert hunn, wann ech se gefrot hunn.

Virun allem awer och e grousse Merci un all d'Servicer, déi schlussendlech dëse Budget, an och déi Budgete virdrun, exekutéiert hunn. Well wa mer net déi kapabel a kompetent Leit op der Gemeng schaffen hätten, déi mer hunn, dann hätte mer net dëse Budget, mir hätte keen NetZeroCities a mir hätte vill aner Projeten net. Dofir e grousse Merci u si. Mir kënnen als Politik wuel Weiche setzen, hinnen eis Visiounen erklären, mee mir brauchen um Terrain Leit, déi dat dann och a Musek ëmsetzen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Wuert. Léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer a Lieser, d'Eckdate vum Budget sinn elo bekannt. Wat de Rectifié 2022 betrëfft, gëtt et gréisser Schwankungen, wann een de Verglach mam Initial mécht. Plazeweis gëtt et verständlech Erklärungen oder Argumenter, op anere Plaze manner. Dat war schonn oft esou, dat blenden ech awer de Moment emol aus.

Als Spriecher vun der Demokratescher Partei Déifferdeng huelen ech Stellung zum Budget 2023. Ech konzentréiere mech op déi Punkten, déi eis am meeschten um Häerz leien. Zäitlech faassen ech mech esou kuerz, wéi et geet.

Am Numm vun eiser Partei wollt ech als Éischt alle Beamte Merci soen, déi um Budget geschafft hunn. Alle Leit aus der Administratioun, vun alle Servicer an Déngschter, souwéi dem Léierpersonal an de Schoulen, den Opfaangstrukturen, soe mir och Merci, fir all déi Aarbecht, déi 2022 ënner, alt nach eng Kéier, komeschen an oft schwierege Bedéngunge geleescht gouf. Trotz allem wënsche mer schéi Feierdeeg elo schonn.

Dat wichtegst Dokument, iwwert dat hei am politesche Joer diskutéiert gëtt, ass de Budget vun der Gemeng. Domadder steet a fält d'Funktionement vun enger Stad. Wat eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttgréisst Stad am Land, hu mer follglecherweis zolidd Zomme vu Suen ze geréieren. Wa mer déi ordinär an extraordinär Ausgaben zesummerechnen, komme mer wäit iwwer 210 Milliounen Euro. E gewëssene Seriö ass deemno verlaangt vun eis alleguer, dat, fir sech mat deem Dokument ze beschäftegen an déi Analys mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchzeféieren. Alles anescht wär onverantwortlech.

An engem Budget erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen, Léisunge fir déi grouss Erausfuerderungen, virun deenen d'Stad Déifferdeng nach ëmmer steet: Wou soll eis Gemeng an den nächste Joren histeieren? Wéi kënne mer besser op déi sozial Schiflag an eiser Gemeng awierken an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage bekämpfen? Et geet och drëms, alle Kanner gerecht Zukunftschancen ze bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen.

Op Industriefrichen, déi brooch louchen, sinn nei Aarbechtsplazen a ganz verschiddene Beräicher entstanen. Mir hunn enormt Potenzial, wa mer alles richteg upake. Bescht Beispill eis Kreativfabrick. Honnerten Aarbechtsplaze sinn entstanen an déi verschiddenst Startuppen a kreativ Kënschtler hunn a wäerte weider, hoffentlech, Déifferdeng kenneléieren an entdecken. Lescht Fléckaarbechte stinn nach un, an dann

ass dee ganze Komplex beschtens gerüst.

An eisen Aen ass dofir elo de Moment, e weidert Standbeen vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoen ze loossen. Elo missten d'Weiche gestallt ginn, fir Déifferdeng an Zukunft wirtschaftlech op staark Pilieren ze stellen, fir kloerzemaachen, datt d'Gemeng dat als eng grouss Prioritéit ugesäit, weider nei Aarbechtsplazen op hirem Terrain ze schafen, fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden an déi wirtschaftlech Aktivitéit am Land ze dezentraliséieren.

Schaffen a Wunne méi nobrénge färdert d'Mobilitéit. Wann eng Majoritéit de Wëlle kloer dokumentéiert, dann hunn déi ekonomesch Acteure Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng. Och muss d'Geschäftswelt an déi Diskussioune matagebonne ginn. Mir brauchen zesummen Iddien a Kreativitéit, fir d'Beliewe vum Déifferdenger Stadkär. Fir dass déi traditionell Geschäftsstroossen, déi nach iwwreg sinn, bestoe kënnen, musse mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an Déngschtleeschtungen ausgeschafft ginn: der Gemeng, de Geschäftsleit, de Proprietären a sou weider.

Datt dat kéint mam Comité d'accompagnement économique geschéien, eng Visioun vun der Stadentwécklung an dësem Beräich ze entwéckelen, déi gëtt et just nach um Pabeier. Säit laangem leeft do leider guer näischt méi.

En zweet Standbeen vun der Kreativwirtschaft am Zentrum kéint zu engem Beliewe bäidroen. Zousätzlech oder alternativ dozou kéint een e ganz neit Konzept beim Verloune vu Surfaces commerciales ausschaffen, zum Beispill dem Geschäftsmann à la base just d'Chargë verrechnen an duerno, wärend den éischte Joren, mat engem gewëssene Prozentsaz un engem eventuelle Benefice bedeelegt ginn. Nei Konzepter, nei Iddie gi gebraucht. Do kënne mer eis d'Käpp zesummestrecken.

Eidel Geschäftslokaler opkafen oder lounen ënnerstëtze mer, mee eng generell Iddi feelt eis nach. Beispillsweis engagéiere mer eis d'Glaudenhaus, vun eisem Frënd, fir néng Joer fest ze lounen. Dat sinn iwwer 300.000 Euro am Nachhinein. Mir hunn awer nach keen direkt fir dran, zumindest wësse mir näischt. A wann, bleift deen dann direkt fir néng Joer, wou mer eis engagéiert hunn? Dat schéngt eis e grousse Risiko an trotzdeem vill Geld, wat mer do engagéieren, fir eppes, wat eis herno net gehéiert.

Zréck zu de Finanzen. Vun der Gemengefinanzreform huet d'Stad Déifferdeng bekanntlech profitéiert. Vum Fonds de dotation globale des communes krute mer bis Corona e gudde Batz méi wéi virun der Reform. Duerch d'Pandemie an duerch déi aktuell Kris war an ass nach vill Ongewëssheet.

D'Gemengeschold ass, trotz ganz zolitten Investitiounen an de leschten zwanzeg Joer, de Moment nach iwwerschaubar. Enn 2022 wäerte mer eng Schold vun e bëssi iwwer 105 Milliounen Euro hunn, wat eng Pro-Kapp-Verscholdung vun 3.567 Euro bedeit. Dat awer, wa mer d'Virfinanzementer fir de Staat, d' Policegebai, EIDE an esou weider matarechnen. Deemno wéi kënnt 2023 awer nach e Batz derbäi.

Beim Amortissement vun der Schold leie mer ënner dem Seuil maximal autorisable vun 20 % vun den Dépenses ordinaires.

Allerdéngs schléisst een normalerweis zum Schluss vun enger Legislaturperiod seng Projeten of. Hei geet et awer elo monter weider: Iwwer 23 Milliounen Euro fir d'Renovatioun vun der Uewerkuerer Sportshal, en neie Site a Gebai fir eise Service technique fir Initial 70 Milliounen Euro, d'Bockschoul 41,3 Milliounen Euro, fir nëmmen déi ze nennen. An ouni un d'Inflatioun op de Matière-premièren, déi üblech Supplements par rapport zum Devis, ze denken. Do hu mer jo schonn héieren, dass do nach vill wäert no uewen explodéieren.

Vill Verspriechen aus dem Koalitiounsaccord si bis haut nach net sprochräif. Et fënnt ee se och net an dësem leschte Budget.

Fir mech ass dat eng finanziell Hypothéik fir déi nächst politesch Ekipp. Déi fänke mat engem neien Emprunt vu viraussiichtlech 13 Milliounen Euro un,

*De nouveaux emplois ont vu le jour sur les friches industrielles. Le potentiel est énorme. François Meisch cite l'exemple de la fabrique créative où des centaines d'emplois ont été créés. Des travaux de réparation sont encore en cours. Le moment est venu de chercher un site supplémentaire pour l'industrie créative. Il s'agit de renforcer les piliers économiques de Differdange et de démontrer l'importance de créer des emplois dans la ville. Si les responsables politiques documentent clairement leur volonté, les acteurs économiques leur feront confiance.*
*Le commerce doit être inclus dans les discussions. Il faut des idées et de la créativité pour dynamiser le centre-ville et préserver les rues commerçantes qui existent encore. Le Comité d'accompagnement économique pourrait se charger de développer une vision pour le développement urbain. Mais depuis longtemps, plus rien n'est fait.*
*Un deuxième site pour l'industrie créative dynamiserait le centre-ville.*
*Il faut aussi un concept pour la location des surfaces commerciales. François Meisch propose de ne facturer que les charges les premières années et de prélever un pourcentage des bénéfices. Les démocrates sont d'accord pour acheter des locaux, mais il manque une idée générale. Louer la maison Glauden pour 9 ans par exemple représente un investissement de 300 000 €. Or le collège échevinal n'a pas encore trouvé de locataire et il n'est pas certains que celui-ci restera neuf ans.*
*Differdange a profité de la réforme des finances communales. Le fonds de dotation a augmenté. L'endettement est maitrisé. Fin 2022, la dette se monte à 105 millions d'euros ou 3767 € par tête d'habitant en tenant compte des différents préfinancements. Pour ce qui est de l'amortissement, Differdange se situe en dessous de ce qui est autorisé, c'est-à-dire 20 % des dépenses ordinaires.*
*Cependant, la majorité est censée terminer ses projets en fin de période législative. Mais le collège échevinal lance des projets comme la rénovation du centre sportif*

*d'Oberkorn, le CID, l'école du Bock… Avec l'inflation, les prix risquent d'exploser. Et en plus, la majorité n'a pas tenu toutes ses promesses électorales. Bref, le collège échevinal hypothèque le travail de la prochaine majorité, qui commencera avec un emprunt de 13 millions d'euros.*
*Pour ce qui est du report de certains projets, les priorités sont mauvaises. François Meisch rappelle que le parking de la place Nelson-Mandela a été présenté au public en 2017.*
*Par ailleurs, le moment est venu de plafonner les honoraires. Pourquoi les honoraires des architectes et des ingénieurs devraient-ils augmenter quand les matières premières deviennent plus chères ? Le syndicat des communes devrait trouver une solution.*
*Les salaires dépassent 50 % des dépenses ordinaires. Le plafond est donc atteint. Le personnel actuel doit garantir le bon fonctionnement des services communaux.*
*La commune perçoit chaque année des loyers à hauteur de près de cinq-millions d'euros. C'est une bonne chose.*
*Les recettes extraordinaires comprennent des subsides qui n'ont même pas encore été demandés. Par exemple pour les logements pour séniors de Karro, un bâtiment occupé actuellement par les réfugiés ukrainiens. La commune ne va pas expulser ces gens avant que la situation dans leur pays ne s'améliore. Dans ces conditions, l'État va-t-il réellement verser huit-millions d'euros ?*
*Il faut continuer à investir dans l'enseignement même si les devis font peur.*
*Si le collège échevinal ne finit pas par s'intéresser au Lommelshaff, il va tomber en ruines. François Meisch propose d'y aménager des ateliers protégés.*
*Où en est le centre Médicosocial ? Il n'est plus question des travaux dans le budget.*
*François Meisch passe au réaménagement de la rue Wangert. Qu'en est-il de la sécurité des riverains ? Que dit SUDenergie au sujet du réseau de gaz ? Le collège échevinal doit se renseigner pour voir si une commune peut réaliser des travaux*

fir dat ze finanzéieren, woufir sech virdrun engagéiert gouf.

Wat d'Zrécksetzen oder d'Opgi vu Projeten ugeet, hätte mer allerdéngs aner Prioritéite gehat. Ech denken do un de Parking op der Place Nelson Mandela. Den ënnerierdesche Parking op der Mandela-Plaz gouf der Ëffentlechkeet scho virun de leschte Gemengewalen am Joer 2017 mediewierksam virgestallt.

Wa mer bei de groussen Investitioune sinn, erwänen ech nach eemol, dass ech eng Deckelung vun den Honorairen an d'Ae faassen. Et ass net onbedéngt gerechtfäerdegt, dass bei Architekten oder Ingenieursbüroen d'Honorairen an d'Luucht ginn, wann d'Präisser vu beispillsweis Matières premières klammen. Méi spéit an dëser Sitzung stëmme mer en Dekont, wou genau dat de Fall ass. Doriwwer kéint de Syndikat vun de Gemenge sech emol Gedanke maachen, wéi een do kéint virgoen, fir deem entgéintzewierken. Et deet einfach wéi, wann een dat gesäit, do wäerte mer eis sécher eens sinn.

Bei de Paie leie mer mëttlerweil gutt iwwer 50 % vun den Dépenses ordinaires. Dat musse mer awer elo am A behalen. De Plaffong ass erreecht. Mam aktuelle Staff muss et méiglech sinn, een héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren, also och um sougenannten Déngscht um Bierger.

Ze betoune bleift nach, dass mer mëttlerweil bal fënnef Milliounen Euro u Loyer anzéien. Do kënnt eis zegutt, dass déi richteg Weiche gestallt goufen. Op där Schinn gëtt jo weidergefuer, wat mer begréissen.

Punkto Finanzen nach d'Remark, dass bei de Recettes extraordinaires eng ganz Rei Subsiden opgefouert ginn, déi awer mol nach net ugefrot goufen respektiv et net zumindest een Accord de principe gëtt oder wou nach aner Froen opstinn.

Beispillsweis ginn aacht Milliounen Euro staatlech Subside budgetiséiert fir 45 Logements pour séniors am sougenannte Karro, dem fréiere Gulliver-Tower, wou Flüchtlinge vum grausamen Ugrëffskrich vu Russland an d'Ukrain eng Noutléisung fonnt hunn. Déi geheie mer jo net eraus, soulaang d'Situatioun an hirem Heemechtsland déi ass, déi se leider nach ass.

Dofir konkreet d'Fro: Gëtt deen am Budget agesate Subsid vun aacht Milliounen Euro vum Staat och ausbezuelt, wann d'Situatioun sou bleift, wéi se elo ass an d'Logementer fir d'Senioren nach net kënnen ëmgesat ginn? Dat wär jo awer e gréissert Lach an de Recetten.

An d'Schoulinfrastrukturen investéieren ass néideg a richteg, och wann d'Devisen een dach emol schonn erféiere loossen. Handlungsbedarf besteet weiderhin. A verschiddene Quartiere platzen d'Raimlechkeeten aus allen Néit.

De „Lommelshaff", wa mer weider näischt ënnerhuelen, fäerten ech, dass verschidden Elementer vum selwen an de Koup falen. Do muss dréngend eppes geschéien. Wann et eis géif nogoen, géif ee sech Gedanke maachen iwwer eventuell Ateliers protégés op deem Site a mat den Acteuren aus deem Secteur Diskussioune sichen.

D'nächst Fro zum Centre médico-social an der Groussstrooss: Wéi ass do den aktuelle Stand? Virun enger Zäitche waren do Aarbechten ugeduecht. Am neie Budget liest een näischt méi iwwert dat Gebai an et héiert een och soss näischt. Ass do eppes a Planung oder loosse mer dat emol einfach esou stoen?

Aner Elementer iwwersprangen ech. Nach e Wuert zum Reamenagement vun der Rue Wangert. Kloer gouf et do Differenze mat den Anrainer. Awer wéi gesäit et aus mat der Sécherheet vun de Bierger? Scho viru Jore gouf gesot, et misst dréngend nom Gasreseau gekuckt ginn. Wéi schätzt SUDenergie d'Situatioun an? Ech schwätzen dat all Joer hei un, ouni Suite.

Et misst ee juristesch préiwe loossen, ob eng Gemeng Aarbechten op der Voie publique maache kann, och wa se net Proprietär ass. Besonnesch wann den Zoustand vun der Strooss an dem Reseau esou schlecht ass wéi hei a schlussendlech ee Sécherheetsrisiko net kann ausgeschloss ginn. Wann esou een Avis juridique schonn ugefrot gouf, bieden ech Iech, de Gemengeréit eng Kopie dovun zoukommen ze loossen. Wann net, géif ech Iech un d'Häerz

leeën, dréngendst esou een Avis an Optrag ze ginn. Ech mengen, d'Situatioun am Wangert ass net méi witzeg oder ze negligéieren.

D'Situatioun ass eeben iwwert d'Joerzéngten esou gewuess an elo sollt ee mat dem néidege Fangerspëtzegefill no der richteger Léisung sichen. Déi ass sécher net, de Projet aus dem Budget ze sträichen. Den Dialog muss onbedéngt erëm opgebaut ginn.

Punkto Logement hate mer jorelaang gestëppelt, dass ee misst méi aktiv ginn, wuelwëssend, dass 75 % staatlech Subventioune méiglech kënne sinn. Mat Projete wéi dem Gravity, wou mer 80 Appartementer kaf hunn an e gudden Deel an de Locatif geet, ass dat e Schrack an déi richteg Richtung. Dovunner wäerte mer laangfristeg profitéieren.

Begréisse maache mer och den Deal mat der Fondatioun Miami University. Iwwer 50 kleng Wunnunitéite vu jeeweils plus minus 20 m2 am selwechte Komplex. Mir verloune se iwwer e längeren Zäitraum. Duerno fale se erëm un d'Gemeng zréck. Positiven Niewen-effekt ass, dass d'Miami University domadder weider op de Bildungsstanduert Déifferdeng setzt. Wouvun ech emol ausginn.

Initiativen an deem Beräich musse weidergefouert ginn. Verschidde Froe stelle mer eis awer ëmmer, oder sollte mer eis ëmmer erëm stellen: Wéi kënne mer nach méi bezuelbaren an attraktive Wunnraum zu Déifferdeng schafen? Wéi kënne mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen? An ëmmer erëm: Wéi kënne mer Schaffen a Wunne méi no beienee bréngen?

Wann ee quasi néierens méi däerf bauen, brauch ee sech net ze wonneren, wa wunnen ëmmer méi zum Luxus gëtt, Stéchwuert PAG, Appartementsverbuet, Fassadeschutz an esou weider.

Mir mussen eis weiderhi virun Ae féieren, dass soziale Wunnengsbau aktuell nach ëmmer mat 75 % subventionéiert gëtt, ënner gewëssene Bedéngungen.

Ënner dem Stréch läit den Invest fir d'Gemeng bei 25 %. Mir bleiwe Proprietär an zéien de komplette Loyer an. Dozou kommen déi positiv Auswierkungen an dësem Kontext duerch de Pacte Logement 2.0. Et kann een also nëmme gewannen.

Punkto Logement als Ofschloss nach d'Fro, wou den Dossier vun der fréierer Ruin zu Nidderkuer an der Kéier beim Spidol drun ass. Hate mer och schonn e puermol hei ugeschwat. Gëtt et do en neie Moment, datt eventuell deemnächst eppes kënnt? Do kéint ee sech innovativ Wunnkonzepter virstellen, wéi zum Beispill Wunngemeinschaften oder intergenerationellt Wunnen a vill anerer méi.

Vill Investitioune betreffen d'Schoulen oder d'Maison-relaisen. Dat muss gemaach ginn. Et ass richteg, op manner Gedokters an dofir éischter op komplett Sanéierungs- respektiv Ausbau- oder Neibauprojeten ze setzen. Den zousätzlech dréngende Bedarf u Schoulraim hat ech virdru schonn erwäänt, virun allem am Déifferdenger Zentrum, wou mer elo vill Sue fir Container wäerten ausginn. Och gëtt et punktuell Besoinen an eise Maison-relaisen, wou jo nach Leit op eng Plaz waarden.

Am Beräich vum Sport ginn eng Rei noutwendeg Saache gemaach. Awer wat de Stadion Thillebierg ugeet, sinn dat just Fléckaarbechten, wat am Budget virgesinn ass. Mir hunn de Site mat senger spezieller Tribün schütze gelooss, da musse mer elo och eis Verantwortung iwwerhuelen. No der 100-Joer-Feier am Mee dëst Joer liese mer, datt awer elo wéinstens e puer Stabilisatiouns- an Ofsécherungsaarbechte solle kommen. Fir de Rescht ass et eng weider Hypothéik fir déi nächst politesch Ekipp. Ech hoffen, dass net iergendwann de Moment kënnt, dass dee wonnerbare Site net méi ze rette wär.

Mir freeën eis iwwert d'Ouverture vum LIHPS, dem Luxembourg Institute for High Performance in Sports. Bei der Sportshal, riets nieft dem LIHPS, zu Uewerkuer rullt de Bagger elo. Déi nei Sportshal zu Nidderkuer déngt do als Auswäichméiglechkeet.

Déi Uewerkuerer Sportshal soll EHF-konform ginn, also verschidde Krittäre vun der europäescher Handballfederatioun erfëllen. D'Buvette am LIHPS-Gebai ass elo endlech zäitgeméiss sou-

*sur la voie publique même si elle n'en est pas propriétaire. L'état est tellement mauvais qu'il existe des risques pour la sécurité des habitants. Un avis juridique a-t-il déjà été demandé ? La situation ne peut plus être négligée. Les problèmes se sont créés au fil des années et désormais, il faut du doigté pour les résoudre. Abandonner le projet n'est pas une solution. Il faut réinstaurer le dialogue.*

*En matière de logement, les démocrates demandent depuis des années au collège échevinal d'en faire plus, car les subventions peuvent se monter à 75 %. Gravity est un pas dans la bonne direction. La commune en profitera à long terme. François Meisch salue également l'accord avec la Miami University portant sur cinquante studios de vingt mètres carrés. La commune les loue à l'université pour plusieurs décennies. La Miami University restera donc à Differdange.*

*Cependant, il reste des questions. Comment créer plus de logements sociaux et attractifs à Differdange ? Comment s'assurer que les jeunes associent leur avenir à Differdange ? Comment rapprocher lieu de résidence et lieu de travail ? Si l'on interdit de construire, il ne faut pas s'étonner que les logements deviennent un objet de luxe. François Meisch répète que la construction de logements sociaux est subventionnée à 75 %. Cela signifie que la commune n'en finance que 25 %, qu'elle en reste propriétaire et qu'elle perçoit les loyers.*

*Qu'en est-il de la ruine près de l'hôpital de Niederkorn ?*

*Le collège échevinal fait bien d'investir dans les écoles et maisons relais. Il faut miser sur les assainissements complets ou la construction de nouveaux établissements. L'école de Differdange-Centre manque de place.*

*En matière de sport, de petites réparations sont prévues pour le stade Thillebierg. Il faut vivre avec les conséquences de la protection de la tribune. Après la fête du Centennaire, il est prévu de réaliser quelques travaux de stabilisation. Mais il reviendra à la prochaine équipe de réaliser le gros des travaux. François Meisch espère que*

*ce site formidable pourra encore être sauvé.*
*Les démocrates se réjouissent de l'ouverture du LIHPS. Le nouveau centre sportif d'Oberkorn sera conforme aux normes de l'EHF. La buvette du LIHPS et les sanitaires sont modernes. Les couts sont substantiels.*
*François Meisch espère qu'un parc sera finalement aménagé sur l'ancien stade Henri-Jungers. Mais la commune n'y peut rien.*
*En matière de culture, la normalité est de retour. François Meisch aurait fait certaines choses différemment. Son scepticisme quant à Esch2022 s'est confirmé. La relation entre les investissements et le résultat est tout sauf satisfaisante. Les citoyens ne se sont guère identifiés aux projets. Mais la même chose est vraie dans les autres communes. Le contenu n'était pas enthousiasmant — surtout dans le domaine évènementiel. Il manquait une fête populaire.*
*Pour ce qui est de la communication, on aurait pu faire mieux. À titre d'exemple, le prix des tickets pour le spectacle de lumières à l'église de Lasauvage était trop élevé. Finalement, les quelques spectateurs ont pu y assister gratuitement.*
*François Meisch s'était réjoui de la construction d'un gite à Lasauvage. Mais jusqu'à aujourd'hui, personne n'y a dormi.*
*En ce qui concerne le tourisme, quand un centre d'accueil va-t-il ouvrir au Fond-de-Gras ? Malheureusement, l'échéance d'Esch2022 n'a pas pu être tenue. D'une manière générale, il faut impliquer davantage tous les acteurs comme le* Science Center, *le* Minett Park, *le* TNT, *l'*ACOMM…
*La bibliothèque et l'école de Musique sont hébergées dans le centre culturel Aalt-Stadhaus. Pour l'école de Musique, la place ne suffit plus. Il faut trouver une solution, car le problème est aigu.*
*Avec la pandémie, les activités de jumelage sont tombées à l'eau. Il est désormais question de créer un comité de jumelage. Maintenir un tel partenariat nécessite beaucoup de travail, mais c'est important si l'on veut posséder des amitiés transfrontalières. Il faut impliquer*

wéi och dee ganze Sanitär. Dat waren all déi wichtegst Punkten, déi eis bei enger Sanéierung um Häerz louchen. De Käschtepunkt ass natierlech awer och substanziell.

Schlussendlech gi mer d'Hoffnung net op, dass 2023 um fréieren AS-Terrain, dem Stade Henri Jungers, dann endlech de laang geplangte Park ka ganz ofgeschloss ginn. De Problem louch do awer net onbedéngt bei der Gemeng.

Kuerz zur Kultur. Am Kulturberäich an am Événementiel koum e bëssi Normalitéit zréck. Iwwer villes hunn ech einfach eng aner Siichtweis, villes hätt ech anescht gemaach. Zu eisem Bäitrag zu der europäescher Kulturhaaptstad Esch2022 war ech skeptesch an dat huet sech bestätegt. E puer kleng gutt Denkustéiss waren natierlech derbäi, goufen och flott ëmgesat, wann een awer den Invest an d'Resultat géintiwwer setzt, gëtt et do a mengen Aen awer keng Relatioun. Och d'Identifikatioun vun de Bierger mam Projet war minimal – e Problem, deen och villen anere Gemengen opgefall ass.

Inhaltlech sinn ech enttäuscht gewiescht, net vill Projeten hu mech vum Hocker gerappt. Virun allem den Événementiel koum ganz schlecht ewech. Do hu mer zu Déifferdeng dach scho ganz aner Saachen, wéi grouss Volleksfester, erlieft.

D'Kommunikatioun war sécherlech verbesserungswierdeg. Beispillsweis war virun e puer Wochen e super Konscht- a Liichtprojet an der Lasauvager Kierch. E Projet, dee richteg vill Sue kascht huet. Kaum e Grappvoll Tickete goufe verkaf. Schlussendlech huet een op den Entrée verzicht, dass wéinstens nach e puer Leit sech dee wierklech interessante Projet konnten ukucken.

An eisem Budget fir Esch2022 hate mer een nohaltegt Element begréisst, de Gite zu Lasauvage, am Kader vum Red Rock Trail. Et war och deen déckste Brocken am Budget, dee mer dofir virgesinn haten. Ech mengen, et huet bis haut awer nach kee Mënsch do geschlof an deem Gite. Ech hoffen, dass dee gemeinsame gemengeniwwergräifende Projet mat de sougenannte Kabaisercher awer nach, da léiwer spéit wéi ni, e Succès gi wäert.

Tourismus. Déi selwecht Fro wéi all Joer: Wéini kënnt ee richtege Centre d'accueil an eise Minett Park am Fond-de-Gras? Den idealen Zäitpunkt am Kader vun Esch2022 ass leider verpasst ginn, dofir si mer jo och net eleng zoustänneg, ech weess.

Tourismus allgemeng musse mer eis iwwerleeën, wéi mer all d'Acteure méi abannen, zesummeféiere kënnen, am Interêt vun eis all. De Luxembourg Science Center, de Minett Park, den Territoire Naturel Transfrontalier de la Chiers de l'Alzette, awer och aner Acteure wéi de Geschäftsverband oder soss Interessegemeinschaften an esou weider.

Eis Bibliothéik an eis Musekschoul hunn am neie Kulturzentrum säit 2014 en adequat Doheem fonnt. De Succès gëtt hinne Recht. D'Offer gouf adaptéiert an ausgebaut. Bei der Museksschoul si mer raimlech elo schonn iwwert d'Limitt eraus. Verschidden Alternativsitte sinn an Diskussioun, de Problem awer ass a bleift akut.

Theema Jumelage:kKrisebedéngt ass déi lescht Jore villes an d'Waasser gefall. Fir eis aktuell sechs Jumelagë mat Liewen ze fëllen, war an d'A gefaasst ginn, e Partnerschaftsveräin oder e Comité de villes jumelées avec Differdange oder eng Commission de jumelage, wéi och ëmmer, ze grënnen. Hoffen, dass dat an der nächster Legislaturperiod kann ëmgesat ginn, ouni Kris a Corona.

Wann een eng Partnerschaft wierklech wëll mat Liewe fëllen, ass dat mat Aarbecht verbonnen a mat Budget. Dee sollt ee sech ginn, fir déi grenziwwergräifend Frëndschaften tëscht Veräiner, Bierger, Verantwortlechen a sou weider ze fërderen. Et geet net duer, dass mir Politiker an déi eng oder aner Partnerstad reesen, fir Frëndschaften ze lancéieren oder ze ënnerhalen, villméi mussen eis Bierger a Veräiner do agebonnen an ënnerstëtzt ginn. Doräms geet et.

Kuerz Remark punkto Sécherheet. Mir begréissen, dass d'Gemeng de Prefinanzement mécht vum neie Policegebai um Parking Contournement. Doduerch wanne mer ganz vill Zäit a suergen derfir, dass eis Bierger éischter e bessere Service gebuede kréien. Duerch dat neit

Gebai wäert d'Police ganz aner Méiglechkeete kréien, wäert accessibel sinn, behënnertegerecht ageriicht, no um ëffentlechen Transport, zentral leien, also alles, wat elo am Moment net de Fall ass. De Chantier entwéckelt sech bekanntlech gutt.

D'Police ass och méi no bei Problemfäll wéi dem Parking Contournement selwer, dem Passage eriwwer an de Stadzentrum an och dem Stadpark. Laut Budget ass virgesinn, an eise Schoulhäff Kameraen ze installéieren. Mir hoffen, datt an enger nächster Phas och de Stadpark matagebonne wäert oder ka ginn.

Kuerz zu de Syndikater. Joer fir Joer ginn d'Budgeten no uewen ugepasst. Aussergewéinlech héich ass d'Upassung fir den Ausbau vun der Kläranlag beim Syndikat S.I.A.CH. Wéi all Joer sinn eng Rei vun Investitioune geplangt fir Instandsetzungsaarbechten, fir Trottoiren oder Reprofilage vu Stroossen. Verschidde Stroosse solle ganz op de Leescht geholl ginn. Ech mengen, dogéint ka kee sinn, virun allem wann all d'Reseaue gläichzäiteg materneiert solle ginn.

Problem Quartier Wangert hat ech virdrun erwäänt.

Punkto Mobilitéit komme punktuell divers Saachen. Déi lescht Joren hat ech op dëser Plaz allkéiers no engem Comptage gefrot betreffend déi eenzel Linne vum Diffbus. Déi Requête widderhuelen ech heimat. Mat deenen Zuele kéint ee sech emol e genaut Bild maachen iwwert déi eenzel Linnen an dann och Konklusiounen doraus zéien.

Am Budget steet eng Étude générale sur la mobilité. Do dann d'Fro: Wat kënnt an de Cahier de charges stoen? Oder wat erwaart Der Iech vun där Etüd?

Punkto Mobilitéit si sécherlech gutt Usätz am Budget. Nei digital Pannoen op de Bushaltestellen, sollte se da richteg funktionéieren, maachen de Bierger d'Aufgab sécherlech méi einfach. D'Netz vun de wichtege Vëlosweeër gëtt ausgebaut. Do musse mer weiderhin alleguer derhannert bleiwen, dass d'Vëlosfuerer sech net mussen a Liewensgefor beginn, fir sech duerch de Stadkär an deelweis oniwwersiichtlechen Trafick ze quälen.

De Parkleitsystem weist mëttlerweil manner komesch Zuelen un. Mir hoffen, dass dat elo an Zukunft esou wäert bleiwen a mer dat am Grëff behalen.

Mir begréissen doriwwer eraus, dass am gewinnten Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreiung, Inklusioun, Chancëgläichheet, Seniorebetreiung sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an dësem Zesummenhang musse genannt ginn.

Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwert deen anere finanziell iwwert d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun Ae féieren. Besonnesch wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Mir als Gemeng Déifferdeng stinn an der Verantwortung, dass Inklusioun eng Normalitéit am Alldag gëtt, an de Crèchen, de Maison-relaisen, de Schoulen an esou weider. Datt d'Kanner duerno als Jugendlecher an Erwuessener d'Chance hunn, dës Inklusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwousch kënnen ze erliewen.

An dëse Beräicher gi säit Joren Efforte gemaach. All eis Leit an de betraffene Servicer leeschten do gutt Aarbecht. Dat gëllt och fir dee ganze Volet Senioren.

Beim Zrécksetze vun der geplangter Renovatioun an dem Ausbau vum Gemengenhaus musse mer awer een Aen drop geheien, dass all d'Servicer an Zukunft iwwer adequat Raimlechkeete respektiv Aarbechtsbedéngunge verfügen.

Säit véier Joer ass et jo esou, dass 1/4 Prozent vun den ordinären Ausgabe fir e gudden Zweck soll zur Verfügung gestallt ginn. Ech huelen un, dass mer eis doriwwer all eens sinn, dass dat sécher ubruecht ass a Géigenden, wou et engem gutt geet respektiv esou vill besser geet wéi op anere Plazen.

*davantage les citoyens et les associations.*
*Pour ce qui est de la sécurité, François Meisch salue le préfinancement du nouveau commissariat sur le parking du Contournement, qui a permis à la commune de gagner du temps. Le nouveau bâtiment sera accessible, desservi par les transports en commun et adapté aux personnes handicapées. La police sera plus proche des zones à problèmes, du centre-ville et du parc. Des caméras seront installées dans les cours de récréation des écoles. François Meisch espère que le parc et le centre-ville figurent aussi sur la liste.*
*Le budget destiné aux syndicats augmente chaque année. Celui du SIACH sort du lot à cause de l'agrandissement de la station d'épuration.*
*Des investissements sont prévus pour les réparations, les trottoirs et les routes. François Meisch a abordé la question du Wangert tout à l'heure.*
*En matière de mobilité, François Meisch a demandé un comptage des usagers du Diffbus. Ces chiffres permettraient de tirer des conclusions quant aux différentes lignes. Quel est le cahier des charges de l'étude sur la mobilité prévue dans le budget ?*
*Les panneaux numériques pour les arrêts de bus sont une bonne chose. Le réseau de pistes cyclables sera développé. Les cyclistes ne doivent pas risquer leurs vies en circulant dans le centre-ville.*
*Le système de guidage vers les parkings affiche des chiffres moins farfelus.*
*Le collège échevinal continue à investir dans le domaine social. François Meisch mentionne le chômage, la pauvreté, l'encadrement des enfants, l'égalité des chances, l'accompagnement des séniors… Les responsables politiques doivent prendre des décisions durables pour aider ceux qui ne trouvent pas de travail ou ne parviennent pas à joindre les deux bouts.*
*L'inclusion doit devenir une normalité dans les crèches, les maisons relais et les écoles. Des efforts ont été accomplis au cours des dernières années. François Meisch remercie les services concernés.*

*Il faut veiller à ce que les services communaux disposent de locaux adéquats.*
*Depuis 4 ans, la commune alloue 0,25 % de ses dépenses ordinaires à l'aide humanitaire. C'est une bonne chose.*
*Un accord a été trouvé entre le ministère de la Culture, le ministère de l'Éducation et le ministère des Finances quant au* Luxembourg Science Center *et la grande machine à gaz. Pour Differdange, la restauration de la grande machine à gaz et la rénovation de la halle monumentale constituent une opportunité unique. Le* Luxembourg Science Center *pourrait se développer. Avec la machine à gaz, il n'y aurait rien de semblable dans la Grande Région. En plus, le projet est idéal pour une ville industrielle et artisanale possédant la Miami University, LUNEX et une école internationale. En plus des milliers de visiteurs que cela apporterait à Differdange, les jeunes s'enthousiasmeraient de manière ludique devant des choses qu'ils ne connaissaient pas forcément.*
*La commune a donné son accord de principe pour participer aux frais à hauteur de 1,5 million d'euros par an sur 6 ans. François Meisch espère que les travaux commenceront vite. En ce qui concerne la planification, il est important que Differdange y participe. François Meisch a souvent parlé du* Science Center. *Ce qui est nouveau, c'est que la balle est dans leur camp. Il faut d'abord régler la question de la structure juridique.*
*François veut encore faire quelques remarques générales quant au budget.*
*En période de crise, mal investir fait particulièrement mal. Le parc d'éoliennes à Oberkorn est mort pour des raisons connues à l'avance. Les études ont couté 1,15 million d'euros.*
*La même remarque vaut pour le Petit Casino, où on a essayé de passer par la force. Des centaines de milliers ont ainsi été brulés.*
*Le budget ne contient aucune remarque quant à la suppression du PN 15. Y a-t-il des nouveautés ? Ce projet, qui figure dans le programme de coalition, est essentiel pour la création d'un* shared space

Punkto grousse Luxembourg Science Center, Groussgasmaschinn gouf et virun enger Zäitchen e prinzipiellen Accord mat de concernéierte Ministèren – Kultur, Educatioun, Finanzen –, fir de Projet vun engem Science Center an der Gaszentral finanziell ze begleeden. Domat goufen d'Weiche gestallt, dass fir d'Stad Déifferdeng eng eemoleg Saach kéint Realitéit ginn.

Dir wësst et: Duerch d'Restauratioun vun der ominéiser Groussgasmaschinn an d'Renovatioun an d'Astandsetzung vun der monumentaler Hal mat uschléissender Implantatioun vum Luxembourg Science Center géif sech fir eis Stad eng grouss Chance erginn.

E Science Center an der sougenannter renovéierter Gaszentral kéint sech x-fach vergréisseren an developpéieren. Zesumme mat, ënner anerem, der Groussgasmaschinn wär dat eng eemoleg Saach fir déi ganz Groussregioun, virun allem awer an enger Stad mat esou enger grousser handwierklecher Traditioun an enger industrieller Vergaangenheet. An enger Stad wéi Déifferdeng, mat enger Miami University, mat enger internationaler Schoul, mat der LU:NEX, mat der Proximitéit zur Uni Lëtzebuerg passt dëse Projet wéi d'Fauscht op d'Aen.

Déifferdeng, mat senger industrieller Vergaangenheet, déi an dësem Projet gutt zur Geltung kënnt, kéint nëmmen heivunner profitéieren. Net nëmme wären et Dausenden zousätzlech Leit, déi heihinner kéimen a géife gesinn, wéi vill Déifferdeng mëttlerweil ze bidden hätt, et wär och en Invest an d'Zukunft vun deene jonke Mënschen, déi hei op eng spilleresch Aart a Weis eppes Neits entdecke kéinten an d'Chance géife kréien, sech fir eppes ze begeeschteren, wat se virdru vläicht nach net esou kannt hunn. A wie weess herno aus enger Passioun vläicht e Beruff maachen.

D'Stad Déifferdeng huet en Accord de principe ginn, fir wärend der Phas vun den Aarbechten, aktuell si sechs Joer annoncéiert, pro Joer 1,5 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen, dass de Projet kann a Realitéit ëmgesat ginn. Mir kënne just hoffen, dass et schnell lassgoe wäert.

Grouss Froe stinn nach am Raum: Definitiivt Konzept, Urbanismus, Sanéierung. Wat d'Planung ugeet ass et eminent wichteg, dass d'Stad Déifferdeng mat um Dësch sëtzt a sech matinvestéiert.

All déi Wierder iwwert de grousse Science Center hunn ech schonn oft hei widderholl. Nei ass, dass de Ball momentan definitiv bei den Acteuren aus dem Science Center läit. D'Structure juridique vun deem Ganze muss dréngend gekläert ginn, éier éischt Gelder kënne fléissen, dass d'Aarbechte kënne lassgoen. Ech hoffen, dass mer kee Schrack no hanne musse maachen.

Zum Schluss vun dëser Interventioun zum Budget kommen ech zu enger ganzer Rei Remarken, déi fir eis nach am Raum stinn. Ech nennen der just e puer am Schnellduerchlaf.

A Krisenzäiten deet et besonnesch wéi, wann ëffentlech Gelder falsch agesat ginn. Ech denken do un den ugeduechte Wandpark zu Uewerkuer, deen definitiv op där Plaz gestuerwen ass – krute mer mol hei gesot –, aus Grënn déi initial bekannt waren an ignoréiert goufen. 1,15 Milliounen Euro goungen eleng fir Etüde bis elo drop. Am selwechte Kontext denkt ee beispillsweis un de sougenannte Casino op der Déifferdenger Maartplaz, wou mordikus probéiert gouf, mam Kapp duerch d'Mauer ze rennen. Och do sinn Honnertdausenden Euro verbrannt ginn. Esou eppes bleift hänken.

D'Suppressioun vum PN15, der Zuchbarriär tëschent Déifferdeng an Uewerkuer, gouf am Koalitiounsaccord thematiséiert. D'Legislaturperiod leeft aus an am leschte Budget liest een näischt dovunner. Gëtt et do en neie Moment, wat mir vläicht net wëssen?

Domadder zesummen hänkt de Projet aus dem Koalitiounsaccord fir e berouegende Shared Space an den Zentrum vun Déifferdeng an Nidderkuer anzeféieren. Goufen do Demarchen ënnerholl? Wat ass do déi aktuell Situatioun?

Wat déi viru laange Joren ëffentlech presentéiert Parkhaiser ugeet, ass nach ëmmer näischt geschitt. Och am nächste Budget ass net ze erkennen, dass et sollt endlech lassgoen. Et geet ëm d'Parkhaus, also dem Opfaangparking um Contournement, fir den Zentrum ze entlaaschten an ëm den ënnerierdesche

Parking nieft dem Kulturzentrum ënner der Place Nelson Mandela, wou jo nach vill aner Saachen ugeduecht waren op där Plaz, awer och aus dem Budget verschwonne sinn.

E grousst Parkhaus an Zesummenaarbecht mat ArcelorMittal, net wäit ewech vum Contournement, war mol a Gespréich, ass et awer elo aktuell net méi. Oder? Ass bei der ugeduechter Organisatioun fir e Concours d'investisseurs fir de Contournement och e Parkhaus ugeduecht? Wat erwaart Dir Iech soss nach vun esou engem Concours? Do wären Informatioune fir de Gemengerot wëllkomm.

Rezent gouf en neie Parking am Déifferdenger Zentrum ageweit, wat mer natierlech begréissen. Wéi dat zustane koum, fanne mer awer manner gutt. Heirop war ech viru Jore schonn eng Kéier agaangen. Mir loune fir 15 Joer Stellplazen. Wa mer dat héichrechnen, hu mer no 15 Joer 2/3 vum Präis bezuelt, wat zum initiale Moment de Kaf vun enger Stellplaz kascht hätt. Duerno hu mer awer e Virverkafsrecht an da kënne mer déi Plazen am Fong nach eng Kéier bezuelen.

Masseg Etüde fir Projete stinn am Budget 2023. Verschidde Projete ginn awer schonn e puer Joer mat engem klenge Montant „pour mémoire" oder just fir soi-disant Etüde matgeschleeft. Bei den Etüde falen déi natierlech an d'Aen, déi den EU-Projet NetZeroCities betreffen. Substanziell Montante stinn elo an enger éischter Phas schonn am Budget fir Etüden. Do kann ee sech virstellen, wat duerno eng eventuell Ëmsetzung vun deenen Elementer an deenen Etüde géif kaschten.

Eis Fro: Ass scho gewosst, wat vun EU-Säit vu finanzieller Ënnerstëtzung ze erwaarden ass, éier mer eis do dra stierzen? Vill Froe stinn deemno op. Dat hei waren der just e puer dovunner. Froen, wou Léisungen hier mussen.

Léisunge brauche mer och betreffend eist fréiert Spidol/Klouschter, wou jorelaang e Fleegeheim dra war. Dat konnt jo elo rezent op de Woiwer an déi nei Raimlechkeete plënneren. Froe stelle sech och fir den traditiounsräiche Site Thillebierg. Eleng fir dës zwee Objete géif eng Mise en conformité an eng Rénovation light, wann een esou wëll, x Millioune verschléngen. Do brauche mer Partner, fir dat ze stemmen. Eleng ass dat quasi net ze maachen.

Ech denken un de „Lommelshaff", un de Centre médico-social, dee ganze Quartier Wangert – och do si keng Léisungen an Aussiicht.

Oder un en Ausbau vun der Gemeng oder anere Verwaltungsgebaier. Eng Maison sociale drängt sech op. Déi betraffe Servicer hu keng adequat Raimlechkeeten, se platzen aus allen Néit.

Dat nëmmen e puer Notizen. Mëttelfristeg kommen aner Objeten derbäi, wou mussen Entscheedunge getraff ginn, beispillsweis de Centre Noppeney, fir nëmmen deen elo ze nennen.

Als Fazit muss ech festhalen, dass mer eis Prioritéiten anescht gesat hätten an eis aner Impulser, virun allem aner Léisunge gewënscht hätten, an dass mer verschidden Elementer absolutt net ënnerstëtze kënnen, virun allem, dass bei wäitem net dat ëmgesat gouf wat versprach gouf.

Nieft Dysfonctionnementer, déi gottseidank opgedeckt goufen an an Erënnerung bleiwen, wäert dës Koalitioun eng schwéier Hypothéik hannerloossen.

Mat all deene Remarken, déi ech opgelëscht hunn, kënne mir als Demokratesch Partei Déifferdeng net veräntwerten, esou e Budget matzedroen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, léif Vertrieder vun der Press, léif alleguer, extreem klammend Ausgabe bei den Energien, dem Bau, de Personalkäschten a sou weider, awer och mat ville wichtege Mesuren, fir de Leit an dësen Zäiten ze hëllefen, bedeit alles an allem geholl iwwerproportional Méiausgaben am ordinäre Budget par rapport zu de Jore virdrun.

*dans le centre de Differdange et de Niederkorn. Quelle est la situation actuelle ?*
*Rien n'a été fait concernant des parcs de stationnement présentés il y a des années. François Meisch mentionne le parking du Contournement et le parking de la place Nelson-Mandela. Celui-ci a disparu du budget. Qu'en est-il du grand parking qui devait être réalisé avec ArcelorMittal ? Un concours d'investisseurs est-il prévu ? Que s'attend le collège échevinal d'un tel concours ? Le conseil communal attend des éclaircissements.*
*Un parking a récemment ouvert dans le centre. C'est une bonne chose. Mais la commune loue les emplacements pour 15 ans, ce qui représente 2/3 du prix des emplacements. Au bout de 15 ans, la commune a la possibilité d'acheter ces places. Elle les payera donc une deuxième fois.*
*De nombreuses études sont prévues, mais certaines reviennent chaque année. Les études pour net0cities sont particulièrement onéreuses et laissent présager le prix des projets à venir. Le collège échevinal connait-il le montant des subventions de l'Union européenne ?*
*Il reste donc beaucoup de questions et peu de réponses. Il faut des solutions pour l'ancienne maison de soins et pour le Thillebierg. La rénovation de ces deux éléments va couter des millions. Il faudra trouver un partenaire. Le collège échevinal ne semble pas avoir de solutions non plus pour le Lommelshaff, le centre Médicosocial, le Wangert, l'agrandissement de l'hôtel de ville, une maison sociale… Il faudra aussi prendre des décisions concernant le centre Noppeney.*
*François Meisch aurait placé les priorités différemment. Les démocrates ne peuvent absolument pas soutenir certains éléments du budget. En plus, le programme de coalition est loin d'avoir été réalisé. En plus des dysfonctionnements qui resteront dans les mémoires, cette coalition laisse une hypothèque lourde. Le Parti démocratique ne pourra pas approuver ce budget irresponsable.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *souligne l'augmentation des dépenses pour l'énergie, les constructions et le personnel ainsi que les mesures prises pour venir en aide aux gens dans le besoin.*
*Cela se répercute dans les dépenses du budget ordinaire, qui augmentent de 13 millions d'euros entre le rectifié 2022 et l'initial 2023. En plus, les subventions de l'État baissent.*
*Un excédent important offrait à la commune une marge de manœuvre conséquente. Mais cette marge s'est affaiblie et se situe désormais à 32 millions d'euros.*
*Normalement, le budget place les piliers pour l'année à venir. Mais en ce moment, le budget a des conséquences sur la prochaine génération. La commune veut lui laisser des infrastructures et des services chouettes au lieu d'une forte dette. C'est pourquoi il faut éviter la solution de facilité consistant à emprunter de l'argent. Autrement, il ne serait plus possible de réaliser les projets nécessaires dans les années à venir.*
*Bien sûr, une commune doit investir comme il faut et donc fixer des priorités. Le collège échevinal a notamment beaucoup fait sur le plan social.*
*Jerry Hartung aurait voulu voir davantage de projets. Mais il faut fixer des priorités et pratiquer une politique responsable sans hypothéquer les finances communales.*
*La majorité actuelle a enrichi le patrimoine communal en achetant et en construisant des commerces et des logements. De nombreux magasins ont ouvert à Differdange et de nouveaux concepts ont vu le jour. Le collège échevinal a créé des logements sociaux engendrant des revenus à travers les loyers.*
*L'opposition se plaint du manque de places de stationnement. Mais le parking de la Grand-rue va ouvrir dans le centre-ville. Après tout, les gens veulent se garer près des commerces. Cent-quarante places sont disponibles.*
*Pour ce qui est de Gravity, les plans existaient déjà. Mais l'âme du projet social dans le cadre duquel la commune a acheté 80 logements est venue plus tard.*

Eleng vum Rectifié 2022 op den Initial 2023 goungen d'Dépenses ordinaires ëm bal 13 Milliounen Euro erop. Dëst op där enger Säit. An ënner anerem manner Zouwendunge vum Staat bei de Recetten op där anerer Säit.

Hate mer soss am ordinäre Budget ee groussen Iwwerschoss mat deem een e gudden Handlungsspillraum fir extra Projeten hat, sou huet sech dës Spannwäit immens verklengert a läit aktuell bei ronn 32 Milliounen Euro.

Wat bedeit dat fir de Budget?

Mam Budget setzt ee jo am Prinzip politesch Piliere fir dat kommend Joer. Aktuell si mer awer an enger Zäit, wou ee mam Budget net nëmmen dat kommend Joer bestëmmt, mee och en immensen Impakt op déi kommend Generatioun wäert hunn. A well mer jo der nächster Generatioun flott Infrastrukturen a Servicer wëllen iwwerginn an net eng héich Schold, mat där si quasi handlungsonfäeg wieren, däerfe mer net deen einfache Wee goen an dës am Moment feelend Sue fir wichteg Projeten elo einfach bei d'Banke léine goen.

Dëse falsche Wee géif bedeiten, datt an de kommende Joren dës Schold plus Zënsen och nach vun de wéineg zur Verfügung stoende Sue géifen ofgezu ginn. Domadder wier nach manner do, fir néideg Projeten ze realiséieren.

Jo, et ass vital fir eng Gemeng, op de richtege Plazen ze investéieren. An enger Zäit wéi elo musse mer dofir nach méi cibléiert Prioritéite setzen. An datt mer awer an alle Beräicher, besonnesch op sozialem Plang, villes ëmgesat hunn a weider ëmsetzen, gesäit ee kloer hei am Dokument.

Natierlech hätten och mir ons nach weider Projeten am Budget gewënscht. Wënsch sinn ëmmer gutt. Besonnesch vläicht nach déi eng oder déi aner finanzintensiv Baute fir d'Awunner. Mee am Sënn vun enger verantwortungsvoller Politik an enger gesonder Finanzsituatioun, déi mer elo zu Déifferdeng hunn, muss ee kucken, wat ass prioritär a finanzéierbar, ouni eeben ze grouss Repercussiounen op d'Gemengefinanze fir déi kommend Joren ze hunn.

Zu der Finanzsituatioun vun der Gemeng muss een dann och ënnersträichen, datt dës Majoritéit de Patrimoine immens erhéicht huet. Beim Kaf a Kreatioun vu Commercen a ville Wunnengen am Kader vun der Schafung vun abordabele Wunnraum.

Nieft der primär grousser Plus-value punkto Commerce si vill nei Geschäfter hei zu Déifferdeng entstanen, mat neie Konzepter wéi och abordabele Wunnraum. Mer hu vill Sozialwunnenge geschaf, wat zu méi Einname punkto Loyer, wann och moderat Loyeren, féiert. Mee duerch d'Quantitéit kënnt hei am Endeffekt och vill zesummen, wat d'Recetten am ordinäre Budget zum Gléck erhéicht.

Vun der Oppositioun gëtt gesot, mer géifen net genuch punkto Parkplaze maachen. Den Här Tempels geet méi spéit am Detail op d'Mobilitéit an, mee uganks gouf gesot, muer géif de Parking Groussstrooss matzen am Zentrum opgoen. Net ausserhalb. Well d'Leit wëlle gären no parken. Ma wann een esou eppes baut, muss dat op där richteger Plaz sinn. An hei sinn 140 Plazen disponibel. Esou eppes entsteet net vun haut op muer.

De Gravity gouf ugeschwat. Dee war ufanks als Verkaf vum Promoteur u Privatleit ugeduecht. Jo, d'Bauplëng ware vläicht do, awer d'Séil vum soziale Projet, deen et elo ass, datt dës 80 Wunnunitéite vun der Gemeng iwwerholl goufen, fir abordabele Wunnraum ze schafen, dat koum méi spéit.

Jo, Verschiddenes gouf schonn an der leschter Majoritéit ugeduecht. Do waren och mir, dës Majoritéit dobäi. Awer Iddien a Wënsch ass enges, d'Finalisatioun vu Projeten an d'Ëmsetzung an dat an engem Budget, deen opgesat gëtt, besonnesch a finanziell schwieregen Zäiten, eppes anescht. Mat vill Dynamismus an Duerchsetzungsverméigen huet dës Majoritéit wichteg Projeten ëmgesat.

Ech wëll vun dëser Plaz am Numm vun der Déifferdenger CSV onsem Service a senge Leit fir d'Erstelle vun dësem vasten Dossier Merci soen. Wéi och de Responsabele vun de Gemengefinanzen, datt si ons mat hire Prognose gutt beroden hunn, datt mir déi utile Decisioune mat Zäiten huele konnten.

Just zur Erënnerung, datt zum Beispill am Rapport vun der Finanzkommissioun schonn d'lescht Joer drop higewise gouf, datt d'Scholdzënsen nees kéinte séier klammen. Eppes wat jo elo, ee Joer duerno, effektiv agetratt ass, wat vill aner Gemengen ënnerschat haten, wann een e bëssen d'Budgeten an d'Verscholdunge ronderëm kuckt.

Mir hu mat Wäitbléck déi lescht Jore Virsiicht walte gelooss, soudatt mer 2021 den Emprunt d'équilibrage net gebraucht hunn, och kee fir 2022. A fir 2023 stinn elo 13 Milliounen Euro Schold am Budget, wou een dann am Rectifié 2023 muss kucken, ob déi musse gezu ginn.

Déi Hausse op 13 Milliounen entspriechen ongeféier de Méikäschte vun de véier grousse Projeten, déi mer aktuell ëmsetzen, also der Schoul mat Sportsinfrastrukturen zu Uewerkuer um Bock, der Renovatioun an Ausbau vun der Meedercherssschoul zu Nidderkuer, dem CID an dem Centre sportif John Scheuren.

Do mécht et da Sënn, de Fonds de réserve vun dräi Milliounen Euro an de Budget ze incorporéieren an net méi als doudegt Kapital niewelaanscht stoen ze loossen.

Awer och vill weider Projeten an Initiativen an alle Beräicher, déi ons wichteg sinn, ginn ëmgesat. Fänke mer mol um soziale Plang un. Grad a schwieregen Zäite musse mer grad déi Vulnerabelst an onser Gesellschaft schützen. D'Allocation de solidarité gouf gutt no uewen ugepasst. Vu 750.000 Euro am Joer 2021 op 1,9 Milliounen. Den Office social gouf personell opgestockt, fir de Leit e gudde Service ze garantéieren an hinne wann néideg ze hëllefen.

Nieft den Hëllefe fir d'Leit am Besoin gëtt och de Réemploi ganz grousssgeschriwwen. Et soll ee jo och kucken, datt d'Leit aus hirem Misär erauskommen an net just de Misär verwalten. D'Gemeng iwwerhëlt de Loyer vun der Épicerie sociale, de Projet Streetworker hei zu Déifferdeng, de CollecDiff leescht eng immens wäertvoll Aarbecht. Punkto Chancëgläichheet sinn divers Organisatioune virgesinn, sief et am Kader vun der Gläichstellung Mann/Fra oder am Beräich vun Integratioun/Inklusioun. Och punkto Hëllef fir Flüchtlinge kann Déifferdeng sech weise loossen, wat se do alles ëmsetzen.

Fir déi Jonk gëtt eng Place pour jeunes am Metzkimmert gebaut, wou mer spéider hei am Gemengerot dozou Stellung huelen. Mer hu véier Jugendhaiser, déi natierlech matfinanzéiert ginn an esou weiderlafen. Den Night Rider gëtt zu Déifferdeng ënnerstëtzt. Fir de Studenten d'Méiglechkeet ze bidden, eppes niewelaanscht ze verdéngen, si weiderhi vill Studentenjobbe virgesinn. Natierlech och Subside fir d'Schüler an d'Studenten.

Et gëtt Moossname fir Jeunes chômeurs, ënner anerem befrist Aarbechtsméiglechkteeten, fir sech ze beweisen, weiderzeentwéckelen, fir esou um normale Marché Fouss ze faassen. Mir hu betreit Jugendwunnengen, Studentewunnenge goufen als Coliving geschaf.

Doriwwer eraus vergréissert sech stänneg de Pool vun de Gemengewunnengen, déi zu abordabele Präisser hei zu Déifferdeng un d'Awunner verlount ginn.

Nieft den nationale Bauträger, déi zesumme mat der Gemeng villes hei op eise lokalen Terrain schafen, hu mer nach eis lokal AISK, déi knapps iwwer 100 Wunnenge verlount an e puer weider vereenzelt Wunnengen. Virun allem ass et awer de Projet Gravity, deen hei erausstécht, wou Mëtt nächst Joer 76 Wunnenge wäerte fäerdeg sinn.

Am Beräich vun de Seniore goufe vill Wunnenge geschaaft an eng jett gebaut. Dës sollen och an d'Locatioun goen.

Fir d'Senioren an d'Leit mat ageschränkter Mobilitéit gouf de Ruffbus, den Dinola, agefouert. Dee fiert natierlech och weider.

An onsem Service Senior plus hu mer d'Personal opgestockt, zum engen, fir flott Aktivitéiten, Sport, Fester a sou weider ëmzesetzen, auszebauen, zum anere fir der Isolatioun vun eelere Leit an hirem Doheem entgéintzewierken. Mat den Nopeschgemenge subventionéiere mer an dësem Sënn de Club Senior.

Elo net direkt an eisem Budget, awer d' Gemeng huet matgewierkt a ronderëm

*Il est vrai que certains projets avaient été planifiés par l'ancienne majorité. Mais les idées ne suffisent pas. Il faut les finaliser. Le collège échevinal a fait preuve de dynamisme et de volonté pour réaliser les projets en ces temps difficiles.*

*Jerry Hartung tient à remercier les services communaux ainsi que le responsable des finances communales pour leur travail servant à prendre des décisions.*

*Déjà l'année dernière, la Commission des finances estimait que les taux d'intérêt risquaient d'augmenter. De nombreuses communes ont sous-évalué la situation. Differdange a agi avec prudence et n'a pas eu besoin d'un emprunt en 2021 et en 2022. En 2023, un emprunt de 13 millions d'euros est prévu. Ces 13 millions d'euros représentent les augmentations liées à 4 grands projets : le Bock, l'école des Filles de Niederkorn, le CID et le centre sportif John-Scheuren. La commune va recourir de manière appropriée à son fonds de réserve de trois-millions d'euros.*

*De nombreux autres projets ont aussi été réalisés. L'allocation de solidarité a été revue à la hausse et est passée de 750 000 € à 1,9 million d'euros. L'Office social a été renforcé pour offrir un service de qualité.*

*Les mesures de réemploi sont importantes, car il ne suffit pas d'administrer la misère. La commune finance le loyer de l'épicerie sociale et les éducateurs de rue. Des mesures sont aussi prises en matière d'égalité des chances, d'intégration et d'aide aux réfugiés.*

*Une place pour les jeunes sera construite au Metzkimmert. Les quatre maisons des jeunes continueront à être financées. La commune propose aussi de nombreux jobs pour étudiants. Les élèves et les étudiants ont droit à des subsides.*

*Les jeunes chômeurs peuvent profiter de mesures pour l'emploi leur permettant de trouver pied dans le marché professionnel. Jerry Hartung mentionne aussi les logements pour jeunes, les studios pour étudiants et le coliving.*

*Le parc immobilier abordable de la commune s'agrandit. L'AISK loue plus de cent appartements. Les*

*soixante-seize appartements de Gravity seront prêts l'année prochaine.*
*Pour les séniors, la commune a créé des logements. Dinola permet aux personnes âgées de se déplacer.*
*Le service Senior Plus a été renforcé. Il organise des activités pour les séniors et lutte contre l'isolation. La commune subventionne par ailleurs le Club Senior.*
*Le collège échevinal a contribué à créer une maison de soins moderne au Woiwer. Elle a ouvert il y a quelques semaines et permet aux habitants de vivre en dignité.*
*La Fête des retraités aura lieu au printemps.*
*L'inflation impacte les Repas sur roue. La commune a décidé de financer les deux dernières augmentations, mais il faudra chercher des offres alternatives.*
*En ce qui concerne la sécurité, Jerry Hartung se réjouit de l'ouverture du nouveau commissariat. Les chrétiens sociaux demandent depuis longtemps une présence policière accrue sur le terrain. Le commissariat dispose de la place nécessaire, mais il manque des agents. Ces derniers mois, la police est intervenue dans le centre et a effectué plus de contrôles.*
*La commune attend toujours l'autorisation d'installer des caméras dans le centre. Pourtant, elles permettraient de résoudre des crimes et joueraient un rôle dans la prévention. En revanche, la commune a le droit d'installer des caméras dans les bâtiments publics — et notamment dans les cours de récréation des écoles pour prévenir le vandalisme.*
*En ce qui concerne le parc Gerlache, le ministre semble jouer la montre et trainer le projet en longueur pour qu'il soit finalement abandonné. La commune et la police doivent constamment rédiger des rapports sans qu'ils aboutissent à quelque chose. Faut-il vraiment attendre un accident grave pour que les caméras soient installées ?*
*Dans le budget ordinaire, les fonds destinés à l'enseignement et les maisons relais ont augmenté pour tenir compte du nombre d'élèves, mais aussi de l'inflation. Jerry Hartung mentionne le matériel, les livres et le mobilier. La commune*

erméiglecht, datt mer um Woiwer endlech e modernt Alters- a Fleegeheem stoen hunn, wat virun e puer Wochen opgoung an den neiste Gegeebenheeten entspréckt, fir datt d'Awunner an Dignitéit kënne liewen.

Endlech fënnt och nees d'Rentnerfeier statt, déi elo amplaz am Dezember ëm de Mee als Fréijoersfest soll stattfannen.

D'Präisdeierecht huet de Repas sur roues impaktéiert. Soss goufen de Leit d'Käschten 1:1 facturéiert. Hei huet d'Gemeng decidéiert, datt se déi zwou lescht Haussen net weidergëtt well et einfach ze deier ginn. D'Gemeng iwwerhëlt dës elo selwer. Hei muss ee sech effektiv d'Fro stellen, wéi et weidergeet, ob et do keng alternativ Offere gëtt.

Punkto Sécherheet si mer frou als Déifferdenger CSV, nieft de virdru schonn opgezielte preventive soziale Moossnamen, datt mir fir de kommenden Abréll dat neit modernt Policegebai op der zentraler Plaz zu Déifferdeng fäerdeggestallt hunn. Mir fuerderen zënter laangem méi Policepresenz um Terrain. Hei hätt déi néideg Unzuel u Poliziste Plaz, datt mer endlech genuch Policepresenz op den zentrale Plazen an de Quartieren hätten. Jo, wa genuch Polizisten do wieren. Hei muss ee leider feststellen, datt punkto Effectif vun Ausbildung vun der Police dëst wuel bis 2025 dauert.

Frou si mer awer, datt an de leschte Méint d'Police punktuell verstäerkt am Zentrum intervenéiert ass a Kontrollen duerchgefouert huet. Dëst weist Wierkung.

Bei den Autorisatiounen, fir d'Sécherheetskameraen op zentral relevante Plazen opzestellen, heescht et leider waarden. Dës géifen natierlech just vun der Police agekuckt ginn, wa bei hinnen eng Strofdot festgestallt gouf. Nieft der Hëllef, Strofdoten opzeklären, géif esou eng Videosurveillance och preventiv wierken, andeem si zum engen hëlleft, d'Täter aus dem Verkéier ze zéien, fir datt se net nach eemol aktiv ginn. An zum anere schrecke se of.

Fir eis kommunal Gebailechkeete krute mer mëttlerweil d'Erlabnis, Kameraen opzestellen. Sou gëtt et elo an de Schoulhäff, wou natierlech just ab owes opgeholl gëtt, wa keng Kanner méi do sinn, keng Schoulkanner, well eeben och hei villes geschitt. Ënner anerem vill Vandalismus.

Betreffend Sécherheetskamaeraen an a ronderëm de Parc Gerlache hu mer d'Impressioun, datt den zoustännege Minister op Zäit spillt an dës net wëll a mat ëmmer neie Rapporten, Studien a sou weider dat Ganzt an d'Längt versicht ze zéien an esou versicht, eist Vorhaben ze begruewen. Hei kann ee just staunen, wat d'Gemeng an d'Police ëmmer nees u Pabeiere fir den zoustännege Ministère muss erstellen, fir datt duerno awer näischt geschitt, respektiv eng nächst schrëftlech Stellungnam gefrot gëtt.

Et stellt ee sech wierklech d'Fro: Muss da wierklech nees eppes Schlëmmes geschéien, datt mer endlech d'Geneemegung kréien, fir och op dësen zentrale Plaze Kameraen opzehänken?

Ee Punkt, deen eis immens wichteg ass, ass den Enseignement an d'Kannerbetreiung. Dat gesäit een och am Budget. Am ordinäre Budget goufen déi jeeweileg Posten eropgesat, fir der steigender Schülerzuel an der Präisdeierecht Rechnung ze droen, fir datt eeben ënner dem Stréch pro Kand um Terrain näischt gestrach muss ginn. Zum Beispill dat ganzt redaktescht Material, d'Bicher fir d'Schoulbibliothéiken, d'Uschafe vu Mobiliar. D'Schoulbicher an d'Hefter gi weiderhi vun der Gemeng bezuelt souwéi déi pedagogesch Ausflich.

Da gëtt och weider vill an de Schoul- a Maison-relais-Raum investéiert. D'Gemeng wiisst stänneg, deementsprechend brauch et méi Raum, fir ënner uerdentleche Bedéngungen ze léieren.

Souwuel an der formaler wéi an der non-formaler Bildung gouf an de leschte Jore vill bewierkt. Dës Politik gëtt weider ëmgesat.

Projete wéi Naturschoul, Technikschoul, Kreativschoul, séchere Schoulwee, Schoulgäert lafe weider. Den Art à l'école start nees. Mam Woiwer ass dann och elo déi lescht Schoul mat Vëloen ausgestatt.

Frou si mer, datt eis Fête sportive de la jeunesse européenne am Joer 2023 nees wäert stattfannen.

Aktuell hu mer 2.845 Schüler an eise fënnef Schoulen ageschriwwen. 1.605 Plazen an eise Maison-relaisen a Crèchen. Dat ass net näischt fir eng Gemeng. Trotzdeem musse mer hei weider investéieren.

Ufanks sot ech et schonns, datt zwee aktuell grouss finanzträchteg Projeten, d'Schoul a Maison relais um Bock mat 21 Milliounen an zu Nidderkuer d'Renovatioun, d'Mise en conformité an den Ausbau vun der Meederchersschoul fir knapp iwwer zéng Milliounen Euro budgetiséiert sinn. Da baue mer fir ronn 35 Milliounen eng ganz nei Primärschoul fir den EIDE. Dës Sue kréie mer um Enn integral vum Staat rembourséiert.

Am Rectifié 2022 wéi am Budget 2013 gesäit een des Weideren, datt an deenen anere Schoulen divers Aarbechten ufalen. Mat 900.000 Euro gëtt déi nächst Quartiersschoul a Maison relais geplangt, fir den Zentrum zu Déifferdeng ze entlaaschten, wou bis elo Servior war.

Nieft de Raimlechkeete spillt d'Ausstattung e wichtege Rôle, fir gutt an zäitgeméiss ze léieren. Sou zum Beispill den Internet an d'Informatik. Dëse wichtege Rôle vun der Digitalisatioun bezitt sech natierlech op all d'Domäne vun enger Gemeng. An deem Beräich sinn an de leschte Jore vill smart Léisungen hei zu Déifferdeng ëmgesat ginn, sief et an der Mobilitéit, der Kommunikatioun, virun allem awer, fir déi vill Demarchë bei der Gemeng bequeem vun doheem aus ze maachen. Kuerz gesot, fir de Service um Bierger ze verbesseren.

Ofschléissend e puer Wierder zum Sport. No Corona schéngt nees villes zréck zur Normalitéit fonnt ze hunn. Frou si mer, datt nieft dem Steel-Run 2022 den i-Run 2023 och nees stattfanne wäert. D'Gemeng ënnerstëtzt d'Clibb weiderhi beschtméiglech mat uerdentleche Subsiden, besonnesch am Kanner- a Jugendberäich. Et ass wichteg, datt d'Kanner Aktivitéite nogoe kënnen. An deem Kontext si mer frou, datt de Spodi, de Veräinssport an de Maison-relaisen elo mat ville vun onse lokale Clibb ëmgesat gëtt. Mir hoffen, et kommen der nach vill bäi. Heifir sinn 150.000 Euro virgesinn. De Schoulsportdag gëtt ausgeweit, datt de Precoce och endlech vun dëser Offer profitéiere kann.

Am Budget gesäit een, datt mer vill Infrastrukturen hunn. Dat ass gutt esou. Datt eis Veräiner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung gestallt kënne kréien. Natierlech kascht den Ënnerhalt, d'Reparaturen, d'Gestioun wéi d'Energie. Déi gréisste Poste fir 2023 sinn d'Sportshal an der Bockschoul mat 2,8 Millioune vun insgesamt sechs Milliounen an d'Renovatioun an den Ausbau vun der Uewerkuerer Sportshal mat siwe Millioune vun insgesamt 23 Milliounen Euro.

Eng Hal, wou ronn 16 Veräiner reegelméisseg Trainingen hunn an natierlech nach vill aner Veräiner, déi punktuell emol hei hir Aktivitéit ofhalen.

De Stade Thillebierg gëtt renovéiert a restauréiert fir ronn 1.226.000 Euro.

D'Gemeng investéiert vill an hir Parkanlagen, Weeër a Spillplazen. Déifferdeng soll weider attraktiv sinn an den Awunner eng gewësse Liewensqualitéit am urbane Raum erméiglechen. Sou gëtt, ënner anerem, mat 1,6 vun am Ganzen 2,6 Milliounen Euro e Park um fréieren AS Terrain amenagéiert. Hanner der Gulf kënnt eng begréngte Plaz hin an eng flott Trame verte vun der Haaptkräizung beim Opkorn laanscht d'EIDE bis hin zum Parc de la Chiers. Dat wäert eng grouss Plus-value fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer duerstellen an den Zentrum flott mam Park verbannen.

Nächste Punkt wär u sech elo d'Kultur an d'Fester, dat iwwerloossen ech dem Här Tempels, dee spéider fir d'CSV op dës wäert agoen. Och op d'Beräicher Ëmwelt, Informatik, Urbanismus, Gemengeservicer, Verkéier a Geschäftsliewen. Ech kann awer scho virewech soen, datt mir mat dësem Budget zefridde sinn an en esou matstëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

*finance les manuels, les cahiers et les excursions.*
*Des investissements sont prévus dans les campus scolaires pour offrir aux élèves des conditions optimales.*
*Beaucoup a été accompli dans l'enseignement formel et non formel. Des projets comme l'école Nature, l'école Technique, l'école Créative et les jardins scolaires sont poursuivis. L'école Woiwer dispose désormais de vélos.*
*Jerry Hartung salue la tenue de la Fête sportive de la jeunesse. En 2023.*
*Actuellement, 2845 élèves fréquentent l'école fondamentale et 1605 enfants vont à la maison relais.*
*Parmi les grands projets figurent l'école du Bock avec 21 millions d'euros et la rénovation de l'école des Filles de Niederkorn pour 10 millions d'euros. La nouvelle école primaire de l'EIDE coute 35 millions d'euros, une somme remboursée par l'État. Neuf-cent-mille euros sont destinés à la construction d'une école de quartier pour soulager le campus Differdange-Centre.*
*La numérisation joue un rôle de plus en plus important dans tous les domaines. Il est désormais possible de faire ses démarches tranquillement depuis la maison.*
*En matière de sport, l'i-Run et le Steel-Run auront lieu. La commune soutient les clubs grâce à des subsides. Spodi permet aux enfants de faire du sport en maison relais en partenariat avec les associations. Cent-cinquante-mille euros sont prévus.*
*Les associations disposent de nombreuses infrastructures. La maintenance coute évidemment cher. Jerry Hartung mentionne 2,8 millions d'euros pour l'école du Bock et 7 millions d'euros pour le centre sportif d'Oberkorn. Celui-ci accueille régulièrement 16 clubs et d'autres s'y entrainent ponctuellement.*
*Le stade Thillebierg sera restauré pour 1 226 000 €.*
*La commune investit dans ses parcs, chemins et aires de jeux pour offrir une bonne qualité de vie en milieu urbain. Un-million-six-cent-mille euros serviront à aménager le*

*parc du terrain de l'AS. Un espace vert sera aménagé derrière la station-service Gulf et une trame verte sera aménagée entre Opkorn et le parc de la Chiers.*
*Les chrétiens sociaux approuveront le budget.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *constate qu'à l'image de l'année dernière, ce budget n'est pas comme les autres. L'année dernière, la commune faisait face aux conséquences de la pandémie et espérait que les choses iraient mieux en 2022. La pandémie est désormais sous contrôle, mais d'autres problèmes ont vu le jour : l'inflation, les prix de l'énergie, la guerre illégale de la Russie en Ukraine…*
*L'année dernière, le collège échevinal avait préparé un budget prudent et avait gelé des projets comme l'école de la place Nelson-Mandela et l'agrandissement de l'hôtel de ville. Il était évident que la Banque centrale allait augmenter les taux d'intérêt. À travers le monde, les taux d'intérêt étaient proches de zéro depuis la crise économique de 2007-2008. C'était donc une question de temps avant qu'ils ne remontent.*
*Eric Weirich ne veut pas remettre en cause la politique prudente du collège échevinal, mais il aurait peut-être fallu profiter des taux d'intérêt plus bas pour commencer certains projets. Car l'argent ne va pas devenir moins cher.*
*Le budget 2022 n'est pas aussi dramatique que ce que le collège échevinal laissait entendre. Le budget ordinaire se solde par un excédent de neuf-millions d'euros. Le déficit extraordinaire passe, quant à lui, de 57 millions d'euros à 69 millions d'euros. Cette différence s'explique par la hausse des prix de la construction.*
*Cependant, il faut continuer à investir. La commune a par exemple acheté le Karro spontanément pour 12 millions d'euros, dont 8 ont été remboursés par l'État. Le collège échevinal a aussi acquis du terrain constructible dans les Woiwerwisen pour près de trois-millions d'euros. Ces investissements sont pertinents pour autant qu'on lance des projets de construction subventionnés par l'État.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, wéi ech d'lescht Joer sot, genau wéi d'Madamm Buergermeeschtesch an hirer Presentatioun virun zwou Wochen, ass dëst e Budget „pas comme les autres.“ D'lescht Joer ëm dës Zäit hate mer nach ferm mat Restriktiounen an den negativen Auswierkunge vun der Pandemie ze kämpfen a jiddereen huet drop gehofft a gesat, dass d'Joer 2022 e bessert Joer géif ginn, dass mer déi Pandemie hanner eis loosse kéinten.

Dat ass mëttlerweil geschitt, d'Pandemie ass aus der Aktualitéit verschwonnen, mee et sinn aner Theemen dobäikomm. Theeme wéi d'Inflatioun, déi jo schonn d'lescht Joer ugefaangen huet unzezéien, déi explodéierend Energiepräisser bedéngt duerch den illegalen Ugrëffskrich vu Russland op d'Ukrain, wat ech op dëser Plaz nach eng Kéier explizitt verurteele wëll. Gläichzäiteg goung et nees biergop mat der Ekonomie, wat sech deemools scho mat enger héijer Inflatioun bemierkbar gemaach huet.

De Schäfferot hat deemools op e virsichtege Budget gesat a gréisser Bauprojeten op Äis geluecht, wéi zum Beispill d'Schoul op der Place Nelson Mandela oder nach d'Renovatioun respektiv den Ausbau vum Gemengenhaus.

Mir woussten awer deemools schonn, datt bei héijer Inflatioun d'Zentralbanken de Leetzëns iergendwann géifen eropsetzen an dass dat am Laf vum Joer 2022 wäert de Fall sinn, wat jo och geschitt ass.

Weltwäit louchen d'Leetzënse bei null oder quasi bei null säit der Finanzkris vun 2007/2008 respektiv der Eurokris aus dem Joer 2015. Deemno war et souwisou just eng Fro vun der Zäit, bis d'Leetzënsen erëm eropgesat géifen.

Ech wëll elo net onbedéngt eng virsiichteg Budgetspolitik a Fro stellen, mee et wär vläicht net schlecht gewiescht, deen een oder anere Bauprojet awer schonn unzestoussen a vläicht vu fixen oder méi niddregen Zënsen ze profitéieren, fir dës ze finanzéieren. D'Zënse wäerte soubal net méi erofgoen an d'Geld gëtt och soubal net méi bëlleg, soudatt mer esou oder esou eng Kéier mussen an de saueren Apel bäissen, fir gréisser Projeten ze finanzéieren.

Wat de Budget 2022 ugeet ass deen a mengen Aen net esou dramatesch ausgefall, wéi dat virun zwou Wochen duergestallt gouf.

Am ordinäre Budget hu mer zum Beispill néng Milliounen Euro méi Iwwerschoss wéi geplangt. D'Perte oder éischter d'Inflatioun am extraordinäre Budget dogéint ass wuel méi héich ausgefall mat engem Mali, dee vu 57 op 69 Millioune geklommen ass, wat en Ënnerscheed vun zwielef Milliounen ausmécht. Deen Ënnerscheed ass zum Deel bedéngt duerch aktuell Bauprojeten, déi effektiv fatzeg méi deier gi sinn.

Mee et muss awer weider gebaut an investéiert ginn. Mer hunn et zum Beispill jo och relativ spontan hikritt, fir de Gulliver-Tower ze kafen, deen haut Karro heescht. Dat waren deemools zwielef Milliounen, an do hu mer aacht Millioune vum Staat rembourséiert kritt. Respektiv hu mer och viru Kuerzem e Bauterrain op de Woiwerwise kaf fir bal dräi Milliounen, fir doduerch méi e grousse Bauterrain a Gemengenhand ze hunn. Dat sinn alles sënnvoll Investitiounen. Virun allem wann een op Bauprojete setzt, wou de Staat ee groussen Deel iwwerhëlt, kann een Neier ustoussen, ouni sech laangfristeg ze vill ze verschëlden.

Wéi de Budget 2023 erstallt gouf, war scho gewosst, dass d'Tripartite Mesurë geholl huet, fir d'Inflatioun ze bremsen. Dat heescht natierlech net, dass d'Baumaterial elo nees vill méi bëlleg gëtt, mee et heescht awer, dass d'Präisser uerg ofgebremst ginn. Do wär et besser gewiescht, mir hätten 2023 vun där Situatioun profitéiert. D'Inflatioun ass jo mëttlerweil och um Zréckgoen, souwuel zu Lëtzebuerg wéi um weltwäiten Niveau.

Dat gesot, hätt ee sech menger Meenung no méi Scholde kënnen zoutraue mam Budget 2023, fir néideg Bauprojeten, wéi zum Beispill am Beräich vun de Schoulinfrastrukturen, unzegoen.

Ech denken, dass een als ëffentlechen Acteur a Krisenzäite sollt antizyklesch investéieren. Eisen Zentralstaat huet dat jo virgemaach: Gëschter gouf de

Budget an der Chamber virgestallt, wou se 2,8 Millioune Minus aplange fir de Budget 2023. Mir sinn elo bei 13 Milliounen. Den Här Liesch hat aner Gemenge genannt, ënner anerem Esch, déi bis zu 125 Millioune léine geet. Et ass jo och just eng Uewergrenz, vun där mer hei schwätzen, et muss jo net onbedéngt antrieden, dass mer déi komplett zéien.

Am europäesche Verglach sti mer gutt do. Wéi Der de Budget virun zwou Woche virgestallt hat, hat Der dovu geschwat, dass eis Schold vun 62 Milliounen ufanks 2017 op 45 Milliounen elo Enn dëst Joer erofgaangen ass. Ma do soen ech: All Respekt! Gutt geschafft.

Eis Zënslaascht huet sech zwar verduebelt, vu 500 Milliounen op elo 1,15 Millioune mat deenen neien Zuelen, déi Der de Moie virgestallt hutt, mee do sinn awer Emprunte mat dobäi wéi zum Beispill dat neit Policegebai oder déi nei EIDE, d'Primärschoul, déi u sech keen Impakt op eise Budget hunn, well mer déi integral vum Staat rembourséiert kréie mat den Zënsen. Dofir denken ech, dass mer grad elo de Spillraum hätten notze kënnen, fir nei Scholden ze bauen an Déifferdeng esou méi resilient ze gestalte fir d'Zukunft.

Erlaabt mer eng kleng Kritik un der Presentatioun vum Budget unzebréngen. D'lescht Joer hate mer nach zousätzlech Dokumenter dobäi, fir de Budget ze erklären, ënner anerem de PPF, de Pluriannuel. Do wär et vläicht interessant gewiescht, fir deen dëst Joer à jour ze setzen, vu dass sech esou vill geännert huet an den Zuelen. Do gëtt et leider näischt an déi Richtung am Dossier vun dësem Joer.

Ech vermëssen och Avise vun de verschiddene Kommissiounen. Där hu mer dëst Joer och keng virleien, dat war awer nach d'lescht Joer de Fall. A vun enger Schlësselkommissioun, der Finanzkommissioun, hunn ech scho säit iwwer engem Joer keen Avis méi gesi respektiv kee Rapport gelies. Et wär gutt, wann dat erëm géif agefouert ginn a mer déi Rapporte kéinten zougeschéckt kréien.

Da wéilt ech op verschidde Projete vum Budget 2023 agoen. Ouni grouss Iwwerraschung fänken ech mat mengem Liblingstheema, dem Logement, un, wou ech jo hei am Haus reegelméisseg dozou schwätzen.

Mir hunn elo als Stad Déifferdeng eng Rei Projeten, déi sech kënne weise loossen, zum Beispill de Gravity, wou mer et fäerdegbruecht hunn, abordabelen a spezifesche Wunnraum ze schafen. Dat Wuert spezifesch ass mer dobäi méi wichteg wéi dat Wuert abordabel. Spezifesch am Sënn, dass mer Wunnraum schafen, wou de Marché kee schaaft. Dat ass zum Beispill am Beräich vun de Senioren, Wunnenge fir PMR, Wunnenge fir Studenten an esou weider.

Zousätzlech gëtt et Wunnenge fir verschidden héich Akommes, wat en absolutt richtegen Usaz ass, fir entspriechend dem Akommes vu Leit d'Loyere festzeleeën an och do verschidde Kategorië virzegesinn. Dat hu mer viru Kuerzem hei gestëmmt mam Reglement, wat mer eis ginn hunn, fir eis gemengeneege Wunnengen, déi net subventionéiert sinn, ze verlounen.

Iwwer d'Hallschent vun de Wunnengen am Gravity bleift a Gemengenhand. Mir hätten natierlech léiwer gehat, si wären alleguerten a Gemengenhand bliwwen, mee mir hunn awer de Gravity ëmmer matgestëmmt, well dat awer e Projet ass, deen an déi richteg Richtung geet.

Am Gulliver-Tower, dee mëttlerweil Karro heescht, ass geplangt, fir 45 Seniorewunnengen entstoen ze loossen, wou mer e gudde Batz vum Staat dofir bäigeluecht kréien.

Wunnraum schafen, deen a Gemengenhand bleift, ass u sech e gutt Stéchwuert, wat ech gär géif verdéiwen. Mer sollte weider spezifesche Wunnraum schafen, wou mer kënnen, well mer, wéi gesot, relativ vill do kënne vum Staat bäigeluecht kréien. Dat ass net nëmme Verantwortung iwwerhuelen als drëttgréisst Gemeng am Land, mee och laangfristeg gutt fir eisen ordinäre Budget duerch Loyeren, déi doduerch erakommen. Recetten duerch Loyeren am ordinäre Budget sinn deementspriechend vu lescht op dëst Joer vun 350.000 op iwwer 700.000 Euro eropgaangen. Dat zum Deel bedéngt duerch Gravity-Wunnengen, déi d' nächst Joer fäerdeg ginn an dann och verlount ginn.

*Lors de la préparation du budget 2023, le collège échevinal savait que des mesures contre l'inflation allaient être prises. Ces mesures ne baissent pas le prix des matériaux de construction, mais l'augmentation des prix est fortement freinée. Il aurait fallu en profiter en 2023.*
*Eric Weirich est d'avis que la commune peut s'endetter davantage pour réaliser les travaux de construction nécessaires — par exemple les écoles. Les acteurs publics doivent jouer un rôle anticyclique pendant les crises. La Chambre des députés a d'ailleurs approuvé un budget avec un déficit de 2,8 millions d'euros. La dette de la commune s'élève à 13 millions d'euros. Esch, par exemple, va contracter un emprunt de 125 millions d'euros.*
*La dette differdangeoise a reculé de 62 millions d'euros en 2017 à 45 millions d'euros en 2022. La charge de remboursement des intérêts est passée de 500 000 € à 1,15 million d'euros, mais elle tient compte d'emprunts n'impactant pas le budget, car ils seront remboursés par l'État. Il y a donc de la marge de manœuvre.*
*L'année dernière, le conseil communal avait reçu un plan de financement pluriannuel. Eric Weirich regrette que ce ne soit pas le cas cette année. Il n'y a pas non plus d'avis des commissions. D'ailleurs, Eric Weirich n'a plus reçu de rapport de la Commission des finances depuis plus d'un an.*
*Le conseiller communal passe au logement, un de ses sujets de prédilection. Grâce à Gravity, la commune a réussi à créer des logements spécifiques abordables — par exemple pour les séniors, les PMR ou les étudiants. Differdange dispose aussi d'appartements dont le loyer est échelonné en fonction des revenus. Récemment, le conseil communal a d'ailleurs approuvé un règlement fixant les conditions pour les logements communaux.*
*La commune reste propriétaire de plus de la moitié des logements de Gravity. Eric Weirich aurait préféré que la commune les loue tous. Mais déi Lénk a approuvé le projet parce qu'il va dans la bonne direction.*
*Quarante-cinq logements pour séniors verront le jour dans le Karro.*

*Une partie des frais sera subventionnée par l'État.*
*Eric Weirich tient à approfondir la question des logements dont la commune reste propriétaire. Celle-ci doit continuer à créer des logements spécifiques, car l'État les subventionne fortement. Ce serait une façon pour la troisième ville du pays de prendre ses responsabilités, mais aussi une façon d'augmenter les recettes ordinaires grâce aux loyers. Ces recettes sont passées de 350 000 € à 700 000 € en un an. Pour Eric Weirich, le collège échevinal dispose de la marge de manoeuvre nécessaire pour construire plus de logements avec l'aide de l'État.*
*Le Pacte logement va rapporter près de cinq-millions d'euros en 2023 grâce à la construction de logements subventionnés. Mais Eric Weirich n'a pas trouvé de tels projets dans le budget 2023. Or le Plan d'action local approuvé récemment par le conseil communal dans le cadre du Pacte logement précise que la commune doit construire des logements. Le ministère du Logement a validé le Plan bien qu'il ne contienne rien de nouveau.*
*L'objectif du Pacte logement est de mobiliser les terrains constructibles et de créer massivement des logements. Malheureusement, Differdange est un mauvais élève. Le collège échevinal a dit que Differdange disposait de 14 ha de terrain constructible. Cela représente un potentiel de 10 000 habitants. Mais le PAL n'indique pas ce que le collège échevinal compte en faire. En outre, la construction d'un nouveau quartier prend plus de dix ans. Dans le cadre du Plan d'action logement, le collège échevinal aurait pu faire l'effort de réfléchir à la façon dont il entend utiliser ces terrains.*
*Eric Weirich sait d'avance qu'on lui rétorquera qu'il faut protéger les prairies. Mais Differdange doit aussi prendre ses responsabilités. La commune possède des terrains ; elle doit les viabiliser. Autrement, ces terrains auraient pu être classés en terrains agricoles dans le nouveau PAG.*
*L'autre grande crise est celle du climat et de la biodiversité. Il faut tout faire pour lutter contre cette*

Wéi gesot, mengen ech, datt mer nach Sputt hunn, fir weiderhin abordabel a spezifeschen, an eeben duerch de Staat finanzéierte Wunnraum, ze schafen an doran ze investéieren.

Am extraordinäre Budget 2023 kréie mer bal fënnef Millioune Recettë vum Staat am Kader vum Pacte Logement, gréisstendeels eeben doduerch, dass mer dee genannte subventionéierte Wunnraum geschaf hunn.

Op där anerer Säit hunn ech elo keng direkt Pläng gesinn op der Lëscht, fir op där Schinn weiderzefueren, fir weiderhi subventionéierten ëffentleche Wunnraum ze schafen.

Ech zitéieren eise PAL, eise Plan d'action local logement, dee mer viru Kuerzem hei gestëmmt hunn. Dee mer hu mussen am Kader vum Pacte Logement 2.0 erstellen. Wou mer eigentlech dra festhalen oder beschreiwen, wéi mer an Zukunft wëlle Wunnraum schafe respektiv am Logement aktiv wëlle ginn.

De Logementsministère huet dee positiv aviséiert, wat mech e bëssen iwwerrascht huet, well et ass elo net schrecklech vill Neits dran an deem PAL. Mir rouen eis haaptsächlech op Projeten aus, déi schonn an der Maach sinn oder mer scho längst hei gestëmmt hunn. Ech vermëssen do nei Projeten, dass do nei Projeten ugestouss ginn an deem Dokument.

E Pacte Logement huet zum Zil, dass massiv abordabele Wunnraum geschaf gëtt an ausgewise Bauterrainen ze mobiliséieren. Sief dat Bauterrainen, déi a privaten Hänn sinn oder Bauterrainen, déi an ëffentlecher Hand sinn. Do gi mer als Stad Déifferdeng leider mam schlechte Beispill vir.

No enger Etüd vum Observatoire de l'Habitat a Froen, déi mer dozou gestallt hunn hei am Gemengerot, fir ze wëssen, wéi vill Bauland mer genau als Stad Déifferdeng besëtzen – dat ass nämlech net aus der Etüd ervirgaangen –, krute mer als Äntwert, dass dat 14 Hektar wären, déi eis gehéieren. An dass dat e Potenzial wär vun 10.000 Awunner. An eisem PAL steet kee Wuert driwwer, wat mat deenen Terraine geschéie soll.

Ech soen elo net, dass déi sollen direkt bebaut ginn, mee esou Bauprojeten, wou mer vun engem neie Quartier schwätzen, dauere gär mol iwwer zéng Joer a méi bis se bebaut sinn.

Wa mer scho vun engem PAL schwätzen, also engem Plan d'action logement, dann hätt ech gär gesinn, dass mer op d'mannst Iwwerleeungen an déi Richtung ustoussen, wat mat deenen Terraine geschéie kéint.

Ech héieren elo schonn d'Kritik: „d'Gréng Wiss bebauen". Dat hate mir jo och schonn alles hei beschwat am Haus. Mee ech mengen, dass mer als Stad Déifferdeng do méi Verantwortung mussen iwwerhuelen. A wa mer Bauterrainen hunn, déi eis gehéieren, da sollte mer déi och bebauen. Anerefalls hätte mer se einfach kënnen am PAG, dee mer jo och d'lescht Joer gestëmmt hunn, zréckklasséieren an Agricole-Terrainen, wann net soll op der Grénger Wiss gebaut ginn.

Dat op der Grénger Wiss bauen, dat bréngt mech zu enger anerer Kris. Jo, mir sinn an Zäite vu multiple Krisen. Déi aner Kris, déi ech elo wäert ugoen, ass déi vum Klima, vun der Biodiversitéit. No der Logementskris ass dat déi zweetgréisste Kris, an där mer eis als Mënschheet befannen. An déi et gëllt ze bekämpfen, oder op d'mannst sou gutt et geet, loosse mer soen, ofzefiederen oder sech dorunner unzepassen.

International gesinn, wéi viru Kuerzem op der COP27 zu Sharm El Sheikh an Ägypten, wéi op anere COPe virdrun oder änlech Klimakonferenzen, gesäit et relativ schlecht aus am Kampf géint de Klimawandel. Do geschitt einfach ze wéineg an et geet ze lues virun, och wann déi schéinste Riede geschmass an déi beschten Objektiver festgehale ginn.

Dofir ass et wichteg, dem Klimawandel op lokalem Level mat alle Moyenen entgéintzewierken. Als Stad Déifferdeng sti mer do relativ gutt, zumindest emol um Pabeier gesinn.

Nieft dem Pacte Logement, deen och eng Roll spillt am Kampf géint de Klimawandel, ech denken un Assainissement énergétique oder Neibauten, déi klimaneutral gebaut ginn, hu mer nach de Pacte Climat an de Pacte Nature

viru Kuerzem ënnerschriwwen als Stad Déifferdeng.

Duerch déi Pacten engagéiere mer eis als Gemeng, fir souwuel eppes géint de Klimawandel wéi och géint de Verloscht vu Biodiversitéit ze ënnerhuelen. Wat natierlech eng gutt Saach ass. D'Kiischt um Kuch, an et ass och schonn ernannt ginn, a mengen Aen ass deen neien EU-Projet NetZeroCities, wou mer als eenzeg Gemeng vu Lëtzebuerg zréckbehale goufen, bei 100 Gemengen, déi op EU-Level bei deem Projet matmaachen.

NetZero, also netto null Emissiounen, bezunn op den CO2-Ausstouss um Gebitt vun der Gemeng, wou d'Zil ass, bis 2030 do netto op null ze sinn. Dat kléngt net schlecht, wann dat Wuert netto net mat dobäi wier. Dat heescht nämlech net, datt op Gemengegebitt keen CO2 méi ausgestouss gëtt, mee datt mer netto op null sinn, wat eis CO2-Emissiounen um Gemengegebitt ugeet.

En CO2-Ausstouss kann duerch Kompensatiounsmesuren op där anerer Säit dofir suergen, datt mer ënner dem Stréch bei den Emissiounen op null sinn, wat awer net onbedéngt heescht, dass mer eis Emissiounen enorm erofgeschrauft hunn.

Als Land Lëtzebuerg hate mer dat jo viru puer Jore fäerdegbruecht, wou eng Deadline am Kader vum Kyoto-Protokoll, ustoung an eis Reduktioun net erreecht hunn, dass mer Zertifikater kafe gaange si bei baltesch Länner, fir d'Ziler ze erreechen. Et ass eigentlech erschreckend, dass et e Marché gëtt, fir mat CO2-Emissiounen ze handelen. Mee dat ass nu mol eeben esou.

Als Stad Déifferdeng sollte mer all Effort maachen, fir effektiv eis CO2-Emissioune bis 2030 sou gutt et geet respektiv drastesch no ënnen ze schrauwen. Den NetZeroCities-Projet ass u sech eng gutt Geleeënheet, fir esou en ambitiéist Zil ze erreechen. Am Budget 2023 gëtt et iwwer zéng Posten, déi sech op NetZeroCities bezéien.

Eng Rei Mesurë ginn an déi richteg Richtung, zum Beispill am Beräich vun der Transition énergétique, wou eng Rei Etüde gemaach ginn, fir fortzekomme vu fossille Brennstoffer hin zu erneierbaren Energiequellen. Oder zum Beispill eis Diffprimmen, déi mer viru Kuerzem erschaaft hu fir Elementer am Kampf oder éischter an der Upassung un de Klimawandel.

Da gëtt et nach de Projet Fusilli, deen zum Zil huet, eng lokal Geméisproduktioun opzebauen. Och wann dat sech mat eisen Terrainen zu Saulnes nach hinzéie wäert. Oder nach aner Projeten, fir d'lokal Energieproduktioun auszebauen iwwer PV-Anlagen, lokal Pelletsproduktioun an esou weider.

Dat geet alles an déi richteg Richtung, mee eiser Meenung no misst een do nach eng Schëpp bäileeën, fir der Urgence vun dëse Krise gerecht ze ginn. Am extraordinäre Budget geet zum Beispill de Posten erof fir d'Promotioun vun alternativen Energiequellen, déi sech jo éischter op de Bestand bezéien, a wou nach e risegt Potenzial besteet, fir esou eis CO2-Emissiounen ze drécken.

Beim Neibau misst obligatoresch virgesi ginn, dass exklusiv mat erneierbarer Energie gehëtzt géif. Dat kéinte mer ganz einfach iwwert d'Bautereglement imposéieren, wéi aner Gemengen dat hei am Land scho maachen.

En anere Volet, deen och fir héich $CO_2$-Emissioune steet, ass d'Mobilitéit. Ech dat do d'lescht Joer am Hierscht schonn am Gemengerot, am Kader vun der nationaler Kaméidistudie vum Ëmweltministère, eng Rei Froe gestallt punkto Reduzéierung vum Verkéier an der Gemeng an dem Ausbau vun der Mobilité douce. Do gouf op eng Etüd „Propper Loft" verwisen, fir d'éischt emol ze kucken, wéi d'Loftwäerter an der Gemeng sinn. Ech mengen, d'Äntwert ass relativ kloer. Déi si relativ schlecht an der Gemeng, vu den héijen Trafick, dee mer hunn, respektiv d'Industrien, déi mer nach hei an der Gemeng hunn.

Fir de Verkéier aus dem Stadzentrum ze huelen oder zumindest ze verluesen oder en ëmzeleeden, gëtt komplizéiert wéinst Etüden a Restriktioune mat Ponts et Chaussées, Police an esou weider an esou fort.

Am Budget 2023 fanne sech awer elo endlech éischt Elementer erëm, déi a Richtung Verbesserung vun der Situa-

*crise ou du moins pour s'y adapter. La récente COP 27 à Charm el-Cheikh en Égypte a démontré comme les conférences climatiques précédentes qu'il y a de quoi être pessimistes. Les mesures sont insuffisantes malgré les beaux discours. Il faut donc agir localement et Differdange ne s'en sort pas mal sur le papier.*
*La commune a signé le Pacte logement, qui joue un rôle dans ce contexte grâce aux assainissements énergétiques, le Pacte climat et le Pacte nature. Elle s'engage ainsi à lutter contre le réchauffement climatique et la destruction de la biodiversité. La participation à net0cities constitue la cerise sur le gâteau. Differdange est la seule ville luxembourgeoise parmi les cent villes choisies par l'Union européenne.*
*Differdange a pour objectif de ne plus émettre de carbone net en 2030. Mais le terme* net *pose problème. Car il indique que la commune pourra continuer à émettre du $CO_2$ en recourant à des mesures de compensation. Il est donc possible d'atteindre 0 émission sans pour autant émettre moins de carbone.*
*Eric Weirich rappelle que ne parvenant pas à respecter le protocole de Kyoto, le Luxembourg a acheté des certificats auprès des pays baltes lui permettant d'atteindre les objectifs. Pour 2023, Differdange doit essayer de réduire réellement ses émissions. Net0cities est l'occasion d'atteindre cet objectif.*
*Plusieurs mesures vont dans la bonne direction. Eric Weirich mentionne les études pour réduire la consommation d'énergies fossiles ou les Diffprimes. Le projet Fusilli a pour objectif de développer la production de légumes dans la commune. Il existe aussi des projets visant à développer les installations photovoltaïques ou la production locale de pellets.*
*Mais tout cela ne va pas assez loin compte tenu de l'urgence. Eric Weirich signale par exemple que le budget destiné à la promotion des énergies renouvelables est en baisse alors que le potentiel est énorme. La commune pourrait imposer à travers le Règlement des bâtisses que les nouveaux bâtiments soient*

*exclusivement chauffés aux énergies renouvelables.*
*Pour ce qui est de la mobilité, Eric Weirich a posé des questions l'année dernière concernant la réduction du trafic dans la commune. Le collège échevinal avait mentionné l'étude Propper Loft dans ce contexte. Or il est évident que la qualité de l'air est mauvaise à cause du trafic. Réduire le trafic dans le centre-ville est difficile à cause des restrictions de la police et de l'administration des Ponts et Chaussées.*
*Le budget 2023 comprend malgré tout quelques mesures comme les P&R pour conduire les gens au travail, des navettes et plus de stations Vël'OK. Des études pour construire des pistes cyclables vers Pétange et Sanem sont prévues. Actuellement, la situation est plutôt dangereuse pour les cyclistes.*
*De plus en plus souvent, les cyclistes roulent sur les trottoirs. Quand les gens se plaignent qu'il est difficile d'emmener les enfants à l'école à vélo, la commune leur répond qu'il est interdit de circuler sur les trottoirs. Il faut donc développer le réseau de pistes cyclables à l'intérieur de la ville.*
*Eric Weirich attend toujours un concept global de la mobilité. Or un tel concept serait important pour le sport, le commerce… Le conseiller communal signale que le nouveau parking de la Grand-rue va engendrer plus de trafic comme tous les nouveaux parkings et toutes les nouvelles routes. Or, avec le réchauffement climatique, il n'est plus possible de tout faire en voiture. Le collège échevinal doit agir plus vite en ce qui concerne la mobilité.*
*En matière d'économie, les choses se passent bien. Le 1535° est un grand succès. Des projets comme les boutiques éphémères ou l'acquisition de surfaces commerciales vont dans la bonne direction. Implanter un hub d'entreprises durables est une bonne idée. Mais il y a aussi des échecs comme l'appel à candidatures pour la maison Moderne. C'est pourquoi un concept pour la revitalisation du centreville est nécessaire.*
*Le CIGL réalise des projets durables dont il peut être fier. Malheu-*

tioun hindeiten, wéi zum Beispill Berouegung vum Verkéier, Park & Ride, Navetten, déi un de Gemengenaussegrenzen ugeluecht ginn an d'Leit op hir Aarbechtsplaz bréngen, den Ausbau vun de Vël'OK-Statiounen an esou weider.

Ganz besonnesch freet mech, datt Etüde geplangt sinn, fir nei Vëlosweeër ze bauen aus der Gemeng eraus Richtung Péiteng a Suessem. Ech hat dat scho méi oft hei gesot. De Moment ass dat éischter eng geféierlech Affär, wann ee sech traut, mam Vëlo iwwer déi normal Strooss aus der Gemeng Richtung Péiteng a Suessem ze fueren.

De Vëlosverkéier innerhalb vun der Gemeng gëtt nach ëmmer ausgelooss. Dee leeft nach ëmmer méi iwwert den Trottoir. Wa Leit sech bei de Servicer melle mat konkreeten Ureegungen, wéi schwiereg et momentan ass, fir d'Kanner mam Vëlo an d'Schoul ze féieren, kréie se als eenzeg Äntwert, datt se net däerfe mam Vëlo iwwert den Trottoir fueren. Dowéinst ass et wichteg, dass mer innerhalb vun eiser Gemeng endlech en anstännegt an zesummenhänkend Netz u Vëlosweeër schafen.

Op e globaalt Konzept fir d'Stad Déifferdeng waarde mer nach, obwuel dat hei scho méi oft ugekënnegt gouf. E globaalt Verkéierskonzept wär net nëmme gutt fir eis Awunner*innen, ech denken zum Beispill un de Vëlosprojet an eist Konzept vun Déifferdeng als Sportsstad, mee och fir eis Geschäftsleit.

Ech denken do net onbedéngt un nei Parkplazen am Stadzentrum, wéi de Parking, dee viru Kuerzem an der Groussstrooss ageweit gouf. Och wann esou Parkingen e Batz Suen an d'Keess bréngen, wéi een dat gutt un der Entwécklung vum ordinäre Budget gesäit. Nei Parkplaze wéi och nei Stroosse bedeiten och ëmmer neien a méi Verkéier.

Am Kader vum Klimawandel kënne mer net weiderhin alles mam Auto maachen an iwwerall bis virun d'Dier fueren. Dowéinst ass et wichteg, datt mer um Plang vun der nohalteger Mobilitéit eng Schëpp zouleeën.

Wat eis lokal Ekonomie am grousse Ganzen ugeet, geet et an déi richteg Richtung. Eist Zuchpäerd, de 1535°, ass e risege Succès. Projete wéi de Pop-up-Store, Geschäftsflächen opkafen oder ulounen, fir se duerno verbëllegt u Geschäftsleit weiderzeverlounen, si gutt Usätz. De geplangten Hub, fir nohalteg Entreprisen hei unzesidelen, ass eng gutt Iddi am Budget vum nächste Joer. Et gëtt awer och vill eenzel Aktiounen, déi net direkt glécken, wéi zum Beispill d'Ausschreiwung fir d'Maison moderne viru Kuerzem, wou kee sech drop gemellt hat. Duerfir géife mer eis e Gesamtkonzept wënschen, wat d'Entwécklung vun eiser lokaler Ekonomie a vun der Revitaliséierung vum Stadzentrum ugeet.

Do kéinten zum Beispill Iwwerleeunge matafléissen, déi och schonn ernimmt goufen, fir lokal Ausbildunge respektiv Jobs fir Jonker ze schafen, Leit, déi fir de CIGL Déifferdeng schaffen, ze iwwerhuelen. Eise CIGL leet jo eng ganz Rei vu lokalen nohaltege Projeten, wou een absolutt ka stolz drop sinn.

Mee d'Kontrakter vun de Leit, déi fir de CIGL schaffen, si leider ëmmer just op zwee Joer begrenzt. Oft fanne se duerno keen Job um éischten Aarbechtsmarché a befanne sech erëm am Chômage.

Dat ass vläicht eng national Kompetenz, do mussen dann d'Gesetzer ugepasst ginn, mee mer géifen et gutt fannen, wa mer de Leit kéinten no zwee Joer beim CIGL vläicht eng Suite ginn um Niveau vun eiser Gemeng.

Eng Rei Aktivitéite vum CIGL sinn, nieft dem ökologeschen Aspekt, sozial immens sënnvoll wéi zum Beispill d'Butteker, fir Vëloen, Miwwel, Kannerkleeder, Spiller um Niveau vum Secondhand an deementspriechend méi bëlleg kafen ze kënnen.

Am Soziale sti mer allgemeng als Stad Déifferdeng gutt do, wann ech zum Beispill un eis Allocation de solidarité denken, déi mer zousätzlech zu der nationaler Allocation de vie chère ausbezuelen a mer och bäibehalen hunn, nodeems de Staat déi national Allocation de vie chère erëm erofgesat huet. Datt mer all Joer iwwer eis Aktioun „Déifferdeng, eng Stad hëlleft“ e fixen Undeel vun eisem Budget ONGen zur Verfügung stellen, déi zu Lëtzebuerg respektiv uechtert d'Welt aktiv sinn, fir se méi gerecht an nohalteg ze gestalten, ass ab-

solutt begréissenswäert. Och eis spontan Hëllefsaktioun fir ukrainesch Flüchtlingen, wou mir ouni ze zécken de Klenge Casino an den haitege Karro-Tower zur Verfügung gestallt hunn, fir d'Leit do ze logéieren, déi forcéiert goufen, hiert Land ze verloossen, well se militäresch ugegraff goufen, ass absolutt begréissenswäert.

Ganz vill Leit vun eisem Personal hu sech engagéiert, fir den ukrainesche Matbiergerinnen a Matbierger d'Liewen hei sou angeneem wéi méiglech ze maachen a se beschtméiglech an dat lokaalt Liewen anzebannen. Genau sou eis Sportsclibb. Op dëser Plaz géif ech hinne gär e grousse Merci ausdrécken.

D'Kolleege vun der LSAP hate virdrun de Waasserpräis ernimmt, deen an d'Luucht geet. Ech hunn dat zwar als Vertrieder vun Déifferdeng matgestëmmt am Comité vun der SES, mee ech mengen, do kéint een d'nächst Joer – an ech wäert et warscheinlech nach eng Kéier hei abréngen – iwwer eng Staffelung vum Waasserpräis nodenken. Da sidd Der scho virgewarnt.

Ech kommen op e leschte Punkt: d'Personalkäschten. D'Personalkäschte sinn natierlech och an d'Luucht gaangen, ënner anerem duerch den neie Kollektivvertrag fir d'Südgemengen, deen endlech no jorelaange Verhandlungen dëst Joer konnt ofgeschloss ginn.

An der Presentatioun vum Budget 2023 war ech d'Gefill net lassginn, dass d'Personalkäschten eriwwerkomme wéi aner Käschten, déi an d'Luucht gaange sinn. Do ass e bëssen eppes matgeschwongen, wéi wann dat éischter bedauert géif wéi zur Kenntnis geholl ginn, dass eis Leit gutt bezuelt ginn, an dass eeben Indextranchë kommen an doduerch d'Salairen an d'Luucht ginn. Dat ass schued. Et ass vläicht awer och just mäi Gefill, mee dat war esou eriwwerkomm bei der Presentatioun virun zwou Wochen.

Fir ofzeschléissen erlaabt mer ze widderhuelen, wat ech schonn d'lescht Joer als Ofschloss vu menger Budgetsried gesot hunn. Wéi aner Leit géif ech och jiddwerengem gär Merci soen: de Mataarbechter, de Benevollen, de Veräiner, déi sech fir Déifferdeng asetzen. Et si si, déi d'Saachen ëmsetzen an déi un d'Leit bréngen, déi mir hei decidéieren an duerch hiren Asaz dofir suergen, dass d' Stad Déifferdeng virukënnt. Duerfir e grousse Merci op dëser Plaz fir hiren Asaz.

Trotz de villen Elementer, déi an déi richteg Richtung ginn, feelt mer bei dësem Budget eng kloer iwwergeuerdnet Visioun, déi iwwert d'Day-to-day-Gestioun erausgeet. Ech mengen, et brauch een eng kloer Visioun, fir aus de multiple Krisen erauszekommen, an deene mer grad stiechen. Dowéinst stëmme mir dëse Budget net mat. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Da wier et um Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, an der Sitzung vum 30. November krute mer de Budgetsprojet fir 2023 virgestallt. Doraus ass ervirgaangen, dass déi uerdentlech Ausgabe vun der Gemeng iwwerduerchschnëttlech staark an d'Luucht ginn – esou staark, datt huet missen en Emprunt agesat ginn, fir de Budget iwwerhaapt an d'Gläichgewiicht ze bréngen – an dass manner investéiert gëtt a keng gréisser nei Projeten am Budget stinn, nodeems der an de vergaangene Jore schonns gestrach goufen.

D'Gas- an d'Stroumpräisser si reegelrecht explodéiert, nodeems se schonn zanter dem Fréijoer 2022, wéi sech éischt Zeeche vun enger neier Kris bemierkbar gemaach hunn, reegelméisseg geklomme sinn.

D'Fro, firwat dat de Fall ass, ass wichteg ze klären, well déi héich Präisser fir Bensinn, Diesel a Mazout, Gas a Stroum jo derzou féieren, dass villes méi deier gëtt an d'Inflatioun klëmmt. Wat och hei zu Déifferdeng déif Auswierkungen op d'Bevëlkerung an op praktesch all d'kommunal Aktivitéiten a Projeten huet. Eng vun de Follge vun den héijen Energiepräisser ass, dass d'Liewensmëttel innerhalb vun engem Joer am Duerchschnëtt 10 % méi deier gi sinn, wat och Auswierkungen op

*reusement, les collaborateurs ne peuvent rester que deux ans. S'ils ne trouvent pas de travail ensuite, ils redeviennent chômeurs. La commune devrait pouvoir les embaucher. Les activités du CIGL sont importantes du point de vue écologique et social.*
*Pour ce qui est du volet social, Eric Weirich salue l'allocation de solidarité, que la commune verse en plus de l'allocation de vie chère de l'État. Une partie du budget annuel est alloué à des ONG actives au Luxembourg et à travers le monde. Eric Weirich se réjouit aussi de l'action de soutien spontanée aux réfugiés ukrainiens, qui logent actuellement au Petit Casino et au Karro.*
*De nombreuses personnes s'engagent pour le bienêtre des Ukrainiens — par exemple les clubs de sport. Eric Weirich les remercie.*
*Le prix de l'eau grimpe. Le conseiller communal l'a approuvé en tant que membre du comité du SES. Mais il faudrait réfléchir à un échelonnement des prix.*
*Les frais de personnel ont augmenté — en partie en raison du nouveau Contrat collectif des communes du Sud, dont les négociations ont duré des années. Eric Weirich a l'impression que le collège échevinal assimile les frais de personnel aux autres dépenses et qu'il regrette que les employés aient des salaires élevés et qu'ils aient droit à des tranches d'indice. Ce serait dommage si tel était le cas. Mais il ne s'agit peut-être que d'une impression.*
*Eric Weirich remercie les collaborateurs de la commune, les bénévoles, les associations et tous ceux qui s'engagent pour le bien de Differdange. Ce sont eux qui appliquent les décisions des hommes politiques.*
*Le budget comprend de nombreux éléments allant dans la bonne direction. Mais il manque une vision claire allant au-delà de la gestion quotidienne des affaires. Or, une vision est nécessaire pour sortir des crises. C'est pourquoi il n'approuvera pas le budget.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que la présentation du 30 novembre a montré que les dépenses ordinaires de la commune augmentent rapide-*

*ment. Pour cette raison, le collège échevinal a décidé de prévoir un emprunt pour équilibrer le budget. La commune devra limiter ses investissements et ne pas lancer de grands projets à l'image de l'année dernière.*
*Le prix du gaz et de l'électricité ont explosé à la suite de la nouvelle crise au printemps 2022. Pour Ali Ruckert, il est important d'expliquer pourquoi, car l'inflation a des conséquences sur la population et sur toutes les activités et tous les projets. Le prix des aliments a par exemple augmenté de 10 % avec des conséquences sur les frais des maisons relais et des crèches.*
*Une des explications est que les entreprises capitalistes essaient de préserver leurs bénéfices pendant les crises. Les entreprises actives dans le gaz et le pétrole gagnent énormément d'argent en Grande-Bretagne, en France, en Allemagne, aux Pays-Bas, en Arabie saoudite, au Qatar, aux USA et en Russie. La production de gaz, de pétrole et d'électricité n'a pas baissé du jour au lendemain. Le problème est politique. Dire que la guerre en Ukraine est la cause de ces maux est simpliste. Le KPL a condamné la guerre dès le premier jour même si les médias n'en ont pas parlé.*
*Mais les USA et l'UE mènent une guerre économique contre la Russie et la Chine. C'est pourquoi l'UE a décidé de ne plus acheter du gaz russe. La pénurie de gaz en Europe est artificielle. Les USA ont trouvé le moyen de vendre aux Européens leur gaz récupéré par fracturation hydraulique, qui coute sept fois plus cher. Si Nordstream 2 n'avait pas été saboté et était entré en fonction, il n'y aurait pas eu de pénurie de gaz et d'électricité, et la population et les communes n'auraient pas eu à en subir les conséquences.*
*Tout cela démontre que la politique internationale et la politique communale sont liées. C'est pourquoi les communistes exhortent les communes à demander non seulement la fin de la guerre en Ukraine, mais aussi des sanctions contre les Russes, qui font souffrir nos populations. Les conséquences sont visibles dans le budget. Mais si les responsables politiques ne les voient pas et que les gens ont peur*

d'Käschte vun de Maison-relaisen an de Crèchen huet.

Eng vun den Ursaache fir d'Explosioun vun den Energiepräisser ass, dass déi déck kapitalistesch Gesellschaften an all Kris versichen, hir Profitter op d'mannst ze halen, wann net souguer ze erhéijen. Wéi dat och elo de Fall ass, wou d'Ueleg- an d'Gaskonzerner aus Britannien, Frankräich, Däitschland, Holland, Saudi-Arabien, Katar, USA a Russland esou héich Profitter maache wéi nach ni an de leschte Joren.

D'Präiserhéijung op Uelegprodukter, Gas a Stroum ass op alle Fall net drop zréckzeféieren, dass iwwer Nuecht manner Ueleg, Gas a Stroum produzéiert gi wär. D'Ursaache si politescher Natur, also kéinte se och aus der Welt geschafe ginn, wann eng aner Politik gemaach géif.

Wann een elo géif soen, wéi dat an der leschter Gemengerotssitzung ugedeit ginn ass, dat alles wär op de Krich an der Ukrain zréckzeféieren, wär dat ze kuerz gegraff.

D'KPL huet de Krich vum éischten Dag u verurteelt, wat awer villen net bekannt ass, well d'Kommuniste vun de Medie boykottéiert ginn a weeder an de Radio nach an de Fernsee ageluede ginn. Dat wär ze kuerz gegraff.

Zënter laangem féieren d'USA an d'EU e Wirtschaftskrich géint Russland an an engem ëmmer méi grousse Mooss och géint China. Dozou gehéiert, dass d'EU decidéiert huet, an Zukunft kee russesche Gas méi wëllen ze kafen a mat enger Gehirwäsch op kontinentalem Plang de Leit antriichtert, d'Russe wéilte kee Gas méi liwweren.

Entstanen ass eng kënschtlech Verknappung vu Gas an Europa, awer net op anere Kontinenter. D'USA hunn endlech den Dréi fonnt, och mat der Zoustëmmung vun deene Gréngen, hiren dreckege Fracking-Gas, deen doriwwer eraus och nach véier- bis siwemol méi deier ass, un d'Länner vun der Europäescher Unioun ze verkafen an domat déck Profitter ze maachen.

Wann d'Gasleitung Nord Stream 2, déi bekanntlech gesprengt ginn ass, a Betrib gaange wär, amplaz dass dat vun den USA, der EU an Däitschland aus politesche Grënn a mat vill krimineller Energie verhënnert ginn ass, hätt et déi Gasknappheet, déi jo och Auswierkungen op d'Produktioun vu Stroum huet, net ginn. A weeder eis Bevëlkerung nach eis Gemeng missten elo déi negativ Follge vun där Entscheedung droen an esou héich Gaspräisser a Stroumpräisser bezuelen.

Dat ass e gutt Beispill, wéi international Politik a Kommunalpolitik zesummenhänken a firwat mir Kommunisten et als noutwendeg ugesinn, dass Kommunalpolitiker kloer an däitlech soe sollten, dass Schluss misst sinn, net nëmme mam Krich an der Ukrain, ma och mat den antirussesche Sanktiounen, ënner deenen eis Gemengen an eis Bevëlkerung leiden.

D'Follge vum Krich a vun den antirussesche Sanktioune gesäit een däitlech an dësem Budget. Ma wann d'Ursaachen dofir vun deene politesche Responsabelen net richteg erkannt ginn, net déi richteg Konklusioune gezu ginn an d'Bevëlkerung zum groussen Deel aus Angscht näischt seet, wäert sech och dat nächst Joer näischt änneren. Am Géigendeel! D'Gemeng Déifferdeng wäert ëmmer méi an hirer Entwécklung zréckgehäit ginn.

Wat ee soe kann ass, dass de Budget fir 2023 et erlabe wäert, d'Gemeng méi schlecht wéi recht ze verwalten. Dass nach eng Rei Infrastrukturprojeten, ënner anerem am Schoulberäich, verwierklecht gi kënnen, déi absolutt noutwendeg sinn an déi d'Kommunistesch Partei och ënnerstëtze wäert. Dass awer keng grouss Spréng méiglech sinn. Wat awer wéinst dem Krich a ville Beräicher an de ville Problemer, mat deenen e groussen Deel vun eiser Bevëlkerung konfrontéiert ass, absolutt noutwendeg wären.

Aus der rezenter Ënnersichung vun der Chambre des Salariés geet ervir, dass am Land 20 % vun der Bevëlkerung riskéiert, an d'Aarmut ze falen an all drëtte Stot Problemer huet, um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech hunn den Androck, dass dat zu Déifferdeng nach a méi engem grousse Mooss de Fall ass. Ma de Schäfferot vun de Gréngen an der CSV mécht do dat selwecht wéi d'Regierung vun der

DP, déi gréng an der LSAP: Hie verwalt d'Aarmut, awer et feele gréisser politesch an ekonomesch Initiativen, déi derzou bäidroe géifen, dass d'Leit aus hirem Misär erauskomme kéinten.

Dat gëllt zum groussen Deel och fir de Wunnengsbau. Ech kann dofir nëmmen dat ënnersträichen, wat ech d'lescht Joer a schonn déi Jore virdru gesot hunn: Fir d'KPL misst op Gemengenniveau dem Bau vu bezuelbare Mietwunnengen absolutt Prioritéit bäigemooss ginn. An d'Gemeng misst an Eegeregie oder an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen, eng Baufirma schafen a Bauaarbechter astellen, fir selwer Bauprojeten ze verwierklechen.

Ze kritiséieren ass weider, dass et zu Déifferdeng och haut nach ëmmer keng Spekulatiounssteier gëtt op bestëmmten Haiser, déi zënter laangem eidel stinn an op bestëmmten Terrainen, déi aus Spekulatiounsgrënn zënter laangem brooch leien, wéi se d'KPL zënter 2015 hei am Gemengerot fuerdert.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass d'KPL et kategoresch ofleent, dass ëffentlech Déngschtleeschtungen an Déngschter privatiséiert ginn, wéi dat an der Vergaangenheet an der Gemeng Déifferdeng geschitt ass. Dat ass de Fall beim Diffbus, beim Recyclinghaff zu Nidderkuer, beim Stadion zu Uewerkuer a bei der Schwämm vum Aquasud, wou Privatgesellschafte Profitter maachen op d'Käschte vun eiser Bevëlkerung.

D'KPL bedauert, dass dës Privatiséierunge bis haut net réckgängeg gemaach gi sinn.

Dat alles erkläert, firwat ech als Vertrieder vun der KPL och dëse Budgetsprojet net stëmme kann. Derbäi kënnt natierlech, dass et de Budget vun de Schäfferotsparteien, de Gréngen an der CSV, ass, déi dee Budgetsprojet, ouni déi aner ze froen, no hiren eegene politesche Virstellungen opgestallt hunn, déi net am Interesse vun der Majoritéit vun eiser Bevëlkerung sinn. Am Géigesaz zu de Prioritéiten, mat deenen d'KPL an d'Wale gaangen ass an déi och haut nach gëlteg sinn.

Zu dëse Prioritéite gehéieren, dass d' Gemeng nei Konzepter entwéckelt an däitlech méi Sue fir sozial Ëmverdeelung a fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet an der Aarmut zu Déifferdeng ausgi muss.

Dass de Bau vu Mietwunnenge mat Loyeren, déi d'Leit och bezuele kënnen, net nëmme weidergedriwwe gi muss, ma dass dem Bau vu bezuelbare Mietwunnengen absolutt Prioritéit ageraumt gi muss, och duerch d'Grënnung vun enger kommunaler Baugesellschaft.

Dass d'Privatiséierung vun der Gestioun vu kommunalen Ariichtungen an Déngschtleeschtungen, zum Beispill vum Diffbus, dem Recylingszenter an dem Aquasud réckgängeg gemaach gi muss.

Dass ganz decidéiert Moossname géint de Verkéierschaos, deen ëmmer nach grouss ass, geholl gi mussen, dass d'Parkgebühren ofgeschaaft gi mussen an d'Parken zu Déifferdeng gratis gëtt.

Dass all Bestriewungen, fir kommunal Déngschtleeschtunge käschtendeckend ze maachen, verhënnert gi mussen, an dass d'Gemeng eis Awunner an dëse Krisenzäiten net och nach duerch méi héich Präisser vun Drénkwaasser a méi héijen Taxen op der Müllabfuhr an op aneren Déngschtleeschtunge belaaschten däerf.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ruckert. Nodeem elo all Fraktiounssprriecher seng Riedezäit hat, géif ech virschloen, eng Paus vun zéng Minutten ze maachen, ier déi eenzel Conseilleren drukommen. Da si mer erëm fit fir nozelauschteren. Elo ass et 10:26 Auer, soe mer um zwanzeg vir eelef fuere mer weider. Villmools merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, no eiser klenger Paus géife mer elo zu den eenzelne Conseillere vun de Fraktioune kommen, fir iwwert de Budget ze schwätzen. Ech géif d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

*de parler, rien ne changera l'année prochaine. La Ville de Differdange aura du mal à se développer.*
*Le budget 2023 permettra de gérer la commune tant bien que mal. Les infrastructures nécessaires vont être réalisées, mais il faudrait investir davantage pour couvrir les besoins de la population.*
*D'après la Chambre des salariés, 20 % de la population risque de sombrer dans la pauvreté et 1/3 des ménages a du mal à joindre les deux bouts. Ali Ruckert craint qu'à Differdange, la situation soit même pire. Mais le collège échevinal fait la même chose que le gouvernement : il administre la pauvreté au lieu d'aider les gens à sortir de la misère.*
*En matière de logement, la construction devrait être une priorité absolue pour les communes. La Ville de Differdange devrait créer une entreprise de construction avec les communes voisines et recruter des maçons. Par ailleurs, le collège échevinal n'a toujours pas introduit de taxe sur la spéculation visant les terrains vagues et les maisons inhabitées. Les communistes en parlent depuis 2015.*
*Le Parti communiste est contraire à toute privatisation. Ali Ruckert mentionne le Diffbus, le centre de recyclage, le stade d'Oberkorn et Aquasud, qui permettent à des sociétés privées de gagner de l'argent au détriment de la population. Pour toutes ces raisons, il n'approuvera pas le budget.*
*En outre, le CSV et déi gréng ont élaboré le budget sans en discuter avec les autres. Or les priorités ne sont pas dans l'intérêt de la majorité des habitants.*
*Pour Ali Ruckert, il faudrait investir bien davantage dans la lutte contre le chômage et la pauvreté, dans la construction de logements que les gens peuvent payer, dans la création d'une entreprise de construction, dans des services et des infrastructures publics, dans des mesures pour limiter le chaos sur les routes, dans le stationnement, qui devrait être gratuit, dans la lutte contre le principe que la commune doit rentrer dans ses frais, etc.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que chaque porte-parole a commenté le budget. Elle décrète une pause de dix minutes. Ensuite, ce sera au tour des autres conseillers communaux.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole à monsieur Bertinelli.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *estime que 2023 est le moment idéal pour tirer un bilan d'une période législative qui a mal commencé. Ensuite, il y a eu une pandémie et la guerre. Cela excuse beaucoup, mais pas tout.*
*Fred Bertinelli admire l'optimisme de monsieur Liesch. Depuis qu'il joue avec ses marionnettes, il est beaucoup plus optimiste. Fred Bertinelli voit les choses différemment. Il craint que Differdange doive investir davantage dans le volet social, car c'est à partir de l'année prochaine que l'on connaitra les véritables défis.*
*En ce qui concerne le sport, il avait demandé au nouvel échevin d'être neutre avec les clubs. Il doit admettre qu'il y est parvenu presque chaque fois.*
*Pour ce qui est du centre sportif John-Scheuren, Fred Bertinelli aurait préféré en faire un projet régional. Des négociations ont eu lieu avec le ministère des Sports, qui aurait subventionné davantage un projet régional. Celui-ci n'aurait donc pas couté trop cher. Car si l'on additionne les estimations initiales pour la construction du centre – 16 millions d'euros – aux surcouts, on se rend compte que c'est le prix d'une structure régionale subventionnée. On aurait pu y organiser des finales de handball et de basket. C'est regrettable. En tout cas, il est plus que temps que le projet avance.*
*Quant à la salle de sport du Bock, les choses ont été faites à l'envers. Fred Bertinelli aurait placé la salle de sport derrière. Mais il regrette surtout que des places de stationnement aient été supprimées quand on sait combien de personnes vont s'entrainer sur ce site. Tous les habitants du quartier en payeront le prix. Fred Bertinelli voit noir pour le quartier.*
*Il regrette également que les travaux du stade Jos-Haupert n'aient*

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech ass 2023 e Budget, wou een e Bilan mécht no enger Legislaturperiod, déi extra schlecht fir eis Gemeng ugefaangen huet. Eise Fraktiounssprriecher ass op déi eenzel Aspekter schonn agaangen. Mee domat net genuch, duerno koum de Covid, dunn de Krich, soudatt et eng schwéier Legislatioun fir dëse Gemengerot war an allen Hisiichten. Dat entschëllegt villes, awer net alles.

Ech muss soen, datt ech erfreet sinn iwwer mengem Kolleeg, dem Georges, säin Optimismus. Säit e Poppe spillt, ass dee vill méi grouss ginn. Ech hu seng Ried ganz optimistesch fonnt. Sou optimistesch sinn ech dës Kéier net, well ech mengen, datt mer wäerten an deenen nächste Jore ganz, ganz vill an eenzelen Domänen, zemools wat dat Soziaalt ugeet, musse bäisteieren. Well mer eréischt ab nächstem Joer wäerte gesinn, wat wierklech op eis duerkënnt no de Feierdeeg.

Ech wollt mech speziell ëm déi Theeme këmmeren, wou ech doheem sinn, wou ech virdrun als Schäffe Responsabilitéit gewisen hunn. Dat ass an alleréischter Hisiicht de Sport. Do muss ech soen, bei senger Untrëttsried hat ech dem Sportschäffe gesot, datt e soll neutral sinn, gläich mat alle Veräiner. En huet et bal ëmmer gepackt, muss ech soen, no engem Ofschnëtt vun der Legislatur, datt e Fairness bal ëmmer hikritt huet.

Wat déi eenzel Projeten ugeet, kennt Der d'Meenung jo, déi ech hat zu der Sportshal John Scheuren, wou ech éischter e regionale Projet draus gemaach hätt, well mer an deem Punkt, wou mer an de Verhandlunge mam Sportsministère waren, héchstperséinlech méi kritt hätten. A well se och net esou deier ze stoe komm wär.

Am Endeffekt, wa mer déi 16 Milliounen huelen, déi de prime abord agesat waren, an dee Präis, op deem mer elo drop sinn, si mer um Präis, wat dat kascht hätt, wa mer eng regional Hal dohinnergesat hätten. A mir hätten awer vill méi Subside vum Staat kritt. A mir wären déi zweet national Hal gewiescht am Land, wou een Handballsfinallen oder Basketsfinallen hätt kënne spillen. Dat ass e Regret, deen ech hunn, datt mer eis do net duerchgesat kritt hunn, fir dee Projet do esou weiderzefueren.

Mee wéi gesot, ass et awer batter néideg, datt de Projet elo schnell virukënnt, duerch dee ganze Retard, wou e kritt huet, an datt mer erëm Sportler an eis Sportshal kréien.

Deen zweete Punkt ass déi Sportshal um Bock, wou ech net esou ganz frou iwwert dee Projet sinn, well e menger Meenung no de verkéierte Wee gebaut ass. Ech hätt déi Sportshal ënnen higesat. Dat sinn Decisiounen, déi mech eleng betreffen.

Mee wat ech do am meeschte kritiséieren: Virdrun ass gesot ginn, wéi vill Leit do herno wäerten trainéieren an higoen. Do ass wäit a breet kee Parking. Do sinn éischter nach Parkplazen ewechgeholl gi wéi derbäikomm. Do wäert dee ganze Quartier drënner leiden. Elo scho mat der Schoul. An nach vill méi owes, well déi meescht Leit jo owes trainéiere ginn. Wa mer eis do keng afale loossen, gesinn ech schwaarz fir déi Leit, déi do an deem Quartier wunnen.

Ze bedaueren ass och, datt de Stade Jos Haupert net weidergefouert ginn ass, sou wéi mir en ugefaangen hunn. Datt do fënnef Joer praktesch näischt geschitt ass. Grad wéi den Thillebierg, wou ech elo frou sinn, datt de Site elo endlech stabiliséiert gëtt, net datt dat a Ruine fält an herno guer näischt méi ze maachen ass. Doriwwer freeën ech mech. Et huet eebe laang gedauert. Ech wëll do kengem Schold zouweisen, dat huet mat ville Facteuren ze dinn.

Mee wouriwwer ech extreem traureg sinn, wat der LSAP um Häerz louch, dat ass déi Liichtathletikspist, wou de Ministère hannendrustoung. Wou dräi, véier Gemengen hannendrustoungen. Wou d'Liichtathletiksfederatioun hannendrustoung. Datt mer do kee Meter weiderkomm sinn. Wa mer den Numm City of Sports an de Mond huelen, an alles dat, wat mer deene Leit do ënnerschriwwen hunn op deem Ziedel, wou mer hei ausgefëllt hunn.

De fréiere Bauteschäffen an de Sportsschäffen, mengen ech, waren déi zwee eenzeg an deem Schäfferot, déi dat do

eescht geholl hunn. Mengen, fir déi aner war et méi, fir an d'Zeitung ze kommen a fir Artikelen ze bréngen, mee sou ganz eescht hu se dat net geholl, well soss wiere mer net do, wou mer elo sinn.

Am Sport musse mer a ganz aner Dimensioune goen, an Zukunft ganz anescht iwwerleeën. Wann een den Zoustand vun onse Sportsveräiner kuckt – an ech hat ëfters Diskussioune mat eisem Sportsschäffen driwwer –, wann ee gesäit, datt de Benevolat ëmmer méi erofgeet, datt ëmmer manner Leit sech bereeterklären, Kommiteeën ze féieren a Veräiner virunzeféieren. Ech ginn eis do nach zéng Joer, da wäerte mer dat net méi esou erëmfannen. An ech weess, u wiem et herno hänkebleift.

Dofir wier et gutt, wa mer elo scho Programmer géife lafe loossen an eis elo de Kapp scho wierklech zerbriechen, wéi mer an Zukunft eng Stad wéi Déifferdeng, mat all deenen Infrastrukturen, Sportsinfrastrukturen, déi mer hunn, a Veräiner, déi mer hunn, fir déi ze analyséieren a probéieren, iwwert de Wee weiderzefueren.

Mir schwätze vun engem Manager, dee mer wëllen astellen. Ass zum Deel gutt, awer ech fannen, mir missten do nach e Stéck méi wäit goen. A vläicht kënnt déi Diskussioun och d'nächst Joer op, datt mer do vläicht mol eng Kéier eng Table ronde géife kréien, wéi een d'Sportsgestaltung an deenen nächste Joren hei zu Déifferdeng kéint weiderfueren.

Den Numm City of Sports solle mer net méi an de Mond huelen. Well, wat mer do alles ënnerschriwwen hunn … Mir hunn do Saachen drageschriwwen, mir géifen an deenen nächste véier Joer ganz vill maache fir den Handicapéiertesport, mir géife ganz vill maache fir de Breedesport, mir géife ganz vill maache fir de professionelle Sport – an all deene Linnen ass näischt geschitt. Dat huet da vläicht mat deem engen oder deem aneren ze dinn, mee do ass effektiv net vill geschitt.

Et kann och elo sinn, datt d'Remedur grouss ass, datt mer elo an eng ganz aner Richtung ginn. Mee mir hunn do e Pabeier ënnerschreiwen, wou mer gesot hunn, mir halen eis do drun. An dat war och d'Questioun, firwat mer dee Label do kritt hunn. Also, wa mer dat dann net maachen, mengen ech dann och, datt mer dee Label do net verdéngt hätten.

De Spodi fannen ech e gudde Projet, hunn ech akzeptéiert. Mee et ass kee Projet, deen de Veräiner gutt zu Gesicht steet. Dat ass e Projet, dee fir mech gutt ass fir d'Crèchen, d'Schoulen an d'Infrastrukturen, déi mer hunn. Mee de Veräiner bréngt en näischt.

Déi grouss Veräiner – ech hunn mer d'Méi gemaach, fir verschidde Veräiner ze kucken –, huele mer de Fussball, d'Turnen: Do hu mer 140 Kanner, wou een all Training muss siche goen op 18 Adressen, fir eng normal Trainingswoch vun de Bambinie bis d'Pupillë bis d'Junioren, fir déi dohinnerzekréien. Ech mengen, datt mer do, wat schonn iwwerfälleg war, den Diffbus an den Dinola-Bus musse reforméieren, wat mer hätte misse maachen, wou den ëffentlechen Transport gratis ginn ass.

Et ass jo net normal, datt mer mam Diffbus déi selwecht Strecke fueren, wou fënnef Minutten drop den T.I.C.E an aner Busse fueren. Do hätt een effektiv kënnen ee Bus asetzen, fir d'Kanner an de Sport oder an d'Kultur, an d'Musek ze féieren.wWat eis, menger Meenung no, méi bruecht hätt, wéi et esou lafen ze loossen, wéi et elo geet.

Ech sinn der Meenung, datt vill vun deene Saachen op eis duerkommen. An d'Gemeng nach vill, vill méi Responsabilitéit wäert mussen iwwerhuelen an deenen Domänen do.

Wéi eis Gesellschaft elo besteet, kommen d'Elteren owes heem, aus de Structure-d'accueilen a Crèchen gi se hir Kanner um siwe sichen, féiere se moies um siwen dohinner, a fir de ganze Rescht ass dann d'Gemeng zoustänneg – an nach eng Handvoll vu Benevoller, déi sech ganz vill Méi maachen, fir d'Kanner an de Sport an an d'Kultur ze kréien. Déi Aarbecht do gesinn ech an deenen nächste Joren ëmmer méi op d'Gemeng zoukommen. Soudatt mer eis schonn am Virfeld, an deenen nächste Budgeten, musse vill de Kapp zerbriechen, fir datt mer dat och hikréien.

Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, datt mer net ganz vill Zäit hunn, loosst

*pas avancé en cinq ans. Le stade Thillebierg va, quant à lui, enfin être stabilisé. Il est sur le point de tomber en ruines. Mais la faute n'en revient pas seulement au collège échevinal.*
*Le stade d'athlétisme était soutenu par le ministère, par trois communes et la Fédération d'athlétisme. Il semblerait que quand Differdange est devenue City of Sport, seuls deux échevins prenaient les choses sérieusement. Pour les autres, il s'agissait de finir dans les journaux.*
*Quand il voit l'état des clubs sportifs, le fait qu'il y a de moins en moins de bénévoles et de personnes voulant faire partie des comités, Fred Bertinelli craint que la situation ne soit bien différente dans dix ans. C'est pourquoi il faut analyser les infrastructures sportives dès maintenant et prendre les bonnes décisions.*
*Le collège échevinal veut recruter un coordinateur, mais cela ne va pas assez loin. Fred Bertinelli propose une table ronde pour discuter du futur du sport à Differdange l'année prochaine. En tout cas, la commune ne doit plus se considérer City of Sport. Car elle avait promis de faire beaucoup pour les handicapés, pour le grand public et pour les professionnels, mais rien n'a été fait. Peut-être que le collège échevinal a d'autres idées. Mais en attendant, la commune a signé un document pour obtenir le label et elle ne s'y est pas tenue.*
*Spodi est un bon projet pour les crèches et les écoles, mais il n'aide pas les clubs. Si l'on considère les grands clubs, ils doivent aller chercher 140 enfants à 18 adresses différentes. Pour Fred Bertinelli, il aurait fallu réformer le Diffbus et Dinola quand les transports en commun sont devenus gratuits. Le Diffbus circule pratiquement au même moment que le TICE. On pourrait l'utiliser pour conduire les enfants au sport, à la culture ou à la musique.*
*À terme, la commune devra prendre bien plus de responsabilités dans tous ces domaines, car c'est ce que la société demande. Les parents déposent les enfants à 7 h en maison relais et reviennent les chercher à 19 h. Le reste du temps,*

*la commune et quelques bénévoles sont responsables de leur encadrement. Ils doivent veiller à ce qu'ils puissent pratiquer du sport et prendre part à des activités culturelles. Cette mission sera fondamentale pour la commune au cours des prochaines années.*
*Fred Bertinelli n'est pas d'accord avec monsieur Liesch concernant le centre de Differdange et ses commerces. Ceux-ci sont au bout du rouleau. La semaine prochaine, plusieurs magasins vont fermer leurs portes. Améliorer les choses est un véritable défi pour la commune. Monsieur Muller a dit tout à l'heure qu'il fallait s'adresser à des professionnels ayant déjà réussi à redresser une ville industrielle au bord de la faillite.*
*Ce que la commune a essayé jusqu'à présent n'a servi à rien. Les personnes recrutées ont échoué. Les quelques projets ne tiennent pas la route. Fred Bertinelli en mentionne un où le bureau d'étude a été licencié à mi-parcours parce que les résultats ne correspondaient pas à ce que la commune voulait. Monsieur Liesch est bien plus optimiste que Fred Bertinelli.*
*Celui-ci se donne du mal pour Differdange et essaie d'y attirer des gens et des entreprises même s'il fait partie de l'opposition. Si tous les conseillers communaux en faisaient autant, la ville devrait pouvoir aller de l'avant.*
*Augmenter les taxes après la crise, c'est le clou. Differdange n'a pas connu une telle crise depuis quarante ans. Les gens vont mal. Il y a des gens qui n'auront pas assez à manger pour les fêtes et qui n'arrivent plus à joindre les deux bouts. Et voilà que le collège échevinal augmente les taxes et conseille aux démunis de demander de l'aide à l'office social. Mais les gens qui travaillent ont un peu de dignité et préfèrent s'en sortir seuls. Le collège échevinal sait pertinemment que les gens ne font pas les demandes nécessaires.*
*Les écologistes sont contre les parkings, une idéologie que Fred Bertinelli ne partage pas. Ils ne veulent pas en construire et la situation empire dans les quartiers. Les gens sont obligés de transformer leurs jardins de devant en place de sta-*

mech awer op déi eenzel Punkten agoen, wou ech responsabel war als Schäffen oder matgeschafft hunn, fir Déifferdeng hinzekréien.

Ech deelen net dem Här Liesch seng Meenung, wat eise Geschäftszentrum ugeet, wat eis Geschäfter ugeet. Fir mech leie se komplett um Buedem. Dir wäert gesinn, net méi spéit wéi uganks d'nächst Joer, wäerten eng ganz Rei Faillitte kommen. Geschäfter, déi hir Dieren zoumaachen. Dat gëtt eng riseg Aarbecht fir d'Gemeng, fir dat dote rëm hinzekréien.

Den Här Muller huet a senger Ried gesot, datt mer eis misse professionell Hëllef huelen.aAwer wierklech vu Leit, déi dat schonn eng Kéier matgemaach hunn. Mir haten hei mol esouer, deene mer nogelauschtert hunn, wéi een eng Stad erëm un d'Goe kritt.dDat hei war eng Stad an enger Industriekris, déi an der Belsch komplett zesummegefall ass an déi se mat eenzele Moyenen erëm un d'Goe kritt hunn. Alles dat, wat mer jo och bis elo probéiert hunn.

Et muss een einfach zouginn, datt dat eng Failliteerklärung war, datt dat eis guer näischt bruecht huet. Mir sinn net virukomm, mir hunn do Leit agestallt, mir hunn dat gemaach, mir ginn do verschidde Beispiller, déi dann och net d'Strooss halen. Mir hunn elo e Projet gemaach, wou mer dann an der Hallschent de Bureau d'études erëm dann entloossen, well et näischt gëtt. Well et net esou ass, wéi mer eis et virstellen. Wéi gesot, do sidd Der méi optimistesch wéi ech. Ech mengen, datt do nach e Rateschwanz hannendru kënnt.

Ech sinn en Optimist, gi mer ganz vill Méi, gi mer och d'Méi, fir meng Stad souguer dobaussen, och wann ech an der Oppositioun sëtzen, alles ze maachen, datt mer Leit a Geschäfter an Industrien hei op Déifferdeng kréien. Wann déi 19 heibannen dat maachen, wat ech gäre maachen, da misste mer jo och an deem Domän virukommen. Mee esou optimistesch wéi Dir dat gesitt, gesinn ech et leider net.

No enger Kris wéi dëser muss ech Iech awer soen – an ech hunn et hei haart gesot –, no enger Kris wéi dëser Taxenerhéijungen ze maachen, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass de Clou. Ech mengen, mir hate 40 Joer keng Kris méi wéi déi heiten, wou et de Leit esou schlecht geet.

Mir musse wëssen, datt vum 20. u Leit an d'Geschäfter ginn, no Iesse froen. Déi net méi iwwert d'Ronne kommen. A mir bréngen et fäerdeg, Taxenerhéijungen ze maachen. Bon, do ass jiddderengem säi soziaalt Gewëssen, sou wéi et ass.

Ech mengen net, datt et nëmmen duergeet, datt ee seet, dann erhéije mer eeben einfach dat an eisem Sozialbüro, fir datt d'Leit dohinner kéinte goen. Ech maachen net gären aus Leit, déi schaffe ginn, Bittsteller. Also d'Leit hunn och e bëssen Éier nach. Et sinn och ganz vill Leit, déi net dovunner profitéieren, déi éischter da probéieren, awer esou auszekommen, wéi no Aidë froen ze goen. Dat wësse mer jo duerch aner Aiden, déi mer erausbruecht hunn, wou kee sech dann um Office social gemellt huet, fir déi Aiden an Usproch ze huelen.

Wéi ëmmer huet den Här Muller de Budget am Detail am Numm vun der LSAP virgestallt, als Fraktiounssprecher. Ech wollt zu eenzele klenge Punkten hei Stellung huelen, sou och zum Verkéier.

Är Ideologie mat de Parkingen, dat muss ech Iech jo net all Joer soen, dat wësst Der jo, Dir sidd géint Parking, Dir wëllt keng bauen an et gëtt ëmmer méi schlëmm an de Quartieren. D'Leit huelen hir Virgäertercher ewech, fir hir Autoen dohinnerzestellen.

Dat ass eeben, wéi een Déifferdeng wëll gesinn. Ech wëll Déifferdeng net gesinn, datt an all Virgäertchen en Auto steet. Ech wëll gesinn, datt, wa mer esou vill wuessen, datt mer de Leit, déi en Auto hunn, Parkplazen zur Verfügung stellen. Soss musse mer de Leit soen, wa se op Déifferdeng wunne kommen, si solle sech keen Auto uschafen, well mir wëssen net, wou mer den Auto solle stellen.

Dat gesot, wëll ech Merci soen. Ech wëll der Madamm Buergermeeschter extra Merci soen – mol eng Kéier och deen anere Wee vun der Oppositioun –, well ech extreem gutt fannen, no deene Krisen, déi eis Stad hei hat, hutt Der Courage gewisen, Dir hutt de Bengel geholl, Dir hutt Iech dohinnergestallt an Dir hutt Buergermeeschter gespillt.

Et war net un Iech, mee Dir hutt dat awer gemaach.

Dës Kéier gitt Dir jo net méi mat, mee dee Respekt, deen erweisen ech Iech. Dir hutt dat wierklech mat vill Gefill an Häerz probéiert ze maachen. Duerfir soen ech Iech als Oppositiounspolitiker Merci. Och wann een net ëmmer där selwechter Meenung an der Politik ass, muss ech awer soen, datt Der dat gemaach hutt comme un bon père de famille ou une bonne mère de famille. An duerfir soen ech Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Bertinelli, fir déi léif Wierder, déi mech wierklech beréieren. An da géif ech d'Wuert elo weidergginn un d'Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Bierger, léif Nolauschterer, ech wäert op Kultur, Senioren, Soziales a Sport agoen.

Sport ass gutt fir d'Gesondheet, e bessere Schlof, manner Stress, manner Middegkeet, méi Ausdauer, manner Gereiztheet. D'Muskelen an d'Schanke gi gestäerkt an doduerch hu mer manner Arthrose, Osteoporos, manner Schankebréch.

Duerch de Sport kréie mer e bessere kierperlechen a psycheschen Equiliber an den Ausdauersport ass en Antidépresseur. Mir spueren also Follgekäschten, wa mer an de Breedesport investéieren.

Fir engem groussen Deel Kanner de Sport nozebréngen ass de Projet Spodi, Sport à Differdange realiséiert ginn. De Sport kënnt bei d'Kanner. Wéi de Sportsschäffen, den Här Paulo Aguiar, virun zwou Wochen hei am Gemengerot gesot huet, hunn de Service des sports mam Service de l'éducation et de l'accueil an de Responsabele vun de Maison-relaisen eng Léisung fonnt. Den 3. Juni hate mer d'Geleeënheet, de Projet an der Nidderkuerer Sportshal virgestallt ze kréien.

2023 kënnen d'Sportsclibb, wat d'Primmen ubelaangt, weiderhin op déi gutt Ënnerstëtzung säitens der Gemeng zielen.

Fir d'Memberskaarte fir déi Jonk ënner 19 Joer leet d'Gemeng weiderhi 50 % bäi, bei engem Plaffong vun 100 Euro.

Follgend sportlech Evenementer wäerte weider ënnerstëtzt ginn: De Steelrun, den i-Run, wou eng Persoun à mobilité réduite zesumme mat enger Persoun ouni Aschränkung en Team bilt, de Chrëschtlaf – beim 17. Chrëschtlaf huet et mech gefreet, esou vill Kanner am lokalen Trikot ze gesinn. Am Kader vun der Liichtathletik regrettéieren ech awer, dass mer kee Liichtathletiksterrain an eiser Gemeng hunn.

D'Kanner aus dem Precoce wäerten 2023 och um Sportsschouldag deelhuele kënnen. Beim Sport pour tous ass et ze begréissen, dass d'Coursë weiderhi vun der Gemeng organiséiert ginn, och am Summer am Fräien.

Déi al Sportshal zu Uewerkuer gëtt ganz renovéiert an den AS Terrain reamenagéiert.

Am Allgemenge sinn eis Infrastrukturen immens gutt. Et kritt een d'Gefill, Déifferdeng wier d'Stad vun den onbegrenzte Méiglechkeeten, wat de Sport ubelaangt, bal.

Ech soen dem Service des sports, Indoor an Outdoor, Merci. E grousse Merci och un d'Sportsclibb, un all d' Benevollen, un d'Sportler an un d'Elteren, déi onermiddlech hir Kanner op den Training bréngen, sou vill wéi méiglech ze Fouss, mam Vëlo a mam Transport en commun.

Soziales. Den Office social hëlt am Budget eng grouss Part. Ëmmer méi eng grouss. Leider. Mee och zum Gléck. Duerch déi schnell Hausse vun den Energiepräisser an d'Inflatioun sinn ëmmer méi Leit op ëmmer méi Ënnerstëtzung ugewisen. De Problem huet sech bis an d'Mëttelschicht verlagert.

Fir all déi Demanden, déi vum Office social geréiert ginn, brauch een natierlech genuch Personal. Dofir ass de Schlëssel vun enger Persoun, déi bis elo fir den Encadrement social op 6.000

*tionnement. Pour Fred Bertinelli, si le nombre d'habitants augmente, il faut plus de places de stationnement. Autrement, il faut prévenir les futurs résidents qu'ils ne peuvent pas posséder de voitures.*
*Fred Bertinelli tient à remercier madame Brassel-Rausch qui a eu le courage, après les crises, de devenir bourgmestre alors que ce n'était pas à elle de le faire. Elle a travaillé avec de la sensibilité et du cœur — en bonne mère de famille.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Bertinelli.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *va aborder les thèmes de la culture, des séniors, du volet social et du sport.*
*Le sport est bon pour la santé et réduit le risque de certaines maladies. Il améliore l'équilibre mental. Le sport d'endurance a des propriétés antidépressives. Si la commune investit dans le sport pour le grand public, elle en tire donc des bénéfices.*
*Spodi permet à des enfants de faire du sport à Differdange. Il s'agit de la solution trouvée par monsieur Aguiar, le service des Sports, le service d'Éducation et d'Accueil et les responsables des maisons relais. Le projet sera présenté le 3 juin au centre sportif de Niederkorn.*
*En 2023, les clubs de sport pourront compter sur les primes communales. La commune financera 50 % des cartes de membre pour les jeunes de moins de 19 ans avec un plafond de 100 €.*
*Le Steel-Run, l'i-Run et le Chrëschtlaf seront reconduits.*
*Nicole Wohl regrette que Differdange n'ait pas de terrain d'athlétisme.*
*Le centre sportif d'Oberkorn et le terrain de l'AS vont être réaménagés. Les infrastructures communales sont de bonne facture. En matière de sport, on a l'impression qu'à Differdange, tout est possible.*
*Nicole Wohl en profite pour remercier le service des Sports, les bénévoles, les sportifs et les parents qui conduisent leurs enfants aux entrainements.*
*Le budget alloué à l'office social ne cesse de croitre malheureusement. Les gens ont besoin d'aide à cause de l'augmentation du prix de*

*l'énergie et de l'inflation. Même les classes moyennes sont touchées. Pour gérer les demandes, l'office social a besoin de personnel. Désormais, l'office social dispose d'une tâche et demie pour 6000 habitants. Il va donc recruter des assistants sociaux dès janvier 2023.*
*Le Fonds national de solidarité a constaté une hausse des demandes de l'ordre de 30 %. L'allocation de solidarité représente 50 % de l'allocation de vie chère. On peut en faire la demande jusqu'au 31 décembre.*
*Par rapport à 2021, plus du double de Differdangeois ont demandé l'allocation de vie chère au 21 novembre 2022. Les dernières demandes ne sont pas encore rentrées. Ces aides permettent d'atteindre un certain équilibre. Sans elles, le prix à payer serait bien plus élevé même s'il ne peut pas être chiffré en euros.*
*Nicole Wohl en profite pour remercier le service social ainsi que l'Office social et son président, monsieur Patrick Salvi.*
*Les séniors peuvent consulter les informations les concernant dans une brochure vraiment chouette. Le service Senior Plus est actif dans la prévention, l'information, le conseil et le soutien. La commune financera une partie des repas sur roues en 2023. Des cours de sport sont proposés aux personnes âgées. Dinola permet aux personnes de plus de soixante ans de se déplacer à Differdange et jusqu'au CHEM à Esch.*
*La Fête des retraités aura lieu au printemps.*
*Les écologistes soutiennent le Club Senior. Ses activités permettent de préserver les compétences physiques et mentales des séniors aussi longtemps que possible.*
*En ce qui concerne la culture et Esch2022, Nicole Wohl tient à mentionner* Déi Wëll lafen am Bësch*, un projet participatif ayant connu un beau succès.*
*En 2023, la programmation de l'Aalt Stadhaus sera subventionnée par le ministère de la Culture. Pour Nicole Wohl, il manque un cinéma à Differdange.*
*Elle espère que le jumelage avec Mira sera dynamique. Un jumelage*

Awunner zoustänneg war, op 1,5 pro 6.000 Awunner geklommen.

Ab den 1. Januar 2023 rekrutéiert den Office social Assistants/es sociaux, sous réserve dass d'Modifikatioun vum Gesetz iwwert d'Aide sociale gestëmmt ass.

De Fonds national de solidarité verzeechent dëst Joer eng Hausse vun 30 % vun den Demandë par rapport, zum leschte Joer. D'Allocation de solidarité representéiert bei eis zu Déifferdeng 50 % vun der Allocation de vie chère. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass se nach bis den 31. Dezember kann ugefrot ginn.

De Budgetsposte fir d'Allocation de solidarité geet selbstverständlech sensibel an d'Luucht.

2021 hate ronn 1.600 Leit aus Déifferdeng eng Allocation de vie chère vum Fonds national de solidarité ausbezuelt kritt. 2022 ware bis zum 21. November 1.412 erakomm. 1,5 Milliounen Euro sinn ausbezuelt ginn. Dat ass eng zolidd Hausse, dat Duebelt par rapport zu 2021. A wéi gesot, déi lescht Demandë sinn nach net eran.

Et bleift extreem wichteg, dass mer op déi Manéier e relativen Equiliber schafen. Géife mer dat net maachen, wier de Präis, dee mer géife bezuelen, warscheinlech bedeitend méi grouss, och wann et schwéier an Euroen ze chifféieren ass.

Op dëser Plaz wëll ech dem Service social an dem Office social mat hirem President, dem Patrick Salvi, Merci soen.

Senioren. Et existéiert eng flott Broschür an e puer Sproochen, wou een all déi néideg praktesch Informatioune fir d'Seniore fënnt. Eis Gemeng mécht vill fir d'Senioren. De Service Senior Plus ass aktiv an der Preventioun, Informatioun, Berodung an Ënnerstëtzung, sief et fir Assurance dépendance, Maison de retraite, Maison de soins, Tutelle, Curatelle, fir Telealarm oder Repas sur roues unzefroen.

Zum Repas sur roues ass ze soen, dass d'Gemeng 2023 en Deel bäisteiere wäert.

Sportscourse fir Seniore ginn ugebueden.

Wat d'Mobilitéit ubelaangt hu mer 2023 den Dinola fir Leit iwwer 60, deen et erlaabt, op Rendez-vous innerhalb der Gemeng wéi bis an de CHEM Esch ze fueren.

Ech fannen et gutt, dass d'Rentnerfeier an d'Fréijoer geluecht ginn ass wéinst den héijen Infektiounszuelen am Allgemengen am Wanter.

Och de Budget vum Club Senior, eng Konventioun tëscht dem Staat an de Gemengen Déifferdeng, Käerjeng, Péiteng a Suessem, ënnerstëtze mer. D'Aktivitéite si geduecht, dass ee seng kierperlech a geeschtlech Kompetenze sou laang wéi méiglech erhale kann. An et ass e Lieu de rencontre. Ech soen de Servicer Merci fir hiert Engagement.

Kultur. Am Kader vun Esch2022 wollt ech „Déi Wëll lafen am Bësch" ervirhiewen, e flotte participative Projet mat vill Succès.

Och 2023 kréie mer d'Programmatioun am Ale Stadhaus mat Subside vum Kulturministère ënnerstëtzt. D'Kulturugebuet ass grouss zu Déifferdeng. E Kino vermëssen ech awer weiderhin.

Wann een eis Populatioun kuckt, da läit e Jumelage mat enger portugisescher Stad no. Mir hoffen, dass dee Jumelage mat der Stad Mira en dynamesche gëtt. E Jumelage mécht nëmme Sënn, wann et Echangen tëscht der Populatioun, de kulturellen a sportlechen Associatioune gëtt. Do ass dann d'Sprooch och eng manner grouss Barriär.

Schued fannen ech, dass un der Akustik vun der Kierch zu Lasauvage nogebessert muss ginn. Mee et ass net vu Muttwëll.

Flott fanne mer, dass den nationale Musée des marionnettes op Lasauvage kënnt. D'Iddi vun engem Musée de la photographie, wou mer eng Kollektioun zur Verfügung gestallt kréien, ass emol eppes anescht. An dat begréissen ech och.

2023 ass nees e Symposium vun de Skulpturen, wou d'Mobilitéit am Vier-

dergrond steet. Perpetuum mobile ass den Titel. D'Material ass fräigestallt.

Am Budget ass des Weidere virgesinn, fir Projeten am Kader vum Urban Art ze maachen. Ech soen dem Service culturel an dem CID op dëser Plaz Merci fir hiert Engagement.

Wéi eise Spriecher, de Georges Liesch, schonn ugekënnegt huet, stëmmen ech dëse Budget.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre vun der Press, de Budget rectifié 2022 huet sech trotz Pandemie an de Follge vum Ukrain-Krich an der Linn gehalen a mat engem Defizit vun nëmme ronn fënnef Milliounen Euro ofgeschloss.

Dofir steet de Budget 2023 ënner staarken Erausfuerderungen, wéi och an deenen anere Gemengen.

Fir 2023 ass en Ausgläichsprêt virgesi vu 14 Milliounen Euro, en vue, fir de Budget am Equiliber ze halen, wéi schonn erkläert.

Duerch d'Follgen a Relatioun mat der Inflatioun an dem Krich si verschidde Präisser geklommen. Verschiddener esouguer explodéiert.

Enorm geklomme sinn d'Energiekäschten, de Gas, d'Elektresch, d'Waasser, d'Pellets an d'Baukäschten. Déi am Moment virgesinnen Ausgabe klammen 2023, am Vergläich mat 2022, ëm 11 %. Ech huelen un, dass sech déi 11 % bestëmmt nach erhiewen.

D'Gemeng Déifferdeng huet 2022 vill gemaach, fir de Bierger ze ënnerstëtzen a wäert se 2023 am selwechte Mooss ënnerstëtzen. Oder gären ënnerstëtzen.

Ech denken do un d'Allocation de solidarité, déi sech zu 50 % un d'Allocation de vie chère ugepasst huet. An zum Beispill Subsid Loyer. D'Wunnenge ginn ëmmer méi deier. Ganz vill Leit ginn op d'Bank a kréie kee Prêt.

Elo kéim ech zum Theema Gravity-Tower, wou d'Gemeng Déifferdeng 2020 en Acte notarié ënnerschriwwen hat fir 80 Wunnengen an Emplacementer zu engem Montant vu 40.063.944 Euro, déi d'Gemeng zu sozial ugepassten a bezuelbare Präisser soit verlount oder zum Verkaf fräi gëtt. Bei 70 % verlounen an 30 % Revente gëtt dëse Projet vum Staat subventionéiert. Heimat ware mer als Gemeng scho Virreider vum Pacte Logement 2.0.

2023 ass d'Fäerdegstellung vum Gebai virgesinn. Déi lescht Tranche, déi nach opsteet, beleeft sech op 2,5 Milliounen Euro, Suppléments inclus.

Zum Pacte Logement. Duerch d'Participatioun um Pacte Logement 2.0 wäerte mir, laut Estimatiounen, fir d'Joer 2023 4.779.250 Euro kréien. Dës Sue kréie mir duerch d'Unzuel vun de subventionéierte Wunnengen, déi op dem Territoire vun der Stad Déifferdeng entstane sinn. Mee och duerch d'Unzuel vun de Wunnengen, déi vun der GLS, Gestion locative sociale, zum Beispill wéi AIS Kordall, geréiert ginn.

20 Milliounen Euro si virgesi fir Amenagement, dat heescht d'Ariichtung vun den neie Gemengenatelieren zu Nidderkuer. Dee ganzen Devis beleeft sech op 69.285.766 Euro.

Dat neit Polizeigebai um Parking Contournement soll ëm Ouschtere fäerdeg ginn. D'Gebai vun der Gemeng virfinanzéiert. Hei sinn elo nach siwe Millioune virgesinn. Boni définitif fir 2023 hätte mer 2.243.953,37 Euro. Dat wär jo ganz schéin an den haitegen Zäiten, well normalerweis hätt ech en Defizit geduecht.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a schléisse mech den Argumentatiounen an de Wierder vu mengem Virriedner, dem Här Meisch, un a wënsche mer och, dass eis Objektiounen a Reflektiounen eng Suite fannen. Nach e grousse Merci un all déi Persounen, déi um Budget rectifié 2022 an dem Budget initial 2023 geschafft hunn. Ech soe Merci.

*n'est pertinent que s'il engendre des échanges entre les populations.*
*Il est dommage qu'il faille améliorer l'acoustique de l'église de Lasauvage.*
*Le musée national des marionnettes constitue une bonne idée.*
*Le Symposium des sculptures 2023 mettra en avant la mobilité*
*Le budget prévoit aussi un projet dans le cadre de l'art urbain.*
*Nicole Wohl approuvera le budget.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *signale que malgré la pandémie et la guerre, le budget 2022 se solde par un déficit de cinq-millions d'euros seulement.*
*En 2023, le collège échevinal prévoit un emprunt d'équilibrage de l'ordre de 14 millions d'euros.*
*Avec l'inflation et la guerre, certains prix ont explosé. Christiane Saeul mentionne le gaz, l'électricité, l'eau, les pellets, les frais de construction… Les dépenses ordinaires grimpent de 11 %. Elle suppose que ce n'est pas fini.*
*Differdange continue de soutenir ses citoyens. L'allocation de solidarité se monte à 50 % de l'allocation de vie chère.*
*Les appartements coutent de plus en plus cher. À la banque, les gens n'obtiennent pas de prêts.*
*Avec Gravity, la commune a acquis 80 logements pour 40 063 944 €, qui sont revendus ou loués à des prix raisonnables. Le projet est subventionné par l'État. Differdange est donc pionnière en matière de Pacte logement 2.0. Le bâtiment sera terminé en 2023. La dernière tranche se monte à 2,5 millions d'euros.*
*Le Pacte logement devrait rapporté 4 779 250 € à la commune en 2023. La somme dépend du nombre de logements subventionnés créés à Differdange et du nombre de logements gérés par l'agence immobilière sociale.*
*Vingt-millions d'euros serviront à aménager les nouveaux ateliers communaux à Niederkorn. Le devis total s'élève à 69 285 766 €.*
*Le nouveau commissariat au contournement sera prêt à Pâques. Sept-millions d'euros sont prévus.*
*L'excédent définitif est estimé à 2 243 953,37 €. En ces temps difficiles, ce serait bien.*

*Christiane Saeul s'associe aux paroles, objections et réflexions de monsieur Meisch. Elle remercie tous ceux qui ont élaboré le budget rectifié 2022 et le budget initial 2023.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que le collège échevinal n'a pas à se cacher en matière de constructions contrairement à ce que certains semblent penser. Avec l'augmentation des prix, il faut veiller à mener à bon port des projets comme le CID, le centre sportif John-Scheuren, l'école du Bock et l'école de Niederkorn. Le collège échevinal a eu raison de freiner les autres projets.*
*L'entrée en ville est en train de prendre forme. Il existe un plan directeur.*
*Un nouveau parking est prévu dans le Haneboesch. Un autre a ouvert dans le centre-ville.*
*La place Jéhan-Steichen va être réaménagée. Le Diffbus sera optimisé et le Vël'OK sera développé.*
*Une étude analysera le raccordement des pistes cyclables à Pétange et Sanem.*
*Le trafic sera calmé dans la rue de Hussigny. Le rondpoint de Niederkorn sera réaménagé.*
*Les éclairages près des passages pour piétons seront améliorés.*
*Des bornes statio'minutes seront installées dans le centre.*
*Guy Tempels souligne l'importance du projet de suppression du PN 15 pour calmer la circulation dans le centre-ville.*
*La commune n'a pas d'autre choix que de participer à l'agrandissement de la centrale d'épuration du SIACH.*
*Sept-cent-mille euros sont destinés à net0cities.*
*Les potagers communaux seront développés. Le collège échevinal prévoit aussi un projet agrophotovoltaïque.*
*Le CID permettra aux ouvriers communaux de disposer de conditions de travail adéquates. La construction avance. Guy Tempels espère que les prix ne vont pas trop augmenter.*
*En ce qui concerne le parc automobile, la commune se contentera du nécessaire.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Nodeems mäi Kolleeg, de Jerry Hartung, schonns e groussen Deel vum Budget analyséiert huet, kucken ech schnell iwwert déi Punkten, déi mech éischter betreffen.

Bei de Baute brauch dëse Schäfferot sech net ze verstoppen. Vill Saache goufen an de leschte Joer geleescht, am Géigesaz wéi verschidde Leit heibanne mengen.

Bei deene Präisser, wéi mir se de Moment hunn, sollte mir kucken, déi grouss Projete wéi de CID, d'Hal John Scheuren, d'Bockschoul an d'Schoul zu Nidderkuer op en Enn ze bréngen. Eiser Meenung no war et richteg, verschidde Projete fir de Moment emol op Äis ze leeën.

Am Urbanismus a Verkéier si vill Saachen an der Maach. D'Entrée de la ville hëlt lues a lues Form un. Hei besteet e Plan directeur.

Am Haneboesch entsteet een neie Parking. Dëser Deeg ass deen neie Parking am Zentrum opgaangen.

D'Place Jéhan Steichen gëtt frësch amenagéiert. Den Diffbus wäert optiméiert ginn an de Vël'OK gëtt weider ausgebaut.

Et gëtt eng Etüd gemaach, fir d'Vëlosweeër a Richtung Péiteng a Suessem virunzebréngen.

D'Héisenger Strooss soll berouegt ginn. De Rond-point zu Nidderkuer gëtt frësch amenagéiert.

D'Beliichtung op eise Stroossen an den Zebrasträife wäerte verbessert ginn.

Bornes minutes wäerten an den Zentrum kommen, fir e Roulement vun de Parkplazen ze kréien.

Et schéngt eis wichteg, de Projet vun der Suppressioun vum PN15 net falen ze loossen, wann een de Verkéier an eisem Zentrum wëllt berouegen.

Wat eis Ëmwelt betrëfft, stécht en décke Posten eraus, eisen Deel, dee mir mam Ofwaassersyndikat S.I.A.CH. musse bréngen. Do komme mir net derlaanscht, dat ass den Ausbau vun der Kläranlag.

Ëm déi 700.000 Euro stinn am Budget fir den neie Projet NetZeroCities, fir d'$CO_2$-Emissiounen an eiser Stad sou gutt wéi méiglech erofzesetzen.

D'Diffprimme goufen iwwerschafft, hei gouf de Budget substanziell eropgesat.

Eise Geméisgaart soll vergréissert ginn. An et soll och e Kannerléiergaart entstoen.

Op der Zouener Kopp ass en Agri-Photovoltaik-Projet mat dräi Megawatt ugeduecht.

Dëst sinn d'Haaptpunkten, niewent villen anere klenge Punkten, déi hir Berechtegung hunn.

De CID ass ee vun eise wichtegste Bauprojeten, fir eisen Aarbechter déi néideg gutt Aarbechtskonditiounen ze ginn. Den Neibau kënnt gutt virun. Mir hoffen, dass mir hei net ze vill Präiserhéijunge kréien, déi am Moment oft um Ordre du jour sinn. Bei de Gefierer gouf just dat néidegt ugeschaf. Gréisser Posten, déi hei opfalen, sinn een neie Kiosk an ee Gefier fir de Service Jardinage.

D'Modernisatioun vun de Spillplazen an der Stroossebeliichtung souwéi de Reprofilage vun de verschiddene Stroossen/Trottoire sti wéi all Joer um Programm. Och op eise Kierfechter gouf vill geschafft. Hei kéint op verschiddene Plazen awer vläicht d'Sonorisatioun eng Kéier op de Leescht geholl ginn.

D'Ekonomie schéngt déi grouss Erausfuerderung fir eise Stadkär ze sinn, fir deen erëm ze beliewen. Hei wënsche mir der neier Ekipp, déi eise City-Manager ofgeléist huet, eng glécklech Hand.

D'Spuerkeess, d'Maison moderne um Fousbann, de „Miwwelchen", hei gëtt probéiert, mat neie Konzepter Leit op Déifferdeng ze lackelen. Och am Hane-

boesch fanne lues a lues déi méi kleng Betriber eng Plaz, grad esou wéi am 1535°.

Informatik. Eis Schoule sinn elo praktesch all mat Internet, WLAN, Beamer ekipéiert, wat wichteg ass, fir eis Schoul esou ofzehalen, wéi se de Moment gefuerdert gëtt.

Bei der Digitalisatioun gëllt et, um Ball ze bleiwen. Hei wäerte vill Gemengeprozesser automatiséiert ginn, fir e besseren Déngscht um Client an och fir eis Employéen, fir méi effizient ze schaffen.

Kultur. An der Kultur wäert et nom gutt gefëllte Programm vun Esch2022 d'nächst Joer liicht méi roueg ginn.

De Centre de promesses fir den Télévie steet um Programm. Hei sinn all eis Veräiner gefuerdert, hiren Deel zum Succès bäizedroen.

Vill Saache gi bäibehalen – den Här Ulveling hat eis se schonn opgezielt –, e puer falen der ewech. De Blues Express wäert mussen nei ugeduecht ginn, well hei eis Käschten déi lescht Joren explodéiert sinn.

D'Streik-Monument gëtt fir de Publik zougänglech gemaach. De Restaurant am Ale Stadhaus soll e Facelifting kréien.

Spodi an eise Maison-relaisen ass eng flott Aktivitéit, wat et awer scho bis ewell, wat d'Musek betrëfft, an eise Maison-relaise gouf.

Ee Jumelage mat Mira a Portugal soll kommen.

Wat den Tourismus ugeet, ass et un eisem Schäfferot, deen néidegen Drock ze maachen, dass mer endlech e Besucherzentrum an de Minett Park Fond-de-Gras kréien.

Sécher kann een iwwer verschidde Punkte streiden, ee gemeinsamen Nenner fannen ass ëmmer schwéier. Mir sinn der Meenung, dass dëse Budget als Bonne mère de famille opgesat gouf a wäerten e matstëmmen. Merci soe mir all deene Leit, déi un dësem Budget geschafft hunn, wéi och deene Leit, déi all Dag fir eis Gemeng am Asaz sinn. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, et wonnert Iech warscheinlech net, dass ech mech ëm d'Problematik vun der Sécherheet an der Mobilitéit hei an der Gemeng këmmeren a mer doriwwer Gedanke gemaach hunn. Hei ass d'Resultat vu menge Gedanken:

Sech sécher fillen an der Gemeng zu all Moment, op all Plaz, steigert d'Liewensqualitéit an ass e Recht vun all eise Matbierger. Sécherheet garantéieren a verbesseren ass eng wichteg Aufgab fir d'Politik an Zesummenaarbecht mat de Ministèren, der regionaler an der lokaler Police an de Bierger aus der Gemeng.

Dräi Elementer mussen zesummewierken: Preventioun, soziale Facteur a Repressioun. Feelt een Element, ass de Succès a Fro gestallt.

Leider muss ech feststellen, dass verschidde wichteg Elementer am Dossier vun der Majoritéit feelen: Kameraiwwerwaachung an der Géigend vum Park, säit dräi Joer geplangt, awer nach net operationell. An dat trotz positive Rapporte vun de Spezialisten, mee kengem positiven Avis vum Ministère.

An de Schoulen ass d'Iwwerwaachung mat de Kameraen autoriséiert, fir de Vandalismus anzeschränken. Eng gutt Saach. D'Fro drängt sech op, wat méi wichteg ass. D'Sécherheetsgefill vun den Awunner a Benotzer vum Park oder d'Reduzéiere vu Vandalismus an de Schoulen.

Et war rieds am Gemengerot vu Matbestëmmung bei der Sich no engem Locataire vun engem dubiéise Lokal an der Wierkstrooss. No verschiddenen Diskussiounen, Argumentatiounen a Visitte vum Objet ass näischt méi komm.

E Plan local de sécurité ass entstanen. Sécher e gudden Usaz. De PLS gëtt begleet vun engem Comité de pilotage,

*Des aires de jeux vont être modernisées ; des rues seront reprofilées et des trottoirs réparés. Des travaux sont aussi prévus dans les cimetières.*
*Guy Tempels souhaite bonne chance à l'équipe ayant remplacé le city management.*
*Le conseiller communal mentionne ensuite la BCEE, la maison Moderne et le Miwwelchen.*
*Le Haneboesch accueille plus de petites entreprises.*
*En matière d'informatique, les écoles sont toutes équipées de wifi et de projecteurs.*
*Les processus numériques de la commune seront améliorés pour offrir un meilleur service aux clients.*
*Le programme culturel sera plus calme après Esch2022.*
*Differdange sera un centre de promesses pour le Télévie. Guy Tempels exhorte les associations à participer.*
*Il est nécessaire de repenser le Blues Express, car les frais explosent.*
*Le monument en l'honneur des grévistes sera ouvert au public.*
*Spodi est une initiative chouette.*
*Mira et Differdange deviendront des villes jumelées.*
*En ce qui concerne le tourisme, Guy Tempels demande un centre pour les visiteurs dans le Fond-de-Gras.*
*Il est difficile de trouver un consensus lors des débats budgétaires. Mais les finances sont menées en bonne mère de famille. Guy Tempels remercie tous ceux qui s'engagent pour la commune.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *estime que le sentiment de sécurité améliore la qualité de vie des habitants. L'amélioration de la sécurité est une mission importante des ministères, de la police et de la commune. Pour y parvenir, il faut trois éléments : la prévention, le facteur social et la répression. Or, les caméras de surveillance ne sont toujours pas opérationnelles malgré les rapports positifs des spécialistes. En revanche, la surveillance des cours de récréation contre le vandalisme est autorisée. Mais la sécurité des usagers du parc dans le centre n'est-elle pas plus importante ?*

*Où en est le projet de changement de locataire d'un des cafés de la rue de l'Usine ?*
*Le Plan local de sécurité du Comité de pilotage est une bonne chose. Celui-ci a pour mission de localiser la criminalité et de faire des propositions. Malheureusement, les habitants du quartier ne font pas partie du Comité.Or, ce sont eux qui sont confrontés aux problèmes tous les jours. Ils devraient participer à toutes les discussions sur la sécurité, car personne ne connait mieux le quartier et personne ne souhaite plus qu'eux d'améliorer la situation.*
*Les socialistes soutiennent le recours à des éducateurs de rue. Ils entrent en contact avec les gens dans la rue, les aident et les informent.*
*La construction du nouveau commissariat avance. Les socialistes sont fiers d'avoir imposé le préfinancement du bâtiment en 2018.*
*Le dossier de la sécurité est vivant. Les citoyens doivent pouvoir en parler avec la commune. Chaque discussion améliore le sentiment de sécurité. Les riverains s'attendent des mesures concrètes pour pouvoir se sentir en sécurité.*
*Pour ce qui est de la mobilité, tout le monde connait la situation sur les routes. Tous les jours, il y a des embouteillages. Le collège échevinal investit dans des études, mais ne propose aucune solution. Il faut améliorer l'éclairage des passages pour piétons. Le bricolage ne suffit plus. Malheureusement, le budget pour l'éclairage est passé de 200 000 € à 150 000 €.*
*Les socialistes demandent depuis des années que les parcs de stationnement figurent dans le Règlement de la circulation. Autrement, les panneaux de signalisation n'ont aucune valeur.*
*Les études visant à calmer la circulation se multiplient — sans résultat. L'étude pour la suppression du PN 15 a couté 35 000 €, mais le ministre de la Mobilité n'en a pas parlé lors de la présentation de son Plan de mobilité 2035. Le projet est-il mort ?*
*La Commission de la mobilité discute du rondpoint de Niederkorn depuis cinq ans. Celui-ci engendre des embouteillages. Le collège éche-*

dee sech zesummesetzt aus dem Schäfferot, dem Personal vun der Gemeng Déifferdeng, de Membere vun der Police, de Membere vun de Partner. Si hunn als Missioun, d'Kriminalitéit ze lokaliséieren, ze erkennen a Verbesserungsvirschléi auszeschaffen. Leider vermësse mir bei dësem Kommitee d'Presenz vun de Bierger aus de Quartieren. Déi sinn am Alldag mat de Problemer konfrontéiert a kennen d'Detailer am beschten.

D'LSAP Déifferdeng ass der Meenung, dass d'Bierger mussen integréiert ginn an all de Sécherheetsfroen. Wie kennt seng Strooss, säi Quartier, säin Duerf besser a wien ass am stäerksten interesséiert un enger gudder Liewensqualitéit a sengem Entourage?

D'Zesummenaarbecht mat de Streetworker – säit Jore vun der LSAP gefuerdert, leider laang ignoréiert ginn – begréisse mir zu 100 %. Um Terrain de Kontakt an d'Gespréich siche mat Leit, déi d'Strooss als doheem ugesinn, ass mega wichteg. Hëllef leeschten, Informatioune weidergi vun eise sozialen Ariichtungen hunn och déi Leit verdéngt.

Et freet eis, dass de Bau vum neie Kommissariat gutt virukënnt. Mir si stolz, dass mir eis 2018 bei de Budgetsdiskussioune fir eng Finanzéierung duerchgesat hunn. Den Dossier Sécherheet ass net a Stee gemeesselt, et muss ee liewegen Dossier sinn, mat Zougang a Matsproocherecht fir all Bierger aus eiser Gemeng. Am Sécherheetsberäich dréit all Informatioun an Diskussioun zur Verbesserung vun der lokaler Situatioun bäi.

D'Politik däerf dat net ignoréieren, mee muss reagéieren. Etüden an Diskussioune mussen der Vergaangenheet ugehéieren. De Bierger erwaart sech konkreet Moossnamen um Terrain, déi zréck zum Sécherheetsgefill an eiser Gemeng féieren.

Ech ginn elo op d'Situatioun an der Mobilitéit an der Gemeng an. Ech mengen, ech brauch kengem hei am Sall Beweiser ze liwweren, wéi düster et op eise Stroossen ausgesäit. De Stau gehéiert zum Alldag. D'Politik ass gefuerdert. Vill Zäit a Geld ginn an Etüde gestach, Verbesserungen op eise Stroosse bleiwe leider aus.

An eiser Gemeng hu mer eng Mass Zebrasträifen, déi guer net oder schlecht beliicht sinn, aner sinn net iwwersiichtlech ugeluecht. Et geet duer mam Bastelen a Flécken. D'Zäit ass komm, fir eng global Sanéierung vun eisen Zebrasträifen. Leider stelle mir fest, dass e Budgetsposte fir eis ëffentlech Stroossebeliichtung vun 200.000 op 150.000 Euro reduzéiert ginn ass. Also behale mir däischter Zebrasträifen, däischter Stroossen an däischter Plazen an de Quartieren.

Säit Jore fuerdert d'LSAP, dass d'Parkhaiser an d'Verkéiersreglement integréiert ginn. Ouni dat ass d'Beschëlderung näischt Wäert a brauch net respektéiert ze ginn. Leider ass et bei eiser Fuerderung bliwwen.

Etüde gi finanzéiert mam Zil, eng Verkéiersberouegung am Zentrum, bei de Schoulen, um Fousbann, an der Zolwer Strooss, an der Emile-Mark-Strooss ze erreechen. Mir vermëssen e Resultat.

De Projet fir de PN15, d'Barriär zu Uewerkuer ze ëmfueren, huet eis 30.000 Euro un Etüde kascht. Bei der Virstellung vum Plan de mobilité 2035 huet de Mobilitéitsminister net méi dovu geschwat. An am kommunale Budget fannen ech dëse Projet och net erëm. D'Fro ass: Ass de Projet gestuerwen?

Säit fënnef Joer befaasst d'Mobilitéitskommissioun sech mam Rond-point zu Nidderkuer. Des Ëftere ware mir eis d' Situatioun op d'Plaz ukucken an hu festgestallt, dass e Rond-point mat ville Foussgänger zu Stau muss féieren. Dëst war och d'Resultat vun engem Bureau d'études. 130.000 Euro ginn elo investéiert, fir d'Situatioun ze verbesseren. Bei deem Invest kann ech mer net virstellen, dass mer vum Rond-point op eng Kräizung iwwerginn.

Laut Budget gëtt net vill Geld an d'Sécherheet vun eise Foussgänger a Vëlosfuerer investéiert. Zäit a Geld muss a Formatioun vun deene jugendleche Cyclisten a Relatioun mat der Sécherheet an dem Code de la route investéiert ginn. Gespréicher an de Jugendhaiser, de Schoule betreffend d'Zesummeleeë vum Foussgänger an dem Cyclist sinn e Must.

Vëloen, besat mat zwee oder souguer dräi Leit, benotzen den Trottoir, ouni

Récksiicht op d'Foussgänger ze huelen. Dës schrecklech geféierlech Biller mussen der Vergaangenheet ugehéieren. Verstäerkte Kontrolle vun eiser lokaler Police kënnen dës Situatioun entschäerfen.

Sichtlech Trennung tëscht dem Vëloswee an dem Foussgängerwee. Eng Beschëlderung, déi sech widderhëlt, a Markéierungen um Buedem wieren eng grouss Erliichterung fir all d'Benotzer.

Betreffend d'Mobilitéit an eiser Gemeng huet sech follgend Entwécklung an deene leschte Jore bemierkbar gemaach: Etüde gi gemaach vu verschiddene Situatiounen. Spontan gëtt hei an do ausgebessert, verschidde Pannoe reparéiert, Renovatiounen an Aarbechte ginn an de Quartiere realiséiert.

Dës Aktioune féieren zu deem Chaos, dee mir am Alldag mussen erliewen. Leider feelt e globaalt Mobilitéitskonzept fir d'ganz Gemeng. E Konzept, wou Joer fir Joer dru geschafft an investéiert gëtt, mam Zil eng Verbesserung vun der Verkéierssituatioun ze erreechen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif MatbiergerInnen, léif NolauschterInnen, wann ech héieren, dass zu Déifferdeng 120 verschidden Nationalitéite liewen – wow, dat ass wierklech beandrockend, eng Leeschtung. D'Fro ass: Liewe se hei oder liewe se och zesummen hei? Wat mécht d'Zesummeliewe liewenswäert? A wéi ass et iwwerhaapt méiglech, esou eng Villfalt op ronn 22 Quadratkilometer ze regruppéieren an ze organiséieren?

Et ass sécherlech schwéier, esou vill verschidden Natiounen ze mëschen. Mëschen ass och net dat richtegt Wuert, well, soll et, wéi een et ëmmer vun der amerikanescher Gesellschaft gesot kritt, e Melting Pot sinn, wou all d'Natioune matenee verschmëlzen an eng nei formen? Oder soll et éischter eng Salad Bowl sinn, wou all Nationalitéit seng Eegeschaft behält? Ech denken, d'Wourecht läit bei der Vinaigrette. An déi mixt Déifferdeng. Déi verbënnt déi verschidden Natiounen an déi mécht einfach Déifferdeng.

Duerch eng gewëssen Dynamik bréngе mir Déifferdenger et fäerdeg, eppes Extraes ze kreéieren. An dozou droe sécherlech och déi sëllegen Aktioune vun der Stad Déifferdeng bäi.

Ech denken do zum Beispill un d'Campagne Different together oder un de Festival des cultures, eise fréiere Multikulti.

Déi nei Awunner vun Déifferdeng vun Ufank u mathuelen an déi existent Dynamik ze fërderen, geléngt weiderhi bei der Foire des nouveaux habitants. E flotte Start fir e gutt an harmonescht Zesummeliewen hei zu Déifferdeng. Ech mengen, dat ass genau dat, wat mir brauchen, fir eng gewësse Kohäsioun zréck an eis Stad ze bréngen.

Kohäsioun heescht Abannen: Abanne vun neie Matbierger an Abanne vun auslännesche Bierger. Dohier gesinn ech et als immens wichteg, dass d'Stad Responsabilitéit iwwerhëlt, fir eis Matbierger. Sou ginn déi lëtzebuergesch an déi auslännesch Matbierger performant iwwert hiert Walrecht respektiv hir Walflicht informéiert.

Der Politikverdrossenheet an der Gesellschaft muss aktiv entgéintgewierkt ginn. Déi demokratesch a participativ Prozesser sinn esou wichteg an enger gesonder Gesellschaft. Mir gesinn all Dag, wéi Diktaturen op der Welt Mënschen an hir Rechter a Flichte mat Féiss trëppelen. Dofir musse mir informéieren, froen a virun allem hannerfroen. Dat fänkt scho bei de Klengste vun eis un.

De Formatiounszyklus Gender fir Kids an eise Schoulen a Maison-relaise weist de Kanner, wat si alles erreeche kënnen, an dat egal, ob si männlech, weiblech oder divers sinn. Och d'Zesummenaarbecht mam Zentrum fir politesch Bildung am Jugendberäich gesinn ech als immens wäertvoll un. Mir mussen d'Kanner vu jonkem un déi „richteg" Wäerter matginn, well Gewunnechten

*vinal compte investir 130 000 €. Guy Altmeisch doute que cela suffise pour aménager un carrefour.*
*Le collège échevinal n'investit pas beaucoup non plus dans la sécurité des piétons. Parfois, deux ou trois personnes circulent sur un même vélo sur le trottoir sans faire attention aux piétons. C'est dangereux. La police doit effectuer des contrôles. Il faut aussi une séparation nette des pistes cyclables et des chemins piétonniers ainsi qu'une signalisation et des marquages adéquats,*
*En résumé, le collège échevinal investit dans des études. Il effectue quelques bricolages spontanés dans les quartiers et ne fait qu'entrainer le chaos sur les routes quotidiennement. Il manque un concept sur lequel travailler d'une année à l'autre.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *est toujours enthousiaste d'entendre que 120 nationalités vivent à Differdange. Mais la question est de savoir s'ils* vivent *ou s'ils* vivent ensemble. *Comment peut-on regrouper et organiser une telle diversité sur 22 km²? Mélanger autant de nations n'a rien d'évident. Il faut par exemple se demander si l'on veut un* melting pot *comme aux États-Unis où les nations se mélangent pour en former une nouvelle ou bien un* salad bowl, *où chacun conserve ses différences. Pour Laura Pregno, la vérité est dans la vinaigrette, un mélange des deux systèmes.*
*Les différentes actions de la commune contribuent à dynamiser Differdange. Laura Pregno mentionne la campagne Different Together et le Festival des cultures. La Foire des nouveaux habitants permet d'inclure les résidents dès le départ. Cela contribue à un* vivre ensemble *harmonieux et cohérent.*
*La cohésion signifie que l'on arrive à inclure les nouveaux résidents et les résidents étrangers. La commune prend ses responsabilités en informant les futurs électeurs de manière efficace. Cela permet de lutter contre le désintérêt vis-à-vis de la politique. Les dictatures piétinent les droits des citoyens. C'est pourquoi il ne faut jamais cesser de*

*poser des questions et de s'informer.*
*La formation Gender for Kids montre aux enfants ce qu'ils peuvent accomplir qu'ils soient des filles ou des garçons. Les enfants doivent avoir des valeurs dès le plus jeune âge, car il est difficile de changer d'opinion plus tard.*
*Le Plan communal de la jeunesse est en train d'être élaboré. Il en était question depuis longtemps et monsieur Aguiar a décidé d'agir. Laura Pregno mentionne aussi la place aux jeunes.*
*Certains conseillers communaux ont souvent critiqué les préfinancements pour l'État. Mais le préfinancement d'un éducateur supplémentaire est absolument nécessaire. Ce besoin démontre que les jeunes profitent des offres de la Maison des jeunes.*
*Le système Vël'OK connait un succès croissant. Les écologistes se réjouissent de l'élargissement de l'offre. Ils saluent aussi le raccordement de pistes cyclables à Sanem et Pétange. Des connexions efficaces et une signalisation claire incitent la population à utiliser cette forme de mobilité.*
*Par ailleurs, la mobilité douce s'apprend dès le plus jeune âge. Laura Pregno mentionne l'école de vélo et propose la création d'un vëlobus en plus d'un pédibus.*
*Il est évident que l'on ne peut pas supprimer les voitures. Mais analyser le trafic en provenance de France et traversant le centre est une bonne chose. Ce sera peut-être l'occasion de rendre d'autres rues, où les automobilistes circulent trop rapidement, plus agréables.*
*Le parking du Haneboesch figure dans le budget. C'est important, car le CID va être construit, les entreprises du Haneboesch s'agrandissent et de nouvelles vont s'implanter. Il faut donc des places de stationnement pour soutenir le commerce dans cette zone.*
*Des réflexions sont en cours pour un parking dans le centre. Il permettra d'aider les commerçants au même titre que les bornes statio'minutes, au sujet desquelles les échos sont positifs. Le stationnement de courte durée rend le centre plus attractif pour faire ses courses. Il sert*

an Aart a Weise fir ze denke si ganz schwiereg ëmzegewinnen.

Am Jugendberäich gëtt aktiv um Plan communal jeunesse geschafft, eppes wouriwwer ech immens frou sinn. Dat stoung jo scho länger op der grénger To-Do-Lëscht a gouf elo vum aktuelle Jugendschäffe Paulo Aguiar an Ugrëff geholl. Grad wéi d'Schafe vun enger Jugendplaz, op déi ech spéiderhin an dësem Gemengerot agoe wäert.

Ëfters gouf hei am Gemengerot kritiséiert, dass d'Gemeng fir de Staat prefinanzéiert. Ech hoffen awer, dass jiddereen d'Noutwendegkeet am Jugendberäich gesäit. Eng Prefinanzéierung vun engem weideren Erzéier fir zwee Joer am Jugendhaus ass wierklech e wichtegt Element, fir déi scho breetgefächert Jugendaarbecht, déi an deem Beräich gemaach gëtt, ze komplettéieren. Dat weist, wéi vill Jonker vun dësem Ugebuet Gebrauch maachen a wéi d'Noutwendegkeet um Terrain ass.

Vill Gebrauch an ëmmer méi Gebrauch gëtt och vun eise Vël'OK-Statioune gemaach. Déi Gréng si frou ze héieren, dass dat Ugebuet erweidert gëtt an dass zäitno weider Quartiere vun Déifferdeng an de Reseau agebonne ginn.

Och begréisse mir d'Ubannung vun eisem Vëlosweeërnetz via Rue Pierre Gansen Richtung Suessem a via Péitenger Wee u Péiteng. Just duerch eng gutt Vernetzung vun de Vëlosweeër an enger klorer Signalisatioun bréngen fir et fäerdeg, dass dës Mobilitéit ëmmer méi Uklang bei eise Bierger fënnt.

An och do denken ech, dass d'Gewunnechte vun enger méi duusser Mobilitéit vu klengem u geférdert musse ginn. Wéi et jo schonn hei mat der Vëlosschoul gemaach gëtt.

Vläicht denke mir anstatt iwwer e Pedibus gläich iwwer e Bicibus oder e Vëlosbus fir eis Kanner no, wéi et schonn an anere Stied, zum Beispill zu Barcelona, de Fall ass.

Och wann déi gréng natierlech fir eng duuss Mobilitéit stinn a wëssen, dass den Auto a verschiddene Liewenssituatiounen an zu verschiddene Momenter net aus eisem Alldag ewechzedenken ass, begréisse mir, dass elo de Verkéier, deen aus Frankräich kënnt, dee reegelrecht duerch den Zentrum briedert, ënnersicht gëtt. Wéi deen ofgebremst ka ginn. Wëssend, dass se jo och laanscht eis gréisste Schoul fueren.

Vläicht ass dëst och eng Méiglechkeet, fir weider Stroossen, wou vill ze schnell gefuer gëtt, an eiser Gemeng erëm e Stéck méi sécher an doduerch méi liewenswäert ze maachen.

De Parking am Haneboesch fënnt sech am Budget zréck. Dëse war virun e puer Joer eemol ugeduecht ginn, ass dunn duerch aner Projeten an den Hannergrond geréckelt. Mir si frou, dass dës Iddi erëm opgegraff gouf. Duerch de Bau vun eisem neie CID wéi den Ausbau vun existente Betriber an d'Komme vun neie Firmen am Haneboesch, besteet akute Bedarf u Parkplazen. Déi si wichteg, fir déi kommerziell Aktivitéit an dësem Zoning ze ënnerstëtzen.

D'Méiglechkeet, dëst Parkhaus un den Zentrum unzebannen ass direkt matgeduecht ginn. Dat ass immens nëtzlech.

Genau wéi déi Station-Minutes-Bornen am Zentrum, fir eis Commercen ze ënnerstëtzen. Ech si frou, dass déi Bornen Uklang fonnt hunn. D'Method vum Kuerzzäitparke soll ausgebaut ginn.

Ech denken, dass dat sécherlech eisen Zentrum méi attraktiv mécht, well et déi kleng Kommissioune vereinfacht. Duerch esou Mesurë bréngen mir et fäerdeg, déi wéineg Commercen, déi am ale Stadkär iwwreg sinn, ze ënnerstëtzen an déi schwéier Zäit, déi se momentan hunn, e Stéckelche méi einfach ze maachen.

Och denken ech un déi sëllege Mesuren, déi ënnerholl ginn, fir de Stadkär méi interessant ze gestalten an nei Commercen heihin ze lackelen. Do ass eng richteg gutt Aarbecht vun der aktueller Koalitioun Déi Gréng/CSV gemaach ginn. Déi rezent Evolutioun an der Foussgängerzon, wou sech zwee Commercen am Markenhaus néiergelooss hunn, weisen, dass sech eppes deet.

Dat Gepëspers, wat dann elo an der Maison moderne soll geschéien, weist, dass sech eppes beweegt an eeben net alles just um Funiculaire geschitt, och wann dat da warscheinlech den neien Zentrum vun Déifferdeng gëtt.

Aner Stied hunn et fäerdegbruecht, an ech sinn iwwerzeegt, dass och Déifferdeng sech déi néideg Outile gëtt an déi néideg Man- respektiv Womanpower huet, fir déi zwee Zentere mateneen ze verbannen an do Brécken ze schloen, wou se néideg sinn. Fir dass déi zwee Zenteren an enger gewësser Interdependance matenee funktionéiere kënnen.

Ech gesinn déi verschidden Elementer vun der ekonomescher Entwécklung an dem Urbanismus als immens wichteg Puzzlestécker fir d'Reussite vun dëser ganz intensiver Aarbecht, déi sécherlech nach e puer Joer undauere wäert.

Ech hoffen, dass ech duerch déi puer Punkten an déi kuerz Illustratioun, déi ech elo gemaach hunn, weise konnt, dass dëse Budget vun der aktueller gréng-schwaarzer Koalitioun wuel en duerchduechten Exercice ass, dee sécherlech dacks déi richteg Akzenter setzt.

Och wann een net ëmmer alles richteg mécht an d'Oppositioun ëmmer vill kritiséiert, awer och net vill Neits proposéiert, gesinn ech dëse Budget als Resultat vu quasi sechs Joer intensiver Aarbecht, déi vill Courage erfuerdert huet. Ech denken do zum Beispill un d'Zrécksetze vu grousse Projete wéi den Ausbau vun der Gemeng, d'Manövréieren duerch d'Pandemie awer och duerch déi rezent Evolutioun duerch déi geopolitesch Situatioun an Europa.

Dohier vun dëser Säit aus e grousse Merci un déi Aarbecht, déi geleescht gouf, souwuel vun eisem Schäfferot wéi vun all de Leit, dem ganze Gemengepersonal, fir d'Gelénge vun dësem Exercice. Ech brauch jo wuel net ze soen, dass Déi Gréng dëse Budget matstëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass elo schwéier, no esou enger flotter Ried, nach e Wuert ze soen. Am Léifste géif ech näischt méi soen. Merci, Madamm Pregno, fir déi gutt Preparatioun. Ech muss just nach mäi Pefferkär bäileeën.

Dëst Joer hunn ech probéiert, de Budget duerch den ekologesche Bréll ze beliichten. Et ass natierlech schwéier, elo all d'Punkten ze ernimmen, déi ekologesch sinn an eisem Budget. An dach fannen ech a sämtleche Beräicher vun eisen Aktivitéiten, vun eise Budgetskapitelen a vun eise Budgetsartikelen e gréngen Touch erëm.

Dank eisem Schäfferot, dee sech allkéiers duerch de Kapp goe gelooss huet: Ass dat do elo an deem, wat mer wëllen? Ass et an engem nohaltege Gedanken?

Verschidde Beräicher sinn net esou betraff wéi anerer. Dat ass Fakt. Fakt ass natierlech och, wat iwwert d'Zäit eréischt gewuess ass, d'Bewosstsinn: Klimawandel, Aartestierwen, Naturkatastrophen, ratéiert Weltklimagipfelen, een hanner deem aneren, zënter 1991, zënter den 90er-Joren.

Am Ufank ass een als Ekologist ausgelaacht ginn, wann ee mat esou Fuerderungen oder Virstellunge komm ass. Haut, no 30 Joer, hëlt jiddwereen dat seriö. An et ass och ganz wichteg, dass mer dat seriö huelen an och deementspriechend handelen.

Dass et nach e wäite Wee ass, ass mer kloer. Eise Budget weist awer, verdeelt iwwer all d'Artikelen, dass eis Bautepolitik, eisen Urbanismus sech ëmstellt, dass gréng Amenagementer kommen, dass LED-Beliichtung eng Selbstverständlechkeet ass, dass eis Gebailechkeeten ekologesch ekipéiert a gebaut ginn, dass mer gréng Diech kréien, dass dat total normal ass a kenge stonnelaangen Diskussioun méi bedarf.

Am Tourismus musse mer oppassen, fir nohalteg ze ginn, zemools op eise Sitte Lasauvage a Fond-de-Gras. Do besti Projeten, et geet drëm, dass mer net iwwerlaf ginn, dass mer net engem Massentourismus ënnerleien. An ech mengen, grad dohinner ginn d'Bestriewungen.

Zemools, well mer déi grouss Chance hunn, europäesch ze gi mat eiser Minettregioun Unesco Biosphere, wou

*donc à soutenir les anciens commerces du centre.*
*La coalition actuelle prend des mesures pour rendre le centre-ville plus intéressant et pour y attirer des magasins. Deux commerçants se sont implantés dans la maison Moderne. Les choses bougent donc aussi ailleurs que sur le plateau du Funiculaire. Après tout, d'autres villes ont réussi à raccorder deux centres et à créer des synergies pour que les centres fonctionnent en interdépendance. L'économie et l'urbanisme sont des pièces du puzzle essentielles qui perdureront.*
*Tout cela démontre que le budget de déi gréng et du CSV est réfléchi et qu'il place les bons accents. Même si l'opposition n'est pas d'accord avec tout et qu'elle émet beaucoup de critiques, ce budget est le résultat de six années de travail intensif et courageux. Il a fallu reporter plusieurs projets, faire face à la pandémie et à l'évolution géopolitique en Europe…*
*Laura Pregno remercie le collège échevinal et le personnel communal pour leur travail. Les écologistes approuveront le budget.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*trouve difficile de trouver les mots après un tel discours. Il remercie madame Pregno pour sa préparation.*
*Il va s'intéresser surtout au volet écologique même s'il ne pourra pas énumérer tous les points. Chaque article budgétaire a une connotation verte grâce au collège échevinal, qui s'est demandé pour chaque projet s'il était vraiment durable.*
*Frenz Schwachtgen constate que les gens ont pris conscience petit à petit de l'importance du réchauffement climatique, de la disparition des espèces, des catastrophes naturelles et des conférences qui ont échoué depuis 1991. Au début, on se moquait des écologistes. Trente ans plus tard, tout le monde prend ces questions au sérieux. Maintenant, il faut agir.*
*Le budget differdangeois montre que les constructions et l'urbanisme s'adaptent à la nouvelle réalité. Frenz Schwachtgen mentionne les espaces verts, les éclairages DEL, les bâtiments écologiques, les toits végétalisés… Le conseil com-*

*munal n'a plus besoin d'en discuter des heures.*
*Il faut faire attention au tourisme à Lasauvage et au Fond-de-Gras. Il ne doit pas se transformer en tourisme de masse. Or, Frenz Schwachtgen a l'impression que c'est ce que certains veulent. Les terres Rouges sont en train de devenir européennes avec le projet Biosphère de l'UNESCO. Le Prosud prend aussi des mesures écologiques, car ce projet force les villes à devenir plus écologiques. Cela se remarque notamment dans la façon dont sont gérées les forêts.*
*Quand il n'y a plus assez de place pour de grands parcs, il reste des forêts miniatures. Mais lors de la planification de grands projets de construction, il ne faut pas oublier les parcs et les aires de jeux qui vont avec.*
*L'agroforesterie sur la colline est une chose formidable.*
*La Commission sociale est à l'origine du projet antigaspillage. Chapeau !*
*Frenz Schwachtgen mentionne ensuite l'école Nature, l'alimentation saine dans les maisons relais et le campus Kannerbongert.*
*En ce qui concerne la culture et les fêtes, on s'est moqué du Cup System, mais aujourd'hui, grâce à la laverie industrielle de Belvaux, toutes les communes du Sud en profitent.*
*L'Ecobox doit encore s'intégrer au quotidien.*
*Net0cities est un projet phare pour atteindre la neutralité climatique. Differdange est pionnière en la matière. Même si les études coutent cher malgré les subventions de l'État et de l'Europe, le jeu en vaut la chandelle. Si l'on ne prend pas de risque, on risque de prendre du retard.*
*Frenz Schwachtgen passe aux couts engendrés par la gestion de l'eau, c'est-à-dire la transformation de l'eau des canalisations en eau potable. La nouvelle station d'épuration coutera plus de 70 millions d'euros aux communes du bassin de la Chiers. Ces efforts sont nécessaires tout comme il est essentiel d'optimiser les canalisations et de lutter contre les inondations. Mais on n'en serait peut-être pas là si on avait fait plus attention au cours*

mer natierlech méi Leit an d'Land an hei an eisen Eck kréien.

De Pro-Sud huet sech an där Hisiicht och verännert, dass en effektiv e ganze Koup ekologesch Initiativen hëlt. Well de Biosphere obligéiert eis, och un eis Stied ze denken, eis Stied méi gréng ze maachen, eis Stied méi ëmweltfrëndlech ze gestalten an all deem wat mer upaken.

Dat weist sech och an eiser Forstpolitik: Klimaugepasste Forstwirtschaft ass do, ass um Kommen, ass wëssenschaftlech onbedéngt néideg.

Tiny Forest – fir mech éischter de Begrëff: Wa mer net méi genuch Plaz hu fir grouss Parken, maache mer wéinstens emol nach Tiny Forests. An, wéi scho gesot, mir musse bei neie Bauprojeten oppassen, dass mer grouss Parke maache mat Tiny Forests dran, well mat Tiny Forest riskéiere mer, dass mer eis Spillplaze méi kleng maachen. An dat ass erëm eng Kéier eng Diskussioun, déi dann ufält.

Agrikultur, Agroforestry hu mer um Bierg. Gitt dat kucken, dat gëtt eng formidabel Saach.

Iwwert d'Sozialkommissioun hu mer de Projet Antigaspi méi no kritt, duerch déi Ausstellung, déi an der Sozialkommissioun gebuer ginn ass. Chapeau, à la bonne heure!

Am Enseignement hu mer Initiativen a Projete vun der Naturschoul aus, vun de Maison-relaisen aus, gesond Ernärung etc. Bëschschoul, Bëschcrèche bréngt nei Impulser och an deene Saachen, bréngt de Kanner an den Enseignanten d'Natur méi no.

Kultur a Festivitéiten: De Cup-System ass am Ufank belächelt ginn, haut hu mer eng Wäschstrooss zu Bieles, déi am Fong dee ganze Süden, dee ganze Pro-Sud ka betreien an hygieenesch spullen, mat kuerze Weeër.

Ecobox gëtt agefouert, ass virgestallt ginn. Dat muss nach, no enger Gewinnungsphas, zum Alldeegleche ginn, dann ass och dee Wee gepackt.

Wann ech op d'Kapitel néng aginn, dat am Fong Environnement gedeeft ass an eisem Gesamtbudget, esou kéint ee weiderfueren, all Budgetskapitel ze analyséieren, kéint een e ganze Koup Usätz effektiv fir Nohaltegkeet iwwerall ze installéieren.

Kapitel sechs NetZeroCities, wat elo schonn e puermol ernimmt ginn ass, e Projet phare fir CO2-Neutralitéit, wou mer am ganze Land Virreider sinn. Et muss ee soen, en Experiment an enger neier Liewensopfaassung. Ech fannen dat immens wichteg. Och wann déi Etüde kaschten, och wann déi eis selwer eppes kaschten, mat Subventiounen oder Subside vum Staat a vun Europa, ass et derwäert, déi Experienzen ze maachen. Een, deen net experimentéiert, dee kee Risiko ageet, dass dat Experiment och schifgeet, dee bleift stoen a geet zréck, virun allem am Natur- an Ëmweltberäich.

Wa mer kucken, wat d'Waasserwirtschaft eis kascht, also haaptsächlech op deem Punkt, wou mer aus propperem Drénkwaasser am Fong Kanalwaasser maachen, wat dat eis kascht, fir dat erëm propper ze maachen. Dat kann ee sech bal net virstellen, dass de Mënsch an anere Länner géif op déi Iddi kommen, wou en néideg hätt, d'Waasser ze drénken. Mir mussen noutgedrongen nei Kläranlage bauen, déi souwäit ech am Bild sinn, d'Kordall-Gemengen iwwer 70 Millioune kaschten. Mir mussen déi Efforte maachen. Mir mussen eist Kanalnetz optiméieren, géint Iwwerschwemmunge kämpfen a wieren.

Déi Projete musse sinn, well mer vläicht déi lescht 20, 30 Joer inconscient mat verschiddene Saachen ëmgaange sinn. Soss wiere mer vläicht net esou wäit.

Ech zitéieren awer och positiv Punkten doraus: D'Kalekerbaach soll renaturéiert ginn. Déi gëtt verbonne mam neie Park um Fousbann, gëtt verbonne mam Plateau du Funiculaire, gëtt verbonne mat Nidderkuer. An all déi Projeten, och mat eisem Floss-Vertrag mat der ganzer Chiers-Géigend bis hin op Lonkech, bis hin op Zounen an Herserange, si Projeten, déi a fënnef oder zéng Joer wäerte wierken.

Wann ech d'Gréngs an der Stad kucken. Eis Bamekipp, déi mer gottseidank opgestallt hunn, muss sech ëm Dausende vu Beem bekëmmeren, Planzen ënnerhalen a schützen. Well d'Leit nach ëmmer mengen, do kéint een egal

wat ronderëm de Bam maachen, e Bam téitschen.

Mer schaffe mat automatesche Bewässerungen. Ech soen Iech, ech stelle mer heiansdo Stied vir, wou d'Stroosse voll si mat 40-, 50-, 60-järege Beem. Verschidde Boulevarden zu Esch sinn esou, wou Leit viru 50 Joer dru geduecht hunn, fir Beem ze planzen a se ze halen. Ech stelle mer déi Plaz dobausse vir an 20, 30, 40 Joer – wéi schéi, sauerstoffräich an ekologesch dat an deene Fäll ass.

Ech brauch net alles opzezielen, Dir wësst et. Pacte Nature, Klimapakt, Klimabündnis, Territoire Naturel Transfrontalier, SICONA – alles dat si Mechanismen an Organismen, déi mer geschaf hunn, déi och Sue kaschten, déi am Budget erëmzefanne sinn, déi eis trotzdeem an deem grousse Match vun der Nohaltegkeet vun der Ekologie e Schrack méi wäit bréngen.

Eis Offallgestioun kuerz ugeschwat. Eis Syndikater: Minett-Kompost, S.I.A.CH., Valorlux-System, Recyclingshaff, déi si méi oder wéineger am Budget verstoppt, mee si gi jiddwereen eppes un. Dohannen hu mer Poubellë stoen. Wa keng do wieren, kéinte mer eise Müll hei net trennen a mer géifen e vläicht an d'Natur geheien, wa mer inconscient wieren.

Sensibiliséierungscampagnë sinn och am Budget verstoppt, dat geet iwwert d'Manpower, déi mer op der Gemeng hunn, virun allem eise Service écologique, awer och ëmmer méi Aarbechter, Beamten a Chef-de-servicen héieren ech, mir passen drop op, mir hëllefen do. Dat ass e Signal, wat ech virun zéng, 15 Joer hei an der Gemeng net esou gespuert hunn.

An et geet leider och ëm Iwwerwaachung, Iwwerwaachung vun eise Beem, Iwwerwaachung vun eise Parken, kee Müll op d'Strooss, kee Müll an de Bësch. Dat heescht, et geet och ëm Sanktionéierung, wann et muss sinn, vu kriteschen Acteuren.

Net nëmmen déi kleng Pollueuren, déi nach ëmmer mengen, hir Zigarettestëmp aus dem Auto deenen anere misse virun d'Dier ze geheien oder den Hondskack, mee doriwwer eraus och ëm déi grouss Pollueuren, déi potenziell Pollueuren, déi eis Loft belaaschten, esoudass mer krank ginn. Et geet och drëm, dass mer deen eenzelen ënnerrichten an him soen, e soll keng Pestiziden a sengem Gaart oder op sengem Trottoir versprëtzen, mee e soll effektiv déi Liewensqualitéit halen, déi mer vun der Natur kritt hunn.

Meng Konklusioun. Déi Analys vum ganze Budget mécht mer einfach Hoffnung fir d'Zukunft, dass mer an deem Sënn déi Saach lues a lues optiméieren.

Loosse mer soen, meng Karriär geet jo elo zu Enn an dësem Gemengerot. Ech wëll awer dem Schäfferot, eiser Koalitioun wéi och alle Gemengeréit – dem Här Weirich speziell, deen huet wierklech d'Ekologie och a senger Ried ganz kloer betount, mee ech mengen och all déi aner Parteien, déi heibanne sinn, si sech deem Challenge bewosst. An deen Challenge musse mer ugoen.

Mer sinn elo um Enn vun enger Legislaturperiod. Den nächste Budget ass eng nei Ekipp do. Ech hoffen natierlech, dass et déi al ass, vläicht erweidert mat aneren, mee dat ass eng politesch Fro, déi iwwert déi Ziler erausgeet, déi eng Gemeng sech stellt an déi och jiddwereen de Mueren hei betount huet, wat him speziell wichteg ass.

Fir déi Gréng a fir mech perséinlech ass dee Punkt, deen ech elo e bësse wollt ausféieren, e Grond méi, dee Budget och ze stëmmen, well soss hätt ech e Problem dermat.

Ech wëll all deene Leit, déi mat mir, an och an der Ëmweltkommissioun an esou virun, zesummegeschafft hunn déi lescht Joren, villmools Merci soen. Awer och all deene Leit, déi un dësem Budget geschafft hunn an och virun allem deenen, déi de Budget herno ëmsetzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Schwachtgen. Ech mengen, mir hunn den Tour gemaach. Oder hunn ech elo nach ee vergiess?

Ech géif virschloen, mir zéien eis eng zéng Minutten zréck. Et si vill Froe gestallt ginn. Mir wäerten e Choix maachen, wourop mer äntweren. An da

*des vingt ou trente dernières années.*
*La Kalekerbaach va être renaturée. Elle sera raccordée au Fousbann, au plateau du Funiculaire et à Niederkorn.*
*Le service des Arbres s'occupe de milliers d'arbres à travers la ville. Malheureusement, certains continuent de penser que l'on peut traiter les arbres comme on veut. Frenz Schwachtgen pense à certains boulevards à Esch avec des arbres de quarante, cinquante ou soixante ans. Il imagine la beauté et l'importance de ces sites dans trente ou quarante ans.*
*Frenz Schwachtgen mentionne ensuite le Pacte nature, le Pacte climat, le territoire naturel transfrontalier ou SICONA, qui coutent de l'argent, mais sont importants pour l'écologie.*
*Les syndicats s'occupant de la gestion des déchets sont cachés dans le budget, mais ils sont essentiels. Le centre de recyclage permet de faire le tri.*
*Le service écologique est impliqué dans les campagnes de sensibilisation, mais d'autres services interviennent aussi dans les questions écologiques. C'est quelque chose que Frenz Schwachtgen ne constatait pas il y a 10 ou 15 ans.*
*Les parcs et les arbres doivent être surveillés et, si nécessaire, des sanctions doivent être appliquées. Mais pour Frenz Schwachtgen, il ne suffit pas de sanctionner les petits pollueurs qui jettent un mégot ou dont le chien fait ses besoins, mais aussi les grands pollueurs qui nous rendent malades. Il faut aussi éviter l'utilisation de pesticides.*
*Ce budget donne l'espoir à Frenz Schwachtgen qu'une optimisation est en cours. Il constate que sa carrière politique touche à sa fin. Il a particulièrement apprécié les remarques écologiques de monsieur Weirich, mais les autres partis politiques ont compris le défi à relever.*
*Le prochain budget sera élaboré par une nouvelle équipe avec ses priorités. Aujourd'hui, Frenz Schwachtgen tenait à parler de l'écologie, qui luit tient à cœur. Les points énumérés expliquent pourquoi il approuvera le budget.*
*Il remercie les membres de la Commission de l'environnement pour*

*leur travail, ceux qui ont élaboré le budget et ceux qui le mettront en pratique.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que le tour de table est terminé.*
*(Interruption)*
*Le collège échevinal va se retirer pendant dix minutes avant de répondre à une sélection de questions.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch tient à remercier les conseillers communaux pour leur discipline et pour le ton employé. Differdange a montré le bon exemple en matière de débat politique même si tout le monde n'est pas du même avis. Un grand merci.*
*En ce qui concerne le PN 15, le collège échevinal s'est entretenu avec le ministre Bausch, l'administration des Ponts et Chaussées, les CFL… La décision n'a pas été facile à prendre, mais d'après les spécialistes, ce ne serait pas une bonne idée de créer un passage souterrain. Monsieur Schwachtgen vient de parler de durabilité. La commune veut-elle vraiment entreprendre une telle transformation de la mobilité pour faire plus de place aux voitures ? Tout au plus, le collège échevinal pourrait prévoir un pont pour permettre aux piétons de passer.*
*Christiane Brassel-Rausch répète qu'il faut se poser la question de savoir si l'on veut donner encore plus de place aux voitures, qui monopolisent déjà l'espace. Or, les écologistes ne veulent pas laisser le monopole à la voiture. En plus, les travaux requis sont énormes d'un point de vue technique et urbanistique. Il s'agit d'une question d'urbanisme et de mobilité douce.*
*Quelqu'un qui veut passer par le boulevard doit prendre le temps en considération. C'est ce que la bourgmestre a fait pendant les années à Schifflange. Il suffit de partir cinq minutes plus tôt. C'est facile.*
*De longues discussions ont été menées concernant le centre pour visiteurs du Fond-de-Gras. Fin janvier, une entrevue a eu lieu avec madame Tanson. Les positions divergent. La commune a chargé l'agence* Maitre des rêves *de réaliser un plan approuvé par tous les*

kënne mer duerno mam Ordre du jour virufueren. Villmools merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, wéi virdru scho gesot, et si vill Froe gestallt ginn. Mir maachen e Choix, op déi mer Iech wëllen äntweren. Ech fänken u mat den Äntwerten, duerno ginn ech weider un eis Schäffen.

Ech wollt Iech awer nach villmools Merci soen, éischtens fir Är Disziplin, dat heescht d'Respektéiere vun den Zäiten, sou, wéi et ofgemaach ginn ass. dDat weess ech ze schätzen.aAwer och, dass den Toun ganz korrekt bliwwen ass. Wou ech mengen, wou mer mat engem gudde Beispill virginn, wéi d'Politik ka gemaach ginn, och wann een net ëmmer déi nämmlecht Usiichten huet, net ëmmer déi nämmlecht Meenung huet, dass et awer den Toun ass, deen d'Musek mécht. An dofir soen ech als Buergermeeschtesch alleguer de Gemengeconseilleren e grousse Merci, dass mer dat fäerdegbruecht hunn. Dat ass e ganz flotte positive Punkt, deen ee soll maachen.

Ech ginn op zwou Saachen an. Dat eent ass de PN15, dat ass elo vun zwou Säite komm, dofir beäntwerten ech déi Fro. De PN15, ech hat probéiert, Iech ze erklären, dass mer eng riseg Entrevue am Ministère mam Här Bausch haten, wou all Institutioun vertruede war, Ponts et chaussées, CFL an nach aner Leit, déi ech elo sécher vergiessen.dDass déi Decisioun net liichtfankeg geholl ginn ass, mee dass mer opgrond vun Analysen och, an dass mer gesot kritt hu vun deene Leit, dass et eng gutt Iddi wär, déi Ënnergruewung vun deem PN15 opzeginn.

Dat heescht, dat ass elo net meng Decisioun ganz eleng, och wann ech dofir astinn. Firwat ass et an engem Sënn elo liicht gefall? Den Här Schwachtgen huet laang a vill vun Nohaltegkeet geschwat. D'Fro, déi sech de Schäfferot gestallt huet, ass: Wëlle mer wierklech esou e risegen Agrëff an eis Stad maachen an der Mobilitéit, dat heescht, den Autoen nach méi Plaz ginn, déi den ëffentleche Raum elo scho besetzen.

Oder gi mer op de Wee – wat ugeduecht ass –, à la rigueur e Passage ze maache fir Foussgänger a fir d'Mobilité douce? Dass déi iwwer eng Bréck iwwert déi Barriär do kommen oder ënnendrënner kommen, à voir. An d'Autoen hunn de Boulevard, iwwert dee se kënne fueren. Mir hunn e grousse Boulevard do gebaut.

Wéi gesot, d'Fro fir mech ass ganz kloer: Wëlle mer den Autoen nach méi Plaz, nach méi Raum ginn, dee se absolutt elo scho monopoliséieren? An ech hunn awer d'Strategie gemengt verstanen ze hunn, dass mir als Gréng vläicht wëllen dem Auto net méi de Monopol vum ëffentleche Raum iwwerloossen. Mam Gedanken, dass et en immensen Aschnëtt, souwuel en technesche wéi en urbanen Aschnëtt an eis Stad gëtt. A wëlle mer dat wierklech hunn?

Dat ass dat, wat ech an deem Kontext ze soen hunn. Et ass, mengen ech, eng Iwwerleeung am Sënn vun Urbanismus vun der Stad an och vun der Mobilité douce. A wann een onbedéngt iwwert déi Barriär wëll fueren – si ass jo elo op, ech stoung elo net dacks virdrun –, wann ee weess, datt een iwwert d'Barriär fiert, dat hunn ech jorelaang zu Schëffleng gemaach, da plangt een Zäit mat an. Da muss een einfach fënnef Minutten éischter fortfueren. Dat ass eng ganz einfach Méiglechkeet, fir de Problem Barriär ze ëmgoen. Wéi gesot, dann hu mer nach e grousse Boulevard, deen et erlaabt, laanschtzefueren.

Zum Besucherzentrum, well deen och zweemol komm ass am Fond-de-Gras: Als Directrice adjointe kann ech soen, dass do laang a vill Diskussioune waren, an dass sech och vill deet am Fond-de-Gras. Ech kann och soen, dass mer, net méi spéit wéi am Januar eng Entrevue mat der Madamm Tanson hunn, fir iwwert de Fond-de-Gras ze schwätzen. Et gëtt verschidde Positiounen. Mir hunn e Plan de maître des rêves un de Ministère de la culture geschéckt. Deen ass mat all de Parteien zesummen ausgeschafft ginn, wou ënner anerem och de Besucherzentrum dran ass.

Elo ass ze kucken: Wat seet d'ANF zu deene ganze Projeten, déi do bevirstinn? An da musse mer nach waarde mam PAG, d'Modification PAG, well mer eis jo och ugläiche mussen un d'Péitenger, dass ee kann do bleiwe sans séjour. Dat hänkt alles zesummen.

Ech kann Iech just soen, am Moment gëtt vill am Fond-de-Gras geschafft, un der Iddi am Minett Park, wat alleguer déi do Sujeten ubelaangt. A mir waarden nach op verschidden aner Avisen. Wéi gesot haaptsächlech d'ANF, déi seet, inwiefern mer déi Projeten, déi am Maître de rêves ugeduecht sinn, kënnen ëmsetzen, ob se ëmsetzbar sinn. An dann op enger Zäitschinn, well et kann een dat jo net an engem Siess maachen, dee ganze Fond-de-Gras.

Dee klenge Bësch, Här Schwachtgen, wollt ech Iech soen, iwwert deen ech immens frou sinn, dass mer e realiséiert hu mam Fierschter zesummen, mat der ANF zesummen. Natierlech si Spillplazen immens wichteg hei an der Gemeng. Et wäert och elo an nächster Zäit am Zentrum eng derbäikommen, souwäit ech verstanen hunn – fir se net ze nennen, an der Groussstrooss.

An ech wëll Iech awer just soen, dass dee klenge Bësch, deen ass jo geduecht, fir am dichtbesidelten urbane Raum e Mikroklima ze schafen. An dass do, wou en elo ugeluecht ginn ass, dass dat keng Spillplaz war, mee dass dat eng ganz grouss Toilette war fir eis Hënn. An dass mer an deem Sënn gutt gehandelt hunn, dass mer elo dee Bësch hunn – an der Hoffnung, dass et net nach méi eng grouss Toilette gëtt.

Mee dat läit nu mol net an eisem Ermessen, awer vläicht an den zukünftege Kompetenze vun eisen Agenten, déi dat kënne mathuelen. Mir sinn déi éischt Gemeng, déi esou ee klenge Bësch zustane bruecht huet. Dee musse mer elo dräi Joer heegen a fleegen, fir dass e sech herno selwer kann iwwerlooss ginn an hoffentlech mam Zil, dass e wierklech den Awunner vun deem Quartier do, wou vill gebaut ginn ass, en Havre de paix bitt, wann et mol ganz waarm ass. An net nëmmen de Leit, mee och den Déieren, de Villercher an den Insekten.

Da wollt ech dem Här Muller nach ganz kuerz soen: Här Muller, ech hunn net gekrasch, wéi ech de Budget virgestallt hunn. Ech wollt just ganz kloer drop opmierksam maachen, dass mer an enger schwiereger Situatioun sinn, dass mer se als Schäfferot en compte geholl hunn, an dass mer eeben net, wéi mer et vu verschiddene Leit aus der Oppositioun virgeworf kritt hunn, den zukünftege Schäfferot hypothekéieren, déi Hypothéik sou kleng wéi méiglech halen.

Dat waren d'Beweeggrënn vun eisem Budget, wéi mir Iech e virgestallt hunn. An och fir am Fong e bëssen ze warnen: Hei, et kënnt vläicht eppes, passt op! Dat war eist Bestriewen.

Elo géif ech dem Här Ulveling, dee mer e ganze Koup Saachen ofgeholl huet, d'Wuert weiderginn, fir op verschidde Froen ze äntweren.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Och ech wëll soen, dass ech nach ni eng Budgetssitzung wéi déi heite kuerz virun de Wale materlieft hunn, wou et ganz serein zougaangen ass. Dass mer net ëmmer all enger Meenung sinn, ass kloer. Mee ech mengen, et war awer, wéi d'Madamm Buergermeeschter scho gesot huet, e konstruktiivt Gespréich an et ass keen ugerempelt ginn. An dat ass och eppes Neits.

Ech si just e bëssen traureg, well ech och der Meenung sinn, dass mer nach ni esou vill gelueft si ginn, fir dat, wat mer gemaach hunn. Esou vill Positives ass ënnerstrach ginn. Dofir sinn ech e bëssen traureg, dass déi sougenannten Oppositioun sech net duerchrénge ka fir ze soen: Okay, mir stëmme vläicht de Budget net, mee mir enthalen eis da vläicht.

Dat gesot, wëll ech dann och Äntwerte ginn op déi Froen, déi gestallt goufen. Déi Projeten op der Place Nelson Mandela mat Parking a mat allem drum und dran respektiv eist Stadhaus – déi Projete ginn net fale gelooss, wéi hei gesot ginn ass. Mee déi sinn zréckgesat. Dat ass e klengen Ënnerscheed. Dat gëtt eis d'Chance, an Zukunft e bëssen ze remodeléieren eventuell.

Mee déi Saachen, wou mer jo all d'accord waren, dass mer se misste maachen, solle mer maachen. Mee aus finanzielle Grënn ass et net méiglech gewiescht, ouni massiv Verscholdung ze maachen, fir déi elo ze realiséieren.

De Waasserpräis. Et huet kee vun eis aus dem Schäfferot amüséiert, fir de Waasserpräis käschtendeckend ze maa-

*partis et envoyé au ministère de la Culture. Le centre pour visiteurs fait partie de ce plan.*
*Désormais, il faut attendre l'avis de l'administration de la Nature et des Forêts. Ensuite, Differdange devra s'accorder avec Pétange en matière de PAG.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que des discussions sont en cours, mais qu'il faut attendre plusieurs avis pour savoir si les projets de* Maitre des rêves *sont réalisables. Si oui, il faudra aussi établir un calendrier, car on ne peut pas refaire le Fond-de-Gras d'un coup.*
*La bourgmestre se déclare contente d'avoir réalisé la forêt miniature en partenariat avec le garde forestier et l'administration de la Nature et des Forêts. Bien entendu, les aires de jeux sont aussi importantes. D'ailleurs, une nouvelle aire sera aménagée dans la Grand-rue prochainement. L'idée derrière la forêt miniature consiste à créer un microclimat dans l'espace urbain. Christiane Brassel-Rausch rappelle à monsieur Schwachtgen que ce site ne contenait pas d'aire de jeux, mais qu'il était devenu une énorme toilette pour chiens.*
*Differdange est une des premières communes à aménager une forêt miniature. Il faudra en prendre soin pendant trois ans. Ensuite, elle s'autogèrera.*
*Christiane Brassel-Rausch signale à monsieur Muller qu'elle n'a pas versé de larmes en présentant le budget, mais qu'elle a insisté sur la situation difficile dans laquelle Differdange se trouve. Le collège échevinal ne voulait pas hypothéquer le travail de la prochaine équipe.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que c'est la première fois qu'une séance budgétaire se déroule aussi sereinement avant les élections. Tout le monde n'est pas du même avis, mais les discussions ont été constructives. Tom Ulveling regrette cependant que l'opposition vote contre le budget au lieu de s'abstenir, car elle a souligné de nombreux points positifs.*
*Les projets de la place Nelson-Mandela, du parking souterrain et de l'hôtel de ville ne sont pas abandonnés, mais reportés. Il se peut qu'ils soient remodelés. Le conseil*

*communal était d'accord pour les réaliser. Mais les finances ne permettent pas de le faire maintenant sans s'endetter massivement.*
*Le collège échevinal n'a pas trouvé amusant d'augmenter le prix de l'eau. Mais la commune était sous pression. Il ne s'agissait pas d'augmenter les recettes de 1,2 million d'euros. Mais l'administration de la Gestion de l'Eau a clairement communiqué qu'elle ne verserait plus de subside à Differdange le cas échéant. Or il est question de nombreux millions d'euros compte tenu de l'agrandissement de la centrale d'épuration pour 70 millions d'euros. Le collège échevinal n'avait pas le choix.*
*Tom Ulveling ne trouve pas amusant non plus qu'il ait fallu trois ans pour aménager le terrain de l'AS. Mais c'est l'administration des Ponts et Chaussées qui a perdu du temps.*
*En ce qui concerne le gite d'étape, la commune a trouvé un gestionnaire. Celui-ci ne versera le loyer qu'à partir du mois d'avril, mais il peut déjà louer le gite. Si tout se passe bien, il est prêt à exploiter les trois autres maisons aussi. Il touchera 70 % des revenus et la commune 30 %.*
*Pour ce qui est du* Science Center, *quatre partenaires devront signer les accords:* ArcelorMittal, *l'État, Differdange et l'exploitant. La commune a approuvé un budget de dix-millions d'euros sur plusieurs années.*
*Quant à l'ancien Maxim's, l'investisseur préfère désormais un hôtel avec des logements pour étudiants au lieu d'appartements. Le projet est en train d'être finalisé. Malheureusement, le contrat de vente du terrain ne stipulait pas de délai pour réaliser un projet. À l'avenir, le collège échevinal veillera à ce que ce soit fait. L'investisseur devra s'engager à réaliser un projet endéans un certain temps.*
*Le conseil communal n'a pas d'informations concernant le parking du centre pour une bonne raison. La commune a lancé un dialogue compétitif avec des conditions. Le collège échevinal discute avec les investisseurs intéressés. Ensuite, il prendra une décision — probable-*

chen. Mee mir haten Drock. An et ass och net ëm déi 1,2 Millioune gaangen, déi dat eis elo méi an d'Keess bréngt. Mee mir krute ganz kloer gesot, vun Europa respektiv och vun eiser AGF, dass wa mer et net géife maachen, da géife se eis keng Subside méi ginn.

An et ass jo hei ugeschwat ginn, déi 70 Milliounen, déi de S.I.A.CH. investéiert, fir eeben eist Waasser erëm propper ze maachen, dat sinn zeg Milliounen, déi do am Spill sinn, déi mer riskéiert hätten, net ze kréien. Dofir hu mer dat gemaach. Et war net de gaieté de coeur, dass mer et gemaach hunn, mee mir waren obligéiert.

Et ass geschwat gi vum AS Terrain. Ass och eppes, wat mech net ameséiert, dass dat dräi Joer dauert. Mee wéi den Här Meisch awer richteg gesot huet, et war haaptsächlech d'Ponts et chaussées, déi déi Saach e bëssen an d'Längt gezunn huet. Elo ass et jo gutt amgaangen, soudass ech unhuelen, dass dat d'nächst Joer am Summer wäert fäerdeg ginn.

Gite d'étapes. Mir hunn e Bedreiwer fonnt. A mir hunn och en Agrement mat deem fonnt. Dat heescht, dee wäert versichen, dat elo ze verlounen. Den Deal ass, dass mir him de Loyer praktesch eréischt ab Abréll wäerte froen. An der Tëschenzäit kann hien et verlounen. A wann dann d'Saach funktionéiert, dann ass en och bereet, eis dräi Haiser, wou mer duerno wäerten nach driwwer schwätzen, fir déi och mat eventuell ze geréieren. Fir eeben den Tourismus, Leit dohinzekréien. Hien ass bereet dat ze maachen.

D'Konditioun ass, hien hält 70 % a mir kréien 30 % vun deem, wat dann dobäi erakënnt.

Zum Science Center. Ech mengen, dat ass zënter ganz Kuerzem eréischt kloer, dass mer do zu véier Partner wäerten um Dësch sëtzen an dann och déi néideg Pabeieren ënnerschreiwen, fir dass dat ka virugoen.

Nieft der ArcelorMittal, dem Staat, der Gemeng Déifferdeng an och dem Exploitant musse mer natierlech do e Memorandum of understanding ënnerschreiwen. Mir hunn dem Science Center déi zéng Milliounen Euro zougesot, op e puer Joer verdeelt, wéi den Här Meisch gesot huet.

Den Objet Maxims ass zitéiert ginn. Dat ass och eppes, wat elo zënter e puer Woche sech amgaangen ass ze veränneren. De Bedreiwer, oder deen, deen dat hätt solle bauen, deen huet sech do ëmsinn an en ass elo éischter op der Schinn, fir do Hotel mat Studentewunnengen ze bauen an net wéi virdrun Appartementswunnengen. Soudass mer dat nach musse finaliséieren, dass dat an d'Gäng kënnt.

Do wëll ech e Mea Culpa maachen, net ech eleng, mee ech mengen, mir hunn deen Terrain sengerzäit verkaf ouni – et ass jo schonn eng laang Geschicht, dat Ganzt, do hu mer am Fong verpasst dran ze schreiwen, dass bis iergenden Datum eppes misst geschéien.

An dat hu mer eis awer elo zu Häerz geholl, fir ze soen, an Zukunft wäerte mer keng esou Kontrakter méi maachen. Dat heescht, mir wäerte soen, bis dann an dann, wann een eppes vun eis keeft, da muss deen dat och maachen, wat e sech engagéiert ze maachen. An dat engem gewëssenem Zäitraum. Da kréie mer net esou Saache wéi elo, déi zéng Joer hin an hier ginn.

Et ass vum Parkhaus Zentrum geschwat ginn, wou Der näischt géift gewuer ginn. Aus guddem Grond, géif ech soen. Well mer hunn do, wéi Der wësst, en Dialogue compétitif. Dat heescht, d' Gemeng Déifferdeng huet ganz kloer gesot, wat se gär hätt, notamment tëschent 600 an 1.000 Parkplaze mat verschiddenen Oplagen, wéi dat soll bedriwwe ginn. Dorop hu sech Leit gemellt, a mir sinn amgaangen, mat deenen ze schwätzen.

A soubal déi Gespréicher fäerdeg sinn, kënnt dat an de Schäfferot an dann hëlt de Schäfferot eng Decisioun, wiem se de Projet wäert iwwerginn. Dat wäert nach am éischten Trimester, géif ech mengen, oder spéitstens am zweeten Trimester vum nächste Joer, kënne geschéien. Soudass dat da ka lassgoen.

Et ass vun der Senioreresidenz geschwat ginn zu Nidderkuer, do wär laang näischt méi geschitt. Effektiv, mir sinn do an engem juristeschen Imbroglio. Dat heescht, mir si vun deem Bedreiwer ugesicht ginn. An enger

éischter Instanz hu mer gewonnen. De Mann ass an Appell gaangen.

Dat definitiivt Urteel wäert elo an deenen nächste Woche kommen. Soudass mer da Planungssécherheet hunn, wa mer wëllen eppes maachen, wat mer kënne maachen. Dir wësst, dass ugeduecht war, wann zu Nidderkuer de Besoin wier, fir eng Schoul nach ze bauen, dass een dat do kéint eventuell plangen.

Wann ech zu Nidderkuer sinn, ech mengen, et war den Här Meisch oder den Här Muller, dee gesot huet, do sinn Terraine fir sechs Milliounen am Budget virgesinn, an déi hu mer nach net an et ass nach kee verkaf. Och do gëtt et e ganz neie Moment. Ech wëll elo net ze vill verroden, well nach näischt ënnerschriwwen ass an deem Sënn, mee mir hunn awer ganz gutt Gespréicher gefouert mat engem Interessent, dee schonn eng Kéier hei war. Dir wësst et, et ass de Globus. Déi wären interesséiert, dohinnerzekommen, do eppes ze maachen.

Mir mussen hinnen nach déi néideg Pabeieren ënnerleeën, fir en Agrement ze fannen. Do soll eng Aart klenge Shopping Center entstoe mat als Haaptattraktioun dann de Globus, wéi och eng Crèche an e klenge Match. Dat war scho virdru bekannt. Déi zwee Projete solle fusionéieren, dass dat eent gëtt. An do musse mer déi néideg Pabeieren ënnerschreiwen, fir dass dat an déi richteg Weeër geet.

Last but not least, wollt ech nach e Wuert verléieren iwwert de Medico. Virun e puer Wochen ass ee Mann bei eis komm mat ganz gudden Iddien, deen eventuell bereet wär, de Medico ze iwwerhuelen, ofzerappen an amplaz e gréissert Immeuble opzeriichten, wou niewent Bürosfläche Geschäftsflächen entstéingen. Dee Mann ass och interesséiert, fir dat ze verbanne mat dem aktuellen Hotel an dat dann och ze vergréisseren. Da kënnt Der Iech ongeféier virstellen, wien dat ass.

Mir si mat deenen a gudde Gespréicher, dee war elo eréischt virun e puer Deeg bei eis. Et ass nach näischt ënnerschriwwen, mee mir hunn awer gesot, dass mir mat senger Iddi kéinte liewen. Et wäerten nach weider Gespréicher stattfannen, fir ze kucken, ob een eng Léisung fënnt. Dat géif e ganz flotten Eck ginn. An ech mengen, dat géif och Déifferdeng gutt dinn.

Zur Kommunikatioun 2022, ginn ech Iech Recht, dat war e bëssen, ech wëll et net als chaotesch bezeechnen, mee et war e bësse schwiereg. Mir hunn eist Bescht gemaach. Mee Dir hutt awer gesinn, dass mir eis Projeten, mat Ausnam vun engem, deen ofgespronge war, zur gréisster Zefriddenheet ofschléisse konnten.

An ech wëll awer soen, dass do ganz vill – well kritiséiert gi war, dass net genuch mat de Leit géif geschwat ginn – mat de Bierger géif geschwat ginn. Wat ech net verstinn, well mir haten e ganze Koup Reuniounen iwwer PAG, iwwer Mobilitéit, mat Ministeren et j'en passe. Do war eng participativ Approche 2022, fir mat de Leit zesummen, immersiv, géif ech soen, Esch2022 ze realiséieren.

D'Stad Déifferdeng huet praktesch zwou Milliounen an dee Projet gestach. Verschidde Saache sollte mer wierklech weiderféieren, well se flott waren an e Succès waren. Ech mengen, et war net ganz esou negativ, wéi et vläicht elo duergestallt ginn ass. D'Kommunikatioun, déi hätt kënne verbessert ginn. Mee do ware mir jo net fiederféierend.

Dat hunn ech ze soen zu Äre Froen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, et ass geschwat gi vun eiser regionaler Hal, Sportshal hei zu Déifferdeng. En effet, virun zéng Joer war geschwat ginn, fir eng regional Hal hei zu Déifferdeng ze kréien. Mir mussen eis erënneren, datt mir decidéiert hate virun dräi Joer, den Hall sportif ze sanéieren. An duerno war kee Plan quinquennal virgesinn am Kader vum Ministère des sports. Donc la question ne s'est même pas posée.

*ment au cours du premier ou du deuxième trimestre 2023.*
*En ce qui concerne la résidence pour séniors de Niederkorn, la commune doit résoudre un imbroglio juridique. L'exploitant a lancé des poursuites. La commune a gagné en première instance, mais le plaignant a fait appel. Il faut donc attendre. L'idée consiste à construire éventuellement une école sur ce site.*
*Le budget prévoit six-millions d'euros pour l'acquisition de terrains à Niederkorn. Il y a des nouveautés à ce sujet, mais Tom Ulveling préfère ne pas trop en dire tant que les contrats ne sont pas signés. Mais des négociations sont en cours pour ouvrir un petit centre commercial avec* Globus Baumarkt, *une crèche et un supermarché Match. Il faut encore ficeler l'accord avec* Globus *et finaliser les documents.*
*En ce qui concerne le centre Médicosocial, un investisseur serait prêt à reprendre le bâtiment, le démolir et construire un immeuble avec des bureaux et des commerces. Il voit des synergies avec l'hôtel. Dans ce cas aussi, rien n'a été signé. Des négociations sont encore nécessaires, mais si le projet aboutissait, ce serait bien pour Differdange.*
*La communication autour d'Esch2022 a été chaotique. La commune a fait de son mieux. Les projets ont été menés à bien à une exception près. Tom Ulveling ne comprend pas les remarques consistant à dire que le collège échevinal ne communique pas assez avec les citoyens. Il y a eu des réunions au sujet du PAG, au sujet de la mobilité, avec des ministres… L'objectif était de faire participer la population à Esch2022. Differdange a investi deux-millions d'euros dans ce projet. Certaines activités seront reconduites parce qu'elles sont chouettes. Tout n'était donc pas négatif, mais la communication aurait pu être plus efficace.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il avait été question de construire un centre sportif régional à Differdange il y a dix ans. Il y a trois ans, la commune a décidé d'assainir le centre sportif d'Oberkorn. Mais à ce moment-là, il*

*n'existait pas de plan quinquennal du ministère des Sports. La question ne s'est donc même pas posée. Pour ce qui est des clubs sportifs, Paulo Aguiar constate que les quarante clubs differdangeois sont très engagés. Il les en remercie.*
*Pendant la pandémie, la commune a soutenu financièrement les clubs. 98 % se déclarent d'ailleurs satisfaits et remercient le service des Sports pour son engagement. Les clubs reçoivent plus que dans le reste du pays.*
*On a dit que Spodi n'apportait rien aux clubs. Mais la commune a mis un subside de 150 000 € à leur disposition. Sans même parler de l'apport pour les enfants dans les maisons relais.*
*On a aussi remis en question le label d'European City of Sport. Pour Paulo Aguiar, ce label comprend des activités pour les enfants, les adultes, les séniors et les personnes handicapées. Des activités comme sport@differdange, le Schoulsportdag, l'i-Run ou le Steel-Run démontrent l'engagement de la Ville. En outre, la commune met aussi des infrastructures à disposition des associations et des habitants.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *remercie le conseil communal pour les discussions constructives. Il s'associe à ce qu'ont dit madame Brassel-Rausch et monsieur Ulveling.*
*En ce qui concerne le parking du Contournement, un concours est en cours et tant qu'il n'y a pas de lauréat, le collège échevinal ne peut pas fournir d'informations.*
*Paulo De Sousa se dit content que le conseil communal s'intéresse au city management. Le centre-ville est important. L'échevin n'a jamais entendu de commentaires négatifs concernant l'acquisition de la BCEE.*
*L'équipe actuelle est jeune. Monsieur Muller pense que la commune devrait se faire conseiller par des professionnels. Mais il faut du temps et éviter de faire les choses à la va-vite. Car si la commune connait des échecs, la rumeur va se répandre et ce ne serait pas bien pour Differdange. Dans ce contexte, Paulo De Sousa remercie le conseil communal pour son sou-*

Wat och geschwat ginn ass, hei am Kader vum Gemengerot: les conditions des clubs. Ech wëll rappelléieren, wat mir fir de Sport maachen hei zu Déifferdeng. Mir hu 40 Clibb zu Déifferdeng an déi si ganz engagéiert. Ech soen hinne villmools Merci dofir.

A wat hu mir gemaach am Kader vun der Pandemie? Mir hunn de Clibb alles zur Verfügung gestallt respektiv Subsiden zur Verfügung gestallt, 100 %.uUn grand soutien financier fir d'Clibb. An individuelle Gespréicher mat eise Sportsveräiner erweise sech 98 % ganz zefridden, soen dem Service des sports villmools Merci fir d'Engagement vun der Stad Déifferdeng. A si soen och: „Wat mir kréien hei zu Déifferdeng, dat ass wierklech vill méi wéi am Rescht vu Lëtzebuerg."

Et ass gesot ginn, de Spodi bréngt de Veräiner net vill. Mir mussen eis rappelléieren, mir hunn de Veräiner e grousse Subsid vun 150.000 Euro zur Verfügung gestallt. Dat kënnt de Veräiner zegutt. Si soe selwer, a Gespréich mat eis, dat wär finanziell eng ganz gutt Ënnerstëtzung. Sans parler de l'apport sportif vun eise Kanner aus de Maisons relais.

Pour terminer, il y a une remise en question concernant de Label vum European City of Sports. Pour moi, European City of Sports est un ensemble des activités pour les enfants, les adultes, les séniors respectivement pour les personnes à mobilité réduite, personnes avec un handicap. Si on regarde tout ce qu'on a fait dans le cadre de la Ville de Differdange pour le sport, que ce soit les cours sportifs pour les adultes que ce soit le Schoulsportdag, que ce soit les nuits du sport, i-Run, Steel-Run et toutes les autres activités, ça montre vraiment notre engagement en tant que European City of Sports. Respectivement toutes nos infrastructures qu'on a mises à disposition, net just fir d'Veräiner, mee och fir de Bierger. Toutes les infrastructures qu'on a mis à disposition.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Aguiar. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Fir mech war dat hei deen éischte Budget vun dëser Säit. Ech soen Iech villmools Merci fir déi konstruktiv Diskussioun, déi mer hei haten. Déi war ganz fair a richteg angeneem. Ech schléisse mech de Wierder vun der Madamm Buergermeeschtesch an dem éischte Schäffen, dem Här Ulveling, un.

Verschidde Saachen hat den Här Ulveling an d'Madamm Buergermeeschtesch schonn iwwerholl. Parkhaus Contournement hat e jo gesot, do si mer an engem Concours, a soulaang mer kee Laureat hunn, kënne mer keng Infoen erausginn.

D'Fro war opkomm iwwert de City-Management. Et freet mech, datt Der Iech selwer Gedanken doriwwer maacht. Dat heescht, deen ale Stadkär ass Iech och immens wichteg. Dir begréisst et. Ech hunn ni eppes Negatives héieren, datt mer d'Spuerkeess do wëllen opkafen, well Der dann och gesitt, datt dat deen essentielle Punkt ass, fir den ale Stadkär ze revitaliséieren. Ech hunn et schonn e puermol gesot, mir hunn eng ganz jonk Ekipp, déi amgaangen ass dorun ze schaffen.

Den Här Muller hat gesot, do misste mer eis professionell berode loossen. Dat maache mer och. Mee dat brauch alles seng Zäit. Ech géif et begréissen, wann Der eis déi néideg Zäit géift ginn, fir net eppes iwwert de Knéi ze briechen an herno als Faillite ze deklaréieren. Wa mer do elo nach Echecken hunn, dat schwätzt sech ronderëm. An dat ass jo awer net d'Zil dovunner.

Dowéinst begréissen ech, datt Der eis awer och mat deene leschte Kontrakter, déi Lokaler, déi mer am Stadkär hunn, ënnerstëtzt. Wéi gesot, mir sinn amgaangen ze schaffen, fir eis eng Identitéit ze ginn, fir eis e Konzept ze ginn. Dat ass schonn e puermol hei gefrot ginn. An dat maache mer weider.

NetZeroCities ass vill ugeschwat ginn. Ech hat jo a menger Ried gesot, datt jidderee betraff wier, ob dat Rout, Gréng, Blo, Mof, Schwaarz oder soss een ass. An dat hunn ech och hei héieren, datt Der deen EU-Projet an Äre Rieden ervirgehuewen hutt. Et stëmmt, et ass kee Montant do vun engem Rem-

boursement, well net kloer feststeet, wat mer vun der EU erëmkréien.

Awer wat scho sécher ass, et gëtt aner EU-Projeten, déi direkt finanzéiert ginn. Wéi zum Beispill de Climaborough, deen eis et erlabe wäert, Energieprojete fir eis Bierger unzebidden. Dat ass zum Beispill een, dee mer vun der EU bal integral finanzéiert kréien. Bei den Etüden ass et e bësse méi schwéier, fir do e Prozentsaz ze definéieren. Mee dat kritt Der awer. Den Artikel ass jo dran, et steet eebe just nach null do.

Am Mäerz wäert een aussergewéinleche Gemengerot sinn, wou mer Iech de City Climate Contract virstelle wäerten, dat heescht mat de Projeten, déi all do schonn drastinn. Et sinn der vill, ech hat se net all a menger Ried ernimmt, soss wier ech eng Stonn amgaange gewiescht. Awer do wäert een extrae Gemengerot sinn, well et eis och wichteg ass, well déi nächst Ekipp an déi iwwernächst Ekipp sech wäert domadder befaassen.

PN15 huet d'Madamm Buergermeeschtesch drop geäntwert.

Mobilitéitskonzept, dat war den Här Meisch haaptsächlech, do schaffe mir mat Komobile nach ëmmer drun. Do hate mer d'lescht Joer 100.000 Euro, dëst Joer 80.000 Euro. Mir sinn amgaangen, un engem globale Mobilitéitskonzept ze schaffen. Déi Mesuren, déi geholl ginn, kommen an e Cahier de charges. Vill vun deene Mesurë musse mer deelweis mat staatlechen Instanze schaffen. Dat wäert deemnächst presentéiert ginn.

CAE ass gesot ginn, datt dat nëmmen nach um Pabeier steet. Do ginn ech Iech Recht. Zënter Juli, mengen ech, war kee méi. Do hate mer ganz vill Changementer an der Ekipp. An déi Leit, déi mer elo do hunn, déi sinn immens motivéiert. Deenen ass eise Stadkär och immens wichteg.

Ech war frou ze héieren, wéi den Här Meisch gesot huet, eise Parkleitsystem weist net méi komesch Zuelen un. Se sinn nach ëmmer net ganz gutt. Awer et gëtt schonn eng kleng Indikatioun, datt et richteg ass. Mir sinn derhannert. Do muss ech soen, et ass net ganz einfach, wann ee mat Externe schafft, déi da weider Externer hunn. De Problem ass mir stinn an der Vitrinn a mir sinn dann am Feeler. Awer doru gëtt geschafft.

Den Här Weirich hat vum Poste vun der Promotioun vun erneierbaren Energië geschwat. Deen ass erofgeschrauft ginn, awer deen ass am Kader vun Net-ZeroCities mat dran. Dowéinst ass et eeben erofgaangen.

Ech mengen, ech hätt op d'Froen all geäntwert. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir déi ausféierlech Äntwerten, Här De Sousa. Ech gräifen nach zwou, dräi Saachen op.

Dir hutt Recht, Här Meisch, de Comité d'accompagnement économique ass e bëssen an d'Hannertreffe geroden, well d'Cellule sociale économique – ass jo elo net méi City-Management, obwuel et schwéier ass, sech vun deem Wuert ze trennen – sech amgaangen ass nei opzestellen, mat enger jonker Ekipp. Wollt ech Iech soen, dass mer dat un de Responsabelen, den Här Felten, weiderginn. A mir wäerten erëm drop zréckkommen. Ech denken, dass et eng gutt Iddi ass, wéi Der sot, dass mer zesummen dorop kucken. Mee dee Grupp ass awer schonn aktiv. Dat wäert Der an den nächste Méint, hoffen ech, gesinn.

Fir dem Här Weirich ze äntweren: Nee, d'Personalkäschten, dat ass einfach eng Feststellung. Déi dräi Joer hu mer elo vill agestallt, well d'Gemeng et brauch, well mer gesot hunn, mir mussen deem Wuesstem nokommen. Personalkäschten, dat ass eppes, wou mir guer keen Afloss drop hunn. Dat war méi de Message, deen ech wollt ginn. Do hu mir keng Handhab. Dat ass kee Bedaueren, dat ass wierklech just eng Feststellung, déi awer en immensen Impakt op de Budget huet. Méi ass et net.

Ech wollt Iech matdeelen, wa mer scho vum Comité d'accompagnement économique a vun eisem City-Management schwätzen, dass den Här Max Felten, Ekonomist op der Gemeng Déifferdeng, virgëschter stolze Papp vun enger klenger Duechter ginn ass, an dass mer him vun hei aus felicitéie-

*tien concernant les locaux du centre-ville. Un concept est en train d'être élaboré.*
*Net0cities concerne tous les partis politiques, qui en ont d'ailleurs parlé dans leurs discours. Pour le moment, le montant des subventions européennes n'est pas défini. Cependant, certains projets européens sont directement financés. Le conseil communal recevra toutes les explications au fur et à mesure.*
*En mars, le collège échevinal présentera le City Climate Contract, qui reprend tous les projets. Il est important que le prochain collège échevinal poursuive le travail.*
*La bourgmestre a fourni les explications concernant le PN 15.*
*Pour ce qui est du concept de mobilité, le collège échevinal a chargé* komobile *de réaliser les études. Quatre-vingt-mille euros figurent au budget. De nombreuses mesures seront prises en partenariat avec les instances étatiques.*
*Il est vrai que le Comité d'accompagnement économique ne s'est plus réuni depuis juillet. L'équipe a évolué et est désormais très motivée.*
*Monsieur Meisch a dit que le système de guidage vers les parkings n'affiche plus de chiffres bizarres, mais les chiffres ne sont pas encore exacts. La commune travaille avec une société externe, qui soustraite elle-même ses services. Cela complique la situation.*
*Le montant alloué aux énergies renouvelables a baissé, mais cette thématique fait partie de net0cities.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le city management s'appelle désormais cellule socioéconomique. L'équipe est en train de se renouveler sous la responsabilité de monsieur Felten. Le groupe est déjà actif et cela portera ses fruits au cours des prochains mois.*
*En ce qui concerne la remarque de monsieur Weirich sur les frais de personnel, Christiane Brassel-Rausch n'a fait qu'une simple constatation. La commune a beaucoup recruté au cours des trois dernières années. C'était nécessaire. Mais le collège échevinal ne peut pas influencer les frais de personnel. Elle ne regrette pas l'impact sur le budget, mais elle le constate.*

*Elle profite de l'occasion pour annoncer que monsieur Felten est devenu le père d'une petite fille avant-hier. Elle présente ses meilleurs vœux à Stella et à sa famille.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *revient sur la subvention de huit-millions d'euros pour les logements pour séniors au Karro. Va-t-elle être versée alors que la commune ne construira pas ses logements ?*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *répond que la commune dispose d'un accord écrit du ministère du Logement. Mais aussi longtemps que les réfugiés se trouvent au Karro, la commune ne peut pas élaborer de concept. Dès que la commune aura trouvé un exploitant, elle pourra conclure une convention avec l'État et toucher la subvention.*
*(Votes)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *excuse monsieur Ruckert, qui doit s'en aller. Elle passe aux projets communaux.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il est question d'un devis pour un lieu de rencontre au Metzkimmert destiné aux jeunes. En effet, tous les jeunes ne veulent pas nécessairement fréquenter une structure comme la maison des Jeunes. Le Metzkimmert est proche du centre, il est facilement accessible et les jeunes ne dérangeront pas les habitants.*
*La mise en place se fera de manière participative. Au cours du premier trimestre 2023, la commune organisera une rencontre avec les jeunes pour discuter de l'aménagement du site. Après tout, le site est pour eux et ils devront s'y sentir à l'aise. Les ateliers seront organisés en partenariat avec les maisons des jeunes, le service Jeunesse, le collectif Outreach et le garde forestier.*
*Le devis comprend l'aménagement de la place.*

ren. Dem klenge Stella an der ganzer Famill all Guddes op hirem neie Wee zesummen – zu véier si se elo – wënschen, fir d'nächst Joer a fir all déi Joren, déi nokommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Just nach déi Fro, déi ech gestallt hat betreffend de Subsid iwwer aacht Milliounen Euro, fir eis Seniorewunnengen am Karro. Ob mer déi och kréien, wa mer déi Seniorewunnge wärend dem Joer 2023 nach net kreéieren oder ob dat dann ewechfält.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech huelen eng technesch Stellung dozou. Mir hunn ee schrëftlechen Accord vum Logementsministère op ee Programm, deen an de Logement abordable locatif muss goen. Ob de Karro muss dann effektiv besat ginn …? Architektonesch a funktionell ass d'Gebai fir e Subsid ofgeholl.

An der Zäit, wou mer nach d'Flüchtlingen do hunn, kënne mir natierlech un engem Konzept schaffen. Soubal mer do een Exploitant, eng Bedreiwung hunn, kënne mer eng Konventioun mat Staat schléissen an da kënne mer scho bezuschusst ginn, well mir jo déi Sue vum Acte notarié jo schonn ausginn. Dat heescht fir déi Investkäschten, déi gemaach sinn, soubal mer ee Programm drop hunn, dee conventionable ass, gi mer och drop bezuschusst. Mir hunn een Accord écrit vum Logementsministère.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Da komme mer zum Vott. Den éischte Vott ass de Rectifié an duerno den Initial 2023.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget rectifié de l'exercice 2022.*

Elo de Vott iwwert den Initial 2023.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget de l'exercice 2023.*

Déi Übung hätte mer hannerun eis. Ech entschëllegen den Här Ruckert, dee vun elo un net méi dobäi wäert sinn. An da gi mer iwwer op den nächste Punkt vum Ordre du jour, Projets communaux. Do geet et ëm eng Plaz fir Jonker, an ech géif dofir dem Här Paulo Aguiar d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, et ass en Devis fir d'Entwécklung vun engem Treffpunkt fir déi Jonk um Metzkimmert. Et gëtt jonk Leit, déi net necessairement vun enger Struktur wéi engem Jugendhaus betreit an u virdefinéierten Aktivitéiten deelhuele wëllen. Dofir hate mir d'Iddi, fir ee Site opzebauen, wou si sech kënnen treffen an Zäit verbréngen. Et ass eng Plaz no beim Stadkär a liicht zougänglech fir déi jonk Leit, ouni d'Awunner ze stéieren.

Natierlech soll dëse Projet participativ duerchgefouert ginn. Dofir organiséiere mir am éischten Trimester 2023 mat de jonke Leit en Treffen, fir ze kucken, wat se wëllen, wéi se d'Entwécklung vun dësem Site gesinn.

Schlussendlech ass de Site fir si. A fir datt se dacks dohinner ginn ass et essentiel, dass si sech do wuelfillen. D'Ateliere ginn an Zesummenaarbecht mat de Jugendhaiser, dem Service des Jeunes, dem Collectif Outreach souwéi dem Fierschter an anere Partenairen organiséiert.

Den Devis ëmfaasst d'Amenagement vun der Plaz opgrond vum Resultat

vum Atelier mam Jugendservice, zum Beispill eng Mountainbikepist oder eng Skateboardpist, eng Plattform, iwwerdaachten Toiletten. D'Ariichtung vun der Plaz kann eng Graffitimauer, eng Grillplaz, Bänken, Sportsekipement sinn.

Ech soen dem Gemengeservice, dem Jugendtreff Déifferdeng an dem Collectif villmools Merci fir hir Aarbecht an hiert Engagement. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, mir als LSAP sinn ëmmer frou, wann eis Jugend sech an d'Natur erafillt, wa se Participatiounen, Aktivitéiten an der Natur maachen. Ech muss awer bei deem heite Projet feststellen, dass mir net méi wéi ee Saz Informatiounen hunn: „Aménagement du lieu de rencontre pour jeunes au Metzkimmert". C'est tout. Kee Plang dobäi.

Do gëtt just gesot, dass dat iergendwou am Metzkimmert wier, de Verkéiersgaart ofgeriicht gëtt. Et ass kee Plang dobäi, keen Avis vu enger Kommissioun, weeder vun der Jugendkommissioun nach vun enger anerer.

Ech weess net – mat deenen Informatiounen, déi mir bis dato kritt hunn, dat ass supplementar, dat ass jo awer net genuch, fannen ech, fir domat d'accord ze sinn a fir do déi 130.000 Euro, oder wéi vill sinn et, Budget do ze investéieren. Ech sinn der Meenung, wann een eppes stëmmt, missten de Conseilleren all d'Informatiounen am Virfeld matgedeelt ginn. Et ass näischt an dem Dossier um Pabeier, et ass näischt op der Diffcloud. Dat e bësse spärlech. Mir wäerten eis beim Projet enthalen, aus Manktem un Informatiounen. Dat do geet eis net duer. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt nach e puer Informatioune kréien. Ech huelen un, datt et d'Plaz ass, wou d'Vëlosschoul elo ass, datt et déi Plaz ass, wou Der dat wëllt hisetzen, virun de Verkéiersgaart. Ass dat do um Metzkimmert, wou dat geplangt ass? Jo.

Do muss ech Iech soen: Et sollt een awer net zweemol dee selwechte Feeler maachen. Deen éischte Feeler war schonn, fir d'Vëlosschoul dohinnerzesetzen. Dat hat ni fonctionéiert, well et einfach vill ze vill wäit ewech war mam Vëlo, fir op de Metzkimmert ze fueren, an d'Kanner net dohinner gefuer sinn.

An hei hunn ech e bëssen d'Tendenz, wann een elo net en anere Wee fënnt, fir dohinner ze kommen, kann ech mer ganz schlecht virstellen, dass et eng masseg Grupp vu Jonker gëtt, déi de Bierg, de Metzkimmert erop trëppelen, bis op déi Plaz.

Okay, du hues dann en anere Problem geléist, datt se dann aus der Stad eraus sinn, do hënnere se vläicht keen, si sinn do mëtten am Bësch. Mee ech weess net, ob dat d'Solutioun ass. Där Plazen hate mer jo an der Zäit méi am urbane Raum, wou een dat gemaach huet, um Thillebierg oder sou. Do hätt ech aner Propositiounen.

Ech wënschen Iech, datt dat do en Erfolleg gëtt, mee j'ai des doutes. Well mir hunn do schonn eng Kéier ganz vill Suen investéiert fir dee Vëloswee, dat war wierklech top gemaach, mat Bockelpiste fir d'Mountainbiken an alles, dat huet ni fonctionéiert. De Site war esou schlecht erreechbar, fir mam Vëlo dohinnerzekommen. An dass elo Jonker géifen ze Fouss do erop trëppelen – bon, avis aux amateurs.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Madamm Pregno, wannechgelift.

*Paulo Aguiar donne comme exemple une piste de vélo tout terrain, des toilettes, un mur pour les graffitis, des bancs…*
*Il remercie les différents partenaires pour leur engagement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *est content que l'on veuille donner aux jeunes la possibilité de passer du temps dans la nature. Mais le conseil communal ne dispose d'aucune information ni d'aucun plan. Tout ce qu'il sait, c'est que le site sera aménagé quelque part au Metzkimmert. Le dossier ne contient pas non plus l'avis de la Commission de la jeunesse. Dans ces conditions, Guy Altmeisch ne voit pas comment les socialistes pourraient approuver un budget de 130 000 €.*
*Les conseillers doivent disposer de toutes les informations avant de voter. Or, dans ce cas-ci, il n'y en a ni dans le dossier ni dans le Diffcloud. Le LSAP s'abstiendra.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *suppose que le site sera aménagé là, où se trouve actuellement l'école de vélo. Le collège échevinal ne fait que répéter les mêmes erreurs. L'école de vélo n'a jamais fonctionné parce que le Metzkimmert est trop loin. Dans ce cas-ci, Fred Bertinelli ne croit pas que des masses de jeunes vont grimper la colline pour se rendre au Metzkimmert.*
*Il est vrai que cela règlerait certains problèmes. Les jeunes ne se trouveraient plus dans le centre et ne dérangeraient plus personne. Mais est-ce la bonne solution ? Le conseiller communal a d'autres idées.*
*Il espère que ce projet sera couronné de succès, mais il en doute, car la piste pour vélos est vraiment excellente et pourtant, personne ne s'y rend.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *compare cette place aux jeunes à ce qu'étaient de son temps les cours de récréation ou les aires de jeux. Les jeunes ne veulent pas forcément être encadrés dans une association ou dans une maison des jeunes. Ils n'ont pas envie non plus qu'on leur dise quoi faire et à quelle heure. Parfois, ils veulent simplement être tranquilles comme quand un adulte s'affaisse sur le canapé pour regarder la télé.*
*Ne pas être encadré ne signifie pas qu'il n'y a aucune règle. Sans cadre, il y aura des problèmes de voisinage. Mais le projet sera mis en place avec les jeunes, le service Jeunesse et d'autres partenaires. C'est une garantie.*
*Laura Pregno comprend les craintes de monsieur Bertinelli. Mais s'ils passent leur temps sur les aires de jeux ou dans les cours de récréation, ils dérangeront les riverains après 22 h. Dans les bois, ils dérangeraient les animaux. S'ils sont trop loin, on ne peut pas les contrôler, mais trop peu, ils gênent. D'un côté, on en veut, de l'autre on n'en veut pas. D'un côté, ils doivent faire du bruit, de l'autre ils doivent être tranquilles.*
*Ce projet ne date pas d'hier et Laura Pregno est contente qu'il soit enfin réalisé. Le site n'est peut-être pas optimal, mais il a le mérite d'exister.*
*Pour s'y rendre, les jeunes pourront par exemple utiliser Vël'OK, dont ils profitent déjà énormément.*
*En tout cas, le projet est bien ficelé. D'autres communes ont obtenu de bons résultats. Laura Pregno remercie l'échevin à la jeunesse d'avoir trouvé une solution. Elle lui souhaite bonne chance.*

**ERIC WEIRICH (LSAP)** *est d'accord avec les socialistes. Il aurait aimé avoir plus d'informations dans le dossier. Mais monsieur Aguiar en a fourni quelques-unes.*
*Le site n'est pas optimal. Eric Weirich y fait son jogging. Il y a des promeneurs. Le site se trouve dans la forêt et jouxte une réserve naturelle. Comme l'a dit madame Pregno, les jeunes font trop bruit quand ils sont près des maisons. Ils dérangent quand ils sont dans la forêt. Mais le Metzkimmert est vrai-*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Wat soss de Schoulhaff oder d'Spillplaz war zu menger Jugend, ass dann elo déi Place aux jeunes. Natierlech, mir soen ëmmer, et gëtt Veräiner, et gëtt Jugendhaiser, déi déi Jonk an hirer Fräizäit opfänken an absolutt wäertvoll Aarbecht am Jugendberäich och maachen. Awer iergendwann wëll een als Jonken net méi an engem Kader funktionéieren. Et wëll een net héieren: „Sief um déi Auerzäit hei", „Géi ëm déi Auerzäit fort", „Schéiss de Ball vu lénks op riets", „Maach dës Aktivitéit mat", „Maach elo en Tournoi mat" an hei an do. Et wëll een einfach nëmme seng Rou hunn, wéi wann een als Erwuessenen de Fernsee uméicht a sech op de Kannapee, op gutt Lëtzebuergesch gesot, knuppt.

Wann ech soen, net méi an engem Kader funktionéieren, soen ech am nämmlechte Moment, dass et awer net ouni Reegele geet. Och eng Place aux jeunes muss an engem gewëssene Kader funktionéieren, well soss hu mer erëm de Problem vum schlechte Voisinage, an da gëtt et och näischt.

Ech denken d'Garantie vun der Place aux jeunes ass, dass et e participative Projet ass, deen zesumme mam Service jeunes an deene ganzen anere Partner, déi opgezielt goufen, ausgeschafft gëtt. An dass souwuel de Lieu wéi och de Voisinage muss respektéiert ginn.

D'Awänn, déi den Här Bertinelli grad gesot huet, si ganz sënnvoll. Et si sech eng ganz Rei Gedanken driwwer gemaach ginn. De Wëllen ass do, fir deene Jonken eng Place aux jeunes ze ginn. Mee mir wëlle se awer net hanner dem Haus, well soss wäre se jo op der Spillplaz oder am Schoulhaff, an do stéiere se ab 22 Auer, well d'Musek ze haart ass. An da kréie se op gutt Lëtzebuergesch gesot d'Flicken op den Hals gejummt.

Mir wëlle se net am Bësch, well do stéiere se d'Déieren an d'Villercher oder d'Nuetsrou vun den Déieren. Mir wëlle se net ze wäit ewech, well da kënne mer net kontrolléieren, wat se maachen a mir wëlle se awer och net ze no, well da stéiere se eis erëm.

Am Endeffekt wëlle mer se hunn, mee iergendwou wëlle mer se awer och néierens hunn. Also si dierfe Kaméidi maachen, awer u sech solle se roueg sinn. Ass e bësse schwiereg, dat ëmzesetzen.

Ech weess, dass dat schonn e ganz laange Baart huet, déi Place aux jeunes, dass laang dru geschafft ginn ass. Si war och, wéi ech virdrun a menger Budgetsried gesot hunn, op enger gréinger To-Do-Lëscht. An ech si frou, dass elo mol eng Plaz fonnt ginn ass; och wann et vläicht net déi optimal Plaz ass. Mee ech weess, wéi de Projet ugefaangen huet an no enger Plaz gekuckt ginn ass, einfach keng gutt Plaz do war. Dann ass et eebe vläicht elo eng manner gutt Plaz, mee et ass op d'mannst emol eng.

An ech mengen, dass sech vill Gedanken driwwer gemaach ginn ass, wéi déi Jonk kéinten op déi Plaz kommen. Zum Beispill kann e Vël'OK-System, mat enger Vëlosstatioun, hëllefen, well vill Jonker dovunner Gebrauch maachen, dat gesi mer jo. Dass dat vläicht eng Méiglechkeet wär, déi Plaz un den Zentrum unzebannen.

Et ass e Projet, dee Kapp a Schwanz huet, dee räichlech iwwerluecht ginn ass, deen och an anere Gemenge wierklech gutt Resultater erziilt. Vun eiser Säit dem zoustännege Schäffe Merci, dass en dat kriddelegt Theema an Ugrëff geholl huet a mat sengem Service jeunesse eng Léisung proposéiert. Ech wënsche vill Gelénge beim Ëmsetzen. Mir stëmmen dee Projet mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch.

Ech sinn do bei menge Virriedner vun der LSAP, effektiv hätte kënne méi Informatiounen am Dossier sinn. Déi goufen elo an der Diskussioun nogereecht vum Här Aguiar. D'Plaz ass effektiv net optimal. Ech ginn oft do laanscht lafen, vill Leit ginn do spadséieren. Et läit zimmlech wäit am

Bësch eran, et läit um Bord vun enger Réserve naturelle, déi do ugeet.

Ech héieren awer och d'Madamm Pregno, déi seet, et gëtt keng optimal Plaz, et wëll ee se net ze no hunn, well da maache se Kaméidi an dat nervt, et wëll ee se awer och net ze wäit ewech hunn, well da maache se Kaméidi am Bësch an Dreck. Jo, ech gesinn et an, et gëtt keng optimal Plaz. An déi do fannen ech suboptimal. Deementspriechend géif ech mech um Vott enthalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'CSV Déifferdeng ënnerstëtzt dës Place aux jeunes. Wéi scho vun der Madamm Pregno gesot ginn ass, ass laang gesicht ginn, fir eng Plaz ze fannen. Et gëtt effektiv keng ideal Plaz. Wann een et zentral mécht, ass et ze no bei de Wunngebidder an dann entsteet déi Situatioun, wéi mer se schonn op verschiddene Spillplazen hunn, datt dann d'Nopere reklaméiere wéinst dem Kaméidi. A wann een et méi wäit ewech mécht, jo, dann ass d'Fro, ob et net ze wäit ass.

Zu de Pläng. Et steet ganz kloer dran, wat dohikënnt soll mat de Jonken zesummen ausgeschafft ginn, schliisslech wësse si am beschten, wat si wëllen a brauchen. Villes ass denkbar. Et gëtt verschidde Proposen, déi sinn elo just textuell opgefouert am Dossier, mee déi gi mat de Jonken ausgeschafft. Et ass elo mol wichteg, datt e Budget virgesinn ass. Net, datt mer de Jonken eppes verspriechen, eppes ausschaffen an herno ass kee Budget do.

Et ass wichteg, esou eng Plaz ze hunn. Wéi scho gesot ginn ass, mir maachen immens vill fir déi Jonk, awer ab engem gewëssenen Alter wëll ee sech e bësse méi fräi fillen, sech net un Zäite musse festleeën. Zum Beispill eis Jugendhaiser, déi hu fest Ëffnungszäiten an déi Jonk déi liewen och ausserhalb vun dësen Ëffnungszäiten.

Fir eis ass et och wichteg, datt dës Plaz net déi eenzeg soll bleiwen, do mussen nach anerer an anere Quartieren nokommen. Et gëtt jo scho vill driwwer diskutéiert, konstruktiv driwwer diskutéiert. Hei um Metzkimmert gëllt et elo mol, Erfarungswäerter ze sammelen, fir d'Konzept ze optimiséieren an aner Plazen ze detektéieren, wéi eng sech nach besser eegenen oder déi ausschléissen, déi sech net esou gutt eegenen.

D'Fro muss effektiv erlaabt sinn, wat d'Emplacement ugeet. Dofir ass et gutt, et ausserhalb virzegesinn, net ze no. Da muss ee kucken, wéi déi Jonk dat unhuelen, ob se dohi gi respektiv hei besser gesot de Bierg eropginn oder si sech e Lieu de rencontre op méi enger zentraler Plaz, wou vläicht och méi lass ass, selwer herno definéieren.

Ech mengen, dat ass net nëmme bei de Jonken, dat ass an all Altersgrupp, et gëtt net nëmmen dee Jonken, et gëtt vill verschidde Jonker. A wat vläicht fir deen ee passt, passt net fir deen aneren. Mir sinn iwwerzeegt, datt sécher net all Jonke wäert eropgoen, dass et awer bestëmmt vill Jonker gëtt, déi dat dote wäerten unhuelen.

Wann ech richteg informéiert sinn, ass eng Vël'OK-Statioun uewe virgesinn, datt se mam Elektrovëlo kënnen eropfueren. Beim Verkéiersgaart gëtt schonn d'Elektresch geluecht.

Ech denken, dass et och wichteg ass, datt hei e gewëssenen, Confort ass elo vläicht e grousst Wuert, awer trotzdeem eppes ka gebuede ginn, datt déi Jonk dohinnerginn.

D'CSV stëmmt dëse Projet mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ganz kuerz eise Standpunkt. Am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Sécherheet am Déifferdenger Stadkär war jo eng vun de Konklusiounen, datt mer misse verschidde Plaze schafen,

*ment suboptimal. Eric Weirich s'abstiendra.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que le CSV approuvera la place aux jeunes. L'endroit idéal n'existe pas. Si les jeunes passent du temps dans les centres urbains, les voisins se plaignent du bruit. Mais on ne veut pas non plus aménager une place aux jeunes trop éloignée.*
*En ce qui concerne les plans, l'aménagement sera décidé avec les jeunes, car ce sont eux qui savent le mieux ce qu'ils veulent. Quelques propositions figurent dans le dossier. Il fallait aussi prévoir un budget pour ne pas promettre quelque chose aux jeunes sans disposer des fonds nécessaires.*
*Differdange fait beaucoup pour les jeunes, mais à partir d'un certain âge, ils veulent être libres. En plus, les maisons des jeunes ont des horaires d'ouverture.*
*Par ailleurs, il faudra aussi trouver des sites dans d'autres quartiers. Le Metzkimmert va permettre d'accumuler de l'expérience. Ensuite, le concept sera optimisé.*
*La question de l'emplacement est importante et il faudra la résoudre avec les jeunes. Jerry Hartung est convaincu que certains jeunes ne voudront pas se rendre au Metzkimmert, mais que d'autres profiteront de l'offre. En plus, une station Vël'OK est prévue sur la colline. Les jeunes pourront donc s'y rendre en vélo électrique. Jerry Hartung trouve qu'un certain confort est nécessaire pour que les jeunes se rendent à cet endroit.*
*Le CSV approuvera le projet.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que dans le cadre des discussions sur la sécurité dans le centre-ville, le conseil communal avait décidé qu'il fallait trouver des endroits où les jeunes pourraient se défouler. François Meisch soutient cette position et espère que d'autres sites seront trouvés rapidement.*

*Pour le moment, le collège échevinal ne semble pas avoir de réponse aux questions posées. Et comme le dossier est incomplet, les démocrates s'abstiendront.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux gites et plus spécifiquement à la transformation de trois maisons.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que le projet a changé. C'est pourquoi il est présenté une nouvelle fois au conseil communal.*
*Au départ, l'idée consistait à transformer les trois maisons en cinq maisons. Mais les couts auraient été trop élevés. Le collège échevinal a donc décidé de conserver les trois maisons, qui pourront aussi être utilisées par des familles avec des enfants.*
*Le devis est similaire à celui déjà approuvé par le conseil communal même si certains prix ont évolué. Il ne manque plus que les résultats de la soumission pour l'électricité.*
*Les trois maisons disposent d'un chauffage commun. Elles sont raccordées au gite d'étape.*
*Le mobilier figure dans un autre article budgétaire de 100 000 €.*
*Le devis se monte à 1 446 146 €. Tom Ulveling demande au conseil communal de l'approuver.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *approuve le fait que les maisons soient transformées. Mais il faudra faire en sorte qu'elles ne restent pas vides.*
*Erny Muller se dit sceptique quant au gite, qui fonctionne dans le cadre du Red Rock Trail. Les prix sont élevés. Cela aura des répercussions négatives sur le tourisme. Mais cela n'a rien à voir avec le projet dont il est question aujourd'hui.*
*Comment le gite sera-t-il exploité ?*
*(Interruption)*
*Erny Muller n'est pas d'accord, mais cela ne concerne pas le vote d'aujourd'hui.*

wou déi Jonk sech kënne soi-disant defouléieren. Dat ënnerstëtze mer natierlech ganz gären. Léiwer méi Plaze wéi just eng. Et kommen der jo warscheinlech dann nach no.

Am Kommitee war och d'Diskussioun, wou all déi Froe gestallt gi sinn, déi elo och hei gestallt goufen, a wou ee keng Äntwert drop hat. Am Prinzip si mer natierlech derfir, mee vu datt den Dossier am Fong nach net prett war, fir an de Gemengerot, wäerte mir eis och enthalen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 7 abstentions d'approuver le devis portant sur l'aménagement d'un lieu de rencontre pour jeunes au Metzkimmert.*

Villmools merci. Da komme mer zu eise Gitten, vun deene virdru scho geschwat ginn ass. Do geet et ëm d'Renovatioun an d'Transformatioun vun eisen Haiser. An ech géif dofir d'Wuert dem Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dat doten ass eppes, wat mer schonn eng Kéier hei haten, d'Transformatioun vun dësen dräi Haiser.

Et ass eng Modification substantielle, dofir hu mer se erëmbruecht. Ursprénglech war virgesinn, aus dräi Haiser der fënnef ze maachen. Wärend de Soumissiounen hu mer awer gesinn, dass dat enorm deier géif ginn, vill méi deier wéi geduecht. Dofir si mer erëm op den ursprénglече Plang zréckkomm, fir déi dräi Haiser esou ze beloossen. Da kann ee vläicht e bësse méi grouss Unitéite maachen, wou dann och emol eng Famill mat Kanner kéint do schlofen.

Mir si vu fënnef op dräi zréckgaangen. Den Devis ass 1:1, wat mer d'leschte Kéier hei votéiert hunn, just dass d'Präisser e bësse changéiert hunn. Déi meescht Soumissiounen hu mer. Et feelt haaptsächlech nach alles, wat mam Elektreschen do ze dinn huet.

Ech wëll drun erënneren, dass déi Haiser ee Chauffage commun hunn, dee vum Gite d'étapes aus gemaach gëtt, an dass initial den Daach respektiv d'Drécheleeunge gemaach gi sinn, plus d'Gaine-techniquë geluecht gi sinn, fir eeben déi dräi Haiser vun deem Gite d'étapes aus kënnen ze speisen.

Et ass nach näischt virgesinn u Miwwel. Déi stinn op engem aneren Artikel. 100.000 Euro si virgesinn, fir dat Ganzt ze miwweléieren. Dee ganzen Devis beleeft sech op 1.446.146 Euro.

Ech géif Iech bieden, dat nach eng Kéier ze stëmmen. Wéi gesot, et ass just eng Adaptatioun. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir hate jo schonn eng Kéier heiriwwer befonnt. Deemools ware mer där ganzer Saach scho positiv gesënnt. Et ass eng gutt Saach, dass déi Haiser transforméiert ginn.

Allerdéngs, dat wollt ech och virdrun zum Ausdrock bréngen: Mer mussen oppassen, dass se herno net eidel stinn.

Mir hunn e bësse Bedenken zum Gite, deen iwwert de Red Rock Trail funktionéiert. Et sinn zimmlech héich Präisser, déi do gefrot ginn, net nëmmen hei zu Déifferdeng, fir déi Exploitatioun, mee allgemeng am ganze Süden. Ech fäerten, dat kéint negativ Auswierkungen op den Tourismus hunn. Dat ass awer elo onofhängeg vun deem Projet hei, dee Projet ënnerstëtze mer. Dofir: Wéi exploitéiere mer en?

(Ënnerbriechung)

Jo, ech gesinn dat net esou gutt. Mee dat huet awer elo näischt mat deem Vott hei ze dinn.

Ech hätt léiwer gesinn, mir hätten et als Gemeng gemaach a mir hätten et am Kader – an dat war jo meng Interventioun – vun der Auberge à l'école gemaach éischtens, wou eng aner Clientèle a Fro komm wier. Well wa mer vun Auberge à l'école schwätzen, schwätze mer vu Jugendlechen, déi encadréiert sinn, déi och esou gréisser Raim benotze kéinten.

Duerfir, mengen ech, sollt ee sech dat nach eng Kéier iwwerleeën, dat do vun der Gemeng aus vläicht ze verlounen an och ze suivéieren am Kader vun deem anere Projet Auberge à l'école.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat kann ee jo kucken. Ech mengen, wann d'Leit sech op der Gemeng mellen, kann ee se jo viruleeden un dee Gestionnaire do. Et muss een awer wëssen: Dat muss ee jo botzen, do muss een déi ganz Literie alles erneieren an esou weider. Dat heescht, da musse mer Leit astellen, fir dat ze maachen, wa mer dat gär maachen.

Ech hat virdrun nach vergiess ze soen, dass mer fir dee Projet Subside kréie vum Tourismusministère. Just dee kann ech elo nach net genau bezifferen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Entschëllegt, ech wollt nach just ergänzen: Mir hu jo all Interêt drun eis Auberge, déi do besteet, auszedeenen a méi attraktiv ze gestalten. Dat ass d'Iddi derhanner. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Wa soss kee wëll!

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech fannen dat heiten e gudde Projet, gutt investéiert Geld. Deen neie Minett Trail gëtt et jo nach net esou laang, dat brauch nach ee Moment, bis et sech entwéckelt. Idem fir déi verschidde Gitten, déi et an de Südgemenge gëtt, déi um Trail leien.

Dräi zousätzlech Iwwernuechtungsméiglechkeeten ze schafen, geet an déi richteg Richtung. Déi ganz Réserve naturelle am Süden, déi fréier Dagebaugebidder hu jo eréischt säit zwee Joer den Unesco-Label Man and Biosphere, wat deem vläicht e Boost gëtt. An da soll jo och, wann ech mech net ieren, iwwert de Pro-Sud dat Ganzt an ee Parc naturel ëmgewandelt ginn, wéi am Mëllerdall, nee? Da kënnt Der vläicht eppes dozou soen, Madamm Buergermeeschter, mee dat hat ech emol héieren, dass zousätzlech zum Label e Parc naturel entstoe géif.

Et soll een deem Ganzen eng Chance ginn. Ech stëmmen dat hei gär mat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Just fir Iech ze soen, kommt mir waarde vläicht, bis den Här Schwachtgen erëm ass. Also, mir hunn eis als Gemeng ganz kloer géint de Parc naturel ausgeschwat. Dat ass eng Propositioun vu Pro-Sud gewiescht. Mee dat kënnt guer net a Fro, well dat huet ganz aner Konditioune wéi dat, wat mir mat Man and Biosphere virhunn. Parc naturel ganz sécher net. Als Schäfferot hu mer Pro-Sud schonn Nee gesot.

An elo stëmme mer of.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis actualisé concernant la rénovation et la transformation des maisons situées place Saintignon à Lasauvage (adjacentes au gite).*

Villmools merci. Fir dass et em net langweileg gëtt, geet den nächste Punkt och un den Här Ulveling. D'Retentiounsbecken am Käerjenger Wee, en Dekont vun engem Artikel.

*Il aurait préféré que la gestion soit assurée par la commune. Il mentionne l'auberge de l'École, mais la clientèle est différente. Il s'agit de jeunes personnes encadrées.*
*En tout cas, Erny Muller pense que la commune devrait gérer les gites comme elle le fait pour l'auberge.*

**TOM ULVELING (CSV)** *estime qu'on pourra en discuter. Mais il ne faut pas oublier que les gites devront être nettoyés. Il faudra remplacer la literie. Bref, la commune devra recruter du personnel si elle veut les gérer.*
*Tom Ulveling ajoute que la Ville de Differdange touchera un subside de la part du ministère du Tourisme.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime qu'il est de l'intérêt de Differdange de développer l'auberge et de la rendre plus attractive.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *estime que l'argent est bien investi. Il faudra encore un peu de temps avant que le Minett Trail et ses gites ne se développent. Créer trois gites supplémentaires est un pas dans la bonne direction pour booster ce projet, qui a reçu le label de l'Unesco Men and Biosphere.*
*Eric Weirich croit par ailleurs savoir que le territoire deviendra un parc naturel comme le Mullerthal.*
*Il trouve qu'il faut donner une chance à ce projet. Il approuvera le devis.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que la Ville de Differdange est contraire à la création d'un parc naturel. Il s'agit d'une proposition du ProSud. Mais les conditions sont à l'opposé de ce qui est prévu dans le cadre de Men and the Biosphere.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au bassin de rétention de la route de Bascharage.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit du décompte du bassin d'orage à Niederkorn. Le projet date de 2013.*
*Il aurait dû couter 3 381 000 €, mais coute finalement 4 167 000 €, c'est-à-dire une différence de 786 000 €.*
*Un premier dépassement de 260 000 € a eu lieu entre 2015 et 2018 pendant la phase des soumissions. Ensuite, il a fallu abattre des arbres et prévoir de nouvelles plantations pour 460 000 €, ce qui n'était pas prévu au départ. Les honoraires ont alors augmenté de 75 000 €. Et 27 000 € sont destinés aux assurances et aux publications. En plus, une machine d'essai de rupture s'est cassée parce que le bureau s'était trompé dans les dimensions du canal. La commune n'a pas payé les frais de réparation, mais a pris à sa charge une partie des frais de transformation.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver le décompte.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme que ce projet était complexe. Il y a effectivement eu des problèmes avec les canalisations souterraines.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller ajoute que cela fait un moment que les travaux sont finis. Mais il ne voit pas d'inconvénient à approuver les surcouts maintenant.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *lance un appel aux investisseurs privés : qu'ils arrêtent de proposer des projets finissant par couter un million d'euros de plus que ce qui était indiqué dans le devis. C'est toujours la même chose. Quand une commune réalise un projet, il y a des surcouts. Car la commune est de toute façon obligée de le mener à terme parce qu'il est nécessaire. C'est intolérable.*
*Fred Bertinelli se souvient des difficultés quand le projet a été lancé. Il aurait fallu prévoir les couts au préalable.*
*(Vote)*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn awer net e Social Entertainer hei. Dëst ass en Dekont vum Aménagement d'un bassin d'orage dans la route de Bascharage à Niederkorn. Dat huet och schonn ee laange Baart. Dat ass 2013 schonn ugaangen. Elo 2022 gëtt et endlech ofgeschloss. Dat hätt sollen 3.381.000 Euro kaschten, huet awer schlussendlech 4.167.000 Euro kascht. Dat ass eng Differenz vu 786.000 Euro. Ech ginn Iech d'Erklärung.

Do war éischtens en Depassement bei de Soumissioune vun 260.000 Euro. Dat war eng Präishausse vun 8 %, déi tëschent 2015 an 2018 agetratt ass. Et sinn zousätzlech Aarbechte gemaach ginn, déi ufanks net virgesi waren, fir 460.000 Euro. Notamment Ofholze vu Beem an nei Plantatiounen. Doduerch sinn Zousaz-Honorairen natierlech entstane vu 75.000 Euro. A 27.000 Euro fir Assurancen a Publikatiounen.

Bei där ganzer Affär ass dunn nach eis Maschinn futti gefuer, déi Bursting-Maschinn. Si hu missen an e Kanal fueren, an de Büro hat sech an der Dimensioun geiert, soudass d'Maschinn du futti gefuer ass. Dat hu mer awer net musse bezuelen, fir déi Maschinn flécken ze loossen, mee mir hunn awer missen nach en Deel vun dem Ëmbau vun der Maschinn bezuelen, well déi huet misse méi Tonnen zéien. Soudass dat och zur Deierecht bäigedroen huet.

Mir si frou, dass den Ausbau vum S.I.A.CH. elo endlech dekontéiert gëtt. Ech géif Iech bieden, dat ze stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Här Ulveling, ech war jo och eng gewëssen Zäit mat deem Projet do befaasst. Ech muss soen, et war keen einfache Projet. Mir hunn och, wéi Dir gesot hutt, déi Problemer do gehat, well dat ass jo en ënnerierdesche Kanal, deen ënner de Buedem geluecht ginn ass a wou Problemer waren.

Zum gegeebenen Zäitpunkt hätte mer missen eng Rajoute heibannen ofstëmmen. Dat hätte mer misse virleeën.

Et ass elo schonn eng Zäitchen hier, dass mer net méi do schaffen. A vu dass dat awer net geschitt ass, well wa mer et deemools gemaach hätten, hätte mer et jo och missen agestoen. Soudass dat och elo näischt drun ännert, wa mer dat elo après-coup dann ofseenen.

Mee ech kann Iech nëmme confirméieren, dass dat, wat do opgefouert ass, och wierklech stattfonnt huet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

En Opruff un d'Privatinvestisseuren, kee Projet sou ze maachen, wa se bauen, datt am Endeffekt d'Geschicht eng Millioun méi deier gëtt, wéi et am Viraus am Devis virgesi war. Et ass ëmmer esou, wa Gemenge Projete maachen, dat leeft dann och iwwer Syndikater, do fält mer ëmmer méi op, datt dann déi Projeten op eemol aus de Rudder lafen an dann op eemol esou vill méi kaschten. An da bass de praktesch forcéiert als Gemeng, well de Projet jo néideg ass an e muss gemaach ginn, Jo ze soen.

Mee dat ass net an der Rei, datt mer esou Devisen ëmmer akzeptéieren an dann herno da stëmmen, fir d'Sur-Valuen ze bezuelen.

Ech war vun Ufank u bei deem Projet dobäi, wou e gemaach ginn ass, hunn och gesinn, wat fir Schwieregkeeten et gouf. Mee dat do hätt een och kënne virgesinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte concernant l'aménagement d'un bassin d'orage dans la route de Bascharage à Niederkorn.*

Punkt 3d. Dat ass, mengen ech, wierklech eng Häerzensugeleeënheet vu ville Leit heibannen. D'Renovatioun, d'Transformatioun an d'Erweiderung vum Stade Thillebierg zu Déifferdeng geet an d'Phas eent. Do geet et ëm d'Pläng, ëm d'Devisen. An dofir géif ech d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dëst Joer huet den Thillebierg Stadion 100 Joer gefeiert. Mir sinn eis all bewosst, dass mer deen in fine moderniséieren an un déi haiteg Normen upasse mussen. Et ass e Projet, dee mer zesumme mat Sites et monuments maachen – en heescht zwar elo net méi esou, en heescht elo INPA, Institut national pour le patrimoine architectural.

A firwat maache mer dat? Dir kënnt Iech erënneren, dass ArcelorMittal eis gesot huet, dass mer missen en Trafo, also d'Energie dohinner leeën. Mee mir trauen eis net, loosse mer esou soen, de Wee opzerappen, ier mer dat donieft stabiliséiert hunn. All Mënsch, deen do laanscht geet, dee weess, do sinn an der Mauer ganz komesch Bäich, déi op eemol esou erausstinn. An ënnendrënner gesäit een och ganz kloer, dass déi Träger amgaange sinn duerchzeraschten, respektiv et ass wierklech noutwendeg, dee ganze Site ze securiséieren an dat ganzt Gemaiers nei ze maachen.

Initialement si fënnef Phase virgesinn. Déi éischt Phas ass déi heiten. Déi zweet Phas ass d'Renovatioun vun der aler Tribün mat neie Vestiären. An der drëtter Phas sinn d'Gradinen un der Rei. An der véierter Phas wäerte mer un déi Surface goen, wou fréier den Tennisterrain war. An an der fënnefter Phas d'Pelouse erneieren. Soudass mer do nach eng Zäitche wäerten ënnerwee sinn.

Hei an dësem Devis geet et drëms, déi ganz Mur d'enceinte, wéi ech se géif nennen, ze renovéieren an erëm an d'Rei ze setzen. Dir gesitt un de Pläng, et si sechs Tronçonen, wouvun der zwee e bësse méi spéit realiséiert ginn.

Dat ganzt Mauerwierk musse mer ofdroen. Deelweis wäerte mer d'Zillen halen, fir se duerno erëm weiderzeverwäerten. Dat ass eng Oplag, déi mer kritt hunn. D'Stützmauer ënnendrënner, dat si Steng aus dem ale Klouschter, verschidden Zone sinn definéiert ginn, déi mussen erhale bleiwen. D'Nische wäerten esou erhale bleiwen. Den ale Buer, wou fréier d'Schong gebotzt si ginn, wëlle mer och erëm dohinnersetzen.

Den Ënnerschlupf, oder wat wéi eng Terrass iwwert d'Strooss geet, dat wëlle mer am Fong bal iwwerall zoumaachen. Natierlech nodeem de Bëton restauréiert an nei agekleet ginn ass. Do kënnt ee Gitter virdrun a gëtt mat Planze begréngt.

Dat Ganzt gëtt vum Sportsministère subsidéiert. Mir hunn awer nach keng Zouso, well mer nach net festgeluecht hunn, wat fir eng Divisioun do wäert spillen oder wien do wäert spillen. En fonction dovun, wien do spillt, variéiert d'Unzuel vu Spectateuren, da brauch ee verschidden Noutausgäng. Soudass mer dat à ce stade elo nach net direkt wëssen. Mir hunn nach keng Zouso vum Subsid vum Ministère, mee mir kréien een, dat ass ganz kloer.

Et gi Kanalaarbechte gemaach, Attentë gelueucht, en neien Trafo kënnt dohin. Wéi gesot, et ass eng éischt Phas, e Käschtepunkt vun 1.225.000 Euro estimatif. Mam Subsid vum INPA, dem fréiere Site et monuments, vun 250.000 Euro, kéim een netto, ouni d'Subside vum Staat, op 975.000 Euro, fir dat Ganzt e bëssen ze securiséieren. An, wéi gesot, erëm an e gudden Zoustand ze setzen, wéi Der jo op deene Fotoen hei gesitt. Dat ergëtt awer en anert Bild, wann dat bis restauréiert ass.

Drop opbauend, wäerte mer Iech de finale Plang virleeën, wéi dat mat den Tribüne respektiv dem Ausbau vun de Vestiären hanner den Tribünen sollt ausgesinn.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la rénovation du stade Thillenberg, qui tient à cœur à beaucoup de conseillers communaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le stade Thillenberg a fêté ses cent ans cette année. Il faut désormais le moderniser et le mettre en conformité. Le projet est réalisé en partenariat avec le service des Sites et Monuments.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que le service s'appelle INPA.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme qu'il s'agit de l'Institut national pour le patrimoine architectural.*
*La commune doit installer un transformateur sur demande d'ArcelorMittal. Mais elle ne veut pas démolir le sol avant que des travaux de stabilisation aient été effectués.*
*Dès qu'on passe à côté du site, on se rend compte que le mur est en mauvais état et que les poutrelles sont en train de rouiller.*
*Cinq phases sont prévues. La première est soumise au vote aujourd'hui. Ensuite, on rénovera la tribune et les vestiaires, les gradins, la surface où se trouvaient les courts de tennis et enfin la pelouse.*
*Le devis d'aujourd'hui porte sur le mur d'enceinte, subdivisé en six tronçons, dont deux seront rénovés un peu plus tard. Certaines briques, le mur porteur, datant de l'ancien couvent, les niches et le lavoir, qui servaient à nettoyer les chaussures, seront conservés. La terrasse va être fermée à l'aide d'une grille végétalisée.*
*Les travaux sont subventionnés par le ministère des Sports, mais l'accord n'est pas définitif, car la commune ne sait pas encore quelle division jouera au Thillebierg. Or, le nombre de spectateurs varie en fonction de qui joue et le cas échéant, il faudra prévoir plus de sorties de secours.*
*Tom Ulveling mentionne ensuite des travaux de canalisation et la pose d'un transformateur.*
*Le devis pour la première phase se chiffre à 1 225 000 €. Le subside de l'INPA est estimé à 250 000 €. Le montant final est donc de*

*975 000 € sans tenir compte du subside de l'État.*
*Plus tard, le collège échevinal présentera les plans pour la restauration des tribunes et l'agrandissement des vestiaires. Il est prévu d'en aménager quatre jouxtant la tribune. Mais pour le moment, le collège échevinal ne dispose pas encore de plans précis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur l'auge dont a parlé monsieur Ulveling. Quand il était jeune, il a beaucoup joué au Thillebierg, mais l'auge n'existait déjà plus de son temps. Pourtant, il sait qu'elle était utilisée pour laver les chaussures. Il se trouvait à côté de la tribune. Il fallait se laver les chaussures pour entrer dans les vestiaires. Erny Muller suppose qu'il devait y avoir une source.*
*Qui dit phase 1, dit phase 2. Erny Muller se réjouit du fait que le stade Thillebierg sera conservé pour les générations futures, car il représente un monument et un témoin du passé. Ce stade de style anglais est unique dans le pays.*
*Il y a deux ans s'est tenue la journée du Patrimoine. Erny Muller a accueilli des visiteurs au Thillebierg. Certains s'étaient déplacés uniquement pour voir le stade. Tout le monde était enthousiaste.*
*Les socialistes approuveront le projet.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que le stade Thillebierg fait partie du patrimoine de la ville. Quand des gens viennent à Differdange et qu'ils voient la tribune, ils sont enthousiastes.*
*Malheureusement, le stade est en mauvais état et c'est dommage. Il était donc temps d'agir en partenariat avec l'INPA, qui fournira son expérience et sa compétence en matière de bâtisses historiques. Bien entendu, cela ne rendra pas les travaux moins compliqués ou moins chers.*
*Georges Liesch trouve que c'est une bonne idée d'installer le lavoir, car il fait également partie du patrimoine. Peut-être la commune parviendra-telle même à retrouver l'ancienne source. Au Luxembourg, il y a peu d'experts capables de re-*

Ech hat et schonn eng Kéier gesot, à ce stade ass virgesinn, dass un déi haiteg Tribün, no hannen ugebaut am Fong, véier Vestiäre solle kommen, déi an deen Hiwwel do sollen eragebaut ginn. Dat ass elo, wat mer à ce stade emol virgesinn hunn. Mir hunn awer nach keng genau Präisser a keng genau Pläng. Soubal mer déi hunn, wäerte mer Iech déi natierlech och virstellen, fir dass mer wëssen, wou mer wäerten endegen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech muss jo bal eppes dozou soen, als een, dee laang Joren um Thillebierg-Stadion verbruecht huet. Ech muss awer soen, deen Trach, deen Der elo virgestallt hutt, ech hu mer deen och emol ugekuckt, ech ka mech un esou eppes erënneren, dass do eppes war. Ech hunn als Jugendlechen schonn do uewe gespillt, do war deen Trach schonn net méi do. Mee do war am Fong en Trach, fir d'Schong ze botzen, dat weess vläicht den Här Schwachtgen och nach, dee war un der Tribün, wann ee vu baussen eragaangen ass, huet ee seng Schong missen direkt wäschen, soss ass keen an d'Vestiäre komm. Sou war et déi Zäit.

Hei war sécher eng Plaz, ech ginn dovun aus, wou dann eng Quell war oder Waasser zur Verfügung stoung. A méi fréi nach, oder nach méi wäit zréck, hu se do missen hir Schong wäschen.

Wie Phas eent seet, Här Ulveling, seet och Phas zwee an esou weider. Als LSAP begréisse mer dat – a speziell ech a mengem eegenen Numm –, dass den Thillebierg-Stadion als Patrimoine esou a Stand gesat gëtt, dass e fir zukünfteg Generatiounen e Bild ass, et kéint ee scho bal soen e Monument, e Landmark, een Zäitzeie kann duerstellen, wéi esou en eemolege Futtballstadion ausgesinn huet. Well eemoleg ass en. Am englesche Stil, wäit a breet an der direkter Noperschaft ass näischt esou ze fannen.

Ech muss Iech soen, et ass elo zwee Joer hier, do hate mer eng Journée du patrimoine. An do war ech do uewen, fir d'Leit ze empfänken. An do sinn extra Leit dowéinst kucke komm, well dat esou eemoleg ass, well se esou eppes nach net gesinn hunn. Déi ginn aner Gebaier kucken, mee déi wollten awer emol eng Kéier esou eng Tribün vun engem Futtballterrain gesinn. Si waren alleguer begeeschtert. Ech brauch Iech jo net ze soen, dass mer dat dote matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir si genau esou begeeschtert wéi den Här Muller vun dësem Projet. Effektiv ass et e Patrimoine, deen zu Déifferdeng net méi ewechzedenken ass. Et ass en immens schéine Fussballterrain, dee wierklech vill Leit kucke kommen. Respektiv wa se zu Déifferdeng sinn, an et geet ee mat hinnen en Tour a si entdecken déi Tribün, da si se, wéi den Här Muller richteg gesot huet, begeeschtert vun deem Patrimoine, deen do steet.

An engems soe se awer och – et ass ëmmer, wat direkt duerno kënnt: „Dat gesäit awer net méi gutt aus", „Et ass schued, dass dat esou schlecht ausgesäit." Duerfir ass et gutt, dass mer elo Neel mat Käpp maachen, och zesummeschaffe mat der INPA. Dat begréisse mer absolutt.

Dat mécht de Projet natierlech net méi einfach an och net méi bëlleg gemenkerhand. Mee domat kritt een eng Expertise an eng Kompetenz an de Projet, dee jo en historesche Wäert huet, wat an dësem Kontext absolutt Sënn mécht, dass ee mat hinnen zesummeschafft.

Dee Buer oder deen Trach fanne mer flott, dass deen erëm an d'Rei gesat gëtt, e gehéiert einfach zum Patrimoine. D'Fro stellt sech, ob mer et net vläicht souguer fäerdegbréngen, déi Quell, déi do war, erëmzefannen. Dat gëtt natierlech och net einfach. Zemools et zu Lëtzebuerg net méi vill Leit gëtt, déi

d'Kompetenz hunn, no Quellen ze sichen an ze fannen. Do misst ee vläicht am Ausland kucken, fir esou eppes erëmzefannen.

Zum Ofschloss hätte mer eng Ureegung un de Schäfferot am Kader vun dësen Aarbechten, déi absolutt gutt sinn, déi mer och absolutt wäerte matstëmmen, trotzdeem eng Kéier e Gesamtkonzept iwwert den Thillebierg ze maachen. Dat hei ass elo mol gutt, dass mer dat heite maachen. Mee et wär awer flott, e Gesamtkonzept ze entwéckelen: Wat gesi mer um Thillebierg? Vläicht gesi mer dat och an de Walprogrammer vun den nächste Walen, mee et wär awer flott, wann een zesummen eng Kéier kéint iwwer e Gesamtkonzept diskutéieren. Mir wäerten dat jiddefalls stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech kann dat widderhuelen, wat ech virdrun an der Budgetsried gesot hunn: Et ass e wonnerbare Site, en eemolege Patrimoine. Natierlech si mer begeeschtert, wann dat erëm komplett a Stand kéint gesat ginn. Dat wär e klenge Bijou. Dofir wäerte mer déi éischt Phas hei och matstëmmen. Wuelwëssend, datt déi nächst Phasen, déi dann nach musse gemaach ginn, e risege finanziellen Invest wäerte bedeiten an deenen nächste Joren. Ech hoffen, datt et bis dohinner net ze spéit ass, fir déi aner Elementer, datt déi de Geescht opginn an a sech zesummegefall sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass bal alles gesot ginn iwwert den Terrain. Ech si frou, datt dat elo endlech geschitt. Ech weess, datt ech a menger Funktioun als Responsabelen d'Leit do schweesse gelooss hunn, datt déi Maueren, déi elo do stinn, nach just do stinn, well se un déi zwee eise Sträng festgeschweesst gi sinn, well soss wiere se schonn ëmgefall.

Ech wollt froen, ob een en definitive Plang kéint gesinn, wéi dat Ganzt ausgesäit, wann et fäerdeg ass. An eng Fro, déi fir mech ganz essentiel a wichteg schéngt, wéi wäit d'Arcelor do matabegraff ass an dee Projet. Well wann ee jo weess, op wat déi Tribün steet, déi steet op dem éischten T-Träger, dee gemaach ginn ass. Dat heescht, déi ganz hëlzen Tribün steet op engem T-Träger. Et waren déi éischt déi zu Déifferdeng gewalzt gi sinn, an och déi Materialien, déi do zum groussen Deel verbraucht gi sinn, ass Arcelorsmaterial. Do misst ee froen, wéi wäit d'Finalisatioun vun deem Plang geduecht ass, déi Saache matzeintegréieren an de Site.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech kann Iech direkt äntweren, Här Bertinelli. Et ass esou, dass dru geduecht ass, fir dat Ganzt Stéck fir Stéck ze demontéieren, all déi Pièces, déi do sinn, gi gebotzt an nei gemaach. Wann eppes futti ass, e Stéck Holz oder esou, gëtt et natierlech ersat. Mee et gëtt am Prinzip erëm esou opgebaut, wéi et initialement war. Dat ass och eng Virgab vun dem INPA. Dat muss nei geschweesst ginn oder wat weess ech.

Wéi gesot, mir hunn et elo virgezunn. Ech ginn Iech jo Recht, dat hätt een am Fong missen am Ganze gesinn. Mee vu dass mer vun der Arcelor gesot kritt hunn, maximal ee Joer gi mer Iech nach Stroum a well mer geduecht hunn, wa mer elo oprappen, da fält dee ganze Buttek zesummen, hu mer dat do elo virgezunn. Well et an deem Sënn eng Urgence ass, dass mer eis do mol mat der Energie kënnen ofsécheren.

D'Pläng sinn ausgeschafft, et muss nach e bëssen dru gefeilt ginn, an da musse mer natierlech e Präis kréien. Ech fäerten, dass wa mer fäerdeg sinn, mer ëm déi zéng Milliounen Euro leie wäerten. Dat emol virop.

*trouver une source. Mais peut-être à l'étranger.*
*Georges Liesch exhorte le collège échevinal à mettre en place un concept pour tout le Thillebierg. Le projet d'aujourd'hui n'est qu'un début. À quoi servira le Thillebierg ? On en saura peut-être plus dans les programmes électoraux, mais on pourrait peut-être en discuter au préalable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *trouve que le Thillebierg est un site merveilleux et un patrimoine unique. Les démocrates approuveront la première phase de la remise en état de ce bijou. Les phases suivantes représenteront un investissement financier énorme. François Meisch espère qu'il ne sera pas trop tard pour sauver les autres éléments.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se réjouit que ces travaux soient enfin réalisés. Quand il était échevin au sport, il était parvenu à sauver les deux murs, qui autrement seraient déjà tombés en ruines.*
*Le conseil communal pourrait-il voir les plans définitifs pour savoir à quoi ressemblera le Thillebierg à la fin ?*
*ArcelorMittal participe-t-il à ce projet ? Car la tribune en bois se trouve sur une des premières poutrelles T produites à Differdange. C'est pourquoi il faudrait qu'ArcelorMittal participe à la finalisation des plans.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il est prévu de tout démonter pièce par pièce. Ensuite, ces pièces seront nettoyées, rénovées ou remplacées. Ensuite, le tout sera reconstruit comme avant.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Tom Ulveling donne raison à monsieur Bertinelli : il aurait fallu voir le projet comme un ensemble. Mais ArcelorMittal ne fournit de l'électricité que pour un an. Or s'il fallait ouvrir le sol, le bâtiment s'écroulerait. Il y avait donc urgence.*
*Les plans ont été élaborés, mais ils doivent encore être finalisés. Ensuite, le collège échevinal pourra demander des devis. Tom Ulveling craint que l'on arrive à dix-millions d'euros.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que les plans seront présentés quand ils seront terminés. Elle excuse monsieur Schwachtgen, qui doit s'en aller.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au morcèlement d'une maison dans l'avenue de la Liberté et la rue Michel-Rodange.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *confirme qu'il est question du morcèlement de terrains allant de l'avenue de la Liberté à la rue Michel-Rodange. Les deux terrains font neuf ares.*
*La maison de la rue Michel-Rodange est protégée. À l'intérieur, quelques travaux sont possibles.*
*Le collège échevinal ne voit pas d'inconvénient au morcèlement.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *partait du principe que la maison serait conservée. Elle se demande s'il s'agit du même promoteur. La maison est censée accueillir une crèche.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à madame Saeul si elle fait allusion aux promoteurs des terrains.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *acquiesce.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit de deux promoteurs différents.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *s'y attendait.*
*La maison dans l'avenue de la Liberté accueillera-t-elle une crèche ?*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *réplique que oui. Il y a déjà un panneau.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *habite elle-même à côté d'une crèche. Elle tient à signaler les problèmes occasionnés par les voitures. Le collège échevinal a-t-il déjà réfléchi à la question ?*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli, soubal d'Pläng sprochräif sinn, kritt Der se gäre virgestallt.

Den Här Frenz Schwachtgen léisst sech entschëllegen. Da géife mer zum Vott kommen. Den Här Mangen ass bis eraus, e kënnt awer erëm.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis concernant la rénovation, transformation et extension du stade du Thillenberg à Differdange.*

Villmools merci. Mir si beim Punkt 4 vun eisem Ordre du jour, PAG a PAP, e Morcellement vun dem Haus an der Avenue de la Liberté, dee bis an d'Michel Rodange erageet. D'Wuert huet den Här Paulo De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'Madamm Buergermeeschtesch huet den Haaptpunkt gesot, et geet ëm e Morcellement vum Terrain, dee vun der Avenue de la Liberté bis an d'Michel Rodange geet an och dem Terrain niewendrun. Déi zwee Terraine maachen ongeféier néng Ar aus. Doraus ginn zwou nei Parzelle gemaach, déi plus ou moins gläich grouss sinn.

Dat wonnerschéint Gebai an der Michel Rodange, wësst Der jo, dat ass geschützt an dat bleift och esou. Bannendra gëtt e bësse geschafft, awer d'Struktur bleift.

De Schäfferot huet guer keng Awänn, fir dat Morcellement ze geneemegen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Den Här De Sousa huet eis et elo expliziéiert. Mir hunn och ugeholl, dass dat Haus an der Avenue de la Liberté stoe bleift, mee ech hunn eng Fro: Ass dat dee selwechte Promoteur am Ganzen? Et ass schwéier ze … Ben, et ass och net esou urwichteg. An d'Haus soll jo eng Crèche kommen, ne?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn Är Fro elo net verstanen, de Promoteur am Ganzen? Vun deenen zwou Parzellen oder wéi?

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, dat sinn zwee verschiddener.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Et sinn zwee. Hunn ech mer geduecht. An dat Haus an der Avenue de la Liberté soll jo eng Crèche ginn, ne?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo. Et steet do, et ass jo e Panno do.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Et ass e Panno do. Jo. Da wollt ech just drop opmierksam maachen, vu dass ech niewent enger Crèche wunnen, dass et enorm Problemer gëtt mam Trafick, wann déi Kanner bruecht an ofgeholl ginn. Hei gëtt et héchstwarscheinlech nach vill méi grouss Problemer. Huet een eng Léisung, wéi dat ka gemaach ginn? Nee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir sinn eis deem Problem bewosst. Mee am Moment kënne mer et net verbidden.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Nee. Merci

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dee Projet war an der Bautekommissioun, dat Morcellement, fir en Avis ofzeginn. A mir hunn en Avis favorable ofginn, well mer net direkt gesinn hunn, wat mer do kéinte beanstanden.

Elo ass déi Fro mat enger Crèche. Eng Crèche kritt en Agrement, do sinn eis – leider muss ech soen – oft d'Hänn gebonne vu Säite vun der Gemeng, fir iwwerhaapt do eppes dergéint ze hunn, wann déi Leit en Agrement hunn. Hei ass natierlech nach en anere Problem: Deen Haff, deen hannendrun ass, wou fréier d'Entrée war vun deem Dokter, deen do war, op der Säit an der Michel Rodange war eng Entrée, an déi Entrée gëtt jo elo mat an dee Projet hei erageholl.

Do hannendrun ass nach en Haff oder e Spillraum fir Kanner. Dat ass elo vläicht net ideal, mee Kanner musse sech och austobe kënnen. Déi Leit, déi spéider dohi wunne ginn, déi musse wëssen, dass do eng Crèche drun ugrenzt. Een, deen dat net verdréit, dee muss sech do ewechhalen, dann däerf een net dohi wunne goen. Dat ass da jidderengem säin eegene Problem.

Et muss een awer soen, doduerch dass Haiser ofgerappt ginn, entsteet en neie Projet. An deen ass jo dann dem PAP Quartier existant ënnerleeën, soudass dee muss gebaut ginn, wéi de PAP Quartier existant et ausweist.

Dat zu där Saach. Mir géifen dat och matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains situés entre l'avenue de la Liberté et la rue Michel-Rodange à Differdange.*

Villmools merci. Punkt 5, souwuel 5) wéi 5) sinn zwou Formalitéiten. Dofir d'Fro: Kënne mer se zesummen ofstëmmen? De 5a ass de Plan de surveillance vun eise Schoulmeeschteren an de Joffere fir d'Schouljoer 2022/2023 an de 5b eng Decharge vun der Lasep fir den Entrainement. Wann Der averstane sidd, stëmme mer déi zwee zesummen of, den ) an de ). A wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, da komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de surveillance de l'année scolaire 2022-2023.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décharges LASEP pour les séances d'entrainement 2022-2023.*

Villmools merci. Am Punkt 6) geet et ëm e Contrat de bail vun engem Artisnatelier op der Zowaasch, déi sougenannte Maison Depienne. De Kontrakt huet den 1. Dezember ugefaangen, dee wäert fir ee Joer goen. Et kascht 300 Euro de Mount.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Mir freeën eis, dass de Pablo Schwickert do eng Plaz kritt huet. Hie mécht ganz grouss Toilen, brauch deemno vill

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rétorque que la commune ne peut pas interdire aux gens de circuler en voiture.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *est d'accord.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que la Commission des bâtisses a remis un avis positif quant à ce morcèlement.*
*Les crèches sont soumises à un agrément du ministère. La commune ne peut rien y faire.*
*Erny Muller précise que du côté de la rue Michel-Rodange il y avait l'entrée d'un médecin. Cette entrée est intégrée au projet. Derrière se trouve une cour, dans laquelle les enfants pourront se défouler. Il faudra donc prévenir les futurs habitants. Quelqu'un qui ne supporte pas le bruit que font les enfants ne pourra pas vivre à cet endroit.*
*Étant donné que des maisons sont démolies, un projet va voir le jour. Il devra être réalisé sur la base du PAP Quartier existant.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à deux formalités : le plan de surveillance des enseignants pour l'année scolaire 2022-2023 et une décharge de la LASEP.*
*Elle propose de voter les deux points ensemble.*
*(Votes)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au contrat de bail pour un atelier d'artiste à Lasauvage dans la maison Depienne. Le contrat a pris effet le 1er décembre et porte sur un an. Le loyer se chiffre à 300 € par mois.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *se réjouit du fait que Pablo Schwickert ait obtenu cet atelier. Il peint de grandes toiles et a besoin de place. Il a déjà exposé ses œuvres à Luxembourg-ville dans une célèbre galerie.*

*Le contrat stipule qu'il devra participer à la journée des portes ouvertes. Celle-ci permet aux gens de découvrir des artistes intéressants à Differdange.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe à des contrats de bail du 1535°.*
*Isabelle Mattern, qui loue une pièce au premier étage du bâtiment A, a besoin de plus de place. Elle changera d'atelier en décembre.*
*Asta Kulikauskaite a quitté son atelier de 23,5 m² pour un atelier de 42,5 m² le 1er décembre.*
*La société Beast emménagera dans un espace de 46 m² le 1er janvier.*
*Six locataires ont décidé de quitter le 1535° pour diverses raisons. C'est dommage. Mais de toute façon, le 1535° a une liste d'attente.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la résiliation d'un contrat de bail avec monsieur Bei concernant deux caves dans la maison Krieps. En effet, l'appartement va être vendu avec les caves.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au Règlement des taxes. Elle demande aux conseillers communaux si les taxes peuvent être votées en bloc ou s'ils préfèrent des votes séparés.*

Plaz, dat däerf een net vergiessen. Hien huet schonn zu Lëtzebuerg, an der Stad Lëtzebuerg, an enger bekannter Galerie ausgestallt huet. Am Kontrakt ass jo och eng Ausstellung mat dran, dass een och bei de Porte-ouverten, bei den Atelieren dann eeben och matmécht. Esou hunn d'Déifferdenger d'Méiglechkeet, déi ganz interessant Kënschtler kucken ze goen. Mir stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Kënne mer zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver un contrat de bail avec Pablo Schwickert pour un atelier d'artiste situé à Lasauvage dans la maison Depienne.*

Merci. Da geet et ëm dräi Avenante vu Bailen am 1535°. Eemol d'Madamm Isabelle Mattern, dat ass um éischte Stack vum Gebai A am 1535°. Duerch d'Erweiderung vun hiren Aktivitéite brauch si méi Plaz an huet vum 1. Dezember u vun 23 Meterkaree op 41,5 Meterkaree gewiesselt. D'Fläch ass méi grouss ginn.

Deen zweeten Avenant ass d'Madamm Asta Kulikauskaité. Déi Madamm ass nach guer net esou laang bei eis, déi huet och méi Plaz gebraucht an ass vum 1. Dezember vun 23,5 Meterkaree op 42,5 Meterkaree geplënnert, well se méi Plaz brauch, fir hir Wierker auszeschaffen. Deen Espace ass um éischte Stack am A-Gebai.

Den Drëtten ass d'Firma F.F.D. (Beast). dDéi ass um éischte Stack vum A-Gebai am 1535°. Och si brauche méi Plaz a wäerten ab dem 1. Januar 2023 en Espace vu 46 Meterkaree lounen.

Sechs Locatairen hunn decidéiert, de 1535° ze verloossen, aus verschiddenste Grënn. Leit, déi sech nei orientéiert hunn.aAnerer, déi decidéiert hunn, an d'Ausland wunnen ze goen. Et ass schued. Mee bon. Et si Leit op der Waardelëscht. Ech wollt dat just hei matdeelen.

Déi Firmen, déi ophalen, dat wäre Youtag – dat ass eng Madamm, déi ass wierklech nach net laang bei eis, déi huet och een Espace am Bâtiment B, dat heescht mat Vitrinn –, Mental Media a One Art. An des Weideren den Här Laurent Prim an den Här Michele Bagnod, dee virun engem Joer oder esou komm ass, an dee geet an d'Ausland wunnen.

Wa keng Wuertmeldung ass, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avenants à des contrats de bail concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Dat anert ass eng Résiliation d'un commun accord tëschent dem Här Bei, der Gemeng an der Maison Krieps op der Maartplaz. D'Gemeng hat zwee Kelleren zur Verfügung gestallt kritt, déi hätt den Här Bei gär erëm, well d'Appartement verkaf gëtt an da gëtt et mat Keller verkaf. Et ass mat deene Futurs gérants ofgeschwat. Deen ass ëmmer als Ofstellraum benotzt ginn, dee géif net gebraucht ginn, och net fir eise Betrib, deen dann, wann en ukënnt, géif lafen.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la résiliation d'un commun accord d'un contrat de bail avec monsieur Fabrizio Bei portant sur une cave située dans la maison Krieps au nº 2-4 de la place du Marché à Differdange.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 7, Taxereglement. Ech hat geduecht, se alleguer eenzel ofzestëmmen, dat wier déi kierzten an déi einfachst Manéier. Ech stellen einfach d'Fro: Gëtt et vläicht vun Ärer Säit aus Taxen, déi Der matdroe kënnt? Gëtt et der déi Der gär eraus hätt, déi Der net matdroe kënnt? Da kënne mer déi definéieren an da maache mer zwou Ofstëmmungen? Et ass wéi Der wëllt.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech hätt gär, dass déi iwwert den Aquasud separat ofgestëmmt gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech hu mer den Dossier ugekuckt. Ech hätt zwou Bemierkungen dozou ze maachen. Soll ech déi direkt elo maachen? Okay.

Déi éischt, dat wier d'Upassung vun de Präisser am Aquasud. Déi si fir eis ganz verständlech, déi sinn och nozevollzéien. Ech hoffen awer just, dass dee Standard, deen do ass, dass deen erhale bleift. Net wéi ech d'leschte Kéier gesot hunn, dass wa verschidden technescht Geschier futti fiert, dass dat net méi remplacéiert respektiv net gefléckt gëtt. Mir sinn d'accord, dass eng Upassung vun de Präisser kënnt, well dat si jo scho méi al Abonnementer. Dat ass ganz berechtegt vu de Präis vun de Personalkäschten an esou virun. Dat ass okay.

Wat eis net esou gefält, dat ass déi Locatioun, déi vun den Associatiounen oder vun de Veräiner musse bezuelt ginn, déi hei an der Gemeng usässeg sinn. Ech erkläre mech: Zum Beispill déi Hal hei hannendrun, déi kréien d'Veräiner fir näischt zur Verfügung gestallt, wa se eng Generalversammlung ofhalen.

Maache se awer e Bal oder eng aner Manifestatioun, eng Ausstellung zum Beispill, ech kommen op de Bal zréck, wou de Veräin immens Käschten huet. Ech erklären: Wann Der eng Hal wéi déi hei lount an Dir hutt en Orchester, dann hutt Der 8.000-9.000 Euro schonn eleng Orchesterkäschten. An da muss de Veräin och nach esou vill u Locatioun un d'Gemeng ginn, sief et fir de Sall, sief et fir d'Still oder fir déi Hëllef, déi een dann nach weider kritt, fir dat e bësse logistesch anzeriichten. Do si mir der Meenung als LSAP, dass all déi Veräiner, déi hei usässeg sinn an der Gemeng, och fir gréisseren Evenementer d' Lokalitéite fir näischt zur Verfügung solle gestallt kréien.

D'autant plus wësse mer, dass de Benefice, deen aus esou Manifestatiounen entsteet, zréck investéiert gëtt zum Gain vum Veräi respektiv de Membere sinn. Respektiv d'Leit vum Veräin, sief et Sports- oder kulturell Manifestatiounen, dovunner profitéieren. Do si mer der Meenung, dass do keng Tax dierf gefrot ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dann huele mer de B1 bis de B6 an den F2 eraus. Dat heescht do, wou et am Wichtegsten ass, déi stëmme mer eenzel of.

Dat heescht, mir stëmmen elo zesummen of: den A-3 Urbanisme, den A-7 Relations publiques et communications, de B-8 Amusement public, den E-5 Vente de bois.dDéi kéinte mer elo zesummen ofstëmmen. Ass dat esou? Okay. Wann et keng Wuertmeldung …

(Ënnerbriechung)

Den F-2 sinn d'Tariffer. B-6 ass d'Locatioun.

(Ënnerbriechung)

Kommt, mir huelen déi eraus a stëmmen déi eenzel.

Da maache mer elo de Vott iwwert A-3 Urbanisme, A-7 Relations publiques et communications, B-8 Amusement public, E-5 Vente de bois. Déi kënne mer lo esou ofstëmmen. Da géif ech de Vott froen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations au chapitre* Urbanisme.

**ERIC WEIRICH (DÉI GRÉNG)** *voudrait que le vote sur Aquasud soit séparé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souhaite faire deux remarques quant au dossier.*
*Il comprend tout à fait l'adaptation des prix d'Aquasud. Il espère cependant que le standard sera préservé. Il a déjà expliqué la dernière fois que certains appareils hors service n'ont pas été remplacés. Il répète que les socialistes approuveront les changements, car les tarifs ne sont plus adaptés et il faut aussi tenir compte des frais de personnel. En revanche, les socialistes n'apprécient pas la taxe que doivent payer les associations locales pour louer des locaux. À titre d'exemple, certaines salles sont gratuites pour les assemblées générales, mais deviennent payantes pour les bals, les expositions ou d'autres manifestations. Or louer un orchestre pour un bal coute déjà 8000 € ou 9000 €. À ces frais s'ajoute la location de la salle, des chaises, du support logistique…*
*Guy Altmeisch estime que les associations locales devraient pouvoir profiter gratuitement des installations. En plus, les bénéfices que les associations tirent de ces manifestations sont réinvestis. Prélever une taxe n'est pas pertinent.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose donc de voter les points B1 à B6 ainsi que le point F2 séparément.*
*Elle passe au vote des points concernant l'urbanisme, les relations publiques, les amusements publics et la vente de bois.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch précise que le point F2 concerne les tarifs et le point B6 la location.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au vote.*
*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch revient sur les tarifs d'Aquasud. Compte tenu de l'augmentation du prix de l'eau et de l'énergie ainsi que des tranches d'indice, Aquasud a décidé d'augmenter ses tarifs de manière raisonnable.*
*Elle ajoute que les personnes ayant droit à l'allocation de solidarité peuvent demander un Kulturpass à l'Office social et profiter d'une réduction de 50 % sur le tarif familial.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *admet que l'augmentation n'est pas forte. Mais la dernière adaptation a eu lieu en 2020. Cinquante centimes par ci, cinquante centimes par là ; quand on n'a pas beaucoup d'argent, cela commence à faire beaucoup.*
*Par ailleurs, tout le monde n'a pas un Kulturpass. En outre, il y a ceux qui gagnent trop pour toucher l'allocation de vie chère ou recevoir le Kulturpass.*
*Eric Weirich ajoute que déi Lénk était de toute façon contraire à un* public private partnership. *Il s'abstiendra lors du vote.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à des tarifs approuvés en octobre, mais qui ont été refusés par le ministère. Le collège échevinal a donc dû les adapter.*
*Tous les tarifs sont calculés hors TVA. Le ministère n'a pas encore donné sa réponse définitive. En effet, deux institutions ne donnent pas les mêmes instructions concernant la TVA.*
*La bourgmestre rappelle que tout à l'heure, il sera question du Règlement des subsides, qui a, lui aussi, été légèrement adapté.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations au chapitre* Relations publiques et communication.

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuer les adaptations au chapitre* Amusement public.

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations au chapitre* Vente de bois.

---

Ech soen Iech villmools Merci. Da géif ech elo den Aquasud huelen. Dat ass, mengen ech, dee méi einfachen. Här Altmeisch, Dir hutt et gesot, et si minimal Upassungen, doduerch dass alles méi deier ginn ass: d'Waasser, d'Energie, plus den Index. Dat heescht, si musse jo och hir Leit bezuelen. Do hu mer probéiert, et esou räsonabel wéi méiglech ze maachen. A mir wiere frou, wann Der dat kéint matdroen.

Wat ganz nei ass, Dir hutt dat jo nach gëschter Owend geschéckt kritt, dass do eppes verrutscht war: All déi Leit, déi en Droit op d'Allocation de solidarité hunn, kënnen de Kulturpass am Office social froen an da kréien déi 50 % um Familljentarif. Do hu mer am Fong méi geschafft am Sënn vun der Famill an am Grupp wéi elo engem eenzelen.

Jo, Här Weirich.

---

#### ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass vläicht just eng kleng Erhéijung, déi lescht Erhéijung war 2020, dat ass also net laang hier, et sinn och just 50 Cent, mee dat summéiert sech: 50 Cent hei, 50 Cent do, dat mécht dann awer vill aus, wann een net vill Suen huet.

Och wa mer elo déi Neierung hu vum Kulturpass, wou ee fir d'Hallschent vum Präis erakënnt – dat ass natierlech ze begréissen, mee et hunn nach laang net alleguerten d'Leit e Kulturpass. An et sinn och vill Leit, déi just e bëssen ze vill verdéngen, fir Urecht op eng Allocation de vie chère ze hu respektiv de Kulturpass ze kréien. Déi dann ausgeschloss sinn.

Nach dobäi, dat ass och elo näischt Neits, ware mer vun Ufank un net frou mat deem public-private Partnership. A fir kohärent ze bleiwen, wäert ech mech bei deem Vott enthalen. Merci.

---

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Da komme mer zur Ofstëmmung. Dat heescht, mir stëmmen elo iwwert d'Tariffer vum Aquasud of.

---

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 1 abstention d'approuver l'adaptation de la grille tarifaire du complexe aquatique Aquasud.*

---

Villmools merci. Elo musse mer oppassen, dass mer net duerchernee kommen. Ech probéieren, et iergendwéi ze uerdnen. Mir sinn en général beim B. Déi Tariffer hat mer schonn am Oktober d'lescht Joer gestëmmt, ech hunn dat alles ganz genau hei stoen. A mir hu se vum Ministère refuséiert kritt. Dofir hu mer misse verschidden Adaptatioune maachen.

U sech hunn d'Tariffer net geännert. Si sinn deels ugepasst ginn, sief et erop, sief et erof, well mer op de Wee ginn, dass mer d'Tariffer hors TVA huelen. Dat ass elo ganz nei. Dat heescht, déi Präisser, déi elo drop sinn, sinn hors TVA.

Ech dierf Iech informéieren, dass mer och do elo nach keng definitiv Äntwert hunn. Déi eng Institutioun seet eis, mir missten d'TVA op d'Säll froen, an déi aner Institutioun seet, mir dierfte se net froen. Soudass mer am Fong nach en attente sinn, ob mer TVA op d'Säll froen oder net. Soubal mer dat hunn, wäerte mer dat da maachen. Et ännert am Fong net vill par rapport zu deem, wat mer gemaach hunn.

D'Subsidereglement, wou mer herno nach wäerten drop ze schwätze kommen, hu mer och liicht ugepasst. Dat ass ganz einfach op der Grille opgebaut. Fir d'Benevolle soll et dee bëllegen Tarif sinn. D'Non-Residente méi deier. D'Commercen nach e bësse méi deier. An déi ganz grouss Evenementer – do schwätze mer wierklech vun Dausende vu Leit –, déi kréien 10 % op de Billets d'Entrée verrechent, well zum Beispill bei enger riseger Manifestatioun hei an der Hal ass den Opwand jo vun Aarbechter, déi musse schaffen, vu Material, den Aarbechtsopwand einfach vill méi grouss wéi bei méi klenge Projeten.

Soss hunn ech net vill ze soen. Hutt Dir elo prezis e Kapitel, wou Iech …

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech kann och äntweren. Dat do geet duerch all d'Kapitelen erduerch, wat mir ze beanstanden hunn. Et geet jo ganz einfach drëm, wéi den Här Altmeisch och gesot huet, dass d'Veräiner – dat ass elo net virgesinn, duerfir hate mer déi leschte Kéier och dergéint gestëmmt, ech wëll nëmme just drun erënneren – eebe keen Accès op e Sall hunn, deen dann dee Moment gratis ass.sSief dann, et ass eng direkt Organisatioun oder en direkten Interêt mat hirer normaler ASBL-Funktioun, wéi eng Assemblée générale oder e Kongress oder esou. Da si se selbstverständlech gratis.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mee wann et awer en Event ass, eng Manifestatioun, da bezuele se den Tarif. Dat ass eeben, wou mir elo eng aner Astellung, eng aner Approche hunn, wéi den Här Altmeisch och gesot huet. Duerfir kënne mer et och dës Kéier nach net matstëmmen. Musse mer dës Kéier och dergéint stëmmen, well mer déi lescht Kéier déi selwecht Approche haten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat eenzeg, wat sech elo wierklech geännert huet, dat ass, dass hei am Hall O keng privat Fester méi stattfannen, well et einfach net méiglech ass. Dat huet sech an dësem Joer erwisen, dass et ganz schwiereg ass. Dat heescht privat Fester wäerte keng méi am Hall O stattfannen.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Centre culturel régional Aalt Stadhaus.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Structures communales à Lasauvage.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Autres structures communales.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* 1535° Creative Hub.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Hall polyvalent hall O.

*La location des salles n'est pas chère pour les bénévoles. Elle est un peu plus chère pour les non-résidents et encore plus chère pour les commerces. La commune demande en outre 10 % sur les billets d'entrée des manifestations avec des milliers de gens. En effet, la charge de travail pour les ouvriers est bien plus importante.*
*Les socialistes ont-ils un problème avec un article précis ?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répète ce qu'a expliqué monsieur Altmeisch tout à l'heure. Les salles sont gratuites lorsque les associations organisent une assemblée générale ou un congrès en tant qu'ASBL.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que les associations doivent en revanche payer une taxe quand elles organisent une manifestation. Les socialistes ne sont pas d'accord avec cette approche et devront une nouvelle fois voter contre les tarifs.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que de toute façon, le hall O n'accueillera plus de fêtes privées. (Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au Règlement des subsides. Les modifications sont marquées en jaune.*
*L'article sur l'octroi d'un subside ordinaire porte sur ce que monsieur Muller a dit tout à l'heure. Pour le collège échevinal, il s'agit d'atteindre un équilibre entre les clubs sportifs, qui profitent des terrains gratuitement, et l'Harmonie municipale, qui doit pouvoir jouer gratuitement aussi.*
*Les conseillers communaux disposent aussi d'une grille de valeurs permettant de calculer les subsides. La valeur A représente 5 points, la valeur B 27 points… Les associations améliorant l'image de marque de la commune touchent 162 points.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que le nouveau Règlement des subsides est clair et facilement compréhensible. On y explique la différence entre un subside ordinaire et un subside extraordinaire ainsi que les délais pour introduire une demande.*
*Depuis la pandémie, la situation financière des associations n'est pas bonne. Certaines luttent pour leur survie. Or une commune sans associations n'est pas dynamique. Les subsides communaux motivent et aident les associations. Les socialistes se réjouissent d'approuver le Règlement.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se dit étonné de la remarque faite concernant la location de salles communales par les associations. Il y a deux ans, le collège échevinal avait proposé de mettre une salle à disposition gratuitement et une fois par an pour de grandes manifestations. Or cette idée avait été rejetée pour éviter de faire une différence entre les différentes associations.*

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Mise à disposition de matériel.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'approuver les adaptations au chapitre* Location des centres sportifs, salles de sport et terrains sportifs en plein air.

Merci.

Als nächst d'Subsidereglement. Alles, wat giel ass, dat sinn éischter méi ästheetesch Upassungen. Dat heescht, fir et en bonne et due forme ze bréngen. Dann hu mer den Octroi vun engem Subside ordinaire mat verschidde Klauselen. Et geet jo drëm, datt déi verschidden Associatiounen, eebe wat den Här Muller gesot huet, e Sall fir näischt kréien. Wann d'Harmonie zum Beispill heihinner kënnt Musek maachen. Et geet drëm, fir e Gläichgewiicht ze schafen zu de Sportsveräiner, déi d'office en Terrain zur Verfügung hunn. Dass wann eng Harmonie heihinner kënnt Musek maachen, dass déi dann och näischt brauchen ze bezuelen. Dat ass u sech de Grondsaz vun dësem Subsidereglement.

Dann hu mer nach Punktwäerter, d'Subsides fixes, gesitt Der, do ass eng Valeur A, dat ass e Punktwäert vu fënnef zënter 2006. Valeur B, dat ass e Punktwäert vu 27, ënner dem Subside variable. An dann hutt Der nach déi, déi fir d'Gemeng e gutt Bild maachen, déi hunn dann nach méi en héije Punktwäert, dat ass en Image-de-marque-Punktwäert vun 162.

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, dat neit Subsidereglement ass zoustänneg fir all Veräin aus eiser Gemeng. Et ass iwwersiichtlech a gutt verständlech.

An deene verschiddene Kapitele gëtt de Veräiner erkläert, wat den Ënnerscheed tëschent dem Subside ordinaire an dem Subside extraordinaire ass an zu wéi engem Zäitpunkt wat kann ugefrot ginn.

D'finanziell Situatioun a ville Veräiner ass no der Pandemie net roseg. Op ville Plaze gëtt ëm d'Weiderbestoe gekämpft, och gëtt et Associatiounen, déi virum Ausstierwe sinn.

Eng Gemeng ouni Veräiner, ouni Veräinsaktivitéiten ass keng lieweg Gemeng a verléiert vill un Attraktivitéit.

D'kommunal Subside sinn eng wëllkomme Motivatioun an Ënnerstëtzung fir eis Veräinsleit. D'LSAP mécht sech eng Freed, dëst neit Reglement matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, ech war e bësse verwonnert, wou beim Punkt virdru gesot gouf, datt d'Veräiner d'Säll net géife fir aner Saachen zur Verfügung gestallt kréien.

Virun zwee Joer hu mer jo grad dat agefouert, datt wann d'Veräiner eemol am Joer eppes Gréisseres organiséiere wëllen, e Sall kënnen huelen. An de Sall gratis solle kréien. Dat war effektiv virdru bei dem Taxereglement esou virgesinn. Dat ass jo, wann ech richteg informéiert sinn, verworf ginn deemools. Well eeben en Ënnerscheed gemaach gouf. Well déi eng dat dann zegutt haten an anerer net. Dat ass erausgeholl ginn.

An dat steet eeben elo hei, ech mengen op Säit zwee oder dräi, datt d'Ville de Differdange zur Organisatioun vun enger Manifestatioun, déi am Kader vun der Associatioun ass, der Associatioun de Sall eemol am Joer, zousätzlech zu deenen anere Saachen, gratis zur Verfügung stellt.

Dofir huet d'CSV virdrun dat eent matgestëmmt wéi och elo dat heiten. Natierlech soll all Veräin ënnerstëtzt ginn an d'Säll vun der Gemeng zur Verfügung hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech schléisse mech de Wierder vum Här Hartung un.

Ech war elo e wéineg duerchernee ginn. Mee den Här Hartung huet dat elo gutt erkläert, dass d'Veräiner e Sall fir näischt kréien, wann et hir Haaptaktivitéit ass. Et ass richteg, dass dat elo hei drasteet.

Doriwwer eraus fanne mer et gutt, dass d'Taxereglement iwwerschafft gouf. Souwisou ass et menger Meenung no en Dokument, wat ee vun Zäit zu Zäit muss iwwerschaffen an adaptéieren an de Krittäre Rechnung droen. Et ass gutt, dass elo all d'Veräiner ofgedeckt sinn, d'sportlech Veräiner, d'kulturell Veräiner. Dat fanne mer ganz gutt. Insgesamt ass den Dossier fir eis an der Rei. Mir kënnen deen esou stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt nach soen, dass mer eis mussen driwwer kloer sinn, wa Veräiner, déi, duerch hir Aktivitéit, wéi Fussball oder Handball, europäesch musse spillen, dass do näischt virgesinn ass, actuellement, an eisem Subsidereglement. An do misst ee vläicht kucken, dass een dat eng Kéier anescht regléiert, wéi dat elo regléiert ass. Fir dass een déi och kann ënnerstëtzen, an dass een eng Linn huet. Dass déi Linn fir jiddwereen d'selwecht ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat gëtt et, dat hu mer schonn eng Kéier gemaach. Dat heescht alles, wat gelaf ass sous forme ou lieu vum Numm Déifferdeng.dDat heescht am Héichleeschtungssport an anere Saachen, dann huet d'Gemeng den Accord ginn an dat ass dann ëmmer ënner der Gemeng Déifferdeng gelaf.

Dat war nach eppes, wat déi Zäit den Här Jeannot Kremer gegrënnt hat. Wann zum Beispill en internationale groussen Opwand war an d'Gemeng huet d'Tutelle iwwerholl vun deem Event, da war dat automatesch, datt dann d'Hal an den Dénge gratis waren. Et huet awer ëmmer eppes misse sinn, wat ausserhalb vun dem Normale war, eng extra Envergure wéi en europäesche Match am Handball oder eng international Manifestatioun, wou iwwert den Dénge vum Normalen ewechgeet. Dann huet d'Gemeng d'Tutelle iwwerholl an de Sall gratis zur Verfügung gestallt. Huet et ëmmer ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mee et ass net kloer definéiert, wie wat wéini kritt. An dat hätt ech gär, dass mer soen, wann e Veräin op Amsterdam spille geet, da kritt en entweeder de Bus bezuelt oder e kritt den Dénge bezuelt.dDat ass ni gemaach ginn. Dat ass eng Ufro, déi ëmmer erëm kënnt. Wou mir dann als Schäfferot soen, wéi solle mer tranchéieren. Et wär besser, wa mer eng Linn hätten, da kréich jiddwereen dat selwecht, wéi wa mer et au cas par cas maachen. Mee ech wëll déi Diskussioun elo net hei starten. Merci.

*Désormais, la page 3 indique clairement que les associations ont droit à une salle une fois par an. C'est pourquoi le CSV approuvera le Règlement. Chaque association doit être soutenue.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *avait perdu le fil, mais monsieur Hartung a bien expliqué les choses. Les associations ont droit à une salle si elles y organisent une manifestation dans le cadre de leur activité principale.*
*Pour Georges Liesch, le Règlement des taxes doit de toute façon être adapté régulièrement pour tenir compte des derniers critères. Les écologistes approuveront le dossier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que le Règlement des subsides ne prévoit rien dans certains cas. Par exemple, quand une équipe de handball ou de football joue un match européen. Il faudrait régler cette question pour que tout le monde soit traité de la même façon.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réplique que cela a déjà été fait dans le passé. Des manifestations dans le sport de haut niveau par exemple étaient sponsorisées par la Ville de Differdange. C'est monsieur Jeannot Kremer qui s'en était occupé. Pour les évènements d'importance en dehors du cadre normal des activités du club, les salles étaient automatiquement gratuites. Par exemple pour une rencontre de handball européenne ou une manifestation internationale.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rétorque que le montant des subsides n'était pas clairement défini. Il voudrait que la commune paye par exemple les frais de voyage si une équipe va jouer aux États-Unis ou à Amsterdam.*

*Ce type de demandes revient régulièrement et le collège échevinal doit finir par trancher. C'est pourquoi il lui faut une ligne de conduite. Mais ce n'est pas le moment de mener cette discussion.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur les propos de monsieur Hartung et lui suggère de bien lire l'article. Une fois par an, la commune met à disposition des associations une salle gratuitement — mais uniquement dans le cadre d'une manifestation ayant trait à l'activité principale de l'association.*
*Or pour un club de football, organiser un bal ne fait pas partie de son activité principale.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répète qu'à ce moment-là, la location de la salle n'est pas gratuite.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *acquiesce.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que cela conforte l'argument des socialistes. Les associations n'ont pas droit à une salle gratuitement pour un bal par exemple.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller voulait juste souligner que les socialistes n'ont pas raconté n'importe quoi tout à l'heure. C'est pourquoi ils n'ont pas approuvé les points B1 à B6.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que la location d'une salle pour les assemblées générales est gratuite d'office. Pour un évènement dans le cadre de leur domaine d'activité, elle est gratuite aussi. Si une association veut faire la fête, elle doit payer.*
*Christiane Brassel-Rausch en profite pour remercier monsieur Leblond pour le travail qu'il a réalisé auprès des ministères.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une question concernant les halls. La commune avait dit qu'elle ne diffuserait pas publiquement les rencontres de football. Or, certains matchs ont été diffusés. La salle a-t-elle été réservée par des personnes*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Hartung, liest den Artikel nach eng Kéier. Ech wollt just soen – esou hu mir dat interpretéiert, ech leien do vläicht falsch, mee hei steet: „En sus, les associations peuvent se voir mettre gratuitement à disposition à une reprise par année civile les salles répertoriées dans la partie B (culture, tourisme et loisirs) du règlement des taxes, tarifs et prix de la Ville de Differdange et ce à l'occasion d'une organisation, d'une manifestation effectuée dans le cadre de l'activité principale de l'association." Engem Futtballveräin seng Activité principale ass net e Bal organiséieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Also ass et net gratuitement. Do kënnt dat anert a Kraaft.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dee Moment net. Awer wann de Flic-Flac soen ech elo einfach …

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, selbstverständlech. Mee dat ass jo eist Argument gewiescht. Fir ze soen, dass et fir e Bal oder esou Saachen de Sall net gratis gëtt. Och net fir aner Veräiner. An dat ass jo eist Argument gewiescht, fir de B1 bis B6 virdrun net ze stëmmen. Net dat hei. Dat hei ass ganz kloer.

(Ënnerbriechung)

Dat ass elo en anert Kapitel. Ech wollt nëmme just kloerstellen, dass mer net egal wat virdru gestëmmt hunn, mee dass mer dat wollten zum Ausdrock bréngen an et dofir net gestëmmt hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'AGen an esou hu se jo d'office gratuit. Ee grousst Evenement an hirem Beräich hu se gratuit. Wann et ass, fir e Bal ze maachen oder esou, dat ass dann ze bezuelen. Party ass souwisou net méiglech.

Ech wëll e risegrousse Merci soen dem Jean-François Leblanc, dee sech haartnäckeg drugehalen huet, dee sech mat de Ministèren ënnerhalen huet, fir dass mer iwwerhaapt eppes hunn, wou mer eis kënnen drop beruffen. Also vun hei aus, fir déi Monsteraarbecht do ze parrainéieren an ze superviséieren, wëll ech dem Här Leblanc wierklech e ganz grousse Merci soen. Merci.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt nach eng Fro zu den Halen: Wéi ass et da méiglech, datt mer virun enger Woch hei Fussballmatcher haten an den Hale mat Public Viewing, wou e Match iwwerdroe ginn ass? Wou mer schonn als Gemeng gesot hunn, mir géife kee Match iwwerdroen, mir géifen dat net maache fir d'Populatioun. Ass dat dann iwwer e private Wee gelount ginn, de Sall?

Well hei si Leit mam Trikot erauskomm, mat Fussballsveräiner, wou hei eng Véierelsfinall gekuckt ginn ass. Wa mer all Mënsch erlaben, hei d'Hal ze lounen an eise Veräiner net, fannen ech dat awer och net méi richteg. Wann et e Privaten ass, deen déi Hal da lount. Mee wa mer schonn als Gemeng soen, mir maache kee Public Viewing, da solle mer eis awer och drun halen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann Iech leider do elo keng Äntwert ginn. Mir kucken dat mam Sportsservice an da kritt Der eng Äntwert.

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du règlement portant sur l'attribution de subsides.*

Punkt 7c, d'fräi Nuechten. D'lescht Joer hu mer e bësse geswitcht an Nuechten, déi mer vun de Restaurateure gefrot gi sinn, déi elo modern sinn, den 31. Oktober, déi net dra waren, hu mer erageholl.

(Ënnerbiechung)

Offizieller mengt Der elo? Nee, net dass ech wéisst.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2023.*

Villmools merci. Da komme mer bei d'Règlements temporaires de circulation. An ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Paulo De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dëst ass dee klengsten Dossier säit deem ech mat dobäi sinn. Bis gëschter Owend ware just zwee dran. Dräi sinn der nach nogeréckelt.

Vun deene fënnef Drénglechkeetsreglementer wollt ech op dräi méi am Detail agoen. Dat wier éischtens d'Rue Prommenschenkel, déi ass wéinst Kanaluschlëss besat. Fir d'Zirkulatioun fléissend ze halen, loosse mer d'Strooss vun der Rue Prince Henri, Rue de la Gare erop op d'Bielesser Strooss spären. Soudass d'Leit iwwer d'Rue des Fours erofkommen. Dat hu mir déi adequaatsten Aart a Weis fonnt, fir de Verkéier nach e bëssen ze reegelen.

An der Bielesser Strooss, ee Laangzäitchantier, dee gëtt eng weider Kéier verlängert. De Busarrêt ass 50 Meter méi wäit Richtung Bieles deplacéiert ginn.

An der Rue St. Pierre sinn iwwer e puer Méint Aarbechten. Do muss ech zwar soen, dee Plang, deen derbäi ass, deen ass immens gutt. Do gesäit een, wat dat fir en Impakt op d'Foussgänger huet. eEt gesäit een d'Zebrasträifen, wou se kënnen eriwwer goen. Do muss ech éierlech mengem Service e grousse Merci soe fir dee wonnerschéine Plang do. Et ass deen éischten, deen ech an esou enger Aart a Weis gesinn hunn. Dowéinst vun hei aus e grousse Merci.

Dann nach e Reglement, wat d'nächst Woch kënnt. Dat steet elo net hei. Wéinst engem Kanaluschloss wäert d'Rue des Écoles fir dräi Deeg wärend de Schaffzäite komplett zou sinn. Si iwwerhuele méi wéi d'Hallschent vun der Strooss. D'Foussgänger hu keen Afloss. Mir hunn do keng aner Méiglechkeet gesinn.

De Verkéier wäert iwwert d'Rue des Ligures lafen. Déi Leit, déi op Käerjeng a Péiteng fueren, probéiere mer, direkt iwwert d'Pierre Gansen op d'Autobunn ze drainéieren. Mir hunn do éierlech keng aner Méiglechkeet gesinn. Et ass haaptsächlech vun 8.30 bis 16 Auer. Et ass vum 20. op den 22. Dezember.

An da kommen ech nach op eng Remark vum Här Altmeisch vun der Sitzung vu virun zwou Wochen zréck, wat Der gesot hat mam Chrëschtmaart. Do hate mer mam Entrepreneur geschwat, deen e bësse méi wäit do schafft. No véier Auer mécht en den Trottoir erëm op, gëtt en Deel Parkplaze fräi, fir datt d'Leit mat der Poussette laanscht kommen, déi net iwwert de Chrëschtmaart lafen.

Dagsiwwer si jo net esou vill Leit um Chrëschtmaart. Dat heescht, dann ass keen Undrang, do komme se gutt laanscht. Owes géint véier, fënnef Auer kann ech mer virstellen, wa vill Leit do sinn, datt d'Leit net gären iwwert de Chrëschtmaart ginn. Mir hate mam Entrepreneur geschwat, datt en eis do Plaz mécht, fir d'Leit, déi a Richtung Héisenger Strooss wëlle goen, datt déi awer do d'Méiglechkeet hunn ze goen, ouni iwwert de Chrëschtmaart ze goen.

Dat ass alles, wat ech zu dësem Punkt ze soen hunn.

*privées ? Il s'agissait d'un quart de finale.*
*Il est injuste que des particuliers puissent louer un hall, mais pas les associations. En plus, si la commune dit qu'elle ne diffusera pas de rencontres, elle doit s'y tenir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'a pas la réponse à cette question. Elle devra se renseigner auprès du service des Sports.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux nuits blanches. L'année dernière, la commune a introduit quelques nouveautés pour des soirées à la mode comme le 30 ou le 31 octobre.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch n'en sait rien.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *signale que le dossier ne contenait que deux règlements hier, mais depuis, trois autres ont été ajoutés.*
*Un règlement concerne la rue Prommenschenkel, où des travaux de canalisation sont en cours. Elle sera fermée à la circulation de la rue Prince-Henri à la route de Belvaux. Les automobilistes passeront par la rue des Fours.*
*Le chantier dans la route de Belvaux est prolongé. L'arrêt de bus est déplacé de cinquante mètres.*
*Des travaux sont en cours dans la rue Saint-Pierre. Paulo De Sousa remercie les services communaux pour le plan fourni, car il est excellent.*
*La semaine prochaine, la rue des Écoles sera fermée à la circulation pendant trois jours aux heures de travail. Les voitures devront passer par la rue des Ligures. Les automobilistes se rendant à Käerjeng ou Pétange seront drainés vers l'autoroute par la rue Pierre-Gansen.*
*Il y a deux semaines, monsieur Altmeisch avait posé une question concernant le marché de Noël. L'entrepreneur rouvre le trottoir après 16 h pour que les gens avec des poussettes par exemple puissent passer. En journée, le problème est moindre, car il y a peu de*

*monde au marché de Noël et il y a donc suffisamment de place. Le collège échevinal a parlé à l'entrepreneur, qui fera de la place après 16 h pour que les piétons puissent se rendre vers la rue de Hussigny.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur De Sousa pour ces explications qui vont dans le sens des piétons.*
*Il souhaite revenir sur le Règlement 1707 dans la rue Prommenschenkel. Le congé collectif aura lieu du 24 décembre au 11 janvier. Or l'entrepreneur a demandé une interdiction de stationnement du 12 décembre au 5 janvier.*
*Guy Altmeisch s'est rendu sur place. La déviation est pertinente. L'interdiction de stationnement permettra aux ouvriers d'accéder au chantier avec leurs machines. Mais il faudrait vérifier s'il en a vraiment besoin pendant le congé collectif. Car les gens voudraient bien profiter de ces places de stationnement pendant les fêtes.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il ne s'agit pas d'un entrepreneur, mais d'un particulier.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *espère seulement que la famille n'est pas formée de 35 personnes se rendant au chantier en camion et en pelleteuse.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions. Dans la Commission des séniors, monsieur Arsène Schimt est remplacé par madame Laura Theisen et madame Manon Schutz est remplacée par monsieur Maxime Pantaleone. Madame Vanessa Di Nardo est remplacée par madame Nathalie Morettoni dans la Commission des enfants.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux questions.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Merci fir d'Explikatiounen zum leschte Gemengerot. Dat ass jo dann am Sënn vum Foussgänger an am Sënn vun all deene Leit, déi heibanne sëtzen.

Ech hunn zum Règlement d'urgence 1707 aus der Prommenschenkel eng Bemierkung ze maachen: Mer wëssen, dass Congé collectif ass vum 24. Dezember bis den 11. Januar. Den Entrepreneur huet gefrot, fir e Parkverbuet ze kréie vum 12. Dezember bis de 5. Januar. Dat heescht vum 23. Dezember un ass en am Congé collectif. Ech war selwer op d'Plaz kucken, d'Deviatioun, déi ass kloer, dat ass berechtegt, soss geet et net, well se do amgaange sinn, d'Uschlëss ze maachen.

D'Parkverbuet huet e just gefrot, fir dass hie mat senge Maschinne ka bäifueren, wann en um Bau schafft. Dat Haus, wat en amgaangen ass ze bauen. Soudass et vläicht vun eisen Instanzen interessant wier fir kucken ze goen, net dass e Parkverbuet kritt, wa kee Besoin ass. Well et ass grad déi Zäit vun de Feierlechkeeten. Do sinn déi Leit an der Strooss och frou, wann déi kënne vun deenen dräi Parkplazen do profitéieren, zemools wann hie se ëm déi Zäit jo net brauch. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Dat hunn ech nogefrot. Et ass keen Entrepreneur, deen haaptsächlech do schafft.eEt ass éischter e Privatmann, deen och iwwert d'Feierdeeg un deem Haus schafft. Do gesäit ee ganz vill Leit, déi privat do schaffen. Doweinst, dat fält richteg. Dee leeft eeben aus, wann de Congé collectif ophält. Well et e bësse louche war, hunn ech nogefrot. Doweinst sinn déi Emplacementer reservéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Soulaang d'Famill net 35 Leit begräift, déi op Besuch komme mam Camion a mam Bagger. Ech soen Iech Merci fir d'Explikatioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci. Unanimitéit hu mer an dësem Vott. Da komme mer zum Punkt 8. Déi Gréng deelen Iech mat, dass den Här Arsène Schmitt duerch d'Madamm Laura Theisen ersat gëtt an der Seniorekommissioun. D'Madamm Manon Schütz gëtt ersat duerch den Här Maxime Pantaleoni an der Seniorekommissioun. An d'Madamm Vanessa di Nardo gëtt ersat duerch d'Madamm Nathalie Morettoni an der Kannerkommissioun.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Dann hätte mer eisen offiziellen Deel bal hannerun eis. Den Här Bertinelli huet nach eng Fro.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Just eng kleng Fro un den Här Aguiar. Mir maachen eis elo scho geckeg hei. Ech hunn offiziell gesot kritt, den Tour de Luxembourg wier net zu Déifferdeng. Bestätegt eis nach eng Kéier, datt den Tour de Luxembourg op Déifferdeng kënnt, den 23.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Et steet am Budget. Virun zwee Deeg krute mer d'Informatioun, datt si net kommen. Si kommen net. Si hu schonn e Kontrakt gemaach fir eng aner Stad. Mee an all de Gespréicher, déi mer mat hinnen hate bis virun zwee Deeg, sote se, si géifen op Déifferdeng kommen. Natierlech ass net un der Gemeng Déifferdeng, fir dat ze decidéieren, et ass den Organisateur. A virun zwee Deeg hu mer déi negativ Äntwert kritt. Et ass awer wichteg ze wëssen, dass mir eis Demande gemaach hunn. Mir hu gesot, mir si frou, wann den Tour de Luxembourg op Déifferdeng kënnt.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wëll just un déi Diskussioun mam Här Altmeisch a mat Iech iwwer den Tour de Luxembourg erënneren. Wann en elo net kënnt – maach dat ausschlaggeebend sinn oder net, dat dass dann dohinner gestallt.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Je ne peux que vous dire, monsieur Bertinelli, que j'ai envoyé les courriels et que les entretiens avec les organisateurs du Tour de Luxembourg ont toujours été plaisants. On a justement posé des questions concernant l'investissement financier et à quoi la Ville de Differdange s'engageait, à laquelle j'ai transmis également les courriels. Les organisateurs se sont excusés de ne pas pouvoir venir à Differdange, mais ils avaient d'autres engagements.

Pour moi, le plus important est de dire qu'on a toujours demandé qu'ils viennent à Differdange. Et notre demande était officielle.

On a également engagé des entretiens. Gespréicher mat den Organisateuren, fir ze soen, hei mir wëllen Iech hei zu Déifferdeng. Maintenant, si les organisateurs décident autrement, on n'y peut rien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Wann dat elo alles ass, hunn ech nach zwou Saachen ze kommunizéieren. Dat eent ass, ech hat vergiess an de Kommunikatioune virdrun ze soen, dass eis Campagne Different together, déi huet den „Best Influence Communication Award" gewonnen. Op jiddwer Fall si mer mat eiser Campagne priméiert ginn. Mir waren och nominéiert an enger anerer Kategorie, do hu mer en net kritt, mee op d'mannst ware mer nominéiert.

An dann eppes ganz Wichteges, ier mer an d'Non-Publique ginn, déi jo kuerz wäert sinn: Dës Kéier wollt Iech eis offiziell Terminer vum Gemengerot matdeele fir d'nächst Joer. Dat wier dann: de 25. Januar, den 1. Mäerz, den 29. Mäerz an de 17. Mee. An da kucke mer virun. Da si mer praktesch ee Mount virun de Walen.

Här Weirich, Äre PPF kritt Der am Januar souwisou jo ëmmer matgeliwwert. Dat war ganz am Ufank gefrot ginn. De PPF war jo gefrot ginn, dee kritt Der jo souwisou am Januar matgeliwwert.

An deem Sënn wënschen ech Iech an den Nolauschterer an all den Interessenten hei um Gemengerot schéi Feierdeeg, e gudde Rutsch an e gesond neit Joer 2023.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a entendu du dire que le Tour de Luxembourg ne passerait pas par Differdange. Monsieur Aguiar peut-il confirmer le contraire ?*
*(Interruption de M. Altmeisch)*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond que le Tour de Luxembourg était prévu dans le budget, mais que les organisateurs ont informé la commune il y a deux jours qu'ils ne viendraient pas. De toute façon, ce n'est pas à la commune de prendre cette décision. Le collège échevinal en avait bien fait la demande.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se souvient d'une discussion entre monsieur Aguiar et monsieur Altmeisch.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *ne peut que répéter que ses échanges avec les organisateurs ont toujours été plaisants. Il a été question de l'investissement financier. Finalement, les organisateurs se sont excusés, mais ils ont beaucoup d'autres engagements.*
*Le collège échevinal a fait ce qu'il pouvait. Il n'en peut rien si les organisateurs ont pris une décision défavorable.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *tient à signaler que la campagne Different Together a remporté le Best Influence Communication Award.*
*Elle tient aussi à communiquer les dates des prochaines séances : le 25 janvier, le 1er mars, le 29 mars et le 17 mai.*
*Le Plan pluriannuel financier sera présenté en janvier.*
*La bourgmestre souhaite de bonnes fêtes à tout le monde et clôture la séance*

# DINOLA: CHANGEMENTS HORAIRES ET NUMÉRO DE TÉLÉPHONE

À partir du 15 septembre 2023, le bus sur appel Dinola pour séniors à partir de soixante ans circulera aux nouveaux horaires suivants :

- du lundi au samedi de 9 h à 18 h.

Les réservations se feront dorénavant au numéro suivant : 28 108-34.

Les tickets/carnets déjà achetés garderont leur validité.

Nous vous conseillons de réserver vos trajets importants (visites médicales, kiné, etc.) quelques jours à l'avance.

Le prix d'un voyage est de deux euros, payable par ticket. Vous pouvez retirer les carnets de dix tickets auprès du service Clients (bureau 4 au rez-de-chaussée de la commune), ouvert du lundi au vendredi de 8 h à 11 h 30 et de 13 h 30 à 16 h 30.

Si vous souhaitez l'envoi du carnet à votre domicile, vous pouvez appeler le service Clients au tél : 58 77 1-1730.





# VOUS DÉSIREZ VOUS MARIER UN SAMEDI?

Voici les dates des samedis retenus pour la célébration de mariages en 2023 & 2024 :

Les mariages peuvent également avoir lieu les mercredis, jeudis et vendredis, sauf les jours fériés.

- 14.10.2023
- 18.11.2023
- 16.12.2023
- 13.01.2024
- 03.02.2024
- 16.03.2024
- 20.04.2024
- 18.05.2024
- 15.06.2024
- 06.07.2024
- 14.09.2024
- 12.10.2024
- 16.11.2024
- 14.12.2024

# SITE INTERNET DES ARCHIVES COMMUNALES

Le site internet des archives communales est maintenant en ligne ! Vous pouvez y découvrir une partie de nos archives historiques, c'est-à-dire le patrimoine de notre ville. Ce site est régulièrement mis à jour avec de nouvelles campagnes de numérisation et de catalogage.

# WORKING TOGETHER

## THIS IS HOW WE CAN SAVE WATER



### VISIT PUBLIC POOLS

AVOID FILLING AND REFILLING PRIVATE POOLS.



### WASH YOUR CAR IN A CAR WASH

CLOSED SYSTEMS REUSE WATER MORE THAN ONCE.



### OPTIMIZE THE USE OF YOUR WASHING MACHINE

RUN IT ONLY FULLY LOADED.

### WATER AS LITTLE AS POSSIBLE WITH DRINKING WATER

THE LAWN DOES NOT NEED TO BE WATERED BECAUSE IT RECOVERS QUICKLY. WATER YOUR BEDS AND PLANTS AFTER SUNSET.





### AVOID CLEANING YOUR OUTDOOR SURFACES WITH DRINKING WATER

USE DRINKING WATER SPARINGLY.

### DO NOT SHOWER FOR TOO LONG

A SHORT SHOWER IS ENOUGH TO FRESHEN UP.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER

# jukowo

## NOUS CHERCHONS DE JEUNES ARTISTES

DU 16/10 AU 29/10 2023

20E ÉDITION

JUGENDKONSCHTWOCH

Ce concours s'adresse aux jeunes artistes (musiciens, écrivains, sculpteurs, peintres, graphistes, photographes....) de 12 à 26 ans.

**INSCRIPTIONS SUR**
www.differdange.lu/jukowo-2023

**DÉLAI D'INSCRIPTION**
31/08

**VERNISSAGE** le 16/10 à 19 h
**EXPOSITION** du 16/10 au 29/10 de 15 h à 18 h
**REMISE DU JUNGENDKONSCHTPRÄIS** le 29/10 à 11 h

**ESPACE $H_2O$**
Rue Rattem
L-4658 Oberkorn

**JUKOWO.LU**

Ville de Differdange